Conseil communal

Séance publique du 5 décembre 2008

Durée de la séance: *18.00 à 19.30 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Gilbert Welter, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Albert Muller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Point unique:

Budget rectifié de 2008 et projet de budget pour 2009 de l'administration communale - présentations et commentaires du collège des bourgmestre et échevins.

COMPTE RENDU

1.

Budget rectifié de 2008 et projet de budget pour 2009 de l'administration communale - présentations et commentaires du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir Dammen, Dir Hären,

Ech begréissen Eech haut den Owend am Gemengerot bei der Virstellung vum rektifizéierte Budget 2008 a vum Budget 2009. Den Här Albert Müller léisst sech fir d'Sëtzunge vum Mount Dezember entschëllegen, esou datt mer haut zu 14 sinn. Wéi mer dëst d'lescht Joer op Wonsch vun der Oppositioun fir d'alleréischt ausprobéiert hunn, wäerte mer als Schäfferot och dëst Joer an dëser éischter Sëtzung d'Budgets-dokument virstellen. An der zweeter Sëtzung vun e Méindeg wäerten dann d'Conseilleren d'Méiglechkeet hu fir hir Kommentaren an Iwwerleeungen zum Budget ze maachen a mir wäerten, esou hoffen ech, eng lieweg Diskussioun kréien. An der leschter Sëtzung, haut an enger Woch, stinn dann déi eenzel extraordinär Projeten am Detail op der Dagesuerdnung, a mir wäerten dann och zum Schluss vun der Sëtzung de Vote vum rektifizéierte Budget 2008 a vum Budget 2009 virhuelen.

An enger Zäit, wou et onkloer ass, wat fir Repercussiounen déi aktuell Wirtschaftskris op déi net zweck-gebonne Recette vun de Gemengen am Generellen a vun der Péitenger Gemeng am Speziellen huet, ass, esou wéi den Inneminister et a senger Circulaire Nummer 2732 vum 14. Oktober 2008 recommandéiert, eng strikt Budgetsdisziplin an eng virsiichteg Finanzpolitik vu grousser Wichtegkeet. Laut Inneministère sollen d'Gemengen all Initiativ vermeiden, déi an Zukunft dat finanziellt Gläich-gewiicht hypothekéiere kéinten.

Dëse Budget 2009, esou wéi eigentlech och déi lescht Budgeten, charakteriséiert sech duerch dräi grouss Prinzipien, déi total mat de Recommandatioune vum Inneminister iwwertenee kommen:

1. en Iwwerschoss am ordinäre Budget, deen no 2008 nach eng Kéier zolitt klëmmt;
2. en aussergewéinlech héijen extra-ordinäre Budget;
3. e weidere Réckgang vun der Gemengeschold.

An der Circulaire 2732 vum Inneministère konnt een dann och liesen, datt d'Recette vum Stat tëscht dem Budget 2008 an der Budgetsvirlag 2009 ëm 7,3% klamme sollen an donieft d'Ausgabe vum Stat an däer selwechter Zäit ëm 6,2% eropgoe sollen. Deemno sollen dann och , laut Inneministère, d'Gemengen am Budget 2009 d'Progressioun vun hiren ordinären Ausgabe par rapport zu 2008 op 6,2% limitéieren.

Fir d'Gemeng Péiteng gesäit d'Situatioun fir 2009 awer esou aus:

Déi ordinär Recette klammen tëscht dem Budget 2008 an dem Budget 2009

ëm 6,6% - an do hëlleft och déi Ausso vum Inneministère, déi ier féiert -, datt d'Recetten iwwer de „Fonds communal de dotation financière“ an déi kommunal Gewerbesteier 2009 par rapport zum Budget 2008 ëm 11,09% klammen, näischt. Op dëse Punkt kommen ech méi spéit nach ze schwätzen. Deemno läit d'Progressioun vun den ordinäre Recetten an der Gemeng Péiteng ënner der Progressioun vun de Recette vum Stat.

Aus deem ergëtt sech, datt mer eis et och net leeschte kënne fir d'Progressioun vun eisen ordinären Ausgaben tëscht de Budgeten 2008 an 2009 un däer vum Stat ze orientéieren. An der Gemeng Péiteng wäert dës Progressioun dann nëmme bei 4,4% leien, also wäit ënner den 6,2%, déi de Stat virgesinn huet.

Et ass sécherlech op dat iwwer Jore positivt Awierken op déi uerdentlech Ausgaben zeréckzefëieren – éischt konkret Resultater kommen do ëmmer eréischt mëttelfristeg zum Virschäin -, datt den ordinären Iwwerschoss am Budget 2009 nach eng Kéier ëm ronn 19% wiisst.

Hate mer an der Lescht a gudde Joren en ordinären Iwwerschoss vu knapp 5 Milliounen Euro an a manner gudde Joren en Iwwerschoss vun ëm déi 3 Milliounen Euro, esou rechne mer no 2008, wou mer en Iwwerschoss vun 6,77 Milliounen Euro haten, am Budget 2009 mat engem Iwwerschoss vun iwwer 8 Milliounen Euro. Dëst finanziellt Polster erlaabt eis trotz onsécheren Zäiten, mat enger gewësser Serenitéit déi zukunftsorientéiert Aufgaben an eiser Gemeng unzegoen.

Fir d'alleréischt wëll ech awer d'Entwécklung vun dem ordinären Exercice 2008 beliichten. Vergläicht een déi ordinär Recette vum Budget 2008 mat deene vum rektifizéierte Budget 2008, esou stellt een nëmmen eng minimal Differenz fest, dat heescht eng Hausse vun 0,3%. Kuckt ee sech awer dëst méi am Detail un, esou falen trotzdeem verschidde gréisser Variatiounen op, op déi een agoe muss:

1. am Artikel 2/0420/7041/001 vum rektifizéierte Budget 2008 steet eng nei Recette vun 626.543,59 Euro, eng Recette, déi ee Remboursement vum Stat vun ze héich gerechente Participatiounen un de Gehälter vum Léierpersonal aus de Joren 2003 bis 2006 duerstellt;
2. duerch d'Harmonisatioun vun de Kanaltaxen an de Kordallgemenge vum 1. Juli 2008 un, déi mer am Dezember d'lescht Joer decidéiert hunn, klammen d'Recette vun der „Taxe d'assainissement“ vun 660.000 op 920.000 Euro.;
3. op Grond vun der Berechnung vum Inneministère mussen déi zwou Zomme vun engersäits dem „Fonds communal de dotation financière“ an anersäits der kommunaler Gewerbesteier ëm 855.000 Euro am Total reduzéiert ginn. Bei der Budgetsopstellung vun 2008 hat den Inneministère eis den 22. Oktober 2007 recommandéiert, beim „Fonds commercial de dotation financière“ eng Progressioun vun 12,65% par rapport zu den effektive Recette vun 2006 virzegesinn a bei der kommunaler Gewerbesteier eng deementspriechend Progressioun vun 7,78% anzedroen. Beim rektifizéierte Budget 2008 solle mer elo bei den zwou virgenannte Recetten déi selwecht Zommen androen ewéi am definitive Kont vun 2007. Well elo d'Quote-part vun der Gemeng Péiteng un dem nationale Gesamtbetrag vun dem „Fonds de dotation financière“ an der kommunaler Gewerbesteier tëscht de Konten 2006 an 2007 substantiell zeréckgaangen ass, hat dëst als logesch Konsequenz, datt de rektifizéierte Budget sech par rapport zum initiale Budget verschlechtert. Fir eng Erklärung fir dëse Réckgang vun der Quote-part vun der Gemeng Péiteng un dem nationale Gesamtbetrag vun dem „Fonds de dotation financière“ an der kommunaler Gewerbesteier tëscht de Konten 2006 an 2007 ze kréien, hunn ech d'lescht Woch eng detailléiert Berechnung vun dëse wesentleche Recette beim Inneministère ugefrot.

Mécht een dee selwechte Verglach um Niveau vun den ordinären Ausgaben, esou stellt een e Réckgang vun 1,9% tëscht dem initialen an dem rektifizéierte Budget fest. Dës Variatioun ass haaptsächlech dorop zeréckzefëieren, datt déi global „Charge salariale“ am rektifizéierte Budget 2008 2,3% méi niddereg ass wéi dat am initiale Budget 2008 virgesi war. Aus deem Ganzen ergëtt sech dann tëscht dem initialen an dem rektifizéierte Budget 2008 eng Verbesserung vum ordinären Iwwerschoss vun 6,77 Milliounen op 7,59 Milliounen Euro, dat heescht vun 12%.

Déi uerdentlech Recetten am Budget 2009 bestinn un alleréischter Stell, dat heescht zu 75%, aus de Recetten déi net zweckgebonne sinn, also aus dem „Fonds de dotation financière“, der kommunaler Gewerbesteier an der Grondsteier.

Déi affektéiert Recetten, déi d'Gemeng Péiteng vum Stat kritt, maachen am ordinäre Budget 2009 knapp 9% vun alle Recetten aus. Dës Zomm vu ronn 3,9 Milliounen Euro besteet virun allem aus der Participatioun vum Stat un de Gehälter vun de Chargé-de-Coursen, déi an eise Schoulen engagéiert sinn, awer och aus der 50-prozenteger Bedeelegung vum Stat un de Fonctionnementskäschte vun den zwou Maison-Relaisen zu Rolleng an zu Rodange, an zu gudder Lescht aus der Participatioun vum Stat un de Fonctionnementskäschte vun eiser Musekschoul.

D'Gemengentaxen hirersäits droe mat 12% zu de Gesamtrecette vum ordinäre Budget 2009 bäi.

De Loyer vu Gebailechkeeten, sief et vu verschiddene soziale Wunnengen, mee och vu Raim, déi mer dem Stat, der Police, an esou weider deelweis oder ganz zur Verfügung stellen, mécht 1% vun alle Recetten aus.

Déi reschtlech 3% setze sech aus verschidden uerdentleche Recetten zesummen, ënner anerem d'Remboursementer vun der „Mutualité des Employeurs“, d'Remboursementer vun der TVA an d'Bankzënsen.

Bei den ordinäre Brutto-Ausgaben 2009 ass et interessant d'Evolutioun vun dësen 7 grousse Kategorien am An ze behalen:

1. D'„Charge salariale“

   Am Budget 2009 iwwerschrëtt déi total „Charge salariale“ vun alle Beschäftegten – sief dëst an der Verwaltung, an eise Regiebetriber, an eise Schoulen, Schwämmen a Maison-Relaisen – fir d'alleréischt mat 20,8 Milliounen Euro de Cap vun den 20 Milliounen a mécht 55% vun allen ordinären Ausgaben aus. Dës Erhéijung vu ronn 4% par rapport zum Budget 2008 ass op den „Accord salarial“ an der „Fonction publique“ an der fälleger Indextranche am Joer 2009 zeréckzefëieren.

2. D'Contributioun un de Fonctionnementskäschte vun den eenzelne Gemengesyndikater

   Well d'Gemeng Péiteng, wéi mer wëssen, eng Rei vun hiren Aufgabe verschiddene Syndikater uvertraut huet, reservéiert eis Gemeng och am Budget 2009 d'Zomm vun 3,4 Milliounen Euro, dat heescht knapp 9% vun allen ordinären Ausgaben, fir d'Fonctionnementskäschte vun dëse Gemengesyndikater. Besonnesch ervirzehiewe gëlt hei, datt no der Fusioun vum HPMA

mam CHEM mat kenger weiderer Belaaschtung fir d'Gemeng Péiteng op deem Gebitt méi ze rechnen ass. Och huet de Gemengesyndikat TICE no dem considérable Réckgang am leschte Joer seng Contributioun am Budget 2009 op dem Niveau vun 2008 an ënner dem Niveau vun 2006 an 2007 hale kënnen. De Käschtepunkt vun der Waasserversuergung an der Ofwaasserentsuergung klëmmt allerdéngs weider, wat duerch d'Erhéijung vun de Beiträg un déi zwee Syndikater SES an SIACH dokumentéiert gëtt.

3. Déi jäerlech Annuitéiten – d'Remboursementer an d'Zënsen – fir eis Emprunten

   D'Annuitéite fir d'Gemengeschold, mat 9% respektiv 3,4 Milliounen Euro belaaschten de Budget 2009 an deem selwechte Mooss wéi dat am virregte Budget de Fall war. No de bestännegen Erhéijunge vun de Scholdzënssätz an deene leschten zwee Joer ass an deem Kontext erëm e Réckgang ze vermierken, an och fir déi nächste Woche weist d'Tendenz vun den Zënssätz no ënnen. Deemno wäert d'Zomm vum Deel vun den Zënsen, deen am Artikel 3/1310/6520 ausgewisen ass, wahrscheinlech fir 2009 am Endeffekt méi niddereg ausfalen ewéi dat am Budget virgesinn ass.

4. D'Ennerhaltskäschte vun de Gebaier

   7% vun den ordinären Ausgaben, dat heescht ronn 2,7 Milliounen Euro gesäit de Budget 2009 vir, fir den Ënnerhalt, d'Botzen, d'Assurancen, d'Energiekäschten, a.s.w. vun eise Gebaier, ouni d'Gehälter vun eisen Aarbechter ze berücksichtegen. De Réckgang vun ëmmerhin 10% par rapport zum Budget 2008 ass op Grond vun neien Ausschreiwungen erreecht ginn.

5. D'„Prévisions sociales“

   Op ronn 2 Milliounen Euro oder 5% belafe sech am Budget 2009 déi ordinär Brutto-Ausgabe fir d'„Prévisions sociales“, wou de Fonctionnement vum Sozialamt, de Repas sur roues, d'Télé-assistance, d'Beschäftegung vun CATen an Apprentien esou wéi d'Participatioun un de Fonctionnementskäschte vum CIGL an dem Proactif déi Haaptkomponente sinn. Grad a méi schwéieren Zäite wier et e falscht Signal, wann eng Gemeng de Spuerhiewel grad an dësem Domaine usetze géif. Dofir proposéiert de Schäfferot dem Gemengeort, dës Ausgabe weider op engem héijen Niveau ze halen.

6. De Fuerpark

   D'Käschte vun eisem Fuerpark, dat heescht de Benzin oder Diesel, d'Assurancen esou wéi den Ënnerhalt, belafe sech am Budget 2009 op 435.000 Euro, wat ee Prozent vun allen ordinären Ausgaben ausmécht.

7. Divers

   Déi restlech 14% vun den ordinären Ausgabe stellt eng Panoplie vun eenzelnen Ausgaben duer.

Interessant ass et awer och, fir de ganze Budget aus der Siicht vun der Affektatioun vun de Recetten, déi net zweckgebonne sinn ewéi den „Fonds de dotation financière“, déi kommunal Gewerbesteier an d'Grondsteier, op déi eenzel Ausgabeberäicher ze kucken. Dës net affektéiert Recette vun der Gemeng Péiteng belafe sech am Budget 2009 op 34,4 Milliounen Euro, genee 2 Milliounen Euro méi wéi am Budget 2008. Dës Recette sollen am Budget 2009 esou agesat ginn:

1. Fir d'„Administration générale, ordre public et sécurité“ 5,5 Milliounen Euro, dat sinn 200.000 Euro méi wéi nach am Budget 2008.
2. Fir d'Annuitéite vun eiser Gemengeschold - esou wéi am Budget 2008 – 3,4 Milliounen Euro.
3. fir d'„Prévisions sociales“ 1,5 Milliounen Euro. Am Budget 2008 louch dës Netto-Ausgab bei 1,4 Milliounen Euro.
4. fir den Unterrecht an d'Maison-Relaisen 8 Milliounen Euro, wat eng Progressioun par rapport zum Budget 2008 vun 0,4 Milliounen Euro ausmécht.
5. Fir Sport, Kultur a Fräizäit 2,3 Milliounen Euro, wat och ee Plus vun 0,3 Milliounen Euro par rapport zu 2008 duerstellt.
6. Fir d'Voirie, de Park, d'Ëmwelt an d'Kierfechter – esou wéi am Budget 2008 – 3,2 Milliounen Euro.
7. Fir de Kanal, d'Kläranlag, d'Waasserversuergung an d'Offalllentsuergung brauche keng net affektéiert Recetten an Usproch geholl ze ginn. Dat war och schonn am Budget 2008 de Fall.
8. Fir eis Musekschoul 600.000 Euro, e Plus vun 100.000 Euro.
9. Fir eis Schwämmen 1,2 Milliounen Euro, ee Réckgang vun 0,3 Milliounen Euro par rapport zum Budget 2008, deen duerch déi ablécklech Fermeture vun der Péitenger Schwämm ze erklären ass.
10. Fir den ëffentlechen Transport 730.000 Euro.

Aus deem ergëtt sech, datt den Deel vun den net affektéierte Recetten, dee fir aussergewéinlech Projeten zur Verfügung steet, am Budget 2009 op 8,04 Milliounen Euro festgeluegt ass. Vun den 2 Milliounen Euro, déi déi net affektéiert Recette vum Budget 2008 op de Budget 2009 klammen, ginn 0,7 Milliounen Euro am ordinäre Budget verbraucht an 1,3 Milliounen Euro fir Investissementer reservéiert. Domat fuere mer mat der wäitsiichteger Finanzpolitik aus de leschte Jore virun a schafen eis déi néideg Eegemëttele fir och nach an den nächste Jore wichteg Projeten am Interessi vun der Entwécklung vun eiser Gemeng realiséieren ze kënnen.

An de leschte Joren ass déi global Entwécklung vun de wichtegsten, net affektéierte Recetten, der kommunaler Gewerbesteier an dem „Fonds de dotation financière“ wuel ganz regelméisseg am Kader vun de respektive Budgete geklommen, an zwar vum Budget 2005 op de Budget 2009 ëm 29%, dat heescht, vun 26,3 Milliounen Euro op 34 Milliounen Euro. Tëscht dem Budget 2008 an dem Budget 2009 läit d'Progressioun bei dëse Recette fir d'Péitenger Gemeng bei 6,3%, woubäi laut Inneministère d'Progressioun am Globale fir dat ganzt Land an däer Zäit bei 11,09% läit.

De Verglach, deen den Inneministère a senger Circulaire vum leschten Oktober opgestallt huet tëscht der Entwécklung vun den ordinäre Statsrecetten a vun den net affektéierte Recette vun de Gemengen an de Joren 2008 an 2009 ass aus zwee Grënn net op déi Péitenger Gemeng ze iwwerdroen:

1. Déi zwou virgenannte Recette stellen – an dat ass sécherlech fir prinzipiell all d'Gemengen de Fall – nëmmen 75% vun allen ordinäre Recetten duer. Wa mer deemno dem Rot vum Inneministère nokommen an d'Taxen net eropsetzen an donieft och déi affektéiert Recetten net weider klammen, da kënnt d'Erhéijung vun den net affektéierte Recetten vun 11,09% nëmmen enger Hausse vun ¾ vun 11,09%, also 8,3% vum Total vun den ordinäre Recette gläich. Dëst gëtt dann ee méi konkret Bild wann een de Verglach

tëscht Stats- a Gemengefinanzen opstelle wëllt, wou ech awer net der Meenung sinn, datt een dëst iwwer ee Joer, mee villméi iwwer e méi laangen Zäitraum maache muss fir sech e richtegt Bild kënnen ze maachen.

2. Fir déi Péitenger Gemeng läit doriwwer eraus d'Progressioun vun der kommunaler Gewerbesteier an dem „Fonds de dotation financière“ am Total, wéi scho gesot, bei nëmmen 6,3% an net bei 11,09%. D'Erklärung fir dës Diskrepanz par rapport zu der landeswäiter Duerchschnëttsprogressioun besteet doranner, datt d'Quote-part vun der Gemeng Péiteng un dem nationale Gesamtbetrag vun dem „Fonds de dotation financière“ an der kommunaler Gewerbesteier tëscht de Konten 2006 an 2007, déi fir d'Opstellung vun de Budgeten 2008 an 2009 als Referenz gëllen, substantiell zeréckgaangen ass. E Fakt, fir deen ech, wéi scho gesot, eng Explikatioun beim Inneministère gefrot hunn.

Et stellt een och fest, datt et verschidden Entwécklunge vun dëse Recette gëtt, jee nodeem op een dës opgronn vun den eenzelne Budgeten analyséiert oder awer opgronn vun den definitiven Zuelen, déi am Kont stinn. Hei sprengt emol fir d'alleréischt d'Joer 2005 an d'An, wou dës Recetten am Kont am Total ëm 4,7% ënner der Estimatioun am Budget louchen. Dat Joer duerno louch dann awer de Kont ëm 6% iwwer der budgetärer Previsioun. Dëst ergëtt dann, datt d'Progressioun tëscht deenen 2 Joer definitiv, dat heescht laut Kont, bei 15,2% louch, wou eigentlech laut Budget nëmmen eng Progressioun vun 3,4% virgesi war.

D'Joer 2007 war dann ähnlech gelagert ewéi d'Joer 2006 mat net affektéierte Recetten, déi am Kont ëm 7,3% iwwer der Previsioun vum Budget louchen. Am Joer 2008, wann een der Circulaire vum Inneministère gleewe kann, géif sech fir d'Gemeng Péiteng erëm eng Situatioun wéi am Joer 2005 umellen. Dat heescht, datt opgronn vun den Zuele vum rektifizéierte Budget déi zwou Haaptrecette vun der Gemeng am Total ëm 2,7% ënner deene vum initiale Budget leien. Laut mengen Informatioune wäerten awer déi Recetten am definitive Kont e gutt Stéck iwwer deenen aus dem leschte Joer leien, esou datt wahrscheinlech dëst Bild sech am Definitive wäert veränneren, ouni awer esou e Méiwäert wéi an de Joren 2006 an 2007 ze kennen. Aus all deem ergëtt sech, datt engersäits d'Precaritéit bei dësen, fir d'Gemenge liewenswichtege Recetten an anersäits déi deelweis vum Inneministère fir de rektifizéierte Budget bewosst niddereg geschate Recetten aus der kommunaler Gewerbesteier an dem „Fonds de dotation financière“ kaum dozou bäidroen, datt d'Gemengen eng präzis Finanzplanung maache kënnen an een dacks eréischt kuerz virum 1. Mee genee weess, mat wat fir engem Resultat dat vergaangent Joer dann ofgeschloss huet. Ënner dësen Ëmstänn ass et wichteg, virsiichteg ze agéiere fir keng béis Iwwerraschung ze erliewen. Eng Politik, déi de Schäfferot dann och dëst Joer erëm verfollegt huet.

Et ass wichteg, am ordinäre Budget och dëst Joer d'Rubrik 04 „Enseignement“ ze analyséieren. Hei stellt ee fest, datt an dësem Beräich d'Recette wuel lues klammen, mee parallel d'Brutto-Ausgabe wesentlech méi séier erop ginn an am Budget 2009 fir d'alleréischt d'Grenz vun 10 Milliounen Euro passéieren. Dat bréngt dann och mat sech, datt am Budget 2009 fir d'alleréischt mat engem Defizit an deem Beräich vun iwwer 8 Milliounen Euro ze rechnen ass. Dës Situatioun wäert sech nach weider verschäerfe wa mer kuerzfristeg eis Offer u Plazen an de Maison-Relaise mat de supplementaren Opfangstrukturen zu Péiteng erweideren.

Interessant ass et, ze bemierken, datt am Budget 2009 d' „Charge salariale“ vun dem Léierpersonal – ob brevetéiert oder Chargé-de-Coursen – netto bei 3,6 Milliounen Euro läit. Eng Zomm, déi – geet et nom Syvicol – net méi zu Laaschte vun de Gemenge falen dierft wann dat neit Schoulgesetz a Kraaft trëtt. Et gesäit een awer och , datt et falsch wier ze mengen, datt an Zukunft d'Schoule mat den Opfangstrukture fir d'Gemengen zum Nulltarif wieren. Am Budget 2009 léich dësen ordinären Defizit och ouni d'Gehälter vun dem Léierpersonal nach bei 4,4 Milliounen Euro, wouvunner 8% fir d'Maison-Relaisen ufale géifen, an de Rescht, dat heescht ëmmerhin nach 92%, fir d'Organisatioun vum „Enseignement fondamental“.

Erlaabt mer zum Schluss vu menger Analys vum ordinäre Budget nach op d'Musekschoul anzegoen.

Nodeems mer vum Joer 2006 u bis d'Joer 2008 d'Evolutioun vun den Ausgabe stabiliséiere konnten, musse mer laut Budget fir d'Joer 2009 erëm mat enger zolitter Hausse vun dësen Ausgabe rechnen. Eng Hausse, déi haaptsächlech duerch d'Gehälter bedéngt ass an an der Schülerzuel, déi klëmmt, seng Ursaach huet. Well och op deem Gebitt déi staatlech Ënnerstëtzung ee Buch mat ville Sigelen duerstellt an een dës emol net ongeféier schätze kann, hu mir esou wuel am rektifizéierte Budget 2008 esou wéi am Budget 2009 eng ganz virsiichteg Schätzung fir dës zwou Recette gemaach. Eréischt nodeems mer dës Zuele kennen, kënne mer eis e Bild maachen iwwer déi reell Evolutioun vum Netto-Käschtepunkt vun der Musekschoul fir eis Gemeng.

Ech ginn dann elo iwwer zum extraordinäre Budget, wou mer Ausgabe vun 18,2 Milliounen Euro am Exercice 2009 virgesinn hunn. Mat den 15,9 Milliounen Euro, déi am rektifizéierte Budget 2008 ageschriwwe sinn, sollen deemno bannent zwee Joer 34,1 Milliounen Euro un ausseruerdentlech Ausgabe verschafft ginn. D'Gemenge musse sech bewosst sinn, datt si am selwechte Mooss wéi de Stat, grad an dëser schwiereger Zäit, eng wichteg Roll um Niveau vun der Relance vun der Lëtzebuerger Wirtschaft spillen. Mer kënnen opgronn vun eisen Zuele roueg behaapten, datt mer dës Aufgab mat dem richtegen Elan uginn.

Dës Investissementer am Joer 2009 verdeele sech esou:

1. D'Kapitel Sport, Kultur, Jugend a Fräizäit mat 5,9 Milliounen Euro, wat 32,5% vun allen extraordinären Ausgaben ausmécht. Woubäi allerdéngs ze präziséieren ass, datt ënner anerem d'Renovatioun vun der Péitenger Schwämm, déi am Budget 2009 mat 3,2 Milliounen Euro zu Buch schléit, och an haaptsächlech dem Schoulsport zegutt kënnt.
2. D'Kapitel Infrastrukturaarbechten an de Stroossen, op de Plazen, de Parkplazen an un deene verschiddenen Netzer mat 5 Milliounen Euro oder 27,3% vun den extraordinären Ausgaben.
3. D'Kapitel Schoulinfrastrukture mat 1,9 Milliounen Euro oder 10,6% vun den extraordinären Investissementer.
4. D'Kapitel „Etablissements sociaux“, dat heescht Maison-Relaisen, Crèchen oder „Centre psychogériatrique“, mat 2,2 Milliounen Euro oder 11,9 % vun den extraordinären Aarbechten.
5. D'Kapitel Verbesserungsaarbechten un de Verwaltungsgebaier an an de Regiebetriber mat 900.000 Euro oder 5% vun den ausseruerdentlechen Ausgaben.
6. D'Kapitel Participatioun un den Investissementer vu Gemenge-

syndikater mat 800.000 Euro oder 4,6% vun den extraordinären Ausgaben.

7. Schlussendlech nach verschidden aner extraordinäre Ausgaben, déi 8,1% ausmaachen. Heirënner fält virun allem d'Kafe vun Terrainen a Gefierer, déi technesch Berodung am Kader vun dem neie PAG a vu verschiddene PAPen esou wéi verschidde Subsiden, déi d'Gemeng un hir Bierger ausschëtt.

Déi extraordinär Ausgabe vum Budget 2009, déi sech, wéi elo grad gesin, op 18 Milliounen Euro belafen, ginn esou finanzéiert:

1. zu 44% iwwer den ordinären Iwwerschoss vum Budget 2009,
2. zu 28% iwwer Statssubsidien,
3. zu 28% iwwer de viraussiichtlechen iwwerdroene Boni vun 2008.

No véier Joer, dat heescht 2/3 vun dëser Mandatsperiod, wäerte mer nach weider op deem Kurs, dee mer eis am Kader vun eisem pluriannuelle Plang an der Sëtzung vum 11. Dezember 2006 gesat haten, bleiwen. Vun den 70 Milliounen Euro, déi mer am extraordinäre Beräich fir dës Mandatsperiod virgesinn haten, sinn an de Konte vun 2006 an 2007 am rektifizéierte Budget 2008 an am Budget 2009 76%, dat heescht 53,5 Milliounen Euro, ageschriwwen, an zwar:

1. Am Kapitel Sport, Kultur, Jugend a Fräizäit 16 Milliounen Euro oder 29,9% vun allen extraordinären Ausgaben.
2. Am Kapitel Infrastrukturaarbechten an de Stroossen, op de Plazen a Parkplazen an un deene verschiddenen Netzer 16,2 Milliounen Euro oder 30,3% vun den extraordinären Ausgaben.
3. Am Kapitel Schoulinfrastrukturen 7,1 Milliounen Euro oder 13,3% vun den extraordinären Ausgaben.
4. Am Kapitel „Etablissements sociaux“ 4,8 Milliounen Euro oder 8,9% vun den extraordinären Ausgaben.
5. Am Kapitel Verbesserungsaarbechten un de Verwaltungsgebaier 2,7 Milliounen Euro oder 5% vun den ausseruerdentlechen Ausgaben.
6. Am Kapitel Participatioun un den Investissementer vu Gemengesyndikater 2,1 Milliounen Euro oder 4% vun den extraordinären Ausgaben.
7. Schlussendlech nach verschidden aner extraordinär Ausgabe fir 4,6 Milliounen Euro oder 8,6% vum extraordinäre Budget.

53,5 Milliounen Euro sinn an den extraordinären Ausgabe vun de Konten 2006, 2007, am rektifizéierte Budget 2008 an am Budget 2009 virgesinn. Dës extraordinär Ausgaben an deene véier éischte Jore ginn zu

1. 58% iwwer den ordinären Iwwerschoss aus de Joren 2006 bis 2009,
2. 33% iwwer Statssubsidien,
3. an 9% iwwer den iwwerdroene Boni vum Enn vun der leschter Mandatsperiod

finanzéiert.

Dëst wäicht nëmme minimal of vun deem, wat mer an der Gemengerotssëtzung vum 11. Dezember 2006 an Aussiicht gestallt haten, esou datt mer mat rouegem Gewëssen dovunner ausgoe kënnen, datt eis Planung virun 2 Joer no realistesche Critèren opgestallt gouf. Wat fir en Impakt d'Wirtschaftskris, an déi d'ganz Welt an och Lëtzebuerg geschliddert ass, op déi zwee Budgeten, déi kommen, wäert hunn, dat kann ee mam beschte Wëllen haut net virausgesinn. Mer mussen d'Entwécklung am A behalen an noutfalls kuerzfristeg déi néideg Kurskorrekture virhuelen.

Wéi schonn an de leschte 5 Joer wäerte mer och am Budget 2009 kee weideren Emprunt brauche fir de Finanzement vun deem dach ëmfangräichen extraordinäre Programm ze garantéieren, dee sech an den 2 Joer, 2008 an 2009, op iwwer 34 Milliounen Euro beleeft, wat d'Halschent vum pluriannuelle Plang, deen de Schäfferot den 11. Dezember 2006 dem Gemengerot virgeluegt hat, ausmécht.

Mam Remboursement vun 2.019.987 Euro, deen am ordinäre Budget am Artikel 3/1410/6911 virgesinn ass, geet d'Gemengeschold dann nach eng Kéier ëm ronn 2 Milliounen Euro erof a reduzéiert sech deemno am Total zënter de Budgeten 2000 bis 2003, wou d'Gemengeschold hiren Héchststand erreecht hat, ëm 11 Milliounen Euro. Am Laf vun dëser Mandatsperiod ass et bannent 4 Joer schonn eng Reduktioun vun 7,6 Milliounen Euro vun eiser Gemengeschold, esou datt dës viraussiichtlech Enn 2009 bei 27,06 Milliounen Euro leie wäert.

Dës positiv Entwécklung gesäit een dann awer nach méi däitlech un Hand vum Ratio Gemengeschold iwwer den Total vun den ordinäre Recetten. 2000 louch de Faktor mat 1,44 nach däitlech iwwer 1, dat heescht, d'Gemengeschold louch laut Budgetsvirlag 44% iwwer de Gesamtrecetten am ordinäre Budget. Haut ass dëse Faktor op 0,59 zeréckgaangen. Dat heescht, datt déi am Budget 2009 ausgewise Gemengeschold nach 59% vun den Totalrecetten am ordinäre Budget ausmaachen.

Als Konklusioun muss ee festhalen, datt dëse Budget 2009, deen an enger konsequenter Kontinuitéit vun de leschte Budgete läit, sech ouni Weideres weise léisst. D'Finanzsituatioun vun eiser Gemeng huet sech onweigerlech verbessert mat:

1. engem héijen Investitiounsvolumen, wat déi extraordinär Ausgabe vun iwwer 18 Milliounen Euro ervirsträichen,
2. engem weidere Budget ouni neien Emprunt an enger weiderer Reduktioun vun der Gemengeschold,
3. en ordinären Iwwerschoss vun 8,04 Milliounen Euro.

Ech wollt op dëser Plaz all deene Merci soen, déi aktiv un dësem wichtegen Dossier matgeschafft hunn. Engersäits menge Kollegen aus dem Schäfferot, der Finanzkommissioun mat hirem President John Polfer un der Spëtz, deene responsable Fonctionnairen aus dem Finanzdepartement – dem Gitta Schlesser, dem Sacha Schmit an sengem Nofolger Thierry Balance -, awer och deenen anere Fonctionnairen, besonnesch aus alle Servicer, déi aktiv un dësem Budget participéiert hunn. Ech soen eech Merci fir d'Opmierksamkeet.

Roland Breyer, Schäffen:

Dir Dammen an dir Häre. Eng Budgetsvirlag ass ëmmer de Versuch, am Viraus finanziell an zäitlech realistesch Visiounen an d'Realitéit ëmzesetzen, an ass d'Produkt vun enger Majoritéit a vum ganze Schäfferot. Ech wëll dofir menge Kollegen am Schäfferot, mee speziell deenen, déi direkt mat menge Ressorte betraff waren, Merci soe fir hir kloer a konstruktiv Kollaboratioun.

Ech géif eech dann elo méi genee an och déi néideg Informatiounen an Explikatioune ginn iwwer déi Gebidder, wou ech verantwortlech zeechnen a gläichzäiteg och iwwer déi interkommunal Syndikater, wou ech d'Presidentschaft an dësem Moment ausüben. Ech maachen dat ouni mech ze widderhuelen mat deenen Texter, déi schonn explizit an der Budgetsvirlag drastinn a wollt dës grouss Kapitele beliichten:

1. Stroosseninfrastrukturen, Transport a Kommunikatioun,
2. Waasser a Kanal,

3. Verkéier,
4. Personal,
5. Informatioun, Relations publiques an Zeremonien,
6. Kultur an Tourismus.

Stroosseninfrastrukturen, Transport a Kommunikatioun

Hei sinn am Joer 2007 circa 67% vun deenen Ausgaben, déi virgesi waren, realiséiert ginn, well mer speziell en décke Posten, dee vun der avenue de la Gare hei zu Péiteng, an dee vun der rue Terre Noire zu Rodange, net konnten an deene Fristen, déi virgesi waren, ufänken. D'Délaië ginn ëmmer méi laang, an ech hat dat d'lescht Joer schonn am Detail erkläert. Dës Projete fänke mer awer elo am Joer 2009 un.

Wat genee dës avenue de la Gare hei zu Péiteng betrëfft, esou war a bleift dat e Suergekand. Et handelt sech ëm en „chemin repris“ (CR), deen den Aval an d'Fieder vun de Ponts et Chaussées, also dem Stat, muss hunn. Dat huet bedéngt, datt mer am Virfeld vun den Ausschreiwungen de Bewäis hu miissten erbréngen, datt all déi Leit, déi un d'avenue de la Gare an d'rue du Chemin de Fer ustoussen, mat dem Oftriede vu klenge Mini-Emprisen, hei an do nëmmen e puer Centiaren, hu mussen averstane sinn an dat och am Virfeld hu missen ënnerschreiwen. Dat war en Exercice, dee vill Zäit kascht a laang gedauert huet. Zanter virgëschter si mer elo endlech esou wäit, an eréischt da preparéiert Ponts et Chaussées den definitive Bordereau. Dësen definitiven Devis, deem de Gemengerot Ufank 2009 virläit, wäert mat neien an onbequemen Iwwerraschunge gespickt sinn. Den alen Devis geet jo op 2005 zeréck.

D'Präisser hu sech zanter dem leschte Vote vum Devis den 21.12.2005 gewalteg no uewe beweegt.

Mer stellen donieft och eng geféierlech Bewegung an en Ofbau vun der Festegkeet vun dem Pavé-Belag am ënneschten Deel vun der avenue de la Gare an op der Lëtzebuerger Strooss fest, esou datt mer och dësen Ofschnëtt sanéiere mussen. Et stellt sech elo eraus, praktesch 10 Joer duerno, datt d'Entscheedung vun de Gemengeverantwortleche vun deemools, fir Pavé ze leeën – an dat entgéint dem Avis vun de Ponts et Chaussées -, sech net als déi bescht erweist.

Mer hunn och aus dësem Experiment avenue de la Gare eis Konklusioune gezunn, datt mer an Zukunft, wat d'Verhandlunge vun den Emprisen ubelaangt, eng spezialiséiert Firma domat betrauen. D'avenue de la Gare an d'rue du Chemin de Fer stinn elo am Budget mat enger éischter Tranche vun 600.000 Euro. An d'Aarbechten, compte tenu vun dem administrativen Opwand, deen do usteet, wäerten eréischt an der 2. Halschent vum Joer ugoen.

Och d'rue Terre Noire gëtt am Joer 2009 komplett an hiren Infrastrukturen erneiert, an dofir sinn 547.000 Euro virgesinn. Do geet d'Prozedur méi séier, well mer do an enger Gemengestrooss sinn. Mee och do wäerte mer, wéi och an Zukunft, d'Propriétéitsverhältnisser am Viraus regulariséieren. Et steet e Kredit am Budget vun iwwer 36.000 Euro fir esou spezialiséiert Aarbechte maachen ze loossen.

Wat en anere grousse Schantjen ubelaangt - d'rue Jos. Philippart zu Rodange -, esou ass eng spezialiséiert Firma de Moment dermat amgaangen, d'Emprisen an d'Cessioun dovunner ze regulariséieren. Da kënnt dëst Joer den definitiven Devis op den Dësch vun dësem Haus, an et gëtt Enn des Joers ausgeschriwwen. Déi praktesch Aarbechten um Terrain falen dann 2010 un. Tëschenduerch gesi mer nach d'Direktioun vu Ponts et Chaussées fir iwwer de Réaménagement an den Uschloss esou wuel vun der rue du Commerce an dem ieweschten Deel vun der avenue Dr. Gaasch ze schwätzen.

No eisem Plang zum Zoustand vun de Stroosseninfrastrukture ginn zwou Stroosse komplett erneiert:

D'rue du Bois zu Péiteng. Hei musse mer eng vergëften Ierfschaft aus den 70er Jore riichtbéien, well soss op eemol d'Awunner do ouni Waasserversuergung oder –entsuergung do stinn. Hei huet een deem aneren, an der Zäit, e Stéck Leitung oder Kanal iwwerlooss, ouni datt d'Gemeng sech dorëm gekëmmert huet. An dat konnt op d'laang Weil net opgoen. Mir schafen elo do eng kloer Situatioun a gesinn 200.000 Euro dofir fir. Den Devis kritt dir Ufank 2009, well eisen Ingenieur, den Här Schiltz, de Moment u sengem Mémoire schafft fir seng definitiv Ustellung.

D'rue Neuve zu Péiteng steet och mat engem éischte Kredit vun 200.000 Euro am Budget. Do sollen esouwuel d'Infrastrukturen ewéi e Redressement virgesi ginn. De Projet vum Ingenieursbüro geet och schonn 10 Joer zeréck, an de Pendant dozou – d'rue Bommert – soll dann och ënner d'Lupp geholl gi wann déi Konstruktioune vun de Residenzen ofgeschloss sinn.

Des Weideren ass de Reprofilage vu verschidde Stroossen oder Plaze virgesinn. Dat gëtt am Prinzip op deene Plaze gemaach, wou entweder d'Infrastrukturen, déi do leien, nach an engem gudden oder zefriddestellenden Zoustand sinn, a wou net an deenen nächste puer Joer gréisser Aarbechte virgesi sinn (Residenzen, Waasserbasengen oder Reeniwwerlafbecken).

Fir 2009 sinn 130.000 Euro virgesi fir de Reprofilage an der rue Charlotte zu Rodange an an der rue de la Montagne zu Rolleng. Jee no de Präisser, déi mer ugebuede kréien, bleift nach genuch Kredit fir de Parvis vun der Morgue zu Rolleng a fir eng oder déi aner méi grouss Fléckaarbecht an eise Stroossen iwwereg.

De Parking op der Liberatiounsplaz zu Péiteng gëtt net 2009 ugefaangen, well mer do d'Enn vun den Aarbechte vun der neier Senioreresidenz ofwaarden. Dernieft gëtt och nach eng hydraulesch Etude op däer Plaz gemaach, well Problemer mat dem Ofwaasser vun der Korstrooss festgestallt gi sinn an eventuell nach en zousätzleche Reeniwwerlafbecken do muss gebaut ginn. Zesumme mat Sudgaz ginn dann 2009 nei Infrastrukturen an der rue Siole zu Rodange verluecht. Hei sti fir d'nächst Joer nach 65.000 Euro am Budget.

Zesumme mat Ponts et Chaussées soll dann d'Beliichtung an der Kierchestrooss zu Péiteng erneiert ginn an d'Trëttoiren an den Zentre vun eisen 3 Uertschafte behënnertegerecht gemaach ginn.

Mer hate jo dëst Joer schonn de Schwaarzewee zu Péiteng méi hell gemaach, an dat mat dem Accord vum Gemengerot. An Zesummenaarbecht mat Sudgaz esou wéi der Cegedel ënnerhuele mer dann 2009 de Bouclage vun eise Waasserleitungen, wat zu enger vill besserer Qualitéit vum Waasser an all deene Sakgaasse féiert, déi op de Schwaarzewee stoussen.

Och e Wuert zu eisen neie Garagen, en Dauerbrenner, deen awer nach net verbrannt ass, an dee mer nach wëllen an dëser Mandatsperiod ufänken. De Site ass kloer an definitiv. Se kommen op de Site vun eiser aktueller Gäertnerei op der Lénger Strooss zu Péiteng. De Konzept ass och schonn duerchduecht a räif, d'Preparativen an d'Etude sinn ofgeschloss. Mer waarden elo op d'Positioun an d'Recommandatioun vum Ëmweltamt, wat fir Moossnamen op deem Site mussen ënnerholl ginn. An dat vum Versigele bis zum Ofdecken oder der Erneierung

vum Buedem. Esou séier wéi dat Resultat virläit ginn d'Pläng deementspriechend ugepasst an dem Gemengerot virgeluegt. Mer si sécherlech un enger séierer Léisung interesséiert, well mer den aktuelle Garagesite zu Rolleng gären enger neier Destinatioun an Affektatioun zouféieren.

Schlussendlech ginn an dësem Kapitel vun de Stroosseninfrastrukturen nach Kreditter virgesi fir den Update vun eisen Infrastrukturpläng (20.000 Euro), de Ukaf vun enger neier Aarbechtsmaschinn, enger Schëpp an engem Camion (150.000 Euro), vu Material fir d'Foussgängeriwwerweeër besser ze beliichten, vun neie Stroosseschëlter als Konsequenz vum neie Verkéiersreglement (35.000 Euro), a fir eis Participatioun um TICE mat 112.282 Euro, déi konstant bleift. Summa summarum eng Gesamtausgab am extraordinäre Budget vun 2.394.782 Euro, praktesch déi selwecht Zomm, déi och reell am Joer 2008 verschafft gouf.

Waasser a Kanal

D'Aarbechten um Waassernetz a speziell um Kanalnetz verschléngen all Joer grouss Zommen, déi einfach am Buedem verschwannen, net méi siichtbar, mee vun enormer Bedeitung sinn. An dat fir engersäits d'Qualitéit vun deem wäertvolle Waasser mee och dat problemloost Ofschëdden an duerno d'Klärung ze garantéieren.

Dat neit Kadergesetz iwwer d'Waasser steet kuerz virun der Dir, an déi europäesch Direktive sëtzen eis, wat d'Ofwaasser ubelaangt, bis 2010 schéin ënner Drock. Wa mer nach gäre vu staatleche Subventioune profitéieren, déi nach bis 90% de Moment kënne goen, da musse mer séier a konsequent reagéieren. Wat elo deen neie Waasserpräis ugeet, dee vun 2010 u soll e sougenannten „prix vérité“ sinn, da mussen all déi Käschten erfaasst ginn, déi bei der Waasserliwwerung a beim Ofwaasser entstinn: den Akafspräis vum Waasser, eng staatlech „taxe de prélèvement“ an och eng „taxe de rejet“, d'Verleeën an den Ënnerhalt vun de Waasserleitungen an de Stroossen, de Bau an den Ënnerhalt vun de Waasserbasenger, de Service um Client (Ofliesen, Rechnungen ausstellen, asw), an dann nach den Amortissement vun den Infrastrukturen.

Beim Owaasser dann de Bau an de Fonctionnement vun der Kläranlag, de Bau an den Ënnerhalt vun de Kollekteren, vun den Ouvragen, de Reeniwwerlafbecken, mee och den Amortissement vun all dësen Infrastrukturen. Dat bedéngt, datt mer eis Gedanke musse maachen, datt den Endpräis un de Konsument net ze héich ausfält, all Ausgabe genee musse préiwen an och eise Fonctionnement eventuell iwwerdenken.

De Moment hu mer eng Tax um Ofwaasser vun 1,22 Euro pro Kubikmeter, am Waasser eng Zomm vun 1,442. Dës Taxe schéngen de Moment nach am relative Gläichgewiicht mat den Ausgaben, déi mer am ordinäre Budget verbuchen. Esou gesi mer, wat d'Waasser ubelaangt, datt mer eng Recette vun 1.315.000 Euro hunn, wou den Eegeverbrauch scho mat fakturéiert ass, an eng Ausgab vun 1.356.547 Euro am Budget 2009 verzeechnen. Et muss een awer derbäi bemierken, datt, wa mer eis effektiv ordinär Ausgaben, déi zum Waasser gehéieren, mat abezéien (Personal, Ënnerhalt, Material, Gefierer, asw) an zousätzlech déi, déi am extraordinäre Budget stinn, mer dann ëm ronn 66% an d'Luucht ginn, an dat nach ouni Amortissement vun deem, wat besteet.

Dat selwecht ass beim Ofwaasser ze bemierken. Do hu mer am ordinäre Budget Recette vun 1.213.000 Euro géintiwwer enger ordinärer Ausgab vun 1.039.789 Euro, haaptsächlech eis Participatioun un der Exploitatioun vun eiser Kläranlag.

Wa mer awer och hei eng Héichrechnung maachen an dozou eis eege Personal- a Materialskäschten esou wéi déi ausseruerdentlech Ausgaben derbäizéien an zousätzlech d'Perspektive kucken, datt mer keng staatlech Subventioune méi kréien (ech erënneren drun, datt déi de Moment nach tëscht 30 a meeschtendeels 90% leien), da ginn dës global Ausgaben ëm ronn 225% an d'Luucht. An dat nach ëmmer ouni dee kompletten Amortissement vun deem, wat do steet.

De Präis un den Endkonsument wäert also am Joer 2010 massiv klammen. Wa mer elo eng kumuléiert Tax vun circa 2,66 Euro pro Kubikmeter hunn, dann ass sech liicht virzestellen, datt déi sech dann ëm minimum 4,5 Euro – „prix vérité“ – wäert apendelen. Mer hunn eis un d'Recommandatioun vun der Regierung gehalen, an dësem Budget keng Adaptatioun vun den Taxen virzehuelen. Et muss een dann am schwieregen Ëmfeld vun 2010 kucken, mat wat fir Parameteren een dësen „prix vérité“ dann errechent a wéi een dann nach zousätzlech Sozial- a Familljekomponente kann afléisse loossen.

Zeréck elo zur Budgetsvirlag 2009, wou mer am ordinären Deel gesinn, datt eise Bäitrag un de SIACH vun 713.783 Euro am initiale Budget 2008 op 638.815 Euro am rektifizéierte fält, dogéint awer fir 2009 op 843.334 Euro erop geet. Dat ass domat ze erklären, datt 2008 ee Mataarbechter, deen an der Tëschenzäit verscheet ass, praktesch dat ganzt Joer krank gemellt war a fir 2009 no dem pluriannuelle Planning – deen ugeholl gouf – een „ingénieur-technicien“ an een Handwierker derbäi kommen.

Am extraordinären Deel geet eise Bäitrag un de SIACH massiv vun 235.393 Euro am rektifizéierte Budget 2008 op 696.334 Euro am initiale Budget 2009 erop. Dat ass bedéngt duerch d'Ausbauaarbechte vun der Péitenger Kläranlag, déi hire Behandlungsvolumen ëm méi wéi 50% wäert mussen eropsetzen.

Am Kanalswiese sinn dann och vun eis aus Aarbechte virgesi fir den Uschloss vun e puer Haiser um Ufank vun der Athuser Strooss zu Péiteng – eis al Mille mat abegraff – un d'Haaptkanalisatioun. Dës Haiser schëdden de Moment nach un eng al Leitung laanscht d'Kor. Dee geneeën Devis gëtt eech am éischten Trimester 2009 virgeluegt.

Wa mer elo mat den Aarbechten Enn 2009 an der avenue de la Gare an an der rue du Chemin de Fer ufänken, da kann een dovunner ausgoen, datt Enn 2010 och dann de Fonçage op d'Nidderkuerer Strooss gemaach gëtt. De Moment maache mer op der Nidderkuerer Strooss nach weider Sondagen, well do eis Kanalsituatioun net optimal schéngt ze sinn. Hoffentlech kënnt net nach eng déck onbequem Iwwerraschung op eis duer.

Den Uschloss vu Rodange-Fonderie muss och séier weidergoen, hätte mer jo nach gäre staatlech Subsidien. Esou séier ewéi d'Ëmweltetude UV ofgeschloss ass, ginn do d'Aarbechten un. Mer hunn emol 300.000 Euro virgesinn.

Eng déck Ausgab stellt d'Renaturéierung vun der Eechelsbaach duer, déi mat 1,4 Milliounen Euro an den Ausgabe steet, wou mer awer mat 50% staatleche Subside rechne kënnen. Dës Aarbechte si verginn an se wäerte geschwënn ufänken. D'Aarbechten um grousse Reeniwwerlafbecken op dem Rond-Point Porte Lamadelaine si praktesch ofgeschloss an d'Aweiung an d'Besichtegung vun dësem spektakulären Ënnerbau wäert am éischten Trimester 2009 geschéien.

Wat déi spezifesch Aarbechten um Waassernetz ubelaangen, esou si mer no laange Verhandlungen elo Besëtzer gi vun der Parzell, déi mer brauche fir den neie Waasserbaseng um Hierschbierg zu Péiteng opzeriichten.

D'Etude kënnen elo ugoen an d'Verhandlunge vun der SES fir d'„droits de passage“ ze kréie ginn elo lass. Wann dat alles net ze laang dauert, da wäert d'Konstruktioun vum neie Baseng 2010 lassgoen. Eréischt duerno kann dann d'Belair Strooss zu Péiteng och nei gemaach ginn.

Fir 240.000 Euro gëtt de Bouclage vum Waassernetz am Schwaarzewee zu Péiteng gemaach. Ronn 140.000 Euro ginn an d'Télésurveillance vun eise Waasserbasenger investéiert.

Am ordinäre Budget hu mer 50.000 Euro virgesi fir lues a lues eis Waassercompteure mat engem elektroneschen Ofliessystem auszestatten. Dee ka fonctionnéieren, ouni an d'Haiser mussen eranzegoen an ouni eng speziell Persoun domat ze betrauen. D'Lektür kann iwwer den Drecksauto matgemaach ginn.

Verkéier

Eist neit Verkéiersreglement steet an der leschter Etapp, an nodeems et vun de staatleche Gremien nogekuckt gouf soll et dem Gemengerot an deenen éischten 2 Méint vun 2009 virgeluegt ginn, esou datt mer realistesch dovunner ausginn, datt et Abrëll oder Mee kann a Kraaft trieden. Dat ass noutwenneg a wichteg, well mer do nei Akzenter wëlle sëtzen, haaptsächlech an enger Erweiderung vum Parking résidentiel, am Verbuet fir Camionen a Camionnette owes, iwwer d'Nuecht an och d'Wochenenner an den Uertschaften ze stationéieren. Och eng Reévaluatioun vun de Parkméiglechkeeten an der Gemeng gëtt gemaach, dat opgronn vun enger Zielung, déi am Juli virgeholl gouf. Mee och de Code de la route gëtt un déi nei Bestëmmungen ugepasst, besonnesch wat den „stationnement alterné“ ugeet, deen ofgeschaf muss ginn. Ze bemierken ass och, datt de bezuelte Parking an der Gemeng eng Gesamtrecette vun 35.000 Euro abréngt., de Verkaf vun den „cartes résidentielles“ en Total vun 9.400 Euro, zesummen also 44.400 Euro. Donieft hu mer Gesamtkäschte vun eise Pecherten an hirem Material vu ronn 219.845 Euro. Wann eis „agents municipaux“ elo duerch en neit Gesetz nach zousätzlech Aufgaben a Pouvoire kréien, dann ass dat nëmme gutt esou a rechtfäerdegt och déi Gesamtausgaben. Mer sollten eis awer weider Gedanke maachen iwwer d'Héicht vun eisen Taxe fir d'Parken an och fir d'„cartes résidentielles“, well do hu mer wëlles, nach eng weider Erweiderung ze maachen. An zwar fir Handwierksbetriber oder fir Familljememberen, déi zum Beispill am Ausland wunnen, awer fir länger Zäiten heem kommen ewéi d'Uni-Studenten. Mer wäerten nach dacks Geleeënheet kréien, hei bannen, mee och dobausse mat dem Bierger, fir iwwer déi nei Verkéiersreglementer a Konditiounen ze diskutéieren.

Wann dat alles um Lafen ass, denke mer fir 2010 drun, e Gesamtbalisage iwwer eis Uertschaften ze realiséieren, an dat mat der Indikatioun vun de Parkméiglechkeeten, den ëffentleche Gebaier an aner wichtege kulturellen, sportlechen an touristesche Plazen.

Zesumme mat eise Grenzgemengen, déi an der „Association transfrontalière du PED“ sinn, a mat eise Membere vum SIKOR si Bestriewungen ënnerholl gi fir Léisunge fir dee verstoppte Contournement vu Péiteng ze sichen. Net méi spéit ewéi gëschter war zu Lonkesch eng wichteg Reunioun an dësem Sënn. Mer haten do eng Reunioun mat deenen Haaptverantwortleche vun de Stroossebauverwaltungen aus der Belsch, dem Frankräich a Lëtzebuerg, an hunn iwwer Léisungen nogeduecht. Et kann net esou bleiwen, datt mer zu Lëtzebuerg eng Autobunn hunn, déi op der Biff z u Käerjeng – ronn 3 km virun de Grenzen – ophält. Och muss een en opmierksamt An op de „plan sectoriel transports“ wäerfen, deen eis Regioun soll an Zukunft bestëmmen. Vu Lëtzebuerger Säit ass eis bestätegt ginn, datt d'Etuden op dem PED fir en Opfangparking vun circa 650 Plazen ofgeschloss ass an op d'politesch Décideure gewaart gëtt. Och gëtt mat eise regionale Partner versicht, eng Vernetzung vun de Foussweeër an och de Vëlosweeër iwwer d'Grenzen ewech ze realiséieren. Eng Etude iwwer d'„mobilité douce“ mat Alternative mat dem ëffentlechen Transport läit vir.

Am Kader vun eisem „Plan local de la sécurité“ ass och eng speziell Opmierksamkeet op d'Problematik vun der Grenz gesat ginn an d'Geforen, déi duerch den Tanktourismus entstinn. Eng Reunioun den 13. Januar mat de Ponts et Chaussées soll do Klärung bréngen.

Personal

Mer hunn deen neien Organigramm praktesch ëmgesat an duerch eng Aarbechtsbeschreiwung kompletéiert. En neien „règlement d'ordre intérieur“ fir eis Aarbechter soll uganks d'nächst Joer fäerdeg gemaach a mat der neier Delegatioun ofgestëmmt ginn.

De Poste vum Magasinier gouf am Laf vun 2008 besat a fänkt elo un, déi éischt Resultater virzeleeën. Mer kréie lues a lues méi Iwwersiicht iwwer eis Stocken an eist Bedierfnes u Material.

Den Iwwergang vun 2 Chef-de-Servicen am Sekretariat an an der Recette ass amgaange koordinéiert an iwwerluegt ze geschéien. Dat selwecht geschitt um Niveau vun de Finanzen, dem Personal, dem Ëmweltdepartement an dem technesche Sekretariat esou wéi dem Biergercenter an dem Empfang. Et ass also vill Beweegung am Moment an eisen Servicer, mee mer sinn iwwerzeegt, datt bis 2010 alles harmonesch wäert verlafen an den Iwwergang korrekt a kollegial geschitt. Bei der Belegschaft hu mer nach e liicht ze héijen Taux vu Krankmeldungen, a mer kucken déi eenzel Fäll a begleeden anerer. Mer hunn eng grouss Belegschaft, a wann een e puer méi schro Krankheetsfäll ze verzeechnen huet, ginn d'Statistiken emol auserneen. Dofir maache mer regleméisseg Gespréicher mat de betraffene Persounen a versichen esou, Léisungen oder Adaptatiounen erauszefannen. Am Joer 2010 wäerte mer um Niveau vun der Belegschaft den Effektiv nees liicht opstocken. Mer versichen och, eiser Quot vun handikapéierte Mataarbechter gerecht ze ginn.

Weiderbildung, regelméisseg Versammlung mat der Belegschaft, mat de Chef-de-Servicen, konstruktiv Dialoge mat dem Ausschuss sinn noutwenneg Mëttele fir ëmmer méi Professionalismus, Flexibilitéit an Rendement an eis Aarbecht ze kréien.

Informatioun, Relations publiques an Zeremonien

D'Aarbechten um Rez-de-Chaussée vum Stadhaus ginn dem Enn entgéint, an da kënne sämtlech Servicer, déi direkt mam Bierger a Verbindung stinn, do gruppéiert ginn. De Container virun der Dir wäert verschwannen, an da kommen nach weider Modernisatiouns-an Ënnerhaltsaarbechten a Fro, déi dann um 1. respektiv 2. Stack geschéien. Enn 2010 wäert dann dat ganzt Stadhaus méi fonctionnell a méi biergerfrëndlech fonctionnéieren.

Eis Publikatiounen ewéi 'Péiteng Aktuell', 'Meng Gemeng' oder de Bilan all 2 Joer hu sech bewährt an vermëttelen e korrekt, objektivt an informativt Bild vun eiser Gemeng an hire Schantercher a Projeten. Eisen Internet-Site an eisen Info-Kanal si ganz performant an aktuell. Am Kader vun de SIKOR-Aktivitéiten huet e Projet mat dem LTMA an engem franséischen a belsche Lycée ugefaangen, wou eng Formatioun fir Schüler am audiovisullen a speziell am Gestalte vu Kuerzfilmer ugebuede gëtt. Dat gëtt eis och eng Opportunitéit fir verschidde grouss Evenementer an eiser Gemeng an Toun a Bild festzehalen, esou wéi eng aner Visioun: lues a lues op eng méi

dynamesch a regional Fernsehsendung zouzesteieren.

Bei gréissere Projeten an der Urbanisatioun, beim neie PAG, deen um Enn vum Joer sprochräif ass, bei de „plans directeurs“ vu Quartieren, a bei neie Reglementer ewéi Verkéier oder Veräiner, sinn a gi lokal oder kommunal Opklärungsversammlunge fir d'Bierger ugebueden.

Mer sinn zanter engem Joer amgaang, mat der lokaler a regionaler Police e „plan local de sécurité“ opzebauen an hunn an deem Kontext schonn e puer spezifesch Informatiounsversammlunge fir d'Seniore, mee och fir d'Jugend, virgestallt. Dat soll och nach bis zum Ofschloss vun dësem Plang, Enn 2009, weider geschéien. Och an dësem Kader solle sämtlech Polizeireglementer enger Revisioun an enger Upassung un déi aktuell Gesetzgebung ënnerworf ginn.

Reklamatiouns- a Meckerkaarte leie bereet fir dem Bierger säin Uleies. An d'Membere vum Schäfferot stinn all Woch dem Bierger Ried an Äntwert.

Eis Zeremonien entwéckele sech a konzentréiere sech ëmmer méi op kommunalem Plang, an dat ass gutt esou. Mer mussen nach weider Efforte maachen, an nach méi gebündelt Aktiounen ënnerhuelen. An do ass all Veräin, all Entente a Syndicat gefuerdert. Wa mer an der Groussregioun mat Déifferdeng a Käerjeng an donieft iwwer d'Grenzen ewech mat Lonkesch an Ibbeng wëlle Schrëtt halen, da musse mer nach méi eis Käpp, mee och eis Energien, zesummeféieren.

Kultur an Tourismus

Deen nei geschafene „Fonds de support d'organisation d'intérêt communal“ huet sech a sengem éischte Joer bewährt. Et sinn am Laf vum Joer 2008 5 grouss Partenariaten esou wéi 14 kleng Partenariaten zougestane ginn. Och 2009 stinn ongeféier déi selwecht Zuel vun Demanden an d'Haus. Ee vun den neie groussen Evenementer wäerten d'Feierlechkeete vum 65. Anniversaire vun der Liberatioun sinn, déi tëscht dem 5. an dem 13. September organiséiert ginn.

An deem Zesummenhang ass dru geduecht ginn, e speziellen touristeschen Depliant ze schafe mat der Oplëschtung an der Erklärung vun alle Monumenter aus der Gemeng.

Et soll och en touristesche Kuerzfilm realiséiert ginn, wou eis Gemeng optimal an am gudde Liicht virgestallt gëtt. Dat Instrument brauche mer fir der touristescher Nofro gerecht ze ginn, mee och vu Säite vu Konveniater an aner Gruppe vu Visiteure vun eiser Gemeng. Vläicht kann dëse Film scho vun der SIKOR-Initiativ mat de Lycéeën aus der Grenzregioun realiséiert ginn.

Och si mer amgaang schéin an uspriechend Fotoe vun eiser Gemeng ze maachen, déi fir propagandistesch, touristesch Zwecker kënnen gebraucht ginn. Doraus soll dann eng flott Fotosbroschür entstoen, déi eis Gemeng am Ausland optimal ka virstellen. An Zesummenaarbecht mat dem SIKOR gëtt dann e regionalen Depliant vun eise véier Gemenge realiséiert, deen op déi Haapt-attraktivitéite vun eiser Kordallregioun opmierksam mécht. An enger nächster Sëtzung wäerte mer iwwer d'Opnam vun der Suessemer Gemeng an de SIKOR schwätzen.

Mer sinn och bei den Iwwerleeungen zur Grënnung vun engem „Office régional du tourisme“ fir eise Süden, en ORT, dobäi, dee vum Tourismus-ministère finanziell begleet gëtt.

Mer denken och drun, eist Subsidie-reglement an eist Méritantsreglement enger Revisioun ze ënnerzéie fir engersäits nach méi déi kommunal Kollaboratioun vu verschiddene Manifestatiounen ze ënnerstëtzen, mee och de kulturelle Leeschtunge vu Veräiner oder Gruppementer Rechnung ze droen.

De Moment si mer a Gespréicher mat engem auslänneschen Investor a Bedreiwer vu Familljen- a Jugendhaiser. A wann alles optimal soll lafen, da kënne mer geschwënn dem Gemenge-rot e Projet virstellen, deen, sollt et Realitéit ginn, profitabel fir eis Gemeng a fir d'ganz Regioun wier. Mer schwätzen hei vun ëm déi 30.000 Iwwernuechtungen d'Joer. Mer mussen eis op dësen Challenge virbereeden an déi néideg Vernetzung a Koordinatioun aus touristescher Siicht plangen an abauen. Do ass da jidderee gefuerdert, vun de lokale Veräiner iwwer d'Syndicat d'initiativen, d'Regionalstrukturen ewéi de SIKOR an de PROSUD esou wéi aner kulturell an touristesch Daach-verbänn.

Dofir ass et wichteg a kohärent, datt esou Strukturen ewéi den nationale Keelenzentrum mat Tennisterrainen, iwwerdeckte Spillplazen an aner Saachen entstinn, mee och fir eisen historesche Patrimoine an de Virgrond ze réckelen. Et lafen och zur Zäit intensiv Gespréicher fir nach weider national oder regional Attraktivitéiten an eis Gemeng ze kréien, déi mat eiser industrieller Vergaangenheet oder mat nationale Strukturen a Verbindung stinn.

De Projet Rollenger Mille gëtt Realitéit, a mat dem Stat zesumme schafe mer hei een didaktesch rekreative Raum. Zesumme mat Proaktiv ginn dat nächst Joer 40.000 Euro an den „aménage-ment extérieur“ investéiert. D'Bannen-aarbechte gi vum Besëtzer – dem Stat – iwwerholl.

Den Dossier Péitenger Millen ass vum Gemengerot positiv aviséiert ginn a läit elo zur Begutachtung am Kultur-ministère. Hoffentlech iwwerliewen d'Grondmauere vun dëser aler Millen d'Decisiounszäit vun dësem Ministère. Mir sinn optimistesch an dreiwen de Projet weider. 100.000 Euro si scho fir 2009 hei virgesinn.

En anere Patrimoine, d'Péitenger Kierch, kritt en neie Bannenustrach.

A schlussendlech lafen och d'Beméiunge fir en attraktive wëchent-leche Geméis- oder eventuell Biopro-duktsmaart an d'Gemeng ze kréien.

Wéi schonn um Ufank gesot, sollt dee gréisseren touristeschen Hotelsprojet Realitéit ginn. Deen zitt als Konsequenz e ganze Koup aner Attraktivitéiten an Aktivitéite mat sech.

Esou wäit meng Kommentaren zur Budgetsvirlag 2009. Ech hoffen, ech war präzis, mee och diskret genuch fir eech verschidde Visiounen, mee ganz vill Realisatioune fir 2009 ze be-schreiwen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Madame, dir Häre. Als responsabel Politiker vun onser Péitenger Gemeng mat iwwer 15.000 Matbierger musse mer Visioune fir d'Zukunft vun onser Gemeng hunn. Mir hu bei de Walen en Optrag krut, deen doranner besteet, den Awunner vun onser Gemeng en zäitgeméissen, sozialen, kulturellen, sportlechen an ëmweltbewosste Liewensraum ze bidden. An dëser onroueger Zäit iwwerschloen d'Hiobs-botschafte sech. De Bankecrash huet eis iwwerrascht, d'Aarbechtslosegkeet steet virun der Dir, d'Konsequenzen dovunner sinn nach net ausgedroen.

Mir als Gemengeresponsabel si wéi jidder eenzelne Bierger domat konfrontéiert, a mer mussen dofir d'Gemengefinanzen an deenen nächste Jore weiderhi mat gréisster Virsiicht a gewëssenhaft verwalten.

D'Erwaardungen un d'Politiker sinn an der Regel grouss, mer sinn dauernd gefuerdert sief dat op Ufroe vun eise Matbierger, vu Sport- oder Kultur-veräiner oder vun onser Regierung, déi ons ëmmer nei Oploen a Reglementer operleet. Mer mussen awer eise Budget esou opstelle fir am Gläichgewiicht ze

bleiwen. Mer mussen de Bedierfnesser vun eiser Gemeng fir d'Wuel an d'Sécherheet vun eise Matbierger Rechnung droen, eis zukënfteg kuerz oder laangfristeg Projeten awer weiderhi matplangen a schlussendlech realiséieren.

Eis Projete brauchen, nodeem mer se geplangt hunn an de provisoresche Projet schonn am Gemengerot gestëmmt hunn, nach ëmmer eng ze vill grouss Zäitspan bis d'Autorisatioune vun den zoustännege Ministère virleien, esou datt mer leider spéit mat der Realisatioun kënnen ufänken.

Mer kënnen eech haut de Budget fir d'Joer 2009 presentéieren ouni mussen e Prêt opzehuelen an trotzdeem hu mer vill Projeten an der Maach. Ronn 18 Milliounen Euro sinn am extraordinäre Budget virgesi fir déi nächst Jore kënne verschafft ze ginn. Eng Rei vun Aarbechte si schonn 2008 ugefaange ginn, anerer sinn nach an der Aarbecht, well se a verschiddene Phase geplangt waren, an nei grouss Schantercher kommen elo derbäi.

Ech wëll hei och e Merci ausspriechen un eis Mataarbechter, déi an dësem Joer 2008 dofir gesuergt hunn, datt eis Demande no Méiglechkeet ausgefouert gi sinn, a fir hir Hëllef beim Opstelle vum Budget 2009.

Mir sinn amgaange grouss Investitiounen anzegoen am Kader vun der Edukatioun, an de Stroossen-infrastrukturen, am Sport an am Fräizäitberäich. Gréisser Schantercher, déi a verschidde Phasen exekutéiert ginn, wäerten am Laf vum Joer 2009 fäerdeggestallt ginn. Aner grouss Projeten, wou den Accord vun de Ministère elo do sinn, kënnen 2009 ulafen. Anerer sinn an der Planung.

Ech bezéie mech bei dëser Virstellung op verschidden Departementer, déi a mäi Ressort falen a wou ech eech e puer Artikelen, déi mir wichteg schéngen, erauspicken.

Eise Buergermeeschter huet déi ganz Detailer vum Budget schonn erkläert, esou datt ech déi net méi wëll widderhuelen. Ech wëll nëmme kuerz den ordinäre Budget sträifen. Do stinn déi Ausgaben, déi jäerlech am Budget erëmzefannen sinn, déi ugepasst musse gi well Deierechten oder en Opschupp kommen.

Eis Maison Relaisen zum Beispill kaschten eis 1.099.185 Euro an den ordinären Ausgaben. De Käschtepunkt vun all Iessen, dat an däer ganzer Zomm läit, hu mer am Hibléck op d'Chèques-Repasen a vun der Deierecht vun 135.000 op 195.000 Euro gehuewen. Eng Progressioun vun ongeféier 40%. Dëst sinn Zommen, déi spéider ganz gewëss mussen ajustéiert ginn.

Déi ordinär Recette belafe sech 741.995 Euro, an do sinn d'Subside vum Ministère derbäi gerechent, esou datt d'Belaaschtung vun eiser Gemeng fir d'Opfangstrukture vun de Kanner, déi an de Maison-Relaise betreit ginn, de Moment bei 357.190 Euro leien.

Wat mer budgetär am Joer 2009 mussen droen, wann déi nei Berechnung vun den Tariffer, déi no de Stonnen, wou d'Kanner betreit ginn, an no dem Akommes vun den Eltere soll geschéien, ass a kann nach net bekannt sinn. Do läit eng grouss Onbekannt dran. Sollt dëst bis Mäerz 2009 ulafen, wéi vum Ministère gewënscht, musse mer déi ganz Donnéeën, wat d'Akommes betrëfft, bei den Elteren nofroe fir déi nei Tariffer kënnen ze berechnen. Den administrativen Opwand, deen déi Neierung mat sech brénge wäert, wäert nach fir vill Onrou suergen.

Wann e Kand an Zukunft eng Betreiung vun 25 Stonnen an der Woch kritt, da soll den neie Stonnepräis bei maximal 3 Euro d'Stonn leien. Kritt et méi wéi 25 Stonne Betreiung, da kann de maximale Stonnepräis – je no Akommes vun den Elteren – bis op 7,5 Euro pro Stonn klammen. E grousse va-et-vient wäert a mengen An an onse Maison-Relaisen entstoen, well eventuell verschidden Elteren, déi bis elo vun de „plages-horaires“ profitéiert hunn, hir Kanner aus budgetäre Grënn nëmme méi pro Stonn kënne betreie loossen. En Impakt op d'Aktivitéite vun de Maison-Relaise wäerten dës Ännerungen och mat sech brénge well Kanner, déi zu onregelméissegen Zäite kommen, net méi an all Aktivitéiten agebonne kënne ginn. An der Zukunft muss de Fonctionnement vun de Maison-Relaise wahrscheinlech iwwerduecht ginn. Froe wäerte sech do opwäerfe wat d'Personal betrëfft, wat jo haaptsächlech aus diploméierten Educateuren an Educatrice besteet. Brauche mer an Zukunft nach Personal mat esou enger Ausbildung oder ginn Aide-Educateuren respektiv Aide-Educatricen duer fir op déi Kanner opzepassen, déi nëmme kuerz Zäiten an der Maison Relais verbréngen, oder gi mer méi a Richtung „Garderie“, wa mat den neien Tariffer eng aner Approche zur Maison Relais net ausgeschloss ass. Mer mussen eis op jiddwer Fall op Ännerungen astellen.

D'Chèques-Repase sollen am Mäerz 2009 agefouert ginn. D'Informatiouns-versammlunge vum Ministère sinn elo am Dezember, mee bis elo ass net direkt gewosst, wéi dat Ganzt vu sech soll goen. Mer si schonn am Bild, datt déi Schecke vun de Gemengen un déi eenzel Famillje sollen ausgedeelt ginn. All Kand vun 0 bis 12 Joer respektiv bis zum 6. Schouljoer inklusiv huet e Scheck vun 3 Stonnen d'Woch Gratisbetreiung zegutt. Familljen, wou méi Kanner hunn, kréie verschidden Astufungen, an esou weider. D'Famillje mat RMG sollen 25 Stonnen d'Woch kréien. Familljen, déi um Existenzminimum liewen, sollen 15 Stonnen d'Woch gratis kréien nodeems d'Situatioun vun dëse Familljen analyséiert ass. Do waarde mer nach op Richtlinne vum Ministère, wéi héich déi Barêmer gestallt ginn.

Mer hu keng Angaben, déi mer kënnten am Budget asëtzen. Et ass alles ganz flou. Déi Familljen, déi et betrëfft, musse fir déi eng oder aner Moossnam erausgefiltert ginn, wat en immensen administrativen Opwand ass. Froen iwwer Froe stelle sech. Wéivill Kanner wëllen iwwer de Chèque-Repas vun der Maison Relais profitéieren? Wéi dacks? Wéi laang a wat fir Stonne kommen se? Mer wëssen net, a wat fir Strukturen d'Kanner sollen opgefaange ginn. Et ass jo gewosst an och kee Geheimnis, wéi laang et hei am Land dauert, wann nei Strukture sollen entstoen. Wéi soll dat Personal ausgebilt sinn, dat déi Kanner betreie soll, déi vun de Chèque-Repase wëlle profitéieren?

Wa mer un déi Oploen an Sécherheetsfaktoren denken, déi musse berücksichtegt gi beim Bau an dem Fonctionnement vun dëse Strukturen, da wäerte ganz vill Kanner trotz deene Schecken – wat ufanks eng gutt sozial Iddi war – awer net esou séier an de Genoss vun dëse Fräistonne komme well mer de Moment an deenen zwou Maison-Relaisen , déi bei eis an der Gemeng fonctionnéieren, komplett sinn. Eng drëtt Maison Relais ass an der Planung. Et besteet nach eng Mass vu Froen, déi musse bis de Mäerz gekläert si wann dës Neierung soll a Kraaft trieden.

Wann déi Froen, déi elo am Raum stinn, spéiderhi gekläert sinn, musse mer am Laf vum Joer eventuell nostëmmen. De ganze budgetäre Volet ass an dësem Fall nach eng Virwëtztut, wou mer net informéiert sinn an eis bis elo net kënnen drop astellen, wat eis erwaart.

De Rettungsdéngscht (Service de sauvetage) d.h. den Ambulanzen-déngscht, deen eng interkommunal Missioun huet, kascht eis Gemeng 110.260 Euro. Deem géintiwwer stinn 95.000 Euro Recetten. Also en negativt

Resultat fir eis Gemeng, déi doriwwer eraus d'Aarbecht fir déi aner Gemenge mat mécht. Dobäi däerf een d'Stonnenaarbechten vun eise Betriber, déi sech ëm d'Gebailechkeeten an d'Alentoure këmmen, d'Aarbecht vun eisem Receveur fir d'Fakturatioun a fir d'Verspéidunge vun den net bezuelte Rechnunge fir d'Benotze vun den Amublanzen anzedreiwen, net vergiessen.

Am ordinäre Budget steet eng Zomm vun 1.394.960 Euro fir d'Reparaturen, déi ufalen an all eise Gebailechkeeten inklusiv d'Ënnerhaltskontrakter fir de Gaz, d'Elektresch, de Mazout an esou weider. E grousse Prozentsaz vun den Aarbechten, déi am Departement „Bâtiment“ ausgefouert ginn, sinn Iwwerraschunge wou mer direkt mussen agräifen. Virop de Vandalismus, dee bei eis an der Gemeng nach leider ëmmer ze grouss ass an eis vill Schued mécht. Mer maache konsequent Plainte bei der Police. 2009 soll dat Joer ginn, wou mer all déi Aarbechten notéiere wäerten, déi ufalen, a vun eise Leit ausgefouert ginn am Kader vum „Plan local de sécurité“. De Bilan presentéiere mer dann eise Matbierger, esou datt si sech kënnen e Bild maachen, wat déi onnëtz Zerstéierung a Verknaschtung an eiser Gemeng kaschte wäert. Mir ersetzen dauernd Dreckskëschten, Bänken, Spiller op de Spillplazen, Fënsteren an ëffentlech Beliichtungen, musse Graffiti vun de Fassade wäschen, Diren, déi beschiedegt goufen, erneieren. Vun deem ville Knascht net ze schwätzen, deen einfach an d'Landschaft gehäit gëtt an da vun eise Servicer entsuergt muss ginn. An esou weider.

Am ordinäre Budget sinn och d'Punkte fir de Fonctionnement vun de Kommissiounen opgelëscht, esou zum Beispill d'Jugendkommissioun mat 10.000 Euro (mat den Aktivitéiten ewéi de Kino am Sall A Rousen, den Action-Bus, de Musiksconcours, déi Jonk an d'Handwierk, asw. En extraen Artikel vun 20.000 Euro steet do fir d'Jugendaktivitéite fir jonk Leit vun 12 Joer u während der Summervakanz. Dës Aktivitéite ginn zesumme vun de Kordallgemengen organiséiert a fannen op verschiddene Plaze statt. Sief dat an de Gemengen oder iwwer d'Grenze vun de Gemengen eraus, je nodeem, wat ugebuede gëtt.

2.500 Euro si fir d'Auslänner-kommissioun virgesinn. Mir hunn 2008 eng speziell Fortbildung fir d'Membere vun dëser Kommissioun ofgeschloss. Mer wëllen och d'Aktivitéiten zesumme mat auslänneschen Organisatiounen, esou wéi déi Weekender mat Associatiounen aus Thailand an der vum Cap Vert, déi regelméisseg all Joer stattfannen an e ganz schéine Succès hunn, 2009 virgesinn.

2.500 Euro si fir d'Kommissioun fir d'Chancegläichheet virgesinn. De Girls' and Boys' Day huet scho bal eng fest Plaz am Kalenner, déi europäesch Charta vun de Stied ass um Programm, a mer sollen do och als Gemengerot eisen Accord ginn. Mer wëllen erëm mat eiser Belegschaft e Bilan zéien. Et sinn eng Rei Joren hir, datt mer dee grousse Questionnaire op der Dagesuerdnung haten, wou eng Rei vu Problemer konnte geléist ginn. Mee et ass un der Zäit fir eng Nofro ze organiséieren.

10.000 Euro si fir d'Jumelagen. Am éischten Trimester 2009 empfänke mer wahrscheinlech wéi an de leschte Jore Jugendlecher respektiv Studente vu Schio. Aktivitéite mat engem Austausch mat Schio a Maribor si gewënscht a vu verschidde Veräiner ugekënnegt.

Fir eist Jugendhaus hu mer als Gemeng eng Participatioun am ordinäre Budget vun 140.300 Euro stoen. Ech wollt am Kader vun de Budgetsdiskussiounen eist Jugendhaus ernimmen, wou an deene leschte Jore vill a gutt Aarbecht geleescht gouf. Mir wëssen alleguer, datt an der heiteger Zäit d'Aarbecht mat de Jugendlechen net einfach ass an dofir solle mer och weiderhin dofir suergen, datt d'Infrastrukture gutt sollen erhale bleiwen am Jugendhaus zu Péiteng, genee esou wéi an der Annex zu Rodange. D'Annex zu Rodange erweist sech schonn als ze kleng, den Undrang vun de Jugendleche gëtt ëmmer méi grouss a mer sollen och do Iwwerleeungen ustriewe fir an den nächste Joren un eng Vergréisserung ze denken. Mer hunn no Ufro beim Ministère eng zousätzlech hallef Tâche vun engem Educateur zougesot krut, wat ze begréissen ass, fir eise Jugendlechen nach eng besser Betreiung bei hiren Aktivitéiten an dësen Haiser ze bidden.

Ech wëll hei och nach ernimmen, datt mer eiser Jugend eng Chance gi fir an eise Betriber kënnen eng Léier ze maachen oder datt mer jonk Chômeuren eng gewëssen Zäit kënne beschäftegen. Während de Vakanze-méint komme Studenten an d'Ver-waltung an an d'Regiebetriber. Dës Moossname fir jonk Leit eng Chance ze gi sti mat 227.031 Euro an den Ausgaben. An de Recette kënne mer awer e Subsid vum Stat verbuchen, deen 109.565 Euro ausmécht.

Eng nei Beschäftegungsmoossnam fir de CIGL soll en „Jardin solidaire“ ginn. E Gaart soll vum CIGL ugeluegt ginn, an déi Produkter, déi do wuessen, sollen och vum CIGL selwer verkaf ginn. Fir dëse Projet unzegoen hu mer fir 2009 Ausgaben an der Héicht vun 11.293 Euro fir dat éischt Joer virgesinn.

62.000 Euro sinn am extraordinäre Budget fir dës Projete virgesinn:

1. 15.000 Euro fir am ale Pompjeesbau, wou d'Proufsäll vun der Musek an der Chorale sinn, eng Zuel Fënsteren ze ersetzen. Et ass eng néideg Reparatur, déi gemaach muss ginn.
2. 15.000 Euro sti bereet fir am Pavillon niewendrun, wou d'Education différenciée ënner-bruecht ass, eng Zuel vu Fënsteren ze ersetzen.
3. 32.000 Euro sti fir dee selwechten Zweck, näämlech d'Ersetze vu Fënsteren, am Paeschenhaus, wou eisen techneschen Service schafft, am Budget.

Op deenen 3 Plaze mussen déi ondicht Fënsteren, déi net méi ze reparéiere sinn, total ersat ginn.

De Parkservice huet zu deene regelméissegen Aarbechten, déi all Saison mussen duerchgefouert ginn, d'Kontroll an d'Reparature vun de Spillplazen derbäi kritt. Mer hunn e Bilan vu Luxcontrol opstelle gelooss iwwer den Zoustand vun eise Spillplazen an och vun de Schoulhäff. Dofir sinn am Budget déi 2 Mol 50.000 Euro fir nei sécherheetskonform Spiller, wou Mängel opzeweise sinn. De Parkservice delegéiert ee vu senge Mataarbechter, deen och eng Formatioun kritt, fir op de Spillplaze Refektioune maachen ze kënnen.

Mir kënnen awer weiderhin op dëse Siten net op d'Mathëllef vum CIGL verzichten. Et ass keng einfach Tâche, well leider virun allem op de Spillplaze ganz vill Vandalismus stattfënnt.

Am extraordinäre Budget ass d'Spillplaz, déi mer am Kader vum Lotissement „Ronnwiss“ nach mussen aménagéieren a wou mer nach Uplanzunge maache mussen, mat 17.680,77 Euro festgeluegt.

Fir eise Parkservice fannt der zwee Artikelen am extraordinäre Budget: ee fir en Tracteur fir 63.000 Euro an ee fir e Striegler fir 8.000 Euro.

De Service „Bâtiment“ an de Service „Nettoyage“ kréi jee eng kleng Fourgonnette, dofir sinn 60.000 Euro virgesinn.

Domatter hunn ech zum extraordinäre Budget iwwergeleet, wou ech elo déi grouss Projeten erläuteren.

Mer hunn eis Prioritéite gesat bei der Kannerbetreiung a bei eise Schoulinfrastrukturen. Sief et fir nei Strukturen ze bauen oder déi, déi scho bestinn, ze vergréisseren oder se konform ze maachen. Ech sinn do ganz zouversiichtlech, datt mer déi Verspriechen och gréisstendeels kënnen anhalen.

Eis grouss Projeten zu Péiteng

Virop ass d'Crèche mat 54 Plazen, déi nei gebaut gëtt op déi Plaz, wou déi al Crèche stoung. D'Autorisatioun fir de Bau vun 2,350 Milliounen Euro hu mer am August kritt. Mer sinn de Moment nach amgaangen, eng Demande bei Interreg virzeleeë fir déi Crèche als „crèche transfrontalière" fonctionnéieren ze loossen, an däer mer dann 20% - also 10 oder 11 – Kanner vun Elteren, déi hei am Land schaffen, betreie kënnen. Et ass eng laang a komplizéiert Prozedur. Mer schaffen och mam CEPS zesummen an hoffen, datt eise Projet akzeptéiert gëtt a mer dann e Subsid vun Interreg kënne kréien.

D'Planunge vum Schantje lafe weider an d'Aarbechte sollen am éischten Trimester 2009 ugoen. Wa mer séier wiederkommen - wat ech hoffen -, da kënne mer déi 1,5 Milliounen Euro, déi am Budget 2009 stinn, verschaffen. dat si bal 2/3 vun der Zomm vun 2,350 Milliounen Euro, déi de Projet kaschte soll.

E Projet, dee mer besonnesch um Häerz läit, ass den Neibau vun enger Maison Relais zu Péiteng. D'Demande vun den Eltere fir Betreiungsstrukture fir hir Kanner, esou wéi d'Waardelëscht, ginn ëmmer méi grouss a wäerten och nach weider klammen. 150.000 Euro sti bereet fir déi éischt Etuden. Enn Januar kënne mer eech e provisoresche Projet virleeë fir en Haus, dat um Site vun der Eigent-Schoul soll entstoen. Mer sinn derbäi, e provisoresche Projet auszeschaffen, dee mer wäerten eisen ablëckleche Méiglechkeeten upassen nodeems déi Neierungen ugekënnegt sinn, déi elo sollen am Kader vun den Chèques-Repase kommen. 200 Still soll dës Maison Relais kréien. An dëst Haus sollen 10 Säll kommen, déi ee kann trennen an déi da fir verschidde Saache kënne genotzt kënne ginn. Eng Kiche fir 400 Menüen ze preparéiere soll entstoen, e multifonctionnelle Raum fir eventuell d'Kanner , déi e Chèque-Repas hunn, an enger éischter Phas ze bekäschtegen, e Sall, deen awer haaptsächlech fir kulturell Aktivitéite kann a soll genotzt ginn. Genee ewéi d'Primärschoul an de Précoce de Sall fir Aktivitéite sollen notzen.

Um selwechte Site nieft der Spillschoul plange mer 4 nei Säll fir de Précoce, deen, ewéi vum Ministère virgeschriwwen, op de Rez-de-Chaussée komme muss. Déi Klassesäll, déi do ewechfalen, ginn op dem éischte Stack nei gebaut. Wéi gesot, Enn Januar leeë mer eech déi Projete vir.

Mir waarden op d'Plaidoyeren am Fréijoer a e Geriichtsuerteel wat d'Ersetzen an d'Astandsëtzung vun der Dicht vun de Fënsteren an der Spillschoul an Eigent ugeet. Eng Affaire, déi schonn iwwer sechs Joer um Geriicht schleeft, a mer hoffen op en Enn am Joer 2009. 118.977 Euro sinn hei virgesinn.

D'Erweiderung vum Haff hanner dem Heintz-Haus gëtt endlech fäerdeg gemaach. 40.000 Euro stinn am Budget fir de Belag an den Zonk. E PAP ass virgesi fir 2009 iwwer dee ganzen „Ilôt" vun derm Heintz-Haus an der rue de la Liberté, fir datt mer och an deem Dossier weider kommen, well dëst ass keng schéi Visitëkaart fir eis Gemeng. 50.000 Euro sinn heifir virgesinn. Eng Zomm, déi awer mat engem anerer Projet ze deelen ass, op deen ech nach wäert agoen.

520.000 Euro stinn am Budget fir d'Kafe vun eise Part am „Centre psychogériatrique". Do ginn d'Aarbechte gutt weider, esou datt déi Sue musse bereet stoen.

Am Stadhaus ass déi éischt Phas vun der „mise en conformité" am ale Gebai an der Aarbecht. Mer hu fir 2009 nach 650.000 Euro virgesi fir déi Aarbechten um 1. an um 2. Stack ze realiséieren. Et wäerten nach e puer Méint schwéier Aarbechte gi bis mer eise Bierger an eise Mataarbechter d'Geleeënheet bidde kënnen, sech an engem moderne Kader ze beweegen.

Ech maache just eng Klammer op fir e Projet, dee mer um Häerz läit. Mer sinn a Gespréicher mam Familljeministère – mat dem Departement Solidaritéit – fir Opfangstrukture fir Leit, déi an Nout sinn, an eiser Gemeng ze realiséieren. Mer hu Kontakt opgeholl nodeems mer als Gemeng e Bréif vum zoustännege Ministère kruten, deen en Opruff gemaach huet fir d'Bereetstelle vun esou Wunnengen. Mer hunn an eiser Gemeng keng esou kleng Studioe fir déi Leit ze logéieren. D'Nofro heifir ass awer net vun der Hand ze weisen. Déi Wunnenge solle während eng festgeluegter Zäit dëse Leit zur Verfügung gestallt ginn. An dat géint d'Bezuele vun engem ugepasste Loyer, fir datt se aus enger ongënschteger, sozialer oder finanzieller Phas nees erauskommen. Zum Beispill eng eleng erzéiend Persoun, déi aus bestëmmte Grënn net méi kann an hirer Wunneng bleiwen oder eng jonk Persoun, déi doheem Problemer huet. Mer sinn do a Gespréicher fir dëst mat engem Partner ze realiséieren. Esou bal mer an de Verhandlunge weiderkomm sinn, gitt der ganz genee doriwwer informéiert.

D'Kierch zu Péiteng kritt bannendran en neien Ustrach. Dat wäert d'Gemeng ëm déi 115.000 Euro kaschten.

Projeten zu Rodange

D'Paesch-Schoul ass fäerdeg an ageweit. Dee flotten an zweckméissegen Neibau ass scho méi laang a Betrib. Nei Diren, déi den heitegen Normen ugepasst sinn, hunn d'Schoulsäll kritt, an am alen Deel vun der Schoul sinn och nei Vitrinen installéiert ginn. De Schoulhaff vun dëser Schoul, deen éischten als Pilotprojet gefouerten Naturschoulhaff an eiser Gemeng, ass an Zesummenaarbecht mat dem Léierpersonal realiséiert ginn. D'Zommen aus dem rektifizéierte Budget fir d'Erweiderung an d'„mise en conformité" erginn 390.564 an 450.000 Euro. Den Dekont kann elo 2009 gemaach ginn.

D'Aarbechten an der Neiwiss-Schoul ginn an déi zweet Phas. 1,3 Milliounen Euro sinn am Budget virgesi fir dës Aarbechten ofzeschléissen. Wa mer dee Projet fäerdeg hunn, steet eise Kanner mat der Neiwiss-Schoul eng zousätzlech vergréissert a moderniséiert konform Struktur zur Verfügung. Den Turnsall ass a Klassesäll ëmgebaut ginn, en neie Konferenzsall ass entstanen, den Daach ass gehoff an ausgebaut ginn, wat mat sech bréngt, datt mer weider nei Säll geschaf hunn. Compartimentagen, wéi vum Ministère virgeschriwwen, sinn agebaut. Am Sous-sol komme Bastelraim an zousätzlech e multifonctionnelle Raum derbäi. Neie Miwwel ass fir dës Schoul 2009 an 2010 virgesinn. Datt dës Aarbechten och Inconveniante fir de Schoulbetrib hunn, dat wosste mer. Déi grouss Aarbechte ginn dofir an d'Vakanze geluecht a mer hoffe fir d'Rentrée 2009-2010 alles ofgeschloss ze hunn, wat d'Gebai betrëfft.

De Schoulhaff verbleift nach no dem Ëmbau iwwereg fir moderniséiert ze ginn. Do musse mer Récksprooch huele mat dem Léierpersonal fir e Plang auszeschaffen. Am Budget 2010 wäerte mer dann esou e Punkt erëmfannen.

De Schantje fir déi nei Fräizäitzone bei der Sportshal an der Neiwiss-Schoul sollt schonn an der Aarbecht sinn. Duerch eng konfus Situatioun war de Projet an de Ministère geschéckt gi fir en Accord iwwer d'Sécherheet ze kréien. Dësen Accord muss awer just fir d'Schoulhäff ugefrot ginn. Doduerch ass e Retard entstanen. Duerch déi

ablécklech ongënschteg Wiederperiod gëtt dëse Schantjen no der Chrëscht-vakanz an Ugréff geholl. Mir hoffen, bis spéitstens Päischten dës Spillplaz ze realiséieren, esou datt vun de Summerméint un d'Kanner vu Rodange – vun der Maison Relais an vun der Villa Bambi – erëm eng Spillplaz zur Verfügung hunn. Léierpersounen, Educatricen aus der Maison Relais an aus der Villa Bambi konnten hiren Avis dozou ofginn. 450.000 Euro si fir dës Zone virgesinn.

Nach eng Informatioun fir iech matzedeelen, datt mer a Gespréicher si fir zu Rodange um Site vum aktuelle Précoce an der aler „Maison du Tiers Monde" en neie Projet mat engem Partner ze realiséieren. En neien zäitgeméisse Précoce soll do gebaut ginn, genee wéi zu Péiteng. Wunnenge fir eeler Leit sollen an deem selwechte Gebai integréiert ginn. Déi eeler Leit sollen no bei engem Zentrum, wou déi Geschäfter sinn, déi gebraucht ginn, net wäit vun enger Fräizäitzone a vun engem Park kënne wunnen. Mir informéieren eech méi präzis an nächster Zukunft.

Mer sinn och a Verhandlunge fir eng „structure d'accueil touristique" am Kader vun den „Jugend- und Familiengasthäuser ", déi eventuell soll zu Rodange entstoen. Och eng „affaire à suivre".

De Kulturcenter zu Rodange kritt eng nei Fassad, wat scho méi eng laang Zäit am Raum steet a wat eis 84.000 Euro kascht. D'Alentoure musse spéiderhin och nei iwwerduecht ginn.

Am ale Park zu Rodange ass d'Beliichtung verbessert ginn. 2009 wäerten eis Gäertner dëse Park nei beplanzen. Bänke sollen opgestallt ginn, d'Weeër, déi a kengem gudden Zoustand méi sinn, mussen egaliséiert ginn.

Projeten zu Rolleng

D'Verschéinerung vum Zentrum vun der Uertschaft mat dem neien Amphitheater op dem Square François Ney ass esou wäit ofgeschloss. D'Vergréisserung an d'Erneierung vum Schoulhaff – dee ganzen Areal, deen direkt un d'Spillplaz grenzt – soll eise Kanner an der Paus an och an hirer Fräizäit d'Geleeënheet ginn, dovunner fir hir Spiller ze profitéieren. Déi nei Plaz mam Amphitheater soll och eis Veräiner motivéieren, do am Zentrum vu Rolleng Aktivitéiten ze organiséieren. An der rue de l'Ecole sinn zousätzlech Parkplazen entstanen, déi och vu Virdeel bei Begriefnesser sinn. Dat Ganzt huet och säi Käschtepunkt. 535.000 Euro hate mer 2008 autoriséiert. Do ass och den Dekont ze maachen.

Mer hu bei verschiddene vun eise Wunnenge fir eeler Leit eng nei a propper Fassad gemaach. 2009 stinn nees 35.000 Euro am Budget fir déi nächst Fassaden an Ugréff ze huelen.

An der Schoul selwer hunn eis Usträicher an Elektriker, zesumme mam Portier, an de Schoulvakanzen Erneierungsaarbechte gemaach. Mer wäerten an den nächste Joeren no dësem Schema weiderfueren. Net nëmmen zu Rolleng, mer maachen dat och an deenen anere Schoulen.

Gréisser Aarbechten ewéi den Ausbau vun der Primärschoul zu Rolleng musse fir déi nächst Jore programméiert ginn. D'Uertschaft Rolleng vergréissert sech lafend, a mer mussen do un neien zousätzleche Schoulraum denken, genee wéi un d'Strukture fir d'Chèque-Repasen.

Sou, dëst ware vu menger Säit aus déi Haaptpunkte fir d'Joer 2009 aus menge Ressorten. Net ze vergiessen natierlech déi alldeeglech Aarbechten an d'Iwwerraschungen, déi fir eis an eis Mataarbechter ufalen.

Ech wënsche mer, datt mer vun dësen opgelëschte Projeten esou e grousse Prozentsaz wéi méiglech dat nächst Joer kënne realiséieren, datt mer gutt kéinte weiderkommen am Plangen, an datt mer net zevill Retarde kréien, mat deenen awer ëmmer muss gerechent ginn duerch Ursaachen, déi leider net viraus ze gesi waren.

Wa mer mat dësem Tempo virukommen an der Philosophie, déi mer fir eis Gemeng hunn, dann ass eng nohalteg Moderniséierung a Liewensqualitéit fir eis Matbierger eng gräifbar no Realitéit.

Gilbert Welter, Schäffen:

Dir Dammen an Hären. Hei ass meng Presentatioun vum Budget rectifié 2008 a vum Budgetsprojet 2009 wat meng Ressorte ubelaangt. Ech fänke mat deene grousse Projeten un.

D'Konstruktioun vum nationale Keelenzentrum mat enger Tennishal zu Péiteng. De Vote vum definitive Projet iwwer eng Zomm vun 7,4 Milliounen Euro hu mer an der Gemengerotssëtzung vum 25. Juli 2008 geholl. Zanter dem 27. November 2008 leie sämtlech Autorisatioune vir. Des Weideren hu mer d'Konfirmatioun vun engem Statssubsid iwwer eng Zomm vun 3,2 Milliounen Euro.

Mir verbrauchen dëst Joer ongeféier 250.000 Euro an hunn den Artikel 4/0833/2123/001 am rektifizéierte Budget ëm 60.000 Euro erofgesat. Fir de Bau vum nationale Keelenzentrum unzefänken hu mer fir 2009 eng Milliioun Euro agedroen. Wat d'Recetten ugeet, esou erwaarde mer eis fir 2009 eng éischt Tranche Statssubside vun 576.000 Euro. Déi ganz Konstruktioun soll dann och wéi virgesi fir 2011 fäerdeg gestallt sinn.

Déi Péitenger Schwämm.

Déi wichteg Aarbechte fir d'„mise en conformité" vun eiser Péitenger Schwämm hunn de September 2008 ugefaangen. Mir hunn den definitive Projet iwwer eng Zomm vun 4,95 Milliounen Euro den 14. Dezember 2007 gestëmmt. D'Haaptaarbechte sinn en neien Daach, d'Fassad, d'Heizung, d'Elektresch, d'Entlüftung an d'Filteren. Nei ass, datt de Betong ënner de Plättercher morsch ass, esou datt d'Plättercher eraus mussen an eng gréisser Ausgab wäert op eis duerkommen. Mir wëllen eech dofir den 12. Dezember en Devis virleeë fir e Becken am Inox ze installéieren, esou datt mer elo Devisen hu fir 6,2 Milliounen Euro.

Rechnungen, déi 2008 bezuelt wäerte ginn, belafe sech op 1.405.635 Euro. Fir 2009 hu mer 3,2 Milliounen Euro virgesinn. Dës Zomme stinn am Artikel 4/0834/2123 bei den ausseruerdentlechen Ausgaben. D'Statshëllef läit bei 30%. Mir hunn een Deel dovunner an den ausseruerdentleche Recetten, an zwar fir 2008 e Subsid vun 460.350 Euro a fir d'Joer 2009 sinn 1.024.650 Euro virgesinn.

Well d'Schwämm e ganzt Joer zou bleift hu mer fir 2009 am uerdentlechen Deel keng Recette virgesinn an och d'Ausgaben op Null erofgesat, mat der Ausnam vun enger klenger Zomm fir d'Elektresch (15.600 Euro).

De Grand Bis

Am Ëmweltministère gouf entscheet, datt mer iwwer den Ensemble vum Terrain Buedemprouwen huele mussen. Fir de Projet Brand Bis virunzedreiwen hate mer viru kuerzem eng Reunioun mat dem Ëmweltministère a mam Büro SolEtude, deen den Optrag krut fir ze rechnen, wat d'Sanéierung vum verknaschte Site kaschte kéint. D'Resultat ass, datt, falls de Site nees an säin urspréngleche Zoustand gesat géif ginn, mer bei enger Entsuergung vun 181.000 m^3 Buedem, respektiv 326.000 Tonne géif leien, eng Operatioun, déi eis zech Milliounen Euro géif kaschten.

Well de Wirtschaftministère dës Industriezon och wëll, si mer amgaang, déi zwee Ministèren un een Dësch ze kréie fir weider iwwer d'Prozeduren a

Léisungen ze diskutéieren an esou eng Entscheedung op den Dësch ze kréien, mat däer jiddereen zefridden ass. An der Tëschenzäit hu mer am rektifizéierte Budget 2008 esou wéi am Budget 2009 eng Zomm vun 100.000 Euro agedroe fir déi aktuell Käschten ze decken.

Ëmwelt

Mir hunn am Syndikat SIDOR den 10. November 2008 d'Konte vun 2008 an de Budget 2009 guttgeheescht. Déi eenzel Tariffer fir d'Entsuerge vum Offall änneren net, esou datt mer an den Ausgaben eng Zomm vun 390.000 Euro fir 2008 an 395.000 Euro fir 2009 virgesinn hunn. Bleift nach ze soen, datt de Syndikat SIDOR jo eng nei Anlag kritt fir de Präis vun 100 Milliounen Euro. De Finanzement geschitt duerch d'Reserven, déi do si well Amortissementer virgeholl goufen, an duerch d'Statshëllefen. D'Gemenge ginn net belaascht. Am Fall wou déi Amortissementer awer net gemaach gi wieren, hätt eis Gemeng 2009 en Deel vun 91 Euro pro Awunner ze bezuele kritt. An anere Wierder: eng Zomm vun 1,4 Milliounen Euro.

Beim Gesamtartikel 2/0734 vun der Taxe „Enlèvement des ordures“ hu mer Recette fir 2009 fir 1.697.300 Euro virgesinn. Deem géintiwwer stinn an de Gesamtausgaben – Artikel 3/0734 – 1.715.697 Euro. Ënner dem Strëch e liichte Malus vun 18.397 Euro. Dës Differenz ass net héich genuch fir datt mer an dëse schlechten Zäiten eng Präiserhéijung vun eiser Taxe „Enlèvement des ordures“ virhuele géifen.

Opgronn vun der Flexibilitéit an der gudder Aarbecht vun eisem Ëmweltdepartement konnte mer de Präisverfall vum Pabeier, Kartong a Plastik, deen d'Finanzkris mat sech bruecht huet, am leschte Moment an den Ausgaben-Artikelen 3/0734/6173 eropsetzen, an d'„Reprise de matériaux récyclables“ an de Recetten erofsetzen (2/0734/7012/005).

Interessant ass awer och festzehalen, datt mer iwwer d'Konventioun mat der Valorlux eng Recette vun ëm déi 65.000 Euro fir 2008 an 2009 erakréie wäerten, anerefalls de Malus méi déck ausgefall wier. D'Asammele vum PMC huet säin Erfolleg a gëtt vun alle Säite positiv bewäert.

D'Loftqualitéit

Eng weider Ausgab vun 27.000 Euro steet am extraordinäre Budget fir d'Diagnostik vun der Loftqualitéit. Mir hu mam Dr. Jacques Mersch, en Toxikolog, e weideren Accord fir 2009, an et goufen dräi Akzenter gesat:

1. Eis Miessunge vum Geméis bleiwen onverännert a sinn zu Rodange dräi Mol tëscht de Méint Juli an November. D'Analysen op de Molybden an op de Bläigehalt gi bei ongewäschtenem a gewäschtem Geméis virgeholl.
2. Et läit op der Hand, datt mer speziell en An op d'SLR wäerfen am Fall wou si am Joer 2009 all déi Konditiounen erfëllen, déi néideg sinn, a mat dem Ofbau vum Crassier zu Rodange ufänke sollten.
3. Nodeems mer ouni Ënnerbriechung 10 Joer laang (vun 2000 bis 2009) e „Plan de surveillance“ opgestallt hunn, wëlle mer e Gesamtbilan zéien a feststellen, ob mer eis Strategie confirméieren oder eis Orientatioun vum Suivi reorganiséieren. D'Ofstëmmung vum Devis steet op der Dagesuerdnung vum Gemengerot vum 12. Dezember 2008.

SLR

Interessant ass, datt mer déi éischte Kéier zanter dem Joer 2000 näischt an den extraordinären Ausgabe bei der „Société Lorraine de Révalorisation“ (SLR) fir 2009 stoen hunn. Dësen Dossier huet eis iwwer all déi Joren 230.000 Euro kascht. Eis Doléance goufen dëst Joer vum Geriicht definitiv unerkannt, esou datt mer zesumme mat der Biergerinitiativ dësen Dossier ofschléisse konnten.

Mir hunn dem Direkter säin Accord fir de Site hanner der Grenz zu Rodange op franséischer Säit ze besiichtegen. Zesumme mat dem Gemengerot, der Ëmweltkommissioun an der Exekutiv vun der Biergerinitiativ solle mer eis e Bild maachen iwwer déi villfälteg Ëmweltinvestissementer, esou d'Wierder vum Direkter vun der SLR. Mir wäerten dës Offer unhuelen an deem Moment, wou mer gewuer ginn, datt et mat der Exploitatioun vum Crassier zu Rodange lass geet.

Eis Bëscher

Mir hunn an den extraordinären Ausgaben an och Recetten eng Zomm vun 78.000 Euro stoen, dëst fir e klengt Stéck Bësch hirzestellen, dat tëscht der rue du Bois zu Péiteng an dem Lénger Bësch läit. Eng Aarbecht, déi zu 100% vum Stat subsidiéiert gëtt. Mir hunn e mëndlechen Accord mam Besëtzer fir déi Parzell, déi mer brauchen, duerch en Tauschgeschäft ze kréien, esou datt 2009 d'Aarbechte lass kënne goen. Dës Aarbechte sinn, laut „Plan de gestion“ 2009, deen zesumme mat der „Administration des Eaux et Forêts“ opgestallt gouf, néideg, fir datt de Fierschter mat senge Leit d'Holz duerch eis Bëscher erauszéie kann. Am Moment gëtt d'Holz iwwer de belschen Territoire erausgefouert.

Péitenger Êmweltdiplom

De Péitenger Ëmweltdiplom fir d'Schoulkanner war no der Testversioun vun 2007 och 2008 e groussen Erfolleg. D'Kanner kreativ matschaffe loosse bei Aktiounen, déi iwwer d'ganzt Joer verdeelt sinn, an hinnen esou d'Ëmwelt méi no ze brénge schéngt mer méi wichteg ze sinn ewéi Ausstellungen ze organiséieren, déi deier kaschten a wéineg Erfolleg ze verzeechnen hunn. De Péitenger Ëmweltdiplom fir d'Schoulkanner huet dann och fir déi nächst Joren an eisem Programm säi feste Bestand.

Och aner Organisatioune si virgesinn, ewéi den Dag ouni Auto, deen dëst Joer hei zu Péiteng e flotte Succès kannt huet, an dee mer zesumme mat eisen 4 Nopeschgemengen all Joer nei organiséieren.

Dann d'„Frais d'études“ fir d'Commodo-Incommodo-Dossieren, de Mérite am Beräich vun der Ëmwelt.

All dës Onkäschten hu mer am Artikel 3/0730/6170 als „Frais divers de fonctionnement“ vun eisem Ëmweltdepartement mat 25.000 Euro fir 2009 agedroen.

Sicona

Den Aktiounsprogramm fir d'Joer 2009 vun der Sicona läit eis vir. Mir hunn Aarbechte virgesi fir 50.000 Euro. Am Artikel 3/0730/6158 stinn ewéi all Joer 35.000 Euro. D'Differenz vun 15.000 Euro ass deen Deel vum Stat senger Participatioun un de Käschten, déi mat an d'Aarbechten integréiert gëtt. Aus deem Grond wäert bei de Recetten am Artikel 2/0730/7620 d'Zomm fir 2009 op Null bleiwen. D'Approbatioun vun den Aarbechten, de Plang an den Devis kommen an d'Sëtzung vum 12. Dezember.

Minett-Kompostanlag

De Bau vun enger neier Gärunsanlag, déi de Comité vum Syndikat den 21. November 2007 décidéiert huet, kascht 4.050.000 Euro. Laut Schlësselverdeelung falen op d'Péitenger Gemeng 340.000 Euro.

Als extra Ausgab hu mer fir 2008 en éischte Beitrag fir déi nei Anlag vun 123.741 Euro bezuelt. Dir fannt d'Ausgab ënner dem Artikel 4/0734/2470/002. Dësen Artikel gouf fir 2009 op Null gesat. D'Syndikat hëlt e Bankkredit op, esou datt mer vun hinnen eis Participatioun vum

Remboursement matgedeelt kréien. Op Ofsprooch mam Syndikat hu mer fir 2009 an den extraordinären Ausgaben 14.000 Euro fir de Remboursement vu Kapital an Zënse virgesinn (Artikel 4/0734/6131/001 an 002). Eis Participatioun un den „Frais d'exploitation" fir d'Offäll vum Recycling-center, déi gréng Dreckskëscht an d'Offäll vun eise Gemengenservicer beleeft sech wéi schonn 2008 op 198.000 Euro (Artikel 3/0734/6391).

Drëttwelt-Hëllef an Naturkatastrofen

Als Klimabündnisgemeng erfëlle mer och d'nächst Joer eise Bäitrag fir d'Drëttwelthëllef an Naturkatastrofen, esou wéi dat och vun der Regierung promovéiert gëtt. 30.000 Euro sinn am Artikel 3/0650/6345 fir d'Drëttwelthëllef am Joer 2009 virgesinn. Am rektifizéierte Budget 2008 gouf d'Zomm op 24.000 Euro reduzéiert well d'Hëllef fir Haiti méi e klenge Projet war an eis just 15.000 Euro kascht huet. Fir d'Hëllef bei Naturkatastrofen hu mer 7.500 Euro virgesinn.

Primen am Energieberäich respektiv bei erneierbaren Energien

Am Interesse vum Naturschutz hu mer am Schäfferot vum 17. Oktober 2008 entscheet, d'Primen am Energieberäich nei ze definéieren. Laut Propositioun vum Klimabündnis Lëtzebuerg hu mer op der Basis vun de Statshëllefen eng Revisioun vun eise Prime gemaach. D'Zomm fir dës Prime gouf fir 2009 vun 12.500 Euro op 30.000 Euro eropgesat. Den Detail kritt Dir an der Gemenge-rotssëtzung vum 12. Dezember.

Naturstroum: eis sämtlech Gebaier an Anlage profitéiere vun der Liwwerung vum Oekostroum. Mir hunn d'Liwwerung vum Naturstroum echelonnéiert, an zwar mat 25% Erhéijung pro Joer. 2009 si mer bei 50% Naturstroum ukomme, 2011 bei 100%. Mir hunn eis verschidde Stroumartikelen deementspriechend ugepasst. Eisen „Service technique" mat den Elektriker notzen déi nei Energiespuer-méiglechkeete voll aus. Esou sinn eng Rei Stroossen ewéi d'Jos Moscardo Strooss mat neien 70-Watt Energie-spuerbieren amplaz mat deenen alen 150-Watt Bieren équipéiert. Eng Rei Armature si gewiesselt ginn. Eis Luuchten op de Kräizunge verbrauchen nach en Aachtel vun deem, wat virdru verbraucht ginn ass. D'Zil ass et, fir de Kilowatt-Stonneverbrauch am Laf vun deenen nächsten zwee Joer ëm 50% ze reduzéieren.

All déi aner Ëmweltaktiounen, déi 2008 organiséiert goufen, an déi ech net opgezielt hunn, fannen och 2009 nees statt, esou wéi d'Fréijoersbotz, d'Fräschen- a Moukenaktioun, d'Flëntermais, d'Korksammlung, den Dag vum Bam, d'Beemplanzen an der Gemeng, an esou weider.

De Sport

Esou wéi d'lescht Joer war och dëse Summer miserabel, an déi erhofften Entréeën an der Rodanger Schwämm am Laf vun der Schoulvakanz konnten net erreecht ginn. Wann op aner Plazen am Land déi oppe Schwämme praktesch keng Recetten haten, esou hue mer duerch de mobilen Daach besser ofgeschnidden an awer am rektifizéierte Budget 2008 d'Entrées-ecetten, déi op 400.000 Euro geschat waren, op 352.000 Euro erofgesat. An der Hoffnung op eng besser Saison hu mer fir 2009 eng Zomm vun 370.000 Euro virgesinn. Et läit op der Hand, datt mer och d'Recette vun der Buvette am rektifizéierte Budget 2008 ëm 8.500 Euro gekierzt an op 80.000 Euro erofgesat hunn. Fir 2009 stinn 85.000 Euro am Budget.

Am Géigesaz dozou ginn eis Recette vun den Automaten, wou mer jo prozentual bedeelegt sinn, liicht awer regelméisseg erop. Fir 2009 sinn 27.000 Euro virgesinn. Och eis Sauna huet ënner der schlechter Saison gelidden, esou datt mer fir 2008 wéi virgesinn 36.000 Euro erakréien, a fir 2009 rechne mer mat 37.000 Euro. Eis Coursen am PiKo si gutt besicht, esou datt mer och hei fir 2008 mat Recette vun 30.000 Euro rechnen, a fir 2009 eng Steigerung wëllen duerch d'Aféiere vun Aquabike-Coursen. Et sinn 35.000 Euro virgesinn.

De Waasser-, Gas- an Elektrizitéits-verbrauch huet wéineg geännert. Och fir d'Ënnerhaltsaarbechten, d'Botzen an d'Sécherheet sti méi oder wéineger déi selwecht Chifferen ewéi d'lescht Joer am Budget. Bei de Revisiouns-aarbechten an der Chrëschtwoch gëtt och no dem Inox-Basseng gekuckt. Et gëtt eng kleng Korrektur virgeholl, well en sech op enger Plaz liicht gesat huet, an doduerch de Waasserlaf net zu 100% fonctionnéiert huet. An der Pataugeoire vum PiKo gëtt eng nei Bâche-Tampon-Anlag installéiert, déi et erméiglecht, méi Kanner opzehuelen an awer d'Waasserqualitéit net ze beaflossen. Mer hunn am Ableck de Problem, datt d'Pataugeoire dacks fir en halwen Dag wéinst der schlechter Waasserqualitéit zougemaach gëtt. An den extraordinären Ausgabe sinn 40.000 Euro agesat. De Vote vum Devis kënnt den 12. Dezember an de Gemengerot.

Am Sous-sol gouf festgestallt, datt eng Entlüftung installéiert muss ginn. Mir hu laut Devis heifir 15.000 Euro virgesinn. Och dëse Punkt steet den 12. Dezember op der Dagesuerdnung.

Eis Schoulklassen an eis Sportveräiner profitéieren a si begeeschtert vun der neier Sportshal zu Rodange. Déi nächst Etapp ass d'Realisatioun vum syntheteschen Terrain mat den Alentouren nieft eiser Sportshal. Mir presentéieren Eech an der Sëtzung vum 12. Dezember 2008 en adaptéierten Devis iwwer 1,1 Milliounen Euro. Mir fänken 2009 mat den Aarbechte vum syntheteschen Terrain un. An den extraordinären Ausgaben hu mer am rektifizéierte Budget fir 2008 150.000 Euro stoen, an am Budget fir 2009 de Rescht, also 950.000 Euro. An den extraordinäre Recette steet de Subsid vum Stat iwwer 245.000 Euro.

Am Mäerz 2009 ginn dann och déi nei Maste mat der Beliichtung um Jos Philippart-Terrain installéiert. Dat Ganzt kascht laut Devis 225.000 Euro. Mir hunn an den extraordinären Ausgabe fir 2008 20.000 Euro stoen, de Rescht, also 205.000 Euro, steet am Budget 2009. Mir kréien dës Aarbechte mat 25% Statshëllefe subventionéiert. An den extraordinäre Recetten hu mer fir d'Beliichtung vum Jos. Philippart-Terrain eng Quote-Part vum Stat vun 56.250 Euro virgesinn.

Eng kleng, awer wichteg Zomm vun 5.000 Euro hu mer an den Ausgabe fir den Ënnerhalt vun eise Vëlospiste virgesinn. Eis Vëlospiste sollen iwwer d'Belsch an de Frankräich weiderge-fouert ginn. En Dossier, deen am Transfrontalier preparéiert gëtt. De Stat iwwerhëlt dës Ausgab zu 100%. Si steet also och an de Recetten.

3. Alter

Wann d'Gemeng sech net finanziell um Ausbau vun dem Fleegeheem Saint-Joseph ze bedeelege brauch, esou ass dësen Ausbau fir eis Gemeng dach ganz wichteg. Wann dës nei Raimlech-keeten zur Verfügung stinn, da wäert och de Réibau vum Hotel Senior op der Place de la Libération zu Péiteng fäerdeg gestallt sinn. Eng gutt Virauss-etzung fir eis eeler Matbierger.

Mir hëllefen och 2009 eise Senioren an ënnerstëtzen si mat dësen Aktivitéiten:

Help an Hëllef doheem, zwou Associatiounen, déi hire Sëtz an eise Gemengegebaier hunn.

D'Geschierkëscht vum CIGL, déi eisen eelere Matbierger déi Aarbechte mécht, déi si net méi gemaach kréien ewéi Fléckaarbechten, Gaardenaarbechten, an esou weider.

Mär bidden zwee weider Servicer un, an zwar Sécher doheem mat der Télé-Assistance. Hei hu mer 60.000 Euro am

Budget 2009 fir d'Iwwerhuele vun den Installatiounskäschte vum Téléalarm.

De Repas sur roues, beleeft sech global am Ausgabeberäich op 266.000 Euro. An dëser Zomm sinn d'Peie vum Personal – 150.000 Euro – abegraff. Mir hu fir 2009 Recette virgesinn - se leie bei 8 Euro pro Iessen – an der Héicht vun 144.000 Euro.

Ausser enger ganzer Rei Seniore-veräiner aus eiser Gemeng, déi mer duerch e Subsid ënnerstëtzen, an deene mer Raimlechkeeten zur Verfügung stellen, hu mer och eng finanziell Participatioun als Gemeng beim Club Senior Prënzebierg. Dës Associatioun huet e groussen, diversifizéierten Aktivitéitsprogramm, deen duerch eng Summer- a Wanterbroschür ëffentlech gemaach gëtt a wou eis Matbierger zu all Moment matmaache kënnen.

Fir d'Journée du grand âge 2009 ze organiséieren, hu mer nees 3.750 Euro virgesinn a fir d'Chrëschtmatinée mat de Pensionéierten, déi iwwer zwee Deeg leeft, eng Zomm vun 40.000 Euro.

Affaires économiques et classes moyennes

Als Member vum Sikor (Syndicat Kordall) si mat Hëllef vum President Roland Breyer nei Weeër gesicht ginn. Nei Industriezone sollen zesumme mat deenen anere Membergemenge vum Sikor zesummewuessen. Déi eng Zesummenaarbecht tëscht deenen eenzelne Gemengen aus dem Kordall soll eng nei Entwécklung vun eisen Industrie- an Handelszone mat sech bréngen.

Déi kleng a mëttelgrouss Betriber op franséischer a belscher Säit hunn e „Comité d'entreprise“, dee regelméisseg zesummekënnt an esou nei Iddie fir d'Zukunft développéiert. Esou e Comité ass och amgaangen iwwer de Wee vum Sikor op d'Bee gestallt ze ginn. Et ass virgesinn, datt dëse Comité da mat de belschen a franséische Confrère Meetingen ofhält a sech beréit. Nei Iddien, Problemer zesumme léisen, dat kéint esou och eiser Gemeng zegutt kommen.

Handicap

Ech kommen zum Schluss, wollt awer nach ee Wuert iwwer den Handicap verléieren. Eise Service Publications et Communication huet eng flott Broschür erausginn, wou een dran erëmfënnt, wat alles a leschter Zäit fir eis behënnert Matbierger geleescht ginn ass. Dës Aktioune lafe weider, virun allem d'Aktioun fir d'Trëttoire bei de Stroossekräizungen dem Rollstull unzepassen.

Dir Dammen, Dir Hären, ech soen Eech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Séance publique du 8 décembre 2008

Durée de la séance: *14.00 à 18.40 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP) (à partir du point 7)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Gilbert Welter, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Roger Klein, conseiller (LSAP) (jusqu'au point 6 inclus)
	Albert Muller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance secrète

1. Indigénat: demande en obtention de la nationalité luxembourgeoise - avis.

Séance publique

2. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
3. Administration générale
   - 3.1. Commission des loyers: nouvelle formation - décision.
   - 3.2. « Klimabündnis Lëtzebuerg » - désignation d'un délégué suppléant - décision.
   - 3.3. Litige en matière de paiement d'une facture émise par l'administration communale: autorisation d'ester en justice - décision.

3.4. Décomptes de travaux extraordinaires
- 3.4.1. Remise en état du lavoir à Lamadelaine - approbation.
- 3.4.2. Aménagement d'une nouvelle aire de jeux à Rodange, rue Fontaine d'Olière - approbation.
- 3.4.3. Projet présenté par la Société Lorraine de Revalorisation (SLR) tendant à exploiter un crassier à Rodange -approbation.
- 3.4.4. Construction d'un hall polyvalent et amélioration des infrastructures sportives aux abords du stade Jos. Phillippart à Rodange - approbation du décompte provisoire.
- 3.4.5. Agrandissement des locaux existants au terrain du club de football « FC Titus » de Lamadelaine - approbation.
- 3.4.6. Travaux de reprofilage et renouvellement de la couche de roulement de diverses rues - approbation.
- 3.4.7. Installation d'un nouvel éclairage public au « SchwaarzeWee » à Pétange - approbation.

4. Propriétés:
   - 4.1. Echange, d'emprises sises à Rodange, rue du Clopp, avec la société Baldur S.A. d'Alzingen - approbation de l'acte.
   - 4.2. Cession, à la commune, d'une emprise sise à Rodange, rue du Clopp, par la société Area Promotions Immobilières s.à.rl. de Lamadelaine - approbation de l'acte.
   - 4.3. Vente, d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit « rue Nic. Biever », à M. Manuel Joaquim Da Silva Goncalves et Mme Ana de Fatima Sousa Moura de Rodange - approbation de l'acte.
   - 4.4. Acquisition, de la part de M. Robert Clees et Madame Marie Risch, de Michelbuch, de deux terrains-labours sis à Pétange, lieu-dit 'Hierschbierg' et 'Auf dem Galeh' - approbation de l'acte.
5. Enseignement: contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.
6. Prévisions sociales: organisation, par le Syndicat Intercommunal PRO-SUD, du service « Night Rider » dans la région Sud pour l'année 2009 - décision.
7. Urbanisation: convention « pacte logement » - approbation.
8. Sports et loisirs: piscine de Rodange: convention, avec la société Topsec Equipement de Vitry-sur-Seine (France), concernant le dépôt et l'exploitation d'un distributeur automatique d'articles de natation - approbation**.**
9. Budget rectifié de 2008 et projet de budget pour 2009 de l'administration communale: discussions et appréciations des conseillers communaux - réponses des membres du collège des bourgmestre et échevins.

COMPTE RENDU

2.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech hätt eng kuerz Matdeelung ze maachen. Beim Asammele vum Müll hu mer e klenge Changement virgeholl, an zwar betrëfft et déi gréng Dreckskëscht. Bis elo war et esou, datt an de Wanterméint déi Dreckskëscht vun Dezember bis Mäerz nëmmen all 14 Deeg eidel gemaach ginn ass. Mir wëllen dat awer elo esou änneren, datt déi gréng Dreckskëscht all Woch eidel gemaach gëtt. An dat aus enger Rei vun Ursaachen. Déi éischt ass déi, datt eis Servicer, an dat sinn zwou Equipen, déi d'Collecte méindes maachen, Problemer hu well déi Dreckskëschte bis uewenhi gefëllt sinn, an och quasi vun all Mënsch ausgestallt ginn, an eis Leit doduerch mam Délai bal net méi erauskommen.

Et muss een och bedenken, datt mer den 1. Januar 2003 3.409 gréng Dreckskëschten haten, an elo, den 17. November 2008 bei 3.952 gréng Dreckskëschte leien. Dat sinn 543 Stéck weider.

Eng weider Ursaach ass och, datt ganz vill Iesswueren an deene gréngen Dreckskëschte sinn, a mer sinn der Meenung, datt déi net onbedéngt 14 Deeg an der grénger Dreckskëscht solle leie bleiwen. Eng drëtt Ursaach, déi mer och matgedeelt kritt hunn, ass déi, datt op engem Dag wéi haut, d'Dreckskëschte mueres fréi zougefruer sinn, a se deemno net eidel gemaach kënne ginn. Wann dann nëmmen all 14 Deeg eng Collecte ass, da géifen déi Dreckskëschten e ganze Mount laang stoe bleiwen.

Dofir si mer der Meenung, datt mer mat enger Collecte all Woch, eise Servicer op der enger Säit hëllefen, an op der anerer Säit d'Leit och net méi brauchen opzepasse watfir ee Méindeg am Mount agesammelt gëtt.

3.1.

Administration générale.

Commission des loyers: nouvelle formation – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir wësst, datt en neit Gesetz komm ass, den 21. September 2006. Do hu mer awer relativ laang miissten op d'Arrêtés grand-ducauxë waarden. Den Arrêté grand-ducal ass den 19. Februar 2008 geholl ginn, esou datt mer verschidden Ännerungen an der Zesummesetzung vun eiser Loyers-kommissioun hu miisste virhuelen.

Eng vun de wesentlechen Ännerungen huet doranner bestanen, datt et net nëmmen duergeet fir e Propriétaire als Haaptmember an als Remplacent vun der Kommissioun ze designéieren. Mir mussen och elo e Propriétaire-bailleur mat an eis Kommissioun huelen. Doduerch kënnen elo verschidde Leit, déi bis elo dobäi waren, an ëmmer eng gutt Aarbecht gemaach hunn, net méi an der Kommissioun sinn.

Op Gronn vun deenen neie Virschrëfte wollte mer dem Gemengerot haut eng Propositioun virleeë wéi déi Kommissioun sech kéint zesumme-setzen. Et géif och eng aner Sekretärin an der Kommissioun dobäikommen, bedéngt duerch eis Ëmännerungen, déi mer um Niveau vun eisem Service technique virgeholl hunn. D'Madame Myriam Müller, épouse De Felice géif als Sekretärin figuréieren. An der Kommissioun hätte mer de Jean Stracks als President, den Här Jean

Nau als Président suppléant, als effektiv Memberen den Här Alain Fil (bailleur) an d'Mme Lucie Koner-Serres (locataire). Als Suppléant proposéiere mer d'Mme Eliane Polfer-Koster (bailleur) an d'Mme Marie-Josée Louis-Faber (locataire).

Norbert Pierre (LSAP):

Esou wéi den Distriktskommissär schreift, solle wa méiglech fir de President a säi Suppléant Leit aus dem Gemengerot geholl ginn. An da soll och deen een dovunner Bailleur an deen anere Locataire sinn. An der Propositioun hei sinn dat awer zwee Propriétairen, a kee Locataire.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass esou, datt nieft deenen zwee ee Bailleur an ee Locataire an der Kommissioun vertruede musse sinn. An dat hu mer. Den Här Alain Fil ass Bailleur an d'Mme Lucie Kohner-Serres ass Locataire. Beim President, respektiv sengem Suppléant, ass net virgesinn, datt een dovunner muss Bailleur, respektiv Locataire sinn.

Richteg ass, datt een hätt kënnen e Member vum Gemengerot huelen. Mir sinn awer der Meenung, datt mer den Här Jean Stracks, deen dat elo zanter méi wéi 30 Joer gemaach huet, net sollen duerch e Member vum Gemengerot ersetzen. Wann den Här Jean Stracks dat awer eng Kéier net méi wëll maachen, da solle mer kucke fir e Member aus dem Gemengerot op dee Posten ze nennen.

Norbert Pierre (LSAP):

Meng Fro hat elo a kenger Form eppes mat der Persoun vum Här Stracks, oder mat senger Fonctioun als President ze dinn. Hie mécht déi Aarbecht scho gutt. Ech wollt just nëmmen drop hiweisen, datt den Distriktskommissär geschriwwen huet, datt et solle wa méiglech zwee Leit aus dem Gemengerot sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass scho richteg. Den Distriktskommissär huet eis awer och gesot, well et scho keng esou eng einfach Kommissioun ass, datt ee soll d'Continuitéit bäibehalen. Ech sinn awer der Meenung, datt mer eis sollen hei am Gremium Gedanke maache fir wann den Här Stracks dee Posten eng Kéier net méi wëll viruféieren. Well da wier et net schlecht wann ee sech aus dësem Krees géif dozou beruff fille fir dat ze iwwerhuelen.

Vote secret: les 13 bulletins trouvés dans l'urne renseignent tous la mention 'Oui'.

3.2.

Administration générale.

«Klimabündnis Lëtzebuerg» - désignation d'un délégué suppléant – décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

Den 29. September 2008 hu mer déi nei Konventioun vum Klimabündnis Lëtzebuerg approuvéiert. Et ass awer elo esou, datt laut Artikel 2 vun der neier Konventioun et obligatoresch ass fir net nëmmen en Délégué effectif am Klimabündins Lëtzebuerg ze hunn, mä och en Délégué suppléant. Dir wësst, datt ech den 21. Dezember 2005 als Délégué effectif an de Klimabündnis eragewielt si ginn. Et ass och esou, datt de Suppléant och muss e Member aus dem Gemengerot sinn. Mir wollten dofir eiser Meenung no dee richtege Mann fir dee Posten an der Persoun vum Romain Becker proposéieren.

Vote secret: les 13 bulletins trouvés dans l'urne renseignent tous la mention 'Oui'.

3.3.

Administration générale.

Litige en matière de paiement d'une facture émise par l'administration communale: autorisation d'ester en justice – décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hunn deen traurege Fait hei ze bemierken, datt eng Damm 34 Euro vun engem Ambulanzentransport vum 14. Abrëll 2008 net wëll bezuelen. Well mer eis do net eens gi sinn, hu mer miissten dat viru Geriicht droe fir déi 24 Euro ze kréien. Ech bedauere siichtlech, datt Leit eng Ambulanz an Usproch huelen an dann déi puer Euro, déi do ufalen, net wëlle bezuelen. A well mer eis dat net bidde loossen, wäerte mer fir déi 34 Euro streiden.

Accord à l'unanimité.

3.4.1.

Administration générale.

Décomptes de travaux extraordinaires: remise en état du lavoir à Lamadelaine – approbation.

Total des devis approuvés: 8.000,00 €
Total des crédits approuvés: 8.000,00 €
Total de la dépense effective: 6.739,67 €

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

De Wäschbuer zu Rolleng gouf d'lescht Joer nees an d'Rei gesat, an e gouf och schonn ageweit. Déi Aarbechte goufe vum CIGL vu Péiteng gemaach.

Camille Bosseler (CSV):

Ech begréissen, datt de Schäfferot mäin dauernden Asaz fir d'Erhale vun eisem Duerfpatrimoine erfëllt huet. Deen éischte Wäschbuer an der Tëtelbierg-Strooss ënner dem Buergermeeschter René Putzeys, duerno d'Véihtränk an der rue de la Fontaine an de Wäschbuer an der rue de la Montagne fir op Acker ënner dem Buergermeeschter Pierre Mellina. An et ass ëmsou méi ze begréissen, datt dee leschte Projet duerch den Objektif Plein Emploi realiséiert ginn ass.

Approbation à l'unanimité.

3.4.2.

Administration générale.

Décomptes de travaux extraordinaires: aménagement d'une nouvelle aire de jeux à Rodange, rue Fontaine d'Olière - approbation.

Total des devis approuvés: 24.254,72 €
Total des crédits approuvés: 25.000,00 €
Total de la dépense effective: 13.161,57 €

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dëse Projet gouf och vum CIGL ausgefouert. Et ass dëst e flotte Projet gewiescht, a mer konnten deen och scho bei der Aweiung begutachten.

Dëse Projet huet schlussendlech e gutt Stéck manner kascht wéi dat, wat mer virgesinn haten. An dat ass och kee Feeler, besonnesch, wann en duerno esou realiséiert ginn ass wéi mer eis dat virgestallt haten.

Guy Brecht (LSAP):

Zu de Spillplaze wollt ech emol am allgemenge froen, ob et stëmmt, datt mer e Spill kaf hunn, dat fir de Moment an eisen Ateliere steet, well et däermoosse grouss ass, datt et néierens kann opgeriicht ginn?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass e Spill, dat scho viru menger Zäit kaf ginn ass. Ech hu mer vun eise Gäertner soe gelooss, datt et déi Zäit kaf gi war fir op der neier Spillplaz beim ale Pompjeesbau opgeriicht ze ginn. An well dat Spill däermoosse héich ass, miisst ronderëm een esou ee grousse Sécherheetsradius ugeluegt gi fir - wann emol e Kand géif eroffalen - et sech näischt kann doen. Well do och

nach e Wee derlaanscht leeft, wier d'Spill anscheinend ze vill grouss an zevill breet fir kënnen opgeriicht ze ginn.

Mir kucke fir bei enger neier Spillplaz dat Spill kënnen opzeriichten, oder mer kucken, ob et méiglech ass fir et e wéineg ze kierzen, fir datt et net méi grad esou héich wier an et esou an Zukunft kënnen ze notzen. Well et ass schued, wa Spiller kaf gi fir se duerno leien ze loossen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et stëmmt effektiv, esou wéi d'Madame Conter et gesot huet, datt dat Spill do ass. Mir hunn eis awer och selwer verschidde Sécherheetsmesüre ginn. Well mer sinn am gaangen eis Spillplazen alleguerten ënner d'Lupp ze huelen, an zesumme mat engem Spezialist ze kucke watfir Sécherheetsmesüre mussen agehale ginn. Well bei de Spillplaze stelle mer fest, datt eigentlech keng Spillplaz, déi an deene leschten 20 Joer gebaut gi sinn, nach conforme sinn. Wéi ëmmer hu mer hei zu Lëtzebuerg relativ enk a strikt Regelen ze verfollegen. An dat ass wahrscheinlech och eng vun den Ursaache firwat datt dat Spill ni opgeriicht ginn ass. Ech sinn awer der Meenung, datt mer nach eng Plaz fanne fir dat Spill do opzeriichten. Well et kann net sinn, datt mer e Spill hunn, dat esou grouss ass, datt mer hei an der Gemeng keng Plaz méi hätte fir et opzeriichten.

Approbation à l'unanimité.

3.4.3.

Administration générale.

Décomptes de travaux extraordinaires: projet présenté par la Société Lorraine de Revalorisation (SLR) tendant à exploiter un crassier à Rodange - approbation.

Total des crédits approuvés: 236636,35 €
Total de la dépense effective: 230068,34 €

Gilbert Welter, Schäffen:

Mir si frou haut den Decompte iwwer d'SLR kënnen ze presentéieren. Mir sinn iwwer 9 Joer am gaange fir de Leit zu Rodange déi gewësse Sécherheet ze gi wat d'Loftqualitéit ubelaangt. Well bei deem Crassier, deen do sollt exploitéiert ginn, obschonns eng Autorisatioun virläit, ware mer awer der Meenung, datt eng ganz Rei Moossname sollte geholl ginn. An dofir si mer op d'Geriicht gaangen, an dir kennt den Dossier alleguerten. Mir hunn haut déi grouss Chance, datt mer kënne soen, datt deen Dossier definitiv ofgeschloss ass.

D'Dépense effective beleeft sech op 230.068,34 €, an an deem Chiffer sinn 2 Beträg enthalen, déi e bëssen erausgesprangen. Dat sinn haaptsächlech Affekotekäschte vun 154.729,39 €, an eis Frais d'expertise et d'étude an der Héicht vun 67.735,07 €, déi duerch den Oekoinstitut vun Darmstadt ausgefouert si ginn, an déi iwwer déi Joeren eng ganz gutt Aarbecht geleescht hunn.

Romain Becker (Déi Gréng):

An der Délibératioun geet net doraus ervir, firwat déi Suen dann effektiv gebraucht si ginn. Wann een d'Annexen net dobäikuckt, da gëtt een dat net gewuer. Et miisst op mannst ee Saz an der Délibératioun dobäistoen, firwat mer déi Sue verwäert hunn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir proposéiere fir nach e Saz an der Délibératioun bäizesetzen, datt déi Fonge gebraucht si gi fir 'frais de procédures judiciaires' an dësem Dossier ze assuréieren.

Approbation à l'unanimité.

3.4.4.

Administration générale.

Décomptes de travaux extraordinaires: construction d'un hall polyvalent et amélioration des infrastructures sportives aux abords du stade Jos. Philippart à Rodange – approbation du décompte provisoire.

Total des devis approuvés: 7.528.194,05 €
Total des crédits approuvés: 7.243.640,05 €
Total de la dépense effective: 6.339.450,32 €

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Hei hu mer elo en Décompte provisoire, dee mer dem Gemengerot awer wollte virleeën, well en am Kontext vun engem Projet ass, deen awer schonn eng gewëssen Zäit dauert. Ech erënneren drun, datt mer den 9. September 2002 déi definitiv Pläng vun deene ganzen Infrastrukturen - dat ass den Hal polyvalent zu Rodange, mat dem synthetesche Futtballterrain, mat der Strooss, déi haut Jos. Moscardo-Strooss heescht, mat de Parkplazen, mat der Tribune - zesumme mam Devis gestëmmt hunn. Mir hunn décidéiert, nodeem d'Sportshal fäerdeg war, an de Parking vis-à-vis an d'Strooss aménagéiert war, fir deen Artikel an zwee opzedeelen. Deen een Deel soll déi Partie, déi ech elo just genannt hunn, englobéieren, an deen aneren Deel soll déi restlech Aarbechten, déi 2009 uginn an déi sech iwwer 2 Joer wäerten erstrecken, beinhalten. Dat wieren de syntheteschen Terrain mam Parking donieft, plus Tribune mat dem Parking niewendrun, déi mer op den Artikel 4/0832/2163/003 gesat hunn. Doduerch kënne mer elo deen éischten Deel vun den Aarbechten, déi sech awer iwwer 7 bis 8 Joer erstreckt hunn, ofschléissen. Dat, wéi gesot, betrëfft den Hal polyvalent, de Parking vis-à-vis an d'Strooss 'Jos Moscardo'. Den Total fir déi Aarbechte beleeft sech op 6.339.450,32 €, wou ee soe kann, datt 11% dovunner fir d'Honoraire vun Architekten, Ingenieuren a Kontrollbüroe sinn, ronn 70% vun deene Sue fir d'Sportshal selwer sinn, an déi 19%, déi iwwereg bleiwe ware fir d'Strooss an de Parking. Et muss een awer nach soen, datt nach eng Diskussioun ass. Mir haten am Kader vun eisem Bordereau 'pénalités de retard' virgesinn, fir wann dee Chantier ze spéit géif fäerdeg ginn. An dee Chantier ass mat engem ganz groussen Délai ofgeschloss ginn, esou datt mer hinnen déi 'pénalités de retard' fir de Moment verrechent hunn, an déi och ofgehalen hunn. Mir schwätzen do vun engem Betrag vun 390.000 €. Mir sinn eis awer och bewosst, datt déi Sociétéit sécherlech wäert dorop reagéieren. Mir sinn eis awer bewosst, datt mer conforme zu deene Konditioune sinn, déi mer an eisem Bordereau festgehalen haten. Mir waarden elo emol of wat geschitt. De Courrier ass viru 14 Deeg erausgaangen, a mer hu bis elo nach keng Reaktioun vun der Firma kritt. Genee esou wéi mer all déi Zäit, wou mer se ëmmer erëm drop higewisen hunn datt se net conforme zum Bordereau wieren, och keng Reaktioun vun hinne kritt hunn.

Romain Becker (Déi Gréng):

De Verkéiersgaart, deen am Projet virgesi war, ass dee ganz vum Dësch, oder wat geschitt do? Gëtt nach dru geduecht, fir esou eppes do opzeriichten?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

De Verkéiersgaart gëtt an déi Spillplaz, déi bei d'Neiwiss-Schoul kënnt - dat ass jo e Projet vun 500.000 € - integréiert. Dat ass och esou mam Léierpersonal ofgeschwat.

Carlo Gira (CSV):

Ech wollt nach froen, wéi laang déi Sue kënnen an der Schwief bleiwen? An da wollt ech wëssen, ob schonn eng Kéier esou Penalitéiten ausgeschwat si ginn?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Nee, eigentlech net. Dat do ass e Wee, dee mer hei an der Gemeng fir d'alleréischt gaange sinn. Mir sinn awer

der Meenung, datt mir als Gemeng déi selwecht Rechter hu wéi am Privatsektor, an datt mer och kënnen drop halen, datt d'Aarbechten an deem Délai sollen ausgefouert gi wéi et virgesinn ass. Net datt jiddereen e bësse maache ka wat e wëll. An dofir si mer op dee Wee hei gaangen, a mer haten dat och an de Bordereau gesat. Mir hunn och dat esou, wéi et am Bordereau steet, applizéiert. Wéi dat awer elo ausgeet, muss een ofwaarden a kucke wéi d'Firma reagéiert. Wann d'Firma déi Saach elo acceptéiert, a wat se eigentlech och miisst acceptéiere well se déi Conditioune jo och guttgeheescht huet, dann ass deen Dossier direkt ofgeschloss. Wa se natierlech elo mengen, datt se musse geriichtlech dogéint virgoen, da wësse mer net wéi laang datt dat dauert bis d'Geriicht sech ausgeschwat huet. Mä mir si gudder Déng, a laut eiser Meenung ass dat dote conforme zu deem wat am Bordereau stoung.

Approbation à l'unanimité.

3.4.5.

Administration générale.

Décomptes de travaux extraordinaires: agrandissement des locaux existants au terrain du club de football «FC Titus» de Lamadelaine - approbation.

Total des devis approuvés: 146.000,00 €
Total des crédits approuvés: 195.000,00 €
Total de la dépense effective: 132.686,21 €

Gilbert Welter, Schäffen:

Dës Aarbechte si geleescht ginn tëscht de Joeren 2003 an 2008. D'Haaptbeträg bei de Käschte belafe sech op d'Gros Oeuvres, d'Fassad, den Dag deen deemools nei gemaach ginn ass, an den Aménagement vun engem Trainingsterrain.

Guy Brecht (LSAP):

Firwat sinn déi Hecken zur Säit vun de Beach-Terrainen esou massiv ofgedroe ginn?

Da wollt ech och nach drop hiweisen, datt deen Opfankdrot, dee beim ënnechte Goal steet, och eng Kéier miisst nogekuckt ginn. Well deen ass an engem schlechten Zoustand.

Gilbert Welter, Schäffen:

Mir loossen dat kontrolléieren. Mir sinn och regelméisseg mat deene Verantwortleche vum Titus-Terrain zesumme fir iwwer déi kleng Boboen, déi kënnen entstoen, ze kucken, a mer huelen deen Drot da mat an de Programm eran.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wat d'Hecken ugeet, esou kann ech mer virstellen, datt se am Programm ware fir gebotzt ze ginn. Well et sinn och verschidde Beem hanne mat ewechgeholl ginn. An déi Beem waren an engem schlechten Zoustand, an do hat de Gäertner zesumme mam Fierschter e Plang opgesat, esou datt mer do och den Accord krute fir dat ofzedroen.

Wat den Drot betrëfft, esou geet dat jo och an de Beräich 'Bâtiments' eran, an do sinn eis Leit am gaangen dee ganzen Areal vum Titus-Terrain nach eng Kéier ze kucken. Well do si jo och - esouwäit ech informéiert sinn - nach Fangnetzer vun de Goaler, déi mussen ersat ginn. An dat ass de Moment alles an der Maach.

Approbation à l'unanimité.

3.4.6.

Administration générale.

Décomptes de travaux extraordinaires: travaux de reprofilage et renouvellement de diverses rues - approbation.

Total des devis approuvés: 200.000,00 €
Total des crédits approuvés: 200.000,00 €
Total de la dépense effective: 168.304,71 €

Roland Breyer, Schäffen:

Bei deenen Aarbechte sollt de Schwaarzewee reprofiléiert ginn. Et huet sech awer dunn erwisen, datt d'Accotementer, déi laanscht déi privat Propriétéite ginn, an engem ganz schlechten Zoustand wieren. Doduerch hu mer en Deel vun den Aarbechten aus dem Devis erausgeholl. Déi Aarbechte ginn dann nogeholl, esoubal de Bouclage mat den Niewestroosse gemaach ass.

Approbation à l'unanimité.

3.4.7.

Administration générale.

Décomptes de travaux extraordinaires: installation d'un nouvel éclairage public au «Schwaarzewee» à Pétange - approbation.

Total des devis approuvés: 85.000,00 €
Total des crédits approuvés: 85.000,00 €
Total de la dépense effective: 71.209,78 €

Roland Breyer, Schäffen:

Nieft dem Reprofilage sinn am Schwaarzewee och Luuchten dohinner gesat ginn. Dat Ganzt fonctionnéiert jo och elo.

Jeannot Linden (LSAP):

Mat der Ausféierung vun dësen Aarbechte kann een nëmmen averstane sinn. Den Här Breyer hat eis jo och bei der Budgetspresentatioun gesot, datt nodréiglech elo Firmae komm si fir och nach Aarbechten ze maachen. Dofir fannen ech et gutt, datt elo den Décompte gemaach gëtt, an datt fir de Rescht vun den Aarbechten, déi nom Bouclage gemaach ginn, en neie Poste geschaf gëtt.

Roland Breyer, Schäffen:

Enn vun dëser Woch kënne mer dem Gemengerot e geneeën Devis virleeë wat de Bouclage kascht fir d'Waasserleitung dranzeleeën. An duerno kënnt dann den definitive Belag drop. Mir rechnen, datt mer viraussiichtlech fir de Juni 2009 de Wee komplett an der Rei hunn.

Approbation à l'unanimité.

4.1.

Propriétés.

Echange d'emprises sises à Rodange, rue du Clopp, avec la société Baldur S.A. d'Alzingen – approbation de l'acte.

L'échange se fait sans soulte et l'emprise sera intégrée dans le réseau de la voirie publique.

Approbation à l'unanimité.

4.2.

Propriétés.

Cession, à la commune, d'une emprise sise à Rodange, rue du Clopp, par la société Area Promotions Immobilières s.à.r.l. de Lamadelaine – approbation de l'acte.

La cession se fait gratuitement et l'emprise sera intégrée dans le réseau de la voirie publique.

Approbation à l'unanimité.

4.3.

Propriétés.

Vente, d'un terrain sis à Rodange, lieu-dit «rue Nic. Biever», à M. Manuel Joaquim Da Silva Goncalves et Mme Ana de Fatima Sousa Moura de Rodange – approbation de l'acte.

La cession se fait au prix de 750 euros l'are, soit un prix total de 30 euros.

Approbation à l'unanimité.

4.4.

Propriétés.

Acquisition, de la part de M. Robert Clees et Madame Marie Risch, de Michelbuch, de deux terrains-labours sis à Pétange, lieu-dit 'Hierschbierg' et 'Auf dem Galeh' – approbation de l'acte.

La cession se fait au prix de 80.000 euros et l'acquisition est faite dans un but d'utilité publique, à savoir l'aménagement d'un nouveau réservoir d'eau.

Approbation à l'unanimité.

5.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.

Ratification à l'unanimité.

6.

Prévisions sociales.

Organisation, par le Syndicat Intercommunal PRO-SUD, du service «Night Rider» dans la région Sud pour l'année 2009- approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir wësst, datt mer d'lescht Joer fir d'alleréischt mat de PRO-SUD-Gemengen e Projet 'Night Rider' realiséiert hunn. Mir hunn och um Niveau vum PRO-SUD proposéiert, fir dat weider ze féieren. Et ass awer esou, datt d'Statistiken ausgewisen hunn, datt d'Nofro awer net esou grouss ass wéi dat nach déi Joere virdru gemengt gouf. Doduerch gouf nei verhandelt, esou datt och déi Contributioun, déi mir als Gemeng fir dëse Service musse bäisteieren, op 16.189,58 € limitéiert ass. Wa sech awer sollt erausstellen, datt d'nächst Joer d'Demande wesentlech erop géif goen, da géif d'Contributioun adaptéiert ginn.

Carlo Gira (CSV):

Hu mer Chiffere virleien, wéivill Leit aus der Gemeng vun deem Service profitéieren ?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hunn déi Zuelen, mä ech weess se elo net auswenneg. Mä mer kënnen Iech se awer zoukomme loossen. Mir hunn awer fir de Moment nëmmen d'Zuele vun deenen éischte 6 Méint vum Joer. Vun der Firma, déi dee Service bedreift, hu mer matgedeelt kritt, wéivill Kaarten et sinn, a wéivill se am Duerchschnëtt gebraucht ginn iwwer déi éischt 6 Méint vum Joer. Mir hunn och vum PRO-SUD aus gefrot, datt mer d'Statistike vum ganze Joer solle matgedeelt kréien.

Carlo Gira (CSV):

Et wier méi interessant, fir d'Zuele vum ganze Joer ze hunn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dann deele mer dem Gemengerot déi Zuele mat, esoubal mer se hunn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech wollt dat selwecht froen. Mä et schéngt mer awer net ganz logesch, datt mir mat Kënzeg op enger Linn leien, obwuel mir jo awer méi Awunner hunn. U wat kann dat hänken? Kann et sinn, datt mir net esouvill Informatiounen un d'Leit erausginn hunn, an datt ganz vill Leit nach net wëssen, datt esou eppes fonctionnéiert?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Den Apport financier gëtt par rapport zu der Awunnerzuel festgeluegt. En ass ganz onofhängeg vun der Utilisatioun vun deem Service. Wa mer awer elo iwwer déi Zuel erausginn, déi mer mat der Firma ausgehandelt hunn, an déi mer forfaitaire bezuelen, da géif gekuckt ginn, wien elo méi bezuelt huet, an da miisste mer dat kompenséieren. Mä wann et normal leeft, da brauche mer net méi ze bezuelen. Et gëtt also nëmmen op Gronn vun der Awunnerzuel bezuelt, esou wéi dat eigentlech an all Syndikat de Fall ass.

Guy Brecht (LSAP):

Et ass schonn en Deel mat dem Här Gira senger Interventioun beäntwert ginn. Ech wollt awer just nach eng zousätzlech Fro stellen. Wann elo Vandalismus entsteet an esou engem Night Rider, wéi gëtt dann do verfuer? Ginn d'Käschten dovunner op déi verschidde Gemengen opgedeelt?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Domatter hu mir als Gemeng näischt ze dinn. Dat fält ënner d'Responsabilitéit vun der Bedreiwerfirma.

Approbation à l'unanimité.

7.

Urbanisation.

Convention «pacte logement» - approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Viru 14 Deeg, 3 Wochen, hunn déi éischt 23 Gemengen de Pacte logement zesumme mam Ministère de Logement a mam Inneministère ënnerschriwwen. Et geet elo hei drëm fir eng Propositioun ze maache vu Wunnraum, fir d'Eropsetze vun der Offer um Wunnengsmaart ze garantéieren, an och eng Reduktioun vun der Präisser iwwer dee Wee erbäizeféieren.

Et geet elo drëms fir eng Conventioun mam Bauten- a mam Inneministère ze ënnerschreiwen, wou mir eis engersäits engagéiere fir eis Gemeng weider wuessen ze loossen, an op der anerer Säit de Stat sech och géif engagéiere fir un den Infrastrukturaarbechten, déi duerch de Wuesstem vun der Populatioun entstinn, ze bedeelegen.

Déi Conventioun, déi mer wëlles hunn ze ënnerschreiwen, huet de Schäfferot de 14. November 2008 ënner-schriwwen, natierlech 'sous réserve' vun enger Approbatioun vum Gemengerot. Dir konnt och feststellen, datt mer am Budget 2009 och nach keng Recette festgesat hunn, well mer einfach net der Décisioun vum Gemengerot wollte virgräifen. Wann de Gemengerot haut seng gréng Luucht gëtt, da sinn natierlech gewësse Recetten an nächster Zäit garantéiert. Mir konnten och feststellen, datt déi Progressioun vun 15 %, déi an deene leschten 10 Joer gefrot gouf, an an deene leschten 10 Joer bestanen huet, och deem entsprécht wat fir déi nächst 10 Joer gefrot gëtt.

Wann ee kuckt, esou hate mer 1999 eng Populatioun vun 13.472 Awunner. Haut hu mer op den Dag 15.515 Awunner. Wann ech dann déi Progressioun vun deenen 10 Joer kucken, da louch déi bei 15,14 %. A wann ech dann nach kucke wéivill Wunnengsprojeten um Instanzewee sinn, oder schonn approuvéiert sinn, oder schonn deelweis an der Realisatioun sinn, esou sinn dat der eng ronn 800. Doduerch ass och kloer, datt mer an deenen nächste 10 Joer ouni Weideres eng Progressioun vun 15 % erreechen, ouni datt mer exzeptionell Démarchë miissten huelen.

Ech wëll nach hei ervirsträichen, datt mer 2007 eng Progressioun hate vun 180 Awunner, - wat och schonn zu dësem Pacte logement zielt - an datt mer fir d'Joer 2008 de Moment scho bei 313 leien. Wéi gesot, mir sinn nach net um Enn vum Joer ukomm, an do wäerte mer ëm déi 320 leien, esou datt mer schonn déi éischt 2 Joer bei enger Progressioun vun 25 % leien. Dat heescht, mir leien an deem Rhythmus

deen op Gronn vun dëser Conventioun erwënscht ass.

Esou datt mer op der enger Säit souwisou d'Progressioun vun de Wunnengen hunn, an op der anerer Säit, - wa mer déi Conventioun elo mat ënnerschreiwen - och de Pendant dovunner kréien, dat heescht déi finanziell Mëttelen. A wa mer d'Conventioun net géifen ënnerschreiwen, dann hätte mer d'Progressioun nawell a mer hätten déi finanziell Mëttele vum Stat net. Esou datt ech nëmmen dem Gemengerot ka proposéieren, dës Conventioun guttzeheeschen, an domatter eis dann och déi finanziell Mëttelen ze gi fir richteg op déi Progressioun vun der Bevëlkerung kënnen ze reagéieren.

Lily Gansen (LSAP):

Säit laangem froen ech, wéi wäit mer als Gemeng wëlle goen, a wéivill mer nach wëlle wuessen. A mir hate bis elo nach keng fundamental Diskussioun doriwwer. Ech sinn absolut fir de Pacte logement, mä ech maache mer Gedanke wa mer an deem Rhythmus weiderginn. Wou ginn eis Kanner an d'Schoul? Wou musse mer vergréisseren? Wou hu mer Plaz fir ze vergréisseren? Ech schwätzen elo emol net vun der Kanalisatioun, well déi jo elo nei gemaach a vergréissert gëtt.

Et geet net fir nëmmen ze soen, datt mer doduerch en Impact financier hunn. Et ass richteg, datt mer d'Progressioun och ouni dee finanziellen Impakt hunn. Mä mir miissten hei am Gemengerot emol eng Kéier eng Diskussioun féieren, fir ze kucke wat mer als Gemeng maachen, a wévill mer wëlles hunn ze wuessen. Well et kann ee Péiteng och net an d'Onendlecht wuesse loossen. Well et héiert ee scho vun alle Säiten, datt et net méi esou agréabel ass hei ze wunne wéi an der Vergaangenheet, an och eis Sécherheet léisst ze wënschen iwwereg. A jiddereen heibannen ass dozou verflicht sech seng eege Gedanken ze maachen, a seng eege Stellung zum Wuesstem vun der Péitenger Populatioun ze huelen.

Dofir fuerderen ech nach eng Kéier, datt mer eis sollen zesummesetzen, a ganz kloer solle kucke wouhi mer steiere wëllen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech ginn Iech Recht, Madame Gansen, an dat wäerte mer och d'nächst Joer am Kader vum PAG maachen. Ech muss Iech awer soen, datt zanter dem 1. Januar 2000 eigentlech just op deem dote Niveau zeréckgeruddert ginn ass. Well dat, wat fir de Moment hei an der Gemeng realiséiert gëtt, ass dat, wat am PAG vun 1992 festgeluegt ginn ass. Dat heescht, de Perimeter ass fir de Moment ni opgemaach ginn. En ass net vergréissert ginn, an d'Bausubstanz ass net an d'Luucht gesat ginn. Am Géigendeel. Mir hunn an den Zentrume vun den Uertschafte Péiteng a Rodange duerch eng Adaptatioun vum PAG d'Héicht vun de Gebaier ëm ee Stack reduzéiert. A mer wäerten elo nach eng Kéier am Kader vum PAG, dee mer jo musse bis Enn 2010 nei gestëmmt hunn, a wou mer mat de Viraarbechten gutt virukomm sinn, sécherlech d'nächst Joer eng substantiell Diskussioun, wéi eis Gemeng sech soll virun entwéckelen, hei am Gemengerot kréien. Mä dat wat fir de Moment hei entsteet ass dat, wat de Gemengerot 1992 festgeluegt huet. An dat sinn d'Repercussiounen dovunner. An et muss een och wëssen, datt - wann een haut elo higeet an et géif een de Perimeter limitéieren - een och Leit huet, déi sech doduerch benodeelegt fillen, well se Terrainen aus dem Perimeter erausgeholl kréien.

Et ass dat eng Situatioun, déi ee soll nei diskutéieren, mä wou een awer och muss wëssen, datt de Spillraum elo net esou grouss ass. Et kann ee sech héchsten drop limitéieren, datt et net nach weider soll klammen, an datt een de Perimeter net nach weider vergréissert par rapport zu deem, wat de Perimeter haut schonn hirgëtt. An dat ass eng Aufgab, déi d'nächst Joer op eis duerkënnt.

Carlo Gira (CSV):

Dat war eigentlech och meng Fro. Ech wollt wëssen, oder mer bestätege loossen, datt dat, wat elo géif verbaut ginn, just déi Terraine wieren déi am Bauperimter leien. An dat ass jo de Fall.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech wollt dann als Drëtten dat selwecht froen. A mengen Ae wier et méi wichteg gewiescht, wa mer virum Ënnerschreiwe vun dëser Conventioun gewosst hätten, wéi wäit mer als Gemeng wëlle goen a wuessen. Hu mir nach Terrainen, oder musse mer eis Terrainen alleguerten hirgi fir zouzebauen, oder hale mer eis nach Sputt op? Dat si Saachen, déi am Virfeld hätte miissten hei op den Dësch kommen, éier mer elo hei d'Conventioun mam Pacte logement stëmmen.

An dat Ganzt géif natierlech méi Sënn maachen, wann am selwechte Kader alleguerten d'Spekulanten, déi joerelaang Haiser do stoen hunn déi mëttlerweil scho faul sinn, well se näischt méi kënnen domatter ufänken, wa mer déi géifen am selwechte Kader bezuelen dinn a fir se ze forcéieren hir Haiser hirzeginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass richteg, an dat neit Gesetz 'Pacte logement' gëtt de Gemengen d'Méiglechkeet fir nei Taxen anzeféieren. Dat hei ass eng éischt Etapp. Mir wäerten eis an der nächster Zäit och domatter auserneesetzen an analyséieren, ob et sech hei zu Péiteng rentéiert fir op dee Wee ze goen. Ech sinn iwwerzeegt, datt et d'Gemenge ginn, wou et wesentlech méi Bauspekulatioun gëtt wéi bei eis an der Gemeng. Et ginn der sécherlech bei eis, mä ech ka mer net virstellen, datt mer eng ganz grouss Zuel hätten, an datt mer géifen d'Welt rette wa mer do eppes géifen ënnerhuelen. Ech ginn Iech awer Recht, datt - wa mer de Pacte logement bis ënnerschriwwen hunn - mer dat do och sollen am Kader vum PAG kucken, an eis d'Mëttele gi fir d'Leit ze incitéiere fir déi Wunnengen, déi fräi stinn, och um Maart opzemaachen. Do ginn et Mëttelen iwwert d'Grondsteier, iwwer d'Taxen déi een aféiert, fir op deem Niveau kënnen ze reagéieren.

Romain Becker (Déi Gréng):

Dir hutt gesot, datt dat d'Welt net géif retten. Mä et wier awer e Beispill, a mer géifen en Exempel setzen. Et geet net duer, datt mir als Gemeng alleng dofir suergen, datt méi Leit kënnen hei wunnen. Och déi Leit, déi Häiser eidel do stoen hunn, an déi absolut näischt domatter maachen, sollen duerch esou Strofen dozou bruecht gi fir d'Haiser fräi ze gi fir nei Awunner.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir si fir all Diskussioun op, déi mer am nächste Joer kënne féieren.

Accord à l'unanimité.

8.

Sports et loisirs.

Piscine de Rodange – convention avec la société Topsec Equipement de Vitry-sur-Seine (France), concernant le dépôt et l'exploitation d'un distributeur automatique d'articles de natation - approbation.

Gilbert Welter, Schäffen:

An der Rodanger Schwämm, am PiKo, ass eng gréisser Nofro fir Artikelen ze kréie fir schwammen ze goen, well et einfach Leit gëtt, déi zum Beispill vergiessen hire Kanner Äermercher matzegi fir schwammen ze goen. Och ass et virkomm, datt eng Schwammbox, en Taucherbrëll, asw, gefeelt huet. Fir

däer Demande nozekommen, ass dru geduecht gi fir eng Léisung ze sichen. Et gëtt och Leit – well mer hunn e groussen Hotel hei an der Gemeng – déi fir e puer Deeg bei eis an der Gemeng sinn, an déi da gewuer ginn, datt mer eng Super-Schwämm hunn, an dann awer net dat néidegt Material bei sech hu fir schwammen ze goen. Och deem wollte mer entgéint wierken, esou datt mer eng Konventioun mat enger franséischer Firma ënnerschriwwen hunn, déi spezialiséiert ass mat Distributeuren. An dat ass d'Firma Topsec Equipement vu Vitry-sur-Seine. Si stellen eis esou een 'distributeur automatique' mat Schwammartikelen zu Rodange am PiKo zur Verfügung. Mir hunn an däer Konventioun eng ganz Rei Saache festgehalen. Ënner anerem muss et eng 1. Qualitéit sinn. Mir hunn och festgehalen, datt deen Distributeur vun hinnen aus muss ënnerhale ginn, an och regelméisseg gefëllt ginn. Mir hunn och an der Konventioun festgehalen, datt mer finanziell dru bedeelegt sinn, an zwar mat 10% vum Chiffre d'affaire. Dat gëtt festgehalen iwwer e Monnayeur, deen eis dann och elektronesch, iwwer eng Fiche, matdeelt, wéivill agehäit ginn ass, esou datt net ka gefuddelt ginn.

Dee Kontrakt ass op 3 Joer gemaach, an et ass och esou, datt en duerno ka vu Joer zu Joer verlängert ginn. Ech kann och nach zousätzlech soen, datt keen Artikel an deem Automat dobäi ass, dee méi deier ass wéi 10 €. Et ass also net esou, datt dat grousst Geld domatter géif verdéngt ginn, mä et ass awer en zousätzleche Service.

Wichteg ass och nach ze soen, datt – wann et e Litige géif ginn – déi lëtzebuerger Geriichter zoustänneg si fir dat ze klären.

Carlo Gira (CSV):

Brauch een net an déi Konventioun dran ze schreiwen, watfir Artikelen an deen Automat solle kommen?

An da fannen ech, datt déi Saach mat der beschter Qualitéit e bësse Lastik ass. Well wéi wëll een dat kontrolléieren?

Gilbert Welter, Schäffen:

Wann do Problemer sollten opkommen, dann hätt een eng Méiglechkeet fir de Kontrakt ze resiliéieren. Well et steet esou an der Konventioun. An déi Saachen, déi an deem Automat sinn, si lauter Saachen, déi iergendwéi mam Schwammen ze dinn hunn. Dat geet iwwert d'Schwammbox, den Taucher-brëll, d'Äermercher fir d'Kanner, asw. An déi Saache kritt een a verschiddene Gréissten. Well an der Vergaangenheet hu mer de Leit gehollef, wa mer déi eng oder aner Saach do leien haten. Mä da krute mer d'Saachen net méi erëm. A mat deem heiten Automat kréie mer dee Problem mat engem Schlag geléist, a mer kënnen nach eppes Klenges drop verdéngen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech wollt dat selwecht froen, well net spezifizéiert ginn ass. Am 'contrat d'exploitation' steet net dran, wat alles aus deem Automat kann erausgezu ginn.

Gilbert Welter, Schäffen:

Den Apparat steet schonn an der Schwämm. En ass just net a Betrib well mer dëse Punkt fir d'éischt wollten duerch d'Gemengerotssëtzung goe loossen. Den Apparat steet fir de Moment nach am Keller vun der Schwämm, an et kann een nokucke goen, wat alles do dran ass. Et sinn effektiv lauter Saachen, déi fir d'Schwämm gebraucht ginn, a keng Topegkeeten.

Approbation à l'unanimité.

9.

Budget rectifié de 2008 et projet de budget pour 2009 de l'administration communale.

Discussions et appréciations des conseillers communaux: réponses des membres du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Da kéime mer elo zum Plat de résistance, an zwar zu der Diskussioun iwwer de Budget rectifié 2008 an de Budget 2009. Wéi ëmmer hu mer eis eng gewësse Reienuerdnung gi wéi mer do schwätzen. An ech géif als éischten dem Här Polfer, als President vun der Finanzkommissioun, d'Wuert ginn zu dësem Thema.

John Polfer (CSV):

Dir Dammen, Dir Häre n.

Iwwer de Budget ginn et esouvill Meenunge wéi et Leit an der Gemeng gëtt. Jidderee vun eis wäerft dorop säin eegene Bléck. Jidderee vun eis bliedert méi oder manner am déck gefëllte Buch mat sengen eegenen Erfahrungen an der Gemeng a kënnt dann zu senger ureegener Meenung.

Kee gesäit alles. An trotzdeem schwätze mer alleguer esou, wéi wa mer alles géife gesinn.

Ech wollt haut nëmmen iwwer dat schwätze wat opfält, an dofir och miisst vu jidderengem gesi ginn. Et ass net richteg ze behaapten, mir géifen am Geld schwammen, an u Geld géif et net feelen. Mir wëssen, datt mer Geld, vill Geld, brauchen, a mer wëssen, datt d'Ausgabe méi sécher si wéi d'Einnamen.

Kritt d'Gemeng an der heiteger Zäit an an der Zukunft déi Recetten, déi virgesi sinn? Beim Impôt commercial 2008 hu mer 11,3 Milliounen Euro kritt, an mer haten 11,6 Milliounen Euro virgesinn. Bei der Dotation de l'Etat 2008 krute mer 19,7 Milliounen, 20,3 Milliounen hate mer virgesinn. Fir den Impôt commercial 2009 hu mer elo 12,1 Millioune virgesinn, a bei der Dotation de l'Etat 2009 21,8 Milliounen.

Dat ass eng Augmentatioun am Budget déi raisonnabel a virsiichteg ze si schéngt.

Den Iwwerschoss am ordinäre Budget 2009 vun 8 Milliounen Euro weist, datt de Schäfferot d'Dépensen am Grëff huet. Virsiichteg Personalkäschte spillen hei eng grouss Roll, och wann ee Plus vun 4 % virgesinn ass, zum Beispill fir eng kommend Indextranche.

Et muss een awer schonn am Konte-buch zeréckbliedere fir ze vergläichen:

Am Budget 2004 hate mer e Plus vun 4 Milliounen Euro, am Budget 2005 e Plus vun 4,8 Milliounen, am Budget 2006 e Plus vun 3,4 Milliounen, am Budget 2007 e Plus vun 4,7 Milliounen an am Budget vun 2008 e Plus vu ronn 5 Milliounen.

Wann elo, an ech hoffen net, d'Recetten net esou héich wieren, da kéint d'Gemeng awer mat deem Polster nach eng Zäit iwwer d'Ronne kommen.

Fir 2009 ass och keen Emprunt virgesinn. Eis Kappverschëldung verbessert sech doduerch wesentlech, an och dank deenen nidderegen Zënsen. Si läit elo bei ongefëier 1.750 Euro pro Kapp.

Wat elo den extraordinäre Budget ugeet, esou si fir 2008 15,8 Milliounen Euro verschafft ginn, a fir d'Joer 2009 sinn 18,2 Milliounen virgesinn. Dat sinn an zwee Joer 34 Milliounen Euro.

Grouss Projetë ginn deemnächst fäerdeg:

- de Bassin d'orage beim Rond-point Lamadelaine,
- de syntheteschen Futtballterrain mat der neier Spillplaz zu Rodange,
- d'Eechelsbaach zu Rolleng, wat en horrente Präis kascht, awer der Ëmwelt zegutt kënnt.

Aner Projetë ginn an Ugrëff geholl, wann alles riicht leeft mat den

Autorisatiounen, de Corps de métiers, an esou weider:

- d'Crèche zu Péiteng,
- den nationale Keelenzenter, mat Indoor-Tennisterrainen an iwwerdeckte Spillplazen,
- d'Renovéierung vum Centre sportif zu Péiteng.

Ech denken och un eis Stroossen, wou ech der nëmmen zwou hei ernimmen: d'Philippart-Strooss zu Rodange an d'Avenue de la Gare zu Péiteng. Zwee grouss a schwiereg Projeten, déi ech stellvertriedend fir all déi aner Stroossen nennen, déi erneiert a gefléckt ginn.

An dësem Budget mécht de Schäfferot eng Finanzpolitik vun der Bestännegkeet.

Mir hunn alleguerten eng grouss Aufgab: Eis Gemeng a seng Leit virunzebréngen. An eis Gemeng stellt sech dëser Aufgab.

An ech schléisse mat engem Zitat vum Här Sarkosy: « Il faut que chaque euro public serve à quelque chose ».

Merci dem Buergermeeschter a senge Mataarbechter fir dëse Budget, dee vill Aarbecht a Stress bedeit huet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif dem Här Polfer Merci soe fir seng Interventioun. Ech ginn him Rescht a senger Ausso, datt net honnertprozenteg sécher ass, datt déi Recetten, esou wéi se agedroe sinn, am Endeffekt och 2009 solle kommen. Fir 2008 sinn ech relativ zouversiichtlech, datt déi Recetten deem entspriechen - esouguer vläicht liicht driwwer leien - par rapport zu deem wat am Rectifié steet. Mä fir 2009 weess keen esou richteg wat geschitt. Mir hunn eis un dat gehale wat den Inneminister eis a senger Circulaire vum 14. Oktober 2008 geschriwwen huet. Mir mussen elo kucke wéi d'Saach sech virun entwéckelt, a mer mussen oppassen, datt - wann dat sech aneschters entwéckelt wéi mer et virausgesinn hunn - mer och déi néideg Mesuren 'en cours de route' huelen, an dat zesumme mat iech alleguerten hei am Gemengerot. Ech sinn net esou sécher, datt d'Recette bei der Dotation de l'Etat wäerte falen, mä ech fäerten, datt dat éischter de Fall um Niveau vum Impôt commercial wäert sinn.

Da géif ech dann elo d'Wuert weider ginn un den Här Becker.

Romain Becker (Déi Gréng):

Fir d'éischt wéilt ech emol dem Schäfferot Merci soe fir déi explizit Presentatioun vum Budget 2009, mat däer gekonnter an opschlossräicher Powerpoint-Présentatioun vum Buergermeeschter. Een anere Merci geet un alleguer d'Beamten aus eiser Gemengenadministratioun an de Gemengebetriber, déi un der Opstellung vun dësem Dokument bedeelegt waren.

Wéi de Statsbudget dee leschten Dënschdeg virgestallt ginn ass, huet de Premier Jean-Claude Juncker zu däer Geleeënheet gesot, d'Lag wier schlëmm, esouguer ganz schlëmm. Mir wären an der schlëmmster Wirtschafts- a Finanzkris säit den 30er-Joeren. Wann een dann awer weess, wat an den 30er Joeren aus der Wirtschafts- a Finanzkris erausgaangen ass, lafen engem d'Schudderen de Réck erof.

Mee loosse mer den Däiwel emol net un d'Mauer molen, an alles zevill schwaarz gesinn, mä einfach eise rationale Verstand an eis Solidaritéit asetzen, fir datt mer zesummen iwwer d'Ronne kommen.

D'lescht Joer hunn ech hei op dëser Plaz vun engem dënne Seel geschwat, wou et net einfach wier fir drop ze danzen. Mä wa mer bei deem Verglach bleiwe wëllen, ass dëst Joer aus dem Seel e Fuedem ginn, an dat Ganzt och nach ouni Netz ënnen drënner.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir schwätzt hei vun engem dënne Seel. Et ass richteg, datt mer bei engem dënne Seel sinn, an datt mer eis Planung maachen 'en fonction' dovunner. Mir wësse vu Joer zu Joer wat mer erakréien, mä et ass net sécher ob fir d'Joer 2009 dat erakënnt, wat mer am Budget ugedeit hunn. Dofir si mer higaangen a mer hu besonnesch um ordinäre Budget ganz zolitt gebremst. Mir hunn d'Ausgabe quasi agefruer. Dat eenzegt - an dat gesäit een - wat sech bewegt, dat ass um Niveau vun de Gehälter, an dat sinn déi normal Saachen, wéi Index, déi gestëmmt sinn. Dat ass awer net de Gemengerot, deen do kann eng Décisioun huelen. Dee ganze Volet vun der Entwécklung vun de Peien, déi 'en fonction' vum Gehälterofkommes, dat tëscht dem Ministère de la Fonction publique an der CGFP ausgehandelt ginn ass, si Konsequenzen, déi mir musse matdroen, an déi mer och matdroen. Dobäi kënnt och nach eng ganz Rei Evolutiounen um Niveau vun de Maisons relais an um Niveau vun eise Schoulen, wou mer méi Personal brauchen. An op deem Niveau gëtt och neit Personal agestallt, an dat huet natierlech eng Repercussioun op d'Gehälter vun eise Gemengeleit, déi bei eis beschäftegt sinn.

Et muss een awer soen, datt mer et trotzdeem fäerdeg bruecht hu fir dëst Joer eisen Iwwerschoss op 8 Milliounen eropzesetzen. Dat ass exzeptionnell, a wann een nëmmen haut an déi lescht Deeg gelies huet, wéi den Iwwerschoss an anere Gemengen ass, da konnt ee gesinn, datt en do wesentlech méi niddereg ass.

An et ass grad op deem Niveau, wou ee muss als Gemeng spillen. Wann een en Iwwerschoss am ordinäre Budget huet vun 8 Milliounen Euro, a wann dann d'Recette géifen ëm 2 Milliounen zeréckgoen, dann hätte mer nach ëmmer en Iwwerschoss vun 6 Milliounen. Wa mer natierlech nëmmen en Iwwerschoss vun 2 Milliounen hätten, an dat do géif antrieden, da wiere mer hanne bäi a vir widder.

Dofir ass am Fong duerch déi Politik, déi an deene leschte Joere konsequent hei gemaach ginn ass, grad op deem dote Punkt gekuckt gi fir eropzegoen. An ech géif soen, datt mer hei zu Péiteng an der Gemeng nach e bessere Spillraum hunn, an dat duerch de Fait - wat vläicht negativ 'à l'origine' ass, mä positiv u sech - datt mer eng héich Verschëldung hunn. Wa mer d'Verschëldung weider ofbauen, wann d'Zënsen - wéi den Här Polfer gesot huet - elo erëm zeréck ginn, dann heescht dat ganz kloer, datt an deenen nächste Joeren déi Belaaschtung - déi d'Gemengschold op eisen ordinäre Budget dréckt - och zeréck geet. Dat heescht, mir hunn op deem Niveau nach Spillraum, 'à condition' datt mer eis net weider erëm géifen zolitt verschëlden.

An dat wëlle mer jo net maachen. Mir wëlle kucken, datt mer déi Laascht zeréckgedriwwe kréien. A wa mer dann e Polster vun 8 Milliounen Euro hunn, da géif ech mengen, datt mer geriicht si fir wann dat dënnt Seel, wou mer elo drop danzen, am Fall wou et géif räissen, net ouni Filet géifen eroffalen, an datt mer nach e Sécherheetsnetz hunn. An dat sinn déi 8 Milliounen Euro am ordinäre Budget.

Romain Becker (Déi Gréng):

An der Circulaire iwwer d'Opstelle vu Gemengebudget, déi den Inneminister de 14. Oktober un d'Gemenge geschéckt huet, steet ënner anerem: « Aux yeux du Gouvernement, il importe donc de respecter ces règles de conduite et de poursuivre une politique budgétaire rigoureuse afin de conserver les atouts favorables actuels de notre situation financière. » Weider geet riets vun « stricte discipline budgétaire », hie schwätzt vun « politique budgétaire prudente » a

weider « Voilà pourquoi je fais appel aux communes pour qu'elles aient cure de leur situation financière et qu'elles évitent d'ores et déjà toute initiative comportant les charges récurrentes pouvant hypothéquer l'avenir de l'équilibre financier. »

Den Inneminister freet esouguer a senger Circulaire : « Pour des raisons de prudence, il est chaudement recommandé aux communes de procéder à une projection pluriannuelle de leur situation financière en établissant un programme pluriannuel d'investissement et de financement couvrant une période d'au moins quatre années. »

Dëst ass eng Recommandatioun, déi mir Gréng nëmme kënnen ënnerstëtzen a mat béiden Hänn ënnerschreiwen. Wéi steet eise Schäfferot zu dëser Recommandatioun? Mir plaidéieren, an alleguerten de Gemengeréit wou mer vertruede sinn, fir esou ee Plang opzestellen a sollt esou eppes bestoen, da wier et elo un der Zäit fir en ze iwwerschaffen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

E 'programme pluriannuel' hu mer opgestallt. Deen hu mer den 11. Dezember 2006 hei virgestallt. 70 Milliounen Euro, wou mer gesot hunn, datt mer déi géifen investéieren. Mir hunn och a grousse Linne gesot, a watfir Domaine mer dat investéieren. Ech si sécher - an ech hunn dat och gelies, datt den Inneminister elo seet, datt mer sollen e weidere Pan pluriannuel maachen. Ech géif awer mengen, datt een dat soll am Ufank vun enger Legislaturperiod maachen. An ech géif deen Appel vum Inneministère éischter un d'Adress vun deene Gemenge gesinn, déi iwwerhaapt keen esou ee Plang hunn. Mir hunn een, a mer géife gären op deem Niveau weiderfueren, op Gronn vun deem, dee mer hei opgesat hunn. An dee Plang gesäit 70 Millioune vir, vun deene mer der schonn 54 Milliounen an deene Joeren 2006 bis 2009 ageschriwwen hunn. Ech géif och soen, wann d'Situatioun ass wéi se ass, mat engem Iwwerschoss vun 6 bis 7 Milliounen Euro, da miisste mer et och fäerdegbréngen fir déi 16 Milliounen, déi nach bleiwen an an deem Plan pluriannuel drastinn, kënnen ze assuréieren. Wann dat net de Fall sollt sinn, da musse mer natierlech am Laf vum nächste Budget kläere wat mer maache sollen, a watfir Projete mer net realiséieren. An da musse mer hei, 'en toute connaissance de cause' eis Décisiounen am Gemengerot huelen. Dofir soll een dat sécherlech am A behalen, do hutt der Recht.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech hunn net wëlles elo hei dëst Budgetsdokument an alleguer seng Eenzeldeeler ze zerplécken, an hei unzefänke mat grimmelen, well - wéi schonn d'lescht Joer gesot - kann ee stonnelaang iwwer de Budget diskutéieren an awer och a ganz kuerzer Zäit, virun allem well mer jo déi informativ Presentatioun vum Schäfferot schonns de leschte Freideg haten. Mä e puer Froen hätt ech dach nach.

Et fält op, datt keng grouss Prestigebauten dra stinn. Et fält op, datt alles, oder de gréissten Deel, ganz viraussiichteg berechent ass, an datt mer probéieren, ech soe bewosst probéieren, ze spueren.

E bësse gespuert hu mer jo schonn, well esou wéi ech d'lescht Joer gefrot hat, krute mer elo dat voluminéist Budgetsdokument dëst Joer recto-verso geprint.

Dann elo zu menge Froen:

D'Frais de reproduction de documents du service technique gi vun 250 € op 1.000 € erop. Firwat gouf dëse Poste vervéierfacht?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Am Total sinn déi Frais de bureau bei 11.000 € bliwwen. Den Techniker huet engersäits den Artikel 001 vun 10.750 € op 10.000 € erofgesat, an den Artikel 004 vun 250 € op 1.000 € eropgesat. Ech ginn dovunner aus, datt den Techniker sech erwaart, datt méi Reproduktiounen vun techneschen Dokumenter an nächster Zukunft wäerte gemaach musse ginn. Dat kann am Kader vum PAG vläicht noutwenneg sinn. Ech kann awer elo net mat Sécherheet soen, wat d'Ursaach ass. Mä ech kann dat awer nofroe loossen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Publicité, publication et relations publiques gi vun 6.500 € op 15.000 € erop. Firwat déi Augmentatioun op méi ewéi dat duebelt?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Am Budget rectifié 2008 stinn nëmmen 6.500 € dran, mä mir haten am Budget 2008 och op deem Artikel 15.000 € agedroen. Well mer wëssen ni zu 100%, wat op eis zoukënnt. Wann do iergendwéi Firmaen oder Promoteuren PAPe wëlle maachen, da musse mer déi Ausgabe virstrecken. Am Budget, ënner dem Artikel 2.0134.720.001 steet och eng ähnlech Recette, wou mer e Remboursement kréien, dee bei 10.000 € läit, a wou déi och am rectifé bei 6.000 € louch. Dat heescht, en Deel ass fir d'Gemeng selwer, a wou mer näischt remboursséiert kréien, an een aneren Deel ass fir Privat-Promoteuren, wou mer e Remboursement kréien. An dofir wëlle mer eis déi néideg Kreditter ginn, net datt mer op eemol net genuch Suen disponibel hätten, well mir mussen d'Sue virstrecken. Elo kann et awer gutt sinn, datt et - wéi fir 2008 - erëm mat ronn 6.000 € duergeet.

Romain Becker (Déi Gréng):

Classes de neige: 75.000 €. Bei dësem Punkt wësst der, datt ech schonns zanter Joere fuerdere fir d'Schnéiklassen - déi iwwerlieft sinn - duerch eng Alternativ ze ersetzen, déi éischtens net esou wäit ewech miisst sinn, zweetens net esou deier miisst kaschten an drëttens méi ekologesch miisst sinn an zulescht méi éducativ a léierräich fir eis Kanner a Saachen Ëmweltbewosstsäi miisst sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bei de Classes de neige wäerte mer eis net esou eens ginn. Do musse mer kucke fir eis Käpp nach eng Kéier zesummenzestrecken. Ech weess net, ob mer an deem Beräich esou séier eng Eenegung wäerte fannen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Travaux sur les aires de jeux: Firwat ass eng Steigerung vun 8.000 € op 20.000 € hei virgesinn? Sollen eventuell alleguer eis Spillplazen nei an d'Rei gesat ginn?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ass schonn ëfter hei ugeklongen, datt mer eis als Zil gesat hu fir eis Spillplazen a Conformitéit ze setzen. An do ass eben déi lescht Joeren net esouvill dra geschitt. Mir hunn iwwer 20 Spillplaze verdeelt op eis Gemeng. A wann ee weess, wat e Spill kascht, dann ass ee ganz schnell op däer doten Zomm. Esou datt mer déi nächst Joeren eventuell nach musse mat gewëssen Zomme rechne fir déi Spillplazen erëm an d'Rei ze kréien. Mir mussen eis jo awer och trotzdem an deem Kontext eng kleng Enveloppe loossen, well mer ëmmer musse mat Vandalismus rechnen. Esou datt mer ni genee wëssen, wéivill Sue mer do brauchen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Antenne collective de télévision: 7.500 €. Wat hu mir dann nach domatter ze dinn? Mir hunn dat dach alles un Nokia-Siemens weiderginn, déi jo awer wahrscheinlech genuch Sue mat all de Clienten, déi se vun eis iwwerholl hunn, miisste verdéngen.

Antenne collective - extension du réseau (15.000 €), mise en souterrain d'une partie du réseau (10.000 €).

An hei nach eng Kéier eis Gemeinschaftsantenn, déi eis jo net méi ass. Firwat maache mer dat fir eng privat Firma? Mir ginn dann hei 25.000 € aus, mä mer kréie jo keng Recettë méi eran. Oder solle mer hei och nees ze gutt si fir dës Welt, genee wéi am Dossier vun der Maison Nicolas zu Rodange?

Roland Breyer, Schäffen:

Bei der Gemeinschaftsantenn hu mer esougutt am Ordinäre wéi och am Extraordinären nach ëmmer Ausgaben, well dat conforme ass mam Contrat de concession dee mer mat Nokia-Siemens gemaach hunn. Mir sinn nach ëmmer Propriétaire vum Netz. A mer hunn d'Verpflichtung dat Netz auszebauen, wann nei Lotissementer dobäikommen. Si hu sech just verpflicht déi ganz Gestioun ze maachen, eng propper Qualitéit ze liwweren an déi Bandbreet vum Netz auszebauen. Well déi Bandbreet war net breet genuch fir all déi Programmer ze kréien, déi mer gäre gehat hätten. Och fir déi digital Programmer ass et net duergaangen. Dat war den Deal, dee mer déi Zäit gemaach haten. Mir hätten am Fong geholl déi Zäit miissten 60 Milliounen an dat Netz investéiere fir alles am Glasfaser ze kréien. An dat hate mer net wëlles ze maachen. Mir haten och gesinn, datt mer schlecht an der Gestioun waren, an dofir hu mer dat Ganzt erausginn. Dat heescht, si maachen dat elo fir eis, a si maachen d'Gestioun dovunner. Mä mir sinn nach ëmmer de Propriétaire vum Netz. Dat heescht, mir si Propriétaire vun der Kappstatioun, mir si Propriétaire vum Netz, mir hunn nach Assurancen drop déi all Joer musse bezuelt ginn, a mer hunn och d'Obligatioun fir bei neie Lotissementer de Kabel an de Buedem ze leeën. A si iwwerhuelen en dann an der Exploitatioun.

Romain Becker (Déi Gréng):

Da fält mer op, datt eis Kierchefabriken dëst Joer nawell gutt mat eise Sue vun de leschte Joeren gewiertschaft hunn, well dës Kéier kréien se, esou wéi de Buergermeeschter mir dat och d'lescht Joer versprach hat, dann emol eng Kéier esou direkt näischt aus dem Gemengebeidel.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bei der Kierchefabrik - an dat war op Gronn vum Gemengerot geschitt - hu mer dem President, respektiv deene Leit déi do dra sinn, gesot, si miissten Efforte maache fir dat ze reduzéieren. Ech mengen déi Efforte ginn hei gedroen. Ob mer elo et elo all kéiers fäerdeg bréngen, ouni een Solde do erauszekommen, musse mer kucken. Mä de Fait ass ginn, datt mer elo hei Efforte gesinn. An ech géif och dofir de Membere vun der Kierchefabrik Merci soe fir dat Matdenken an Mathëllefe fir deen Defizit ze reduzéieren.

Romain Becker (Déi Gréng):

Vente de terrain à l'Etat dans le cadre du contournement: 250.000 €.

Wat wëll de Stat dann domatter maachen? Ëm wéi een oder wéi eng Terrainen handelt et sech? Wéisou wësse mir da schonns elo, wat de Stat eis fir wéivill Euro 2009 wëll ofkafen? A wann en dat dann net mécht?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass schonn eng ganz aal Kamell. Well dat geet zeréck op déi Zäit wou de Contournement vu Péiteng gebaut ginn ass. Do huet d'Gemeng deemools Terrain un de Stat ofgetratt, an dat ass nach net regulariséiert. An do ass vun eis aus e Bréif erausgaangen, a mer erwaarden nach 250.000 Euro fir deen Terrain, dee mir un de Stat ofgetratt hunn. Mir hoffen, datt mer déi Suen dann och elo endlech kréien.

Romain Becker (Déi Gréng):

Etude de faisabilité - viabilisation de terrains à bâtir - élaboration d'un PAP pour l'ilot urbain sis derrière la maison 'A Rousen' à Pétange: 50.000 €.

Dëst fannen ech nawell en décke Batz Sue fir eng Etude an engem verstoppten Eck.

Etablissement d'un plan d'aménagement particulier pour la cour derrière la maison 'A Rousen' et le quartier adjacent: 30.000 €.

An nach eng Kéier 30.000 € dobäi. Elo si mer schonns op 80.000 € fir hanner Rousen. Musse mer do esouvill dran investéieren? Dës Zomm schéngt mer awer e bëssen zevill héich, well et sollt jo awer dëst Joer ganz virsiichteg gewirtschaft ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat déi PAPen ubelaangt, esou stinn do wuel Informatiounen am Budget mat dobäi, datt et fir 'Rousen' wier. Mä et ass awer net alleng fir dat. Dat heescht, mir hunn eis eng Zomm ginn, a mer wëssen, datt mer an der nächster Zäit - wa mer de PAG maachen - och eng ganz Rei PAPe mussen hannendrun hänken, fir méi genee ze definéiere wat mer am PAG festgehalen hunn. An dofir sinn an deenen nächsten 2 bis 3 Joer sécherlech méi héich Zommen noutwenneg fir déi PAPen, déi en Deel vun de PAGe sinn. Dir wësst, datt wéinst deem neie Gesetz vun 2004 ëmmer méi PAPe gemaach musse ginn. An dat bedéngt natierlech, datt mer supplementar PAPe mussen definéieren. Mir hunn och eng ganz Rei Zonen, déi mer eis och un d'Häerz geholl hunn, wéi zum Beispill wann den LTMA am Zentrum net méi do ass a wou mer eis jo musse Gedanke maachen, wéi déi Plaz soll ausgesinn. Och ronderëm 'Rousen' ass Potential do, an dat Potential soll een net einfach leie loossen. Et soll ee sech Gedanke maachen, fir wann emol eng Kéier d'Ateliere fort sinn. Mir hunn och nach en Haus an der Liberté-Strooss stoen. Mir hunn och nach d'Haus Heintz, an et ass och nach en Haus do, wat engem Private gehéiert. An et soll ee sech Gedanken driwwer maachen, wéi eng Kéier dee ganzen Eck kéint ausgesinn. Well do kann ee menger Meenung no eppes Interessantes am Zentrum vu Péiteng realiséieren. An dofir brauche mer professionell Hëllef. An déi professionell Hëllef solle mer bezuelen, well se kéint eis am Zentrum vu Péiteng nei Iddie bréngen, déi deem Zentrum eppes brénge wäerten.

Romain Becker (Déi Gréng):

Piscine couverte de Pétange: 3.200.000 €.

Ech hat schonn e puer mol hei gesot, datt mer wahrscheinlech mat nach groussen Iwwerraschunge miisste rechnen, wat jo och elo agetraff ass. An deem Gebai ass ee groussen Deel vum Betong einfach net méi gutt, salopp gesot faul. Well säit Joere raschten d'Betongseisen, well se no bausse fräi louchen, no bannen duerch de Betong. Ech fäerten, datt mer och no dësen, awer dach deieren, Fléckaarbechten nach ëmmer keng Garanti hunn. Hei steet och nach an der Erklärung: «vote d'un devis actualisé au montant de 6.200.000 € par le conseil communal le 12.12.2008». Dat heescht, bei déi 3.200.000 € vum nächste Joer kommen dëst Joer nach 6.200.000 € dobäi. Wier et dann op laang Siicht net méi gënschteg gewiescht, fir d'Gebai ofzerappen an eppes neies, modernes, mat den neitsten Ëmwelttechnologien an Isolatiounen dohinner opzeriichten. Do miisste mer eng Kéier an de saueren Apel bäissen, mä duerno wiere mer roueg a géifen ausserdem nach op laang Siicht Suen aspueren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bei der Péitenger Schwämm muss ech soen, datt de Gesamtkäschtepunkt heifir bei 6,2 Milliounen Euro läit. Dat heescht, et komme keng zousätzlech 6,2 Milliounen dobäi.

Mä vun deenen 6,2 Milliounen Euro sinn déi 3,2 Milliounen, déi am Budget 2009 stinn, souwéi och schonn déi 1,5 Millioun, déi am Budget rectifié 2008 stinn, plus déi Zommen, déi scho

virdrun ausgi si fir d'Pläng ze erstellen. Déi gehéieren dozou, esou datt wahrscheinlech nach e Chiffer vun 1,5 Milliounen Euro ufale wäert fir dee ganze Projet 'Péitenger Schwämm' 2010 ofzeschléissen.

Et muss een awer och do soen, datt - wann een e bësse kuckt, wéi et elo ausgesäit - datt déi Schwämm am Fong erneiert gëtt. Dat heescht, wann déi Schwämm fäerdeg ass, dann hu mer en neit modernt Gebai, no neien Ëmweltconditiounen gehëtzt, no neien Normen exploitéiert. De ganzen Dag gëtt nei gemaach, et kommen nei Fënsteren dran, déi ganz technesch Installatioun gëtt erneiert. A firwat mer mussen e supplementare Kredit stëmmen, respektiv e 'crédit modifié' stëmmen, kënnt doduerch, datt mer - an dat hate mer hei diskutéiert - festgestallt hunn, datt de Basseng och net an der Rei ass, a mer deen och miissten ersetzen. A mer wëllen elo awer op de Wee goen - nodeem datt mer d'Präisser analyséiert hunn - fir en Inoxbasseng ze maachen. Domatter wieren d'Folgekäschten dovunner vill méi niddereg wéi am Fall wou mer Plättercher géifen an de Basseng maachen. Dat wäerte mer awer nach am nächste Gemengerot méi am Detail diskutéiere kënnen.

Mä, wéi gesot, dee ganze Projet wäert 6,2 Milliounen Euro kaschten. An da wäerte mer e modernen, no deenen neie Critèren orientéierte Fonctionnement vun der Péitenger Schwämm hunn. An da wäert och alles sanéiert sinn, déi ganz Fassad gëtt jo och nei gemaach, an et wäert alles esou sinn, datt et erëm fir déi nächst 20, 25 Joer an der Rei miisst sinn. Dat ass op jiddwer Fall dat, wat ech hoffen. Well mat deem Invest miisst dat jo awer klappen.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech wollt nach eppes zu der Péitenger Schwämm bäifügen. Wa mer dat Gebai ofgerappt hätte fir et duerno nees erëm nei opzeriichten, dann hätte mer e risege Problem mat eise Sportsveräiner kritt. Et hätt een net kënnen iwwer eng länger Zäit de Sportsveräiner keng Infrastrukturen zur Verfügung stellen, esou datt dat net déi beschten Iddi gewiescht wier. Ech sinn och iwwerzeegt, datt et schlussendlech och méi deier gi wier.

Esou, wéi mer et elo maachen, kann nieft de Renovatiounsaarbechten an der Schwämm awer d'Sportshal weider fonctionnéieren.

Romain Becker (Déi Gréng):

Chauffage, éclairage des bâtiments, combustibles: 968.590 €.

Wat hei opfält, ass déi nach ëmmer immens héich Zomm. Ech sinn iwwerzeegt, datt mer elo schonns probéieren ze spueren. Mä dat geet net duer. E ganze Koup vun eise Gebaier ass net ideal isoléiert. Mir hunn nach Gebaier, déi keng Duebelverglasung hunn, an do kéinte mer nach vill méi spueren. Mir kéinte probéieren op esouvill wéi méigleche Gebaier eng Photovoltaïk-Anlag ze bauen, an esou weider. Firwat ass et heibannen, esou wéi a ville Raim vun eise Gebaier, esou fuerchtbar waarm, wéisou gëtt net nach méi duerno gekuckt, wéisou loosse mer keng Fotoe mat der Infrarout-Kamera vun eise Gebaier maache fir erauszefannen, wou nach muss ausgebessert ginn? An och dëst Joer froen ech nees fir en Energieberoder anzestellen. Dat géif zwar direkt en héije Posten am Budget ausmaachen, mä op laang Zäit, an duerno musse mer jo kucken, géif dat eis enorm hëllefe Suen aspueren an eisem Numm als Klimabündnis-Gemeng gerecht ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Heizou wëll ech kuerz drop agoen. Ob mer elo en Energieberoder brauchen oder net, sief dohinner gestallt. Mir hunn awer schonn eng ganz Rei Mesure geholl. Déi nei Paesch-Schoul hu mer no Critère vum Passivhaus gebaut. Déi nei Sportshal zu Rodange ass Nidderegenergie. A mer sinn och am gaange mat eisen Techniker, déi eis beroden, ze kucken, wat am Kader vun der Maison relais zu Péiteng, der Eigent-Schoul, dem Précoce Eigent-Schoul, der neier Sportshal plus dem Keelenzenter, dat optimalst ass fir dat Ganzt ze hëtzen. Do muss ee kucken, wat dobäi eraus kënnt, a mer wäerten iech och am Kader vun deene Projeten a Zukunft weisen, wat eigentlech déi extern Techniker, déi eis beroden, eis an deem Kontext proposéieren. An do wäert och dat erausgesicht gi wat am ëmweltgerechsten ass. Et muss een natierlech ëmmer kucke wat een engersäits muss investéieren a wat et anerersäits bréngt. Dat muss een op d'Wo leeën, an do sinn d'Büroen am gaangen eis dat ze berechnen. An dat kënnt dann och eng Kéier op den Ordre du jour fir datt mer dat hei am Gemengerot kënnen an aller Rou diskutéieren.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech wollt och nach kuerz Stellung zum Energieberoder huelen. Mir hunn effektiv - an de Buergermeeschter huet et och scho gesot - vum 1. Januar 2007 aus un e Listing opgestallt iwwer eis sämtlech Gebaier an der Gemeng. An ech hunn en och zoufälleg hei leien, an do kann ee gesi wat vun Elektresch, Gas a Waasser vun all Gebai opgelëscht ginn ass. Dat ass eng Heedenaarbecht vun eise Servicer.

Mir hunn och an enger Versammlung ofgeschwat, datt mer Enn 2008 - well dann hu mer 2 Joer, déi mer kënne matenee vergläichen - eis zesummesetzen an de Listing analyséieren. An am Laf vum Joer 2009 wëlle mer effektiv en Energieberoder mat erunzéie fir ze kucken, wou mer usetzen. Dat heescht, mir stelle keen Energieberoder ganzdags an, mä mer wäerten op en Energieberoder vu baussen zeréckgräifen, dee mat eis um Dësch sëtzt an eis beréit, fir datt mer gesi bei watfir engem Gebai eng Verschwendung ass an et e Wäert huet fir unzesetzen. An dofir wäerte mer dann och d'nächst Joer eppes an de Budget setzen.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech wäert iech net esou laang mat menge puer Froe zum Budget beschäftegen, esou datt mer schnell doduerch sinn.

Artikel 7021/001, loyer et charges:

Do hu mer am Budget eng Recette vun Vox Mobile stoe fir d'Locatioun vun enger GSM-Antenn, déi op eisem Terrain steet. Mir hunn op der Lénger Strooss, an der Gäertnerei, och nach eng Antenn vu LUX-GSM stoen. Am Budget gesinn ech awer kee Poste fir d'Recette vun däer Antenn. Wat kréie mer do vu Loyer?

Roland Breyer, Schäffen:

Ech géif mengen, datt déi Recette vun däer Antenne an deem Artikel mat dran ass. Mä mer kucken dat awer no.

Norbert Pierre (LSAP):

Artikel 7013/002, taxe d'eau:

No den Aussoe vum Schäffer Breyer soll de Waasserpräis 2010 op 4,50 € an d'Luucht goen. Ech wollt wëssen, ob schonn Etuden an der Gemeng gemaach si gi fir d'Erschléisse vun eegene Quellen, déi een dann an eist Waassernetz kéint aspeisen?

Roland Breyer, Schäffen:

Ech hunn net behaapt, d'Waassertax géif op 4,50 € an d'Luucht goen. Ech hunn ech Hypotheserechnung gemaach, déi am Kader vun enger Studie um SIACH gemaach ginn ass, an déi héchstwahrscheinlech net wäit vun der Wouerecht ewechläit. Et muss een awer elo emol den Text vum neie Waasserrahmegesetz ofwaarden, dat elo dëst Woch soll an der Chamber gestëmmt ginn.

An do kommen och Bestëmmungen an dat Gesetz, wann ee selwer Quellen

huet. Et ass net esou, datt een déi Quellen einfach esou däerf fänken, mä et sinn och Taxen domatter verbonnen. Well d'Quelle gehéieren net engem alleng, mä si sinn e Patrimoine national. An et muss een emol kucke wat do déi intressanste Filière ass fir de Präis esou kleng wéi méiglech ze gestallten.

Sécherlech hu mer ganz vill Quellen hei, an et ass sécherlech eng Alternativ fir déi ze fänken. Mä et muss een dat awer och berechne vis-à-vis vun däer traditionneller 'taxe d'enlèvement', déi op der Sebes oder um SES drop ass.

Norbert Pierre (LSAP):

Artikel 2001/005, plan d'aménagement général:

Am Kader vum Plan d'aménagement général, an och vun de PAPen déi gemaach ginn, wollt ech wëssen, ob och dru geduecht gëtt fir an deem Kontext eist Bautereglement och komplett nei ze maachen. Well do sinn e ganze Koup Lacunen dran, déi wierklech miissten nogekuckt an der heiteger Zäit ugepasst ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass eng Obligatioun, datt mer d'Bautereglement och mat iwwerkucken. Déi Struktur vun de PAGe sinn haut aneschters, an dee ganze System ass aneschters wéi en nach war laut dem ale Gesetz vun 1937. Esou datt dat Ganzt muss reforméiert ginn. An dat wäert am Joer 2009 mat Sécherheet op der Dagesuerdnung vum Gemengerot stoen. Mir sinn esouwäit mat de Viraarbechte fäerdeg, esou datt mer am Fréijoer déi éischt informell Diskussiounen um Niveau vum Gemengerot kënne féieren.

Norbert Pierre (LSAP):

Artikel 2430/001, prime dans l'intérêt de la protection de l'environnement:

Denke mer drun, esou wéi den Environnement et elo mécht, fir elo endlech an eist Reglement dran ze setze fir d'Photovoltaikanlagen ze subsidiéieren?

Gilbert Welter, Schäffen:

Mir hunn den Artikel vun 12.000 op 30.000 € gehéicht. Mir hunn am Gemengerot vum 12. Dezember elo Detailer dovunner. Et ass zimlech komplex dat Ganzt. Dat heescht et leeft iwwert zwou Din-A 4 Säite mat Méiglechkeeten, wou ee ka Primen a Subside kréien. Mir hunn eng Sëtzung mam Klimabündnis gehat, an et ass esou, datt dee ganze Programm esou ausgeschafft ass, datt e sech am Prinzip no 20 Joer géif droen. Een Deel dovunner bezilt de Stat als Primen, an een Deel gëtt dann och d'Gemeng fir dat ze kompenséieren. Well ech awer elo haut Detailer net bei Hand hunn, wëll ech nëmmen drop hiweisen, datt mer am Gemengerot vum nächste Freideg dat do ganz genee am Detail duerchhuele kënnen.

Norbert Pierre (LSAP):

Artikel 2132/002, piscine couverte à Pétange:

Et ass ze begréissen, datt d'Renovatiounen ugefaangen hunn. Et huet laang gedauert bis mer esouwäit waren. Dëst Joer hu mer 3,2 Milliounen Euro am Budget stoen, dat heescht, dëst Joer gëtt e groussen Deel dovunner opgeschafft. Ech begréissen och, datt mer en Inox-Basseng dra maachen, esou wéi ech dat proposéiert hat. Ech wollt awer froen, wéini datt eis Schwämm erëm vun de Bierger ka profitéiert ginn?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

De Betrag vun 6,2 Milliounen Euro weist aus, datt dëst e ganz grousse Projet ass. 3,2 Milliounen dovunner stinn am Budget 2009 dran. Dëst Joer stounge schonn 1,5 Milliounen dran. Wann der d'Schwämm elo haut kuckt, da gesitt der, datt nach just Gerëpp vum Gebai do steet. Dee ganzen Daach, déi ganz Menuiserie extérieure plus de ganzen technesche Volet gëtt nei gemaach. Och den Inox-Basseng ass virgesinn. Dir gesitt also, datt, wann d'Oppositioun Proposë mécht, mir déi och analyséieren. Mir hu festgestallt, datt den Ënnerscheed am Präis, zum heitege Moment, net esou grouss ass wéi mer dat gefaart haten, well de Präis vum Inox am Moment am gaangen ass ze falen. Dofir wäerte mer dem Gemengerot den 12. Dezember dat dote proposéieren. An an deem Projet vun 6,2 Milliounen Euro, deem adaptéierten Devis, ass den Inox-Basseng mat dran.

Wéini sinn d'Aarbechten ofgeschloss? Mir haten de Professere vum LTMA an dem Léierpersonal gesot, datt mer mat den Aarbechte géife fäerdeg gi während dem Schouljoer 2009/2010. A mer si gudder Hoffnung, datt mer am Laf vun deem Schouljoer nees op d'Schwämm kënnen zeréckgräifen. Virausgesat, datt keng Komplikatiounen dobäikommen, an datt de Suivi vun deem Projet duerch Techniker esou gemaach gëtt, datt keng Zäite komme wou näischt um Chantier geschitt. Mir sinn awer gudder Déng, datt deen Architektebüro deen néidegen Drock mécht, grad esou wéi mir, fir datt de Projet am Délai ofgeschloss gëtt. Well et ass e wichtege Projet, dee mer onbedéngt brauche fir eis Schoule fonctionnéiere kënnen ze loossen.

Norbert Pierre (LSAP):

Artikel 2133/001, Grand Bis à Rodange:

Ausser Käschte fir Sondagen a Frais d'étuden ass an der Industriezon näischt geschitt. Ausser datt eng Bréck gebaut ginn ass fir Frankräich mat dem Grand Bis ze verbannen. An deem Rhythmus, wéi dësen Dossier viru geet, wäert d'Bréck mussen erneiert ginn ier d'Gewerbezon opgeet. Wéini kënne mer domatter rechnen, datt mer déi éischt Betriber an déi Zon do erakréien?

Gilbert Welter, Schäffen:

Fir mech besteet hei beim Grand Bis eng ganz kloer Décisioun. Ech hat iech gesot, datt mer do déi Buedemprouwen iwwer eng speziell Firma maache gelooss hunn, fir erauszefannen, wat alles op der Plaz muss ofgedroe ginn. Dat sinn enorm Chifferen, an de Käschtepunkt läit esou ëm déi 15 Milliounen Euro.

Dat si Chifferen, déi eng Péitenger Gemeng sech net ka leeschten, esou datt am Fong geholl nëmmen dee Wee, dee mir virgeschloen hunn, datt sech déi zwee Ministèren zesummesetzen (Economie an Environnement) an datt mer dann zesummen diskutéiere wat dann elo definitiv ze maachen ass.

Well op der enger Säit ass de Wonsch do, fir datt d'Industriezon sollt zum Schaffe kommen, an op der anerer Säit hu mer e risege Problem mam Environnement. A mer versiche fir iwwer den Här Schiltz esou séier wéi méiglech déi Reunioun kënnen ze kréien, fir datt mer dann do mussen Décisiounen op de Dësch kréien.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech verstinn awer do eppes net richteg. De Grand Bis, do wou deen ass, war fréier en Iwwerschwemmungsgebitt vun der Kor. Do waren ni Bauten drop opgeriicht, sief dat industrieller oder anerer. Ech kennen zwee Baueren, déi op däer Plaz all Joer hiert d'Hee gemaach hunn, an d'Béischte sinn net dovunner futti gaangen. An datt elo sollen esou Ëmweltproblemer do sinn, an datt do miisst dee ganze Buedem ofgedroe ginn, kann ech net verstoen. Op deem Terrain war ni eng Industrie.

Gilbert Welter, Schäffen:

D'Etudë si vum Bureau Sol-Etude gemaach ginn. An déi hunn eis dat matgedeelt. Et sollen nach emol 181.000 Meterkipp Buedem entsuergt ginn, respektiv 326.000 Tonnen.

An dat ass e Bureau, dee mir agestallt hunn, an deen am Prinzip soll fir eis schaffen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et muss een awer och soen, ëm wat et hei geet. Mir hunn eng Commodo-Incommodo Prozedur gemaach, wou et vläicht gutt gewiescht wier, fir déi am Ufank ze maachen. Mir hunn déi elo ganz zum Schluss gemaach. A wou mer se gemaach hunn, hu mer d'Oploe vum Ëmweltministère kritt, a wou mer gesot kritt hunn, datt mer Buedem-prouwe miissten huelen. An déi Prouwen hu mer duerch e Bureau huele gelooss. An op Gronn dovunner koum dat dote Resultat dobäi eraus. Ech ginn elo net dovunner aus, datt si eis elo eppes wëllen ziele wat net richteg ass. Et kann een natierlech elo eng Géigenexpertise maache loossen, mä esoulaang mer dee Problem do net geléist hunn, kréie mer och keng Autorisatioun fir de Commodo-Incommodo. An esoulaang mer déi net hunn, fänke mer net do un. A mer wëllen awer elo emol de Propriétaire vun deem Terrain, dat ass de Stat, mat däer Saach hei confrontéieren, an hinne soen, datt si déi sinn, déi interesséiert si fir Aarbechtsplazen ze schafen, a fir e Zoning do ze schafen. Mir als Gemeng sinn dat och, mä mer hunn als Gemeng awer schonn esouvill do dragestach, a mer hätten elo emol gären, datt dat dote géif virugoen. Mir hunn eng Demande bei de Ministere vun der Economie an der Ëmwelt gemaach, a wou mer déi gäre mateneen un den Dësch hätten. Well et ass ëmmer schwéier, fir déi zwee un een Dësch ze kréien, well déi zwee Ministeren hu géigesetzlech Positiounen. A wa se zesummen un engem Dësch sëtzen, da gi se mat deene Positioune confrontéiert. Well bis elo konnt een ëmmer nëmmen engem no deem anere nolauschtern, an esou ass et hin an hir gaangen. Mir wëllen se elo gären allen zwee un den Dësch, well soss musse mer 'leider Gottes', an et géif eis leed doen, deen Dossier zoumaachen. Well datt mir als Gemeng 15 Milliounen Euro do drastiechen, plus nach eng Kéier 10 Millioune fir d'Infrastrukturen ze schafen, dat sinn 25 Milliounen, a mer déi Zomm da mussen op déi nei Betriber ofwälzen, da kënne mer sécher sinn, datt keen dohinner kënnt.

Norbert Pierre (LSAP):

Wann dat elo e Wunnquartier géif ginn, da géif ech dat jo nach kënne verstoen. Mä do miissten et jo och verschidde Staffelunge ginn, wat Industriezon ass, asw.. Well iwwer d'Halschent gëtt jo souwisou mat enger Betongsschicht versigelt, an da kommen d'Stroossen nach dobäi, da bleift net méi vill vun Terrain iwwereg.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also mir bleiwen um Ball.

Norbert Pierre (LSAP):

Artikel 2123/002, construction de garages communaux:

Vun Ateliere schwätze mer net méi. No 6 Joer hin an hir huet de Schäfferot sech dann elo endlech fir e Site kënnen entscheeden. Wéi laang dauert et nach bis déi nei Garage kënne benotzt ginn?

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass een Dauerbrenner, hat ech gesot. Mir sinn déck am gaangen dorunner ze plangen. Mir bauen effektiv nëmme méi Garagen, well dat dem Besoin effektiv entsprécht vun eise Leit. Mir hu keng Atelieren wou eppes produzéiert gëtt. Mir brauche keng grouss Produktiounshalen, mä mir brauchen e gudden, propperen a sécheren Ënnerdaach fir eis Leit. An de Moment leien d'Studie vum Site op der Lénger Strooss am Ëmweltministère, op Gronn vun enger Ëmweltverträglech-keets-Etude déi do gemaach gëtt. An do kréie mer elo d'Äntwerte wat mer do musse maache fir unzekommen. An esou séier wéi dat do ass, ginn déi néideg Aarbechte lass. Mir rechnen domatter, datt mer 2010 mat den Aarbechten ukommen, an datt mer 2011 mat de Leit kënnen do eranzéien.

Well mer hätte gären de Site vu Rolleng fräi, well mer do en héichwäertege Site hunn, dee mer och nach fir aner Saache kéinte gebrauchen.

Norbert Pierre (LSAP):

Artikel 4/1213, transport de personnes:

Duerch d'Gemeng fueren all Dag, oder quälen sech, kann een och soen, vill Busse vum Tice oder privater Natur, déi de Verkéier méi behënnere wéi fléissend maachen. Wier et net un der Zäit, fir en zäitgeméisse Bus-Service eise Bierger unzebidden, zum Beispill eng Zort Ruff-Bus oder Flexi-Bus? An anere Gemenge fonctionnéiert esou een Service tadellos. Wéi ass d'Stellung vum Schäfferot zu dësem Problem?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Beim Tice sinn ech net onbedéngt ärer Meenung. Ech sinn der Meenung, an dat ass och kloer bewisen, datt et beim Tice, besonnesch déi Linnen déi duerch eis Gemeng ginn, déi Linne sinn, déi am meeschte profitéiert ginn. Laut Statistike sinn am Duerchschnëtt - datt beinhalt och samschdes, sonndes an owes - iwwer 20 Voyageuren op deene Linnen vum Ufank bis un d'Enn. Dat ass ee vun deenen héchsten Tauxen vun alle Linnen, déi gefuer ginn. Ech sinn net der Meenung, datt et engem ëffentlechen Transport zegutt kënnt, wann ee muss 27 mol ëmsteigen. Ech hunn den ëffentlechen Transport dacks geholl, a wann ee gären den ëffentlechen Transport interessant gestalte wëll, da muss een esou vill wéi méiglech vu Punkt A op Punkt B kommen. Et muss een d'Leit do transportéiere wou se gefrot sinn. An ech géif soen, de Punkt wou se gefrot sinn, ass an dësem Fall sécherlech a Richtung Esch. Wa mer a Richtung Stad fueren, dann ass et sécherlech méi interessant den Zuch ze huelen. Mä den Tice, an dat mierke mer och bei de Leit déi matfueren, gëtt haaptsächlech gebraucht vu Péiteng a Richtung Esch an ëmgedréint. E gëtt awer och - an dat ass d'Linn 14 - ganz vill gebraucht fir intern hei an der Gemeng déi eenzel Punkte vun eiser Gemeng unzefueren. Well ech erënneren drun, datt d'Linn 14 vun der Grenz, iwwer d'Rodanger Kierch ewech, erëm bei d'Gare, iwwer den Zentrum vu Rolleng an den Zentrum vu Péiteng geet. Et ginn also all wichteg Punkte vun eiser Gemeng ugefuer. An och vun däer Linn gëtt ganz vill profitéiert. Esou datt ee sech muss froen, wat dat Bescht ass. Ech sinn awer ganz gäre bereet iwwer e Ruff-Bus ze diskutéieren. Mir mussen natierlech do e Konzept hunn. Mir mussen emol kucke wat aner Gemenge gemaach hunn. Ech weess zum Beispill vu Schëffleng, datt et bei hinnen net geklappt huet. Déi änneren hirt d'Experiment erëm. Et muss ee bei esou Ruff-Bussen oppassen, datt et Spëtzenzäite ginn, wou d'Leit wëllen alleguerten op d'Gare gefouert ginn, a wou een dann eng 50 Busse muss fueren hunn, an et ginn och Zäiten, wou praktesch keen Notzen ass, a wou och Busse vum Tice zum Deel eidel fueren, a wou och dann de Ruff-Bus vun de Leit net genotzt gëtt. Et muss een oppasse fir dee richtegen Equiliber ze fannen, fir datt ee mat dem Invest, deen eng Gemeng mécht, och den optimalsten Déngscht geleescht ka kréien.

An do musse mer un engem Konzept schafen. Mir sinn am gaangen esou ee Konzept auszeschaffen, an ech wëll net ausschléissen, datt net eng Kéier esou ee Ruff-Bus kënnt. Mir mussen natierlech oppassen, well och dat ass erëm en ordinäre Budgetsartikel, deen den ordinäre Budget wäert belaaschten. An et muss ee kucken, a wéi fern dat ze vertrieden ass, datt deen ordinäre Budget ka belaascht

ginn. Wa mer de Budget elo mat enger Millioun pro Joer belaaschten, da muss ee wëssen, datt mer déi Millioun net hu fir aner Saachen. A wann et iwwer eng ganz Legislaturperiod geet, da sinn dat 6 Milliounen, a mat deene Sue kann een zum Beispill d'Aarbechten un der Péitenger Schwämm maachen. Dat ass ee Choix, deen ee muss maachen, well et kann een d'Suen nëmmen eng Kéier ausginn.

Et miisst een och emol eng Kéier eng Ëmfro bei de Leit maache fir ze kucke wat si brauchen, a wéini se géifen esou ee Ruff-Bus huelen. An dann hätt een eng Informatioun, iwwer dat wat gebrauch gëtt. An da kann een d'Konklusiounen dorauser zéien, déi ze zéie sinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Beim Ruff-Bus wëll ech nach bäiflécken, datt mer eis scho Gedanke gemaach hunn. Mir hunn och scho konkret Offeren a Vergläicher do leien. Mä et muss ee sech net ëmmer zevill engem Hoffnungsschimmer higinn a soen, datt mer e Ruff-Bus huelen, an da leeft dat, an dat kascht esouvill.

Et muss een direkt emol kloer soen, datt - wann e Ruff-Bus kënnt - et och e Bäitrag vun de Leit bedeit. Et kann net gratis si fir d'Leit. Et hänkt also och dovunner of, wat een de Leit wëll zoumudden, well dat, wat d'Leit bezuelen, brauch d'Gemeng net ze bezuelen. Dee ganze Package, deen do a Fro kënnt, läit tëscht 100.000 an 250.000 € pro Joer. Dat hänkt dovunner of, ob een de Bus och wëll iwwer de Weekend lafe loossen oder net, wéi laang en am Dag fonctionnéiert, wéi laang een e wëll un den ëffentlechen Transport ukoppelen, well een domatter och eventuell eng Subventioun vum Ministère kéint kréien. Et muss een awer kucken, ob esou ee Ruff-Bus fir deen Zweck geduecht ass. An et muss ee kucken, wéiwäit ee mat Publicitéite Fonge ka maachen.

An da bleift duerno e Käschtepunkt iwwereg, den opgedeelt muss ginn. Dee gréissten Deel wäert fir d'Gemeng sinn, an d'Leit mussen awer och fir en Deel opkommen.

Mir dierfen och net vergiessen, datt eis Gemeng eng laanggezunne Gemeng ass. An datt mer verschidde Quartiere lénks a riets hunn. An et muss ee kucken, ob esou ee Ruff-Bus sech dofir eegent. Well wa mer den Tice duerch déi laang Gemeng fuere loossen, dann hu mer jo schonn eng Zort Ruff-Bus.

Et muss een also kucken, wou effektiv nach e Besoin besteet, a watfir ee Besoin et ass. Ass et e Besoin fir op Käerjeng an de Supermarché ze fueren, da muss een dat soen, an et kloer soen. An da muss een awer domatter rechnen, datt d'Geschäftsleit hei aus der Gemeng soen, datt mer d'Leit no baussen hin transportéiere sollen. Et ass eng Problematik, déi mer eng Kéier diskutéiere mussen, an da kucken, wat dobäi erauskënnt, an dann déi néideg Décisiounen huelen.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech versti ganz gutt, an et kann och nëmmen esou sinn, datt de Bierger muss mat dru participéieren. Et ka keen Service sinn, dee fir näischt ass. Op der anerer Säit muss ech awer och soen, datt mer méi Busse vum Tice hei an der Gemeng fueren hu wéi muench aner Gemengen. Well op Schratt an Tratt fält een iwwer e Bus.

Dat ass an der Rei, an dann ass och gutt esou. Ech hunn näischt géint den Tice. Mä ech gesinn de Ruff-Bus awer donieft. Well dat gëtt et och an anere Gemengen hei am Land. Wann ech elo gären um Territoire vun der Gemeng Péiteng - ech schwätzen nëmme vun der Gemeng Péiteng, an net vu Käerjeng, a mer sollen och keng Leit op Käerjeng féieren - wëll an e Restaurant oder an e Geschäft goen, da kann ech mer de Service vun esou engem Ruff-Bus virstellen. Well domatter kéint och een Deel vun deenen interne Linne vum Tice ewechfalen.

Den Här Breyer huet jo och gesot, datt dat géif weider verfollegt ginn, an da waarde mer emol of, wat dobäi erauskënnt.

Dann hätt ech nach eng Fro zum HPMA. D'Spidol zu Nidderkuer ass jo un de CHEM verkaf ginn, esou datt och d'Syndicat vum HPMA kuerz oder laang wäert opgeléist ginn. Kréie mer do Remboursementer fir eis Participatiounen, déi mer am Spidolssyndikat haten? Wat kréie mer? Wéi steet et mat de Propriétéitsverhältnisser? Am Budget hunn ech emol néierens eng Recette dofir erëmfonnt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hunn d'Nidderkuerer Spidol zanter engem Joer mam CHEM fusionéiert. Mir stelle fest, datt dat kee Réckgang ass fir d'Nidderkuerer Spidol. Am Géigendeel, mir hunn nei Investissementer am Nidderkuerer Spidol gemaach. Et gëtt och virun investéiert. Dir konnt viru kuerzem feststellen, datt en neien IRM - wou mer scho ganz laang driwwer geschwat hate - endlech do ass. Dat ass eng Plus-value zu Nidderkuer. An et wäert sécherlech - och wa vläicht deen een oder aneren Déngscht net méi zu Nidderkuer gemaach gëtt - aner Déngschter entwéckelt ginn, esou datt Nidderkuer an deem ganze Konzept vum CHEM eng wesentlech Roll spille wäert, an dat op deem selwechten Niveau wéi Diddeleng an Esch.

Mir wäerten och e Remboursement ze erwaarden hunn. Et ass esou, datt mer engersäits am gaange sinn - an déi Evolutioun steet den nächste Méindeg um Ordre du jour vum Bureau vum Syndicat vum HPMA - déi Terrainen un déi Déifferdenger Gemeng ze verkafen, respektiv gi jo och Terrainë gratis an de CHEM eran. Et ass dat en Apport, deen den HPMA mécht. Et ass awer och, an dat ass e groussen Deel dovunner, e groussen Deel vum Stock op den 31. Dezember verkaf ginn. Op der anerer Säit ass och en Deel vun den Apparater, déi nach net komplett amortiséiert sinn, weider un de CHEM gaangen. Mir mussen elo just d'Modalitéiten definéieren, ënner watfir enger Form de CHEM eis dat rembourséiert. Et kann ee vu ronn 7 Milliounen Euro ausgoen, wat am Total nach vu Kapital do läit, wouvunner sech d'Gemeng Péiteng een Drëttel kann erwaarden. Et ass awer fir de Moment nach ze fréi fir ze soen, mir rembourséieren elo der Gemeng Péiteng en Deel vun de Fongen, well mer d'Fongen nach net vum CHEM krut hunn, well dat erëm eng Kéier vun de Krankekeesen ofhänkt, wéi séier déi di Sue kréie fir dem HPMA zeréckzeginn.

Mir sinn awer gudder Déng, datt mer e gudden Deel am Laf vum Joer 2009 wäerten erëmkréien, an och rembourséiert kréie vum CHEM, fir dat Kapital an déi Infrastrukturen, déi mer hinne ginn. Op der anerer Säit wäerte mer och nach alleguerten déi Dekonte musse maachen, mat der Krankekeess, wou nach e ganze Koup Provisioune gemaach goufen en fonction vu Recetten, déi mer vun de Krankekeese kruten, an déi nach net ofgerechent sinn. Déi Konte mussen approuvéiert gi vun der Krankekeess. An eréischt da kënne mer eis e geneet Bild maache vun deem, wat elo schlussendlech an den HPMA zeréckfléisst. Et wier falsch, fir elo en Deel vun däer Trésorerie, déi mer de Moment zur Dispositioun hunn, un d'Gemengen zeréck ze verséieren, an dann an engem halwe Joer ze kommen an ze soen, datt 400.000 € zevill iwwerwise gi sinn, an d'Gemenge miissten déi zeréckginn. Ech sinn awer iwwerzeegt, datt 2009 en Deel dovunner wäert a Richtung vun der Gemengekeess fléissen. An da wäerte mer iech am Laf vum nächste Joer och soen, wat dat an der éischter Phas wäert sinn.

Norbert Pierre (LSAP):

Dat ware meng puer Ureegungen a Froen zum Budget. Et wier nach villes

ze soen. Ech weisen awer op meng Aussoen zum Budget 2008 hin, wou ech gesot hat, datt déi meescht Aarbechten eréischt Enn 2008 ugefaange géife ginn. An dëst Joer ass et net vill besser, well e groussen Deel vun den Aarbechte fänken eréischt Mëtt oder Enn 2009 un. Dat heescht, mir huelen ëmmer grouss Reporten vun engem Joer mat eriwwer an dat nächst Joer.

Camille Bosseler (CSV):

Mir konnten eis de leschte Freideg iwwerzeegen, datt d'Gemengefinanze weiderhin a gudden Hänn sinn. Wéi wier et soss ze verstoen, datt mir am Budget 2009 Investissementer vun iwwer 18 Milliounen Euro virgesi kënnen, ouni e weideren Emprunt opzehuelen? Et ass sécherlech keng Selbstverständlechkeet, datt déi leschte 6 Budgten am Equiliber ofschléissen, ouni eng weider Erhéijung vun der Gemengeschold. Et brauch ee sech jo nëmmen d'Budgeten aus de grousse Südgemengen unzekucke fir festzestellen, datt dat nach laang net an all Gemeng de Fall ass. Et ass nëmmen enger strenger Finanzpolitik ze verdanken, datt déi ordinär Dépensen nëmme ganz kontrolléiert wuessen an esou een aussergewéinlech héijen ordinären Iwwerschoss vun iwwer 8 Milliounen Euro am Budget 2009 ze erwaarden ass.

Dëst erlaabt eis dann och eng ganz Rei vu gréisseren Aarbechten an eiser Gemeng ze maachen. Et ass sécherlech e ganz ambitiéise Programm, dee sech de Schäfferot fir dat nächst Joer virgeholl huet, an et bedéngt schonn e grousst Engagement vun de responsabele Memberen aus dem Schäfferot an de responsabelen technesche Fonctionnairen, fir dës ganz Aarbechten am Joer 2009 ze erleedegen.

Wéi mat menge Kollegen aus der Fraktioun ofgeschwat, wäert ech op e puer Domainer agoen, déi mir besonnesch um Häerz leien.

Nodeems ech d'lescht Joer schonn op den neie Waasserbasseng um Hierschbierg agaange war, sinn ech dann elo besonnesch frou, dat de Kafakt vum Terrain um Hierschbierg, deen noutwenneg ass fir dëse Basseng ze bauen, net méi spéit wéi haut an der Sëtzung definitiv vu Gemengerot guttgeheescht ginn ass. Mir wëssen, datt d'Prozedur fir d'Pläng vun dësem Projet ze erstellen, e ganzt Joer an Usproch huele wäert, esou datt mam Bau vun dësem Waasserbasseng am Joer 2010 ze rechnen ass. D'Sanéierungsaarbechte vun de Waasserbassenge vu Rodange a Rolleng sinn esouwäit ofgeschloss, d'Télésurveillance vun de Waasserreservoiren an den 3 Sektiounen ass fir d'nächst Joer geplangt, esou datt ee roueg behaapte kann, datt d'Gemeng Péiteng hirer Verpflichtung als Versuerger vu propperem Waasser nokënnt. Dëst gëtt sécher och nach ënnerstrach duerch de Bouclage vum Waasserreseau am Schwaarzewee zu Péiteng, dee sécherlech zu enger besserer Waasserqualitéit an all deene Stroossen, déi op de Schwaarzewee stoussen, bedeit.

Et ass och wichteg, déi grouss Ustrengungen ervirzesträichen, déi d'Gemeng Péiteng um Niveau vum Kläre vum Ofwaasser déi lescht Joere gemaach huet an och am Budget 2009 virgesäit. Ech wëll nëmmen op zwee Projeten agoen. De Bau vun engen 'bassin d'orage' op der Porte Lamadelaine, dee 4,3 Milliounen Euro kascht, ass esouwäit ofgeschloss. Fir d'Joer 2009 sinn dann elo d'Aarbechten un der Eechelsbaach virgesin, Aarbechten, déi d'Gemeng Péiteng forcéiert ass ze maachen an déi an den nächste Méint sécherlech déi eng oder anere negativ Konsequenz fir een Deel vun den Awunner vu Rolleng wäert hunn.

Wat d'Stroosseninfrastrukturen ubelaangt, esou sinn ech frou, datt déi laang Verhandlunge vun den Emprisen an der 'avenue de la Gare' zu Péiteng elo ofgeschloss schéngen ze sinn an esou mat den Aarbechten esou séier ewéi méiglech ugefaange ka ginn. Déi selwecht Prozedur leeft dann elo an der Philippart-Strooss zu Rodange, wou ech dem Schäfferot un d'Häerz leeë wëll, deen néidegen Drock ze maache fir datt och do kuerzfristeg mat den Aarbechten ugefaange ka ginn. Wat d'avenue de la Gare zu Péiteng betrëfft, esou sinn ech frou ze héieren, datt de Schäfferot och beabsichtegt eng Ännerung an der Lëtzebuerger Strooss virzehuelen. De Pavé, deen do läit, ass an engem esou schlechten Zoustand, dass et a mengen Aen onvermeidlech ass, dësen esou séier wéi méiglech ze ersetzen. Dass dat ronn 10 Joer no der Fäerdegstellung vun dësen Stroossenofschnëtt de Fall ass, beweist kloer, datt d'Gemeng Péiteng deemools de falsche Choix getraff huet.

Zwou Stroossen, vun deene scho méi laang geschwat gouf, näämlech d'rue Neuve an d'rue du Bois zu Péiteng, sinn och an de kuerzfristege Programm vun de Stroossenerneierungen erageholl ginn, eppes wat ech nëmme begréisse kann. Och de Reprofilage vun der rue de la Montagne zu Rolleng ass net vu Muttwëll an et wier och gutt, wann d'rue de la Fontaine do matgemaach géif ginn. Alles an allem gëtt an enger Rei vu Stroosse geschafft, esou datt lues mä sécher och eist ganzt Stroossennetz mat de Reseauë verbessert gëtt.

Roland Breyer, Schäffen:

Op d'Fro, ob bei den Aarbechten an der rue de la Montagne och kann d'rue de la Fontaine ka matgemaach ginn, esou hu mir dru geduecht, fir déi Strooss och beim Reprofilage matzemaachen.

Camille Bosseler (CSV):

Zum Schluss wëll ech nach op d'Gemengegebaier agoen. Net nëmme gi verschidde Fassade vu Gebaier erneiert, wéi zum Beispill beim Centre culturel zu Rodange, mä d'Péitenger Kierch kritt och en neien Ustrach. Dësweidere ginn d'nächst Joer d'Renovatiounsaarbechte vum alen Deel vum Stadhaus weidergefouert. D'Aarbechten um Rez-de-chaussée schéngen esouwäit zum Schluss ze kommen, esou datt d'Container virum Gebai hoffentlech geschwë verschwannen. Ech sinn och gespaant ze gesi wéi dës Extensioun vum Biergeramt schlussendlech ausgesäit. An den zwee nächste Joere soll da jeeweils e weidere Stack renovéiert ginn, esou datt bis Enn 2010 mat dem Enn vun dësen Aarbechten ze rechnen ass. Wann een dann d'Investissementer um Stadhaus , dat heescht déi nei Annex mat den Ëmbauaarbechten um ale Gebai, chiffréiert, da wäert een no bei 7 Millioune leien, eng Zomm, déi sécherlech dozou bäidréit eise Bierger e besseren Déngscht ze leeschten, an awer och - an dat däerf een net vergiessen - eise Fonctionnairë besser Aarbechtsbedéngungen zoukommen ze loossen. Duerno wier et awer, menger Meenung no, endlech un der Zäit nei Infrastrukture fir eis Regiebetriber ze schafen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Datt beim Rodanger Centre culturel d'Fassad nei gemaach gëtt, ass net vu Muttwëll. Well wann een elo d'Fassad kuckt, déi zur Säit vun der rue Nic. Biever kuckt, esou ass déi schonn zanter Joeren an engem ganz schlechten Zoustand. Déi muss och isoléiert ginn, well soss zitt dat Gebai zevill Fiichtegkeet.

D'Péitenger Kierch kritt en Ustrach no bannen. Et ass net baussen, wou d'Kierch frësch gemaach gëtt. D'Kierch muss och renovéiert ginn, well ech mengen, et sinn och do schonn iwwer 25 Joer hir, datt dee leschten Ustrach gemaach ginn ass.

Camille Bosseler (CSV):

Ech sinn dann och frou, datt d'Aarbechten um Bâtiment administratif

op der Maartplaz zu Péiteng, déi sech iwwer 10 Joer higezunn hunn, an och ronn 2,3 Milliounen Euro kascht hunn, elo endlech den nächste Freideg dekontéiert ginn. Och wann ëmmer erëm Problemer optauche kënnen, ass et virdeelhaft, wann ee Chantier an engem raisonnabelen Délai ofgeschloss ka ginn.

Jeannot Linden (LSAP):

No der expliziter Virstellung an Analys vum rektifizéierte Budget 2008 an dem viraussiichtleche Budget 2009 duerch den Här Buergermeeschter, an den Erklärungen zu de Ressortë vun deenen eenzelne Schäffen, dierft de Gemengeconseiller et schwéier hu fir Schwaachstellen auszemaache fir eng harsch Kritik unzebréngen.

Wéi ech bei der Stellungnahm zum Budget am vergaangene Joer bemierkt hat - eisem Stat géing et finanziell gutt goen an eis Gemenge wiere keng Spuerveräiner - hunn ech net emol am Dram dru geduecht, datt e puer Méint méi spéit bal d'ganz Welt duerch e finanzielle Crash esou gewalteg verännert géif ginn, an eng Rei vu Länner zum Deel engem Desaster zousteiere géingen. Och an eisem Land hannerléist dee Virgang seng Spueren, an déi wirtschaftlech Rezessioun, déi et elo eréischt lues a lues ze spiere kritt, dierft och an eisem Land vill Käpp zum Dämpe bréngen.

Nun, de Budget dréit der Zäit Rechnung, an ass mat grousser Virsiicht opgestallt ginn. Och wann 2008 am Impôt commercial e Minus festgestallt gëtt, tëscht dem 'montant autorisé' an dem 'rectifié' vu ronn 280.000 €, an och d'Dotatioun e Minus vu ronn 572.000 € opweist, esou ass jo gewoosst, datt an den éischte Méint vum kommende Joer nach e Solde vun onbekannter Héicht nobezuelt gëtt an domatter déi finanziell Situatioun fir d'Gemeng sech verbessert.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dir hutt Recht, datt mer e Minus am Impôt commercial an an der Dotation de l'Etat am Rectifié 2008 hu par rapport zum Budget initial. Wou ech iech och Recht ginn - an ech hoffen, datt mer richteg leien - ass, datt et wahrscheinlech net bei deem Minus bleift, an datt mer eng Verbesserung kréien. Mä déi Verbesserung, déi mer elo net am Budget rectifié agedroen hunn, kéim eis zegutt wann 2009 déi Kris, déi jidderee gesäit kommen, eventuell verheerend Konsequenzen op den Impôt commercial an d'Dotation de l'Etat wäert hunn. Dat géif eis dann d'Méiglechkeet gi fir mat deem Iwwerschoss, mat deem Supplément, dee mer 2008 par rapport zum Rectifié kréien, dat opzefänke wat mer eventuell 2009 manner kéinte kréien. Dat heescht, wa mer déi Zomme kréien, da solle mer eis déi ganz gutt waarm halen, a mer solle kucke wéi sech d'Joer 2009 wéinst däer Kris entwéckelt.

Jeannot Linden (LSAP):

An den aussergewéinlechen Ausgaben ass et jo och esou, datt net all virgesinnen Aarbechten ausgefouert ginn, an déi Gelder, déi votéiert gi sinn, dann och net erausginn an dozou bäidroe fir de viraussiichtleche Boni ze verbesseren. Vun den 23 festgehalene Posten, déi 2008 gestëmmt goufen, sinn en Deel net ausgeféiert.

Wéi den Här Inneminister bei der Aweihung vun der Paesch-Schoul bemierkt huet, de Stat géif weider massiv investéieren an d'Gemenge sollen deem follegen, hunn ech geduecht, wann de Stat de Gemengen esou schnell an onkomplizéiert géing hëllefe wéi de Banken, da wéilten d'Gemenge gäre grouss investéieren. An eis Volleksvertrieder aus der Chamber kënnte sech emol mam Gedanken ofginn, de Verdeelungs-schlëssel vum Impôt commercial an der Dotatioun enger Revisioun ze ënner-zéien an da Linne festleeën, wéi deene manner räiche Gemenge besser gehollef kënnt ginn. De Stat dréit, och haut nach, de Gemenge weider Aufgaben op ouni mat adequater finanzieller Hëllef hannendrun ze stoen.

Ech bieden Iech, mer nach e puer punktuell Froen zu Budget ze beäntweren:

An den ordinäre Recetten hunn ech eng Fro zum Badge d'accès. Wann een dee Bagde géing verléieren, da si jo Donnéeën drop gespäichert. Ginn déi Donnéeë geläscht? Well iergend eng Persoun kéint dee Badge jo fannen, erausfanne wou en ze gebrauchen ass an dann domatter Unfug dreiwen.

Roland Breyer, Schäffen:

Bei deene Badgen, do kënne mer iech berouegen. Esou séier wéi et bei eis op der Gemeng gemellt gëtt, kënne sämtlech Donnéeë geläscht ginn, an dee Badge fonctionnéiert dann och net méi.

Jeannot Linden (LSAP):

Enlèvements des ordures, vente de récipients et de conteneurs, 2008: vente de serrures automatiques pour les poubelles:

Heifir ass eng Gesamteinnam vun 32.000 € virgesinn. Ech hat bei deene leschte Budgetsdebatte gefrot, fir déi Chifferen eenzel opzeféieren, an domatter méi Transparenz ze kréien.

Gilbert Welter, Schäffen:

2007 war et e gréissere Betrag, well ganz vill Leit dat gefrot haten. Et ass awer esou, datt déi Demande vun esou Schlässer am Joer 2008 enorm ofgeholl huet. Mir hunn 2008 1 bis 2 däer Schlässer pro Mount verkaf. Wa mer elo wëssen, datt ee Schlass 30 € kascht, dann hu mer eng Recette, déi ongeféier bei 500 € d'Joer läit. An dofir ware mer der Meenung, datt mer am Budget dat net mussen detailléiert opféieren.

Jeannot Linden (LSAP):

Da kéim ech zu den uerdentlechen Ausgaben.

Canalisations et stations d'épuration - Travaux d'inspection et de nettoyage du réseau:

Fir 2009 sinn 50.000 € nei ageschriwwe ginn. Ech war der Meenung, datt déi doten Aarbechten un eisem Kanalnetz vum SIACH iwwerholl gi wieren, während d'Reparaturen, asw., vun der Gemeng gemaach géife ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

De SIACH mécht nëmmen den Ënnerhalt vun den Ouvragen a vun de Kollekteren. D'Netz an den Uertschaften an de Kanal ass nach ëmmer d'Kompe-tenz vun der Gemeng. Et ass schonn driwwer geschwat ginn, datt de SIACH déi Saachen och soll deelweis iwwerhuelen, mä fir de Moment ass nach guer näischt do décidéiert ginn. Esou datt mir als Gemeng nach ëmmer verantwortlech si fir eist eege Kanalnetz. Mir hunn och 50.000 € agesat - dat ass een neie Posten - fir iwwerall déi Problemer, déi mer d'lescht Joer haten, méi séier kënnen ze begéinen. Dat heescht, wann emol Iwwerschwemmunge sinn, an et si Réckstauen do, fir - zesumme mat enger spezialiséierter Firma - eng Kameraduerchliichtung vum Kanal kënnen ze maachen, an doduerch och méi séier kënnen ze reagéieren. Mä mir sinn nach ëmmer responsabel fir déi Aarbechten.

Jeannot Linden (LSAP):

Organisations de l'administration communale à caractère culturel:

Do stinn 25.000 € am Budget 1009. Gréisser Feieren zum 65. Anniversaire si virgesinn. Ginn déi Festlechkeeten a gréisserem Ausmooss all 5 Joer gefeiert? Kéint ech dozou eng méi genee Informatioun kréien?

Roland Breyer, Schäffen:

Fir 2009 sinn hei 10.000 € weider an de Budget gesat hunn, well mer als Gemeng wëlles hu fir aktiv un de Feierlechkeete vum 65. Anniversaire

matzemaachen. Do ass och schonn eng Invitatioun un den Haff gaangen, fir den 9. September hei an der Gemeng present ze sinn. Dat hu mer 'plus ou moins' scho confirméiert kritt. A mer wäerten héchstwahrscheinlech fir d'Lescht d'nächst Joer eng gréisser Feierlechkeet maachen, well elo nach Zäitzeie kéinten dobäi sinn. Dat wëll awer net heeschen, datt an deenen nächste Joeren näischt méi geschitt, mä déi grouss Feiere kann een eventuell nach fir de 75. oder den 100. Anniversaire organiséieren.

Jeannot Linden (LSAP):

Fonds de support d'organisation d'intérêts communaux:

Do sinn 40.000 € fir d'Joer 2009 festgehalen. Am Libellé steet: «Chars cavalcade - cortèges - location tribunes». Meng Fro bezitt sech awer op den Zousaz «Nouvelle ligne de conduite, aides aux sociétés». Kann ech zu dësem Punkt e puer méi genee Erklärunge kréien?

Roland Breyer, Schäffen:

Bei der 'nouvelle ligne de conduite' versti mir de Partenariat bei verschiddenen Organisatiounen. Mir hunn 2 Zorte vu Partenariat. Dat ass dee grousse Partenariat, wou d'Gemeng ka mat draklammen, sief dat op organisatoreschem oder finanziellem Plang, a wou d'Gemeng kann déi Manifestatioun ënnerstëtzen, oder eventuell och Leit an de Comité delegéieren. A bei deene klenge Partenariater verzichte mer op verschidden Taxen, déi miisste vum Veräi bezuelt ginn. Bei deem Artikel hei sinn et déi grouss Partenariater, déi solle subventionéiert ginn. Deen Artikel ass och fir 2009 ëm 10.000 € gehéicht gi well méi Demanden um Dësch leien. Mir hunn traditiounsméisseg dran, de Cyclo Cross vun der Union cycliste, d'Kavalkad, de ITF Roller Open, de 65. Anniversaire vun der Liberatioun, d'Délices de l'Eté. Mir hunn och nach eng Demande vun der Péitenger Musek virleien, déi 100 Joer feieren, a wou mer an enger Entrevue elo nach kucken, ob dat och an de Kader vum Partenariat ka falen oder net.

Jeannot Linden (LSAP):

Bei den 'Recettes extraordinaires' hunn ech just eng Remarque ze maachen. Et ass mer opgefall, datt eis Gemeng fir 2009 nach eng Staang Geld a Form vu Subsiden - et sinn dat ronn 5 Milliounen Euro - vum Stat erwaart. Hoffentlech kommen déi dann och.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Och hei ginn ech iech Recht. Mir hunn dat agedroe wat mer schrëftlech matgedeelt kritt hunn. Do sinn awer Ministèren, op déi ee sech ka verloossen, an do huet een aus der Erfahrung eraus gesinn, datt regelméisseg och déi Zomme gefloss sinn. Mir hu sécherlech och Ministère wou dat manner evident de Fall ass. Mä déi Zommen, déi hei agedroe sinn, sinn haaptsächlech aus de Beräicher wou een éischter kann dovunner ausgoen, datt mer d'Sue kréien.

Jeannot Linden (LSAP):

Dann nach e puer Froen zu den aussergewéinlechen Ausgaben.

Revalorisation des concessions rétrocédées à la commune part des particuliers:

Do ass de Chiffer vun 6.0000 € am Rectifié 2008 op 12.000 € am Budget 2009 eropgaangen. Wëll dat heeschen, datt am Joer 2009 dat Duebelt vun de Griewer gebotzt géif ginn?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mir hunn effektiv de Montant verduebelt. Mir hu ganz vill Concessiounen, déi zeréck un d'Gemeng gaange sinn. Mir hunn och de Moment nach ganz vill Griewer um Kierfecht, déi brooch leien. An déi musse jo och vun eisen Doudegriewer ënnerhale ginn. Et mécht och kee ganz gutt Bild, wann een op de Kierfecht kënnt, an et gesäit een datt esouvill Griewer do leien déi net gepflegt ausgesinn. Dofir hu mer gesot, datt mer elo géife mat enger spezieller Firma déi delikat Aarbecht - well et ass effektiv eng delikat Aarbecht - maachen. Well déi Griewer musse jo och erëm fräi gemaach ginn, an do brauche mer den Accord vun der Santé, asw. . Mir hu wëlles fir an deenen nächste Joeren all déi Griewer erëm an deen Zoustand ze setzen, datt se nees kënne beluegt ginn.

Dat hei ass elo eng besser Approche, wéi wa mer ëmmer nëmme géifen se si loossen, Gras driwwer maachen an op der anerer Säit de Kierfecht vergréisseren. Dat bréngt jo och näischt.

Jeannot Linden (LSAP):

Beim Erneiere vun etleche Kanaluschlëss an der Athuser-Strooss wollt ech froen, watfir Hausnummeren do betraff sinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Et sinn dat déi 7 Haiser lénkser Hand vun der Millen aus gerechent bis un de 'Guelff' erun. Déi Haiser hunn hannenaus nach e Kanal laanscht d'Kor leien, deen zimlech agefall ass.

Mir musse mat de Leit kucken, datt mer d'Haususchlëss viraus an d'Strooss geluegt kréien. An do musse mer kucke wéi mer mat de Leit eens ginn. Well de Kanal laanscht d'Kor ze erneiere wier net dat richteg, well alles Viraus läit.

Jeannot Linden (LSAP):

Acquisition de matériel:

Do ass laut dem Libellé d'Uschaffung vun enger 'caméra portable' virgesinn. An zwar sinn am 'montant autorisé 2008' 10.000 €, am Rectifié 2.500 € an am Budget 2009 15.000 € ageschriwwen. Ech hunn awer festgestallt, datt am Budget 2008 6.000 € agedroe sinn, an dann dierften am 'montant autorisé' och nëmmen 6.000 € stoen.

Roland Breyer, Schäffen:

Do schéngt et mer esou ze sinn, datt dee Kredit am Laf vum Joer gehéicht ginn ass. Mir wollten déi Kamera schonn d'lescht Joer kafen. Do waren 6.000 € virgesinn. Et huet sech awer erwisen, datt se 10.000 € kascht. Mir hu se awer 2008 net kaf, mä se soll elo 2009 kaf ginn. Et schéngt mir, wéi wann de Montant vun 10.000 € richteg wier, deen am Budget steet. Mä mer kucken dat awer nach no.

Jeannot Linden (LSAP):

Erfreelech ze héiere war d'Matdeelung, datt d'Gemeng elo all néideg Parzellen huet fir de Bau vum Waasserbasseng um Hierschbierg an d'Wee ze leeden, an datt dann och elo Neel mat Käpp gemaach kënne ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Wat awer elo nach soll kommen, ass net grad einfach. Well mer mussen duerch friem Stécker eroffueren. Et si praktesch lauter Felder oder Bëscher, déi nach do leien, plus dann nach verschidde privat Propriétéiten, déi beréiert ginn. Et ass awer d'Affaire vun der SES fir déi Verhandlungen ze féieren, an ech hoffen, datt déi séier viru maachen.

Jeannot Linden (LSAP):

E bësse méi aarmséileg ass et awer, datt d'Realisatioun vum Grand Bis op der Fonderie nach ëmmer weider schleeft. Wann de Projet realiséiert gëtt, da wäert et jo hoffentlech net esou sinn, datt d'Bréck op der franséischer Säit - déi zanter Joere scho gebaut ass - fir d'éischt sanéiert oder renovéiert muss ginn. Do gouf haut scho Stellung dozou geholl, esou datt der mer net méi braucht doropper ze äntweren.

Eng Fro ass nach, wéi wäit d'Etuden zur Aféierung vun der Zone 30 km/h gemaach sinn. Sinn esou Verkéiersännerungen nach vun de staatlechen Instanze gewënscht?

Roland Breyer, Schäffen:

Déi Zone 30 hate mir am Fong geholl um Dësch leie gehat. Mir hunn déi Etude duerch Schroeder & Associés ofschléisse gelooss. Si huet eis net gefall, well se keng Verbesserunge bruecht hätt, well eis Gemeng déi speziell Configuratioun vun der laanger Strëpp huet. A wa mer all Kéier, wou et op d'Haaptstrooss zeréck geet, mussen d'Zone 30 nees ophiewen, dann huet dat och kee Wäert. Esou datt mer dovunner ofgesinn hu fir d'Zone 30 anzeféieren.

Et stëmmt awer, datt de Ministère de Moment erëm eng Kéier méi Flexibilitéit an déi Zone 30 geluegt huet. Féier war et esou, datt een nëmmen huet dierften 'double sens' hunn. Elo si se awer schonn d'accord, fir Einbahnstroossen ze acceptéieren. Et kann een dat am Kader vun deenen neie Bestëmmungen nach eng Kéier kucken. Mä fir de Moment ass et esou, datt eng Zone 20, déi 'shared space', wou alles opgehuewe gëtt, a wou riets Virfahrt huet, an deenen neie Lotissementer oder an deenen neie PAP-en ze probéiere wier.

Jeannot Linden (LSAP):

Wat d'Stroossen ubelaangt, esou wollt ech virschloe fir bei der Erneierung vun der Couche de roulement an der rue de la Montagne zu Rolleng och den ënneschten Deel vun der rue de la Fontaine matzemaachen. Och hei gouf scho bei menge Virriedner drop geäntwert, esou datt déi Fro hifälleg ass.

Bei der Virstellung vum Budget 2009 huet den Här Breyer matgedeelt, datt mat der Erneierung vun der rue de la Gare zu Péiteng Récksprooch mat de Ponts et Chaussées geholl géif ginn, fir den Deel an der Lëtzebuerger Strooss tëscht der Gillardin-Strooss an der Park-Strooss och ze erneieren. Dat géing jo awer mat sech bréngen, datt en Devis fir d'Ausféierung opgestallt a gestëmmt miisst ginn, respektiv den Devis vun der rue de la Gare verbessert miisst ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Wat den Devis vun der Avenue de la Gare ugeet, esou ass et richteg, datt dee muss nei gemaach ginn. Eischtens ass en aus dem Joer 2005. Mir haten den Devis hei am Gemengerot am Dezember 2005 gestëmmt. Den Devis muss also adaptéiert ginn, an et kënnt dann nach dat Stéck an der Lëtzebuerger Strooss dobäi. Mir wäerten deen Devis am Februar/Mäerz 2009 hei op den Dësch kréien. De Ponts et Chaussées ass do am gaangen drun ze schaffen.

Lily Gansen (LSAP):

Wann een hannert senge Leit aus der eegener Fraktioun schwätzt, dann ass et net einfach. A mäi gudde Frënd op menger lénkser Säit huet mer scho ganz vill vun deem ewechgeholl wat ech wollt soen.

Dëse Budget ass esou gehale wéi wann eis aktuell Wirtschaftssituatioun sech net esou séier géif verbesseren, an dat ass och richteg esou. Mä dofir ass et wichteg, datt eng Gemeng, besonnesch an esou Zäiten, a wann een e Boni vu praktesch 8 Milliounen am Budget huet, senge Bierger d'Liewen esou liicht ewéi nëmme méiglech mécht. An dësem Kontext hätt ech e puer Iddien, mä virdru wëll ech awer nach verschidde Froe beäntwert kréien.

Zu Rodange an der Schwämm leeft e Kontrakt mat enger Botzfirma op 3 Joer fir 302.000 €. Ass dëse Chiffer fir een oder fir 3 Joer?

Gilbert Welter, Schäffen:

De Chiffer ass fir d'ganzt Personal, wat dohinner schaffe kënnt fir ze botzen. Si schaffe jo haaptsächlech owes, och iwwer de Weekend. An an deem Präis ass och dat ganzt Botzmaterial mat dran. An de Montant ass fir ee Joer.

Lily Gansen (LSAP):

Am Budget steet e Chiffer vun 2.500 € fir eng Assurance fir d'Membere vum Gemengerot a vun de Kommissiounen. Dëse Chiffer schéngt mer esou niddereg fir déi vill Leit, datt ech gäre wësse géif firwat dës Assurance ass.

Roland Breyer, Schäffen:

Déi Assurance ass eng Onfallversécherung fir de Gemengerot, fir d'Memberen aus de Commissiounen a fir den Office social. Et sinn eng ronn 50 Leit, déi domatter assuréiert sinn, an all Member, ënner 65 Joer, ass verséchert wann hien en Onfall am Ausübe vu sengem Mandat huet, an doduerch invalid gëtt, oder géif zu Doud kommen.

Donieft gëtt et awer och um eegenen Auto nach eng Kasko. Dat heescht, fir déi Leit déi mat hirem eegenen Auto am Déngscht vun der Gemeng fueren, besteet och eng Kasko op hirem Auto. Den assuréierte Montant ass awer do plafonéiert.

Lily Gansen (LSAP):

De Chiffer fir d'Surveillance an de Schoulbusse geet vun 124.500 € op 174.122 € erop. Firwat?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Beim Schoultransport muss ee soen, datt mer eng Deierecht hunn, déi duerch déi regelméisseg Ausschreiwungen, déi mer musse maachen, net ausbleift. Anerersäits muss een och soen, datt grad zwou Saachen eng Roll gespillt hunn, datt de Schoultransport méi déier ginn ass. Engersäits hu mer versicht, fir eng nei direkt Linn ze maachen, tëscht der Rollenger Schoul an der Piko-Schwämm an der Rodanger Sportshal, an dat fir ze verhënneren, datt déi Kanner vu Rodange a Rolleng opgesammelt goufen, an da vill zevill laang am Bus souzen an net vum Sport profitéiere konnten. Dofir hu mer eng supplementar Linn agefouert, esou datt déi Rodanger Kanner direkt an d'Schwämm kommen an déi Rollenger mat enger zousätzlecher Linn och direkt dohinner gefouert ginn.

Dat ass een Deel vun der Deierecht. Deen aneren Deel ass, datt mer haut musse méi Kanner féieren, well déi Péitenger Schwämm fir de Moment zou ass. An dofir mussen déi Péitenger Kanner an de PiKo gefouert ginn. An esoubal déi Péitenger Schwämm erëm op ass, brauchen déi Kanner net méi gefouert ze ginn.

Dat ass d'Ursaach, firwat datt am Joer 2009 de Schoultransport méi deier gëtt. Mä dat wäert sech awer zum Deel nees an deenen nächste Joere reduzéieren, wann déi Péitenger Schwämm erëm op ass.

Lily Gansen (LSAP):

Am Budget sinn och héich Kreditter fir e syntheteschen Terrain an d'Alentouren zu Rodange bei der neier Sportshal virgesinn. Kënnen eis Schoulkanner vun deem engen oder vu méi vun dësen Terrainë profitéiere fir hir Aktivitéiten dobaussen ze maachen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Deen Terrain ass och zougänglech fir d'Schoulklassen. Dofir hu mer den Terrain och mat der Sportshal verbonnen. Fréier ass ëmmer gesot ginn, datt, wa schlecht Wieder ass, an d'Kanner ginn drop, da géif dat deem normalen Terrain schueden. Haut ass et esou, datt mer dat bei engem syntheteschen Terrain net méi hunn, esou datt selbstverständlech eis Kanner kënne vun deenen Infrastrukture profitéieren.

Lily Gansen (LSAP):

Bei der Rollenger Millen a bei der Waxweiler Millen zu Péiteng géif ech gäre wëssen, watfir Aktivitéite schlussendlech hei geplangt a fir all Bierger an eiser Gemeng zougänglech sinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Déi Rollenger Mille gëtt elo an d'Rei gesat. Do gëtt e Stéck vun eis bäige-

baut, an alles, wat bannen an der Millen zum Fonctionnement gehéiert, gëtt vum Stat iwwerholl. D'Aarbechte gi vum Pro-Aktif gemaach, an déi kréien och e Büro an der Millen, a si kucke fir e Genre 'Kleng Restauratioun' op der Plaz ze maachen, an dat mat Produitë vun hei. Et kann ee sech virstellen, datt eng Hameschmier oder e Pättchen do kann offréiert ginn. Wéi d'Millen awer elo op ass, ass nach net décidéiert. An et kann een awer och deen alen Deel vun der Mille kucke goen, an och eventuell d'Fonctionnement erkläert kréien, a kucke wéi de Mëller gehaust huet. Bausse ronderëm gëtt de Weier och e bëssen an d'Rei gesat an ofgeséchert, fir datt ee sech och am Summer kann do e bëssen ophalen. A lues a lues gëtt dat eng 'aire de récréation'.

An deem Eck do ass nach vill Potential dran. Et si jo nach aner Weieren do, et ass nach en Hondsterrain do. Et muss een an d'Zukunft kucken, an dat ka sech jo och nach op der Plaz ausbauen. En éischte Schratt maache mer awer elo, an doduerch kënnt Liewen dran.

Bei der Péitenger Millen - an dat hu mer jo hei scho festgehalen - kënnt e socio-kulturellt Angebot dohinner. Haaptsächlech sollen do artistesch Aktivitéite stattfannen. Am Géigesaz zum Kulturhaus 'A Rousen' gëtt et éischter eng Zort Kulturfabrik. Et soll en 'lieu de rencontre' ginn, wou ee ka Kultur austauschen, a wou een esou dat Kulturellt och gefuerdert kritt. Et ass selbstverständlech op fir d'Leit aus der Gemeng, an et ass och selbstverständlech op fir d'Veräiner. An et ass och selbstverständlech op fir d'Groussregioun, well mer hätte jo och gäre Subsiden aus der Groussregioun.

Lily Gansen (LSAP):

Scho säit 10 Joer diskutéiere mer, wann net scho méi laang, iwwer

- d'Implantatiounen am Grand Bis A. Wéini bougéiert wierklech hei eppes, a wat? Do si jo schonn haut Äntwerte gesot ginn.
- d'Atelieren, elo sinn et Garagen, vunder Gemeng. Dat ass jo verréckt! Dofir meng Fro: Brauche mer keng Ateliere méi? Wann net, firwat? Gëtt an der Gemeng näischt méi vun handwierkleche Saache gemaach?

Roland Breyer, Schäffen:

Aus den Ateliere sinn definitiv Garage ginn. Et muss een einfach eng Kéier reell an éierlech sinn, a sech d'Fro stelle firwat mer iwwerhaapt bis elo Atelieren an der Gemeng haten. Mir hunn eng Schlässerei kritt, well eng Kéier ee vun der Eisebunn eriwwer geholl ginn ass vun engem fréiere Buergermeeschter, well deen et hei besser hat op der Gemeng wéi bei der Bunn. An doduerch ass eng Schlässerei entstanen.

D'Atelieren, déi mir an der Gemeng haten, waren entstanen duerch déi Persounen déi op d'Gemeng gewiesselt hunn. A Gott sei Dank hat net een d'Iddi - dee Moment wou e Bäcker bei eis schaffe komm ass – fir eng Bäckerei ze schafen, well soss géife mer haut eis Bréidercher selwer baken.

Et muss een och éierlech soen, datt mer näischt méi hei an der Gemeng verschaffen. Mir brauchen e Lager fir eppes ze stockéieren, an dat Lager muss och net an deem Ausmooss si wéi verschidde Leit dat fréier gesinn hunn. Mir kënnen och e Lager op Abruf maachen. Et muss een also net méi déi grouss Fläch hu wéi se ee Moment geduecht war. Et geet éischter dorëm fir eis Gefierer propper ënner Daach ze kréien, a fir dat Material, dat mer musse stockéieren, eng Plaz ze hunn. An donieft solle mer anstänneg sanitär Raimlechkeete schafe fir eis Aarbechter. Méi brauche mer net.

Lily Gansen (LSAP):

Da brauche mer jo och keng Handwierker méi.

Roland Breyer, Schäffen:

Dach, Handwierker brauche mer nach. Mä ech hu léiwer, si schaffen do-baussen, wéi wann se do am Atelier sëtzen.

Lily Gansen (LSAP):

D'Sécherheet an eiser Gemeng ass eng grouss Suerg vun all eise Matbierger. Et ass elo esou wäit - an ech hunn dat scho selwer erlieft - datt scho Geschäfter hei zu Péiteng, wann et däischter gëtt, hir Diren zouspären, an een nëmmen nach eraloosse wann se ee kennen. Dat ass bestëmmt net aus Spaass, well all Mënsch ass frou fir haut eppes ze verkafen. An et ass och net aus Spaass, wann, virun allem Dammen, wann et Owend ass, sech net méi alleng virun d'Dir trauen. Ech hunn an der leschter Sëtzung hei héieren, datt de Plan local de sécurité op engem gudde Wee wier. Ech hoffen dat vun Häerz, mä wat heescht dat? Wat kënne mer eis heivunner erwaarden? Ech hu versicht mech doriwwer ze infor-méieren, mä et weess kee ganz vill dovunner. An dofir hoffen ech, datt ech hei op der Gemeng eng Äntwert kréien.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech ginn lech Recht, datt Sécherheets-problemer bestinn. Si sinn awer bei eis an der Gemeng net méi grouss wéi am Rescht vum Süden. Mir sinn am gaange mam Plan local de Sécurité dorunner ze schaffen, an ech géif dem Här Breyer d'Wuert dozou ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Mir hunn e Plan local de sécurité mat der Police vun Esch opgebaut. Dee leeft iwwer zwee Joer. An do sinn d'Madame Conter an ech am Comité de pilotage dobäi. Mir kommen all 4 bis 6 Woche mat der Police a mat eisen Servicer zesumme fir e Point vun der Evolutioun vun der Sécherheet ze maachen. Zum Beispill fir däischter Ecker méi hell ze maachen, geféierlech Ecker ze eliminéieren, asw.. Mir kucken och d'Statistiken. An d'Statistike sinn iwwerall zeréckgaangen, ausser laanscht Grenz, wou ëmmer dat Geklauts an dat Netbezuele vu Saachen Iwwerhand hëlt.

An do hate mer nach déi lescht Woch eng Versammlung mat den Tank-stellebedreiwer. An et ass een Iwwel, dat een net an de Gréff kritt well d'Gesetzgebung net streng genuch ass. Wann een do klaut, an e bréngt et deen Dag duerno zeréck oder e bezilt et deen Dag duerno, dann ass déi Saach erëm an der Rei. Dann ass d'Saach erëm an der Rei, an e kann erëm goen. Déi Persoun gëtt net gestrooft dofir. An et si meeschtens Fransouse, déi do tanken an da 'vergiessen' ze bezuelen, dat ass den Ausdrock. An do kann een näischt maachen. Dat heescht, d'Prozedur ass immens schwéierfälleg fir u se ze kommen. An do ass eis Gesetzgebung ganz schlecht.

Op der anerer Säit kënne mer awer och grouss Resultater verzeechnen, an um Enn vum Joer 2009 gëtt och e Bilan gezunn, an dann ass och e Comité d'évaluation, wou de Buergermeeschter an de Schäffe Welter mat dra sinn, mat dem Parquet zesummen, an déi da kucken, ob genuch ënnerholl ginn ass.

Mir hunn nach e grousse Programm fir d'Joer 2009 virun eis leien.

Lily Gansen (LSAP):

Da schéngt och haut e Virus hei am Gemengerot ze sinn, an zwar dee vun der Antenne collective, op déi scho viru mir eng Rei Conseilleren agaange sinn.

Ech war vun Ufank u kee verwenntenen Unhänger fir déi Antenn aus den Hänn ze ginn. Ech hu mech awer dovunner iwwerzeege gelooss, datt et vill méi professionell géif gemaach ginn. Et ass net séier genuch gaange fir datt mer dës Antenn solle lass a se engem private Bedreiwer solle ginn. D'Resultat ass awer net iwwerzeegend. All Moment ginn d'Programmer gewiesselt.

Déi eng ginn ewech geholl an anerer kommen drop. Vill, ganz vill Leit, gi guer net méi domatter eens, an da kréien se gesot, datt se sech mussen eben en Decoder kafen. Mä net en Decoder fir hir Antenn, mä en Decoder fir all Televisioun, déi se an hirem Haus hunn. Fir vill Leit ass awer d'Televisioun dee Moyen fir sech nach ze ënnerhalen, well se net méi kënne vill eraus goen. A vill Leit sinn och net esou gutt betuucht, fir sech kënnen e puer Decoderen ze kafen, well se jo awer hire Präis hunn. Kann a wëll d'Gemeng hei eng Initiativ ënnerhuelen?

Roland Breyer, Schäffen:

Bei der Gemeinschaftsantenn ginn ech iech deelweis Recht, datt d'Informatioun un de Bierger net ëmmer déi Bescht ass. Mir hunn dat schonn d'lescht Joer eng Kéier bemängelt. Mir hunn deemools Nokia-Siemens dozou bruecht, datt se eng Versammlung gemaach hunn, an datt se de Leit emol erkläert hunn, ëm wat et do geet. Et ass ganz kloer, an et ass de Commerce deen dat einfach ausweist, datt déi Firmaen alleguerten an d'Richtung vum Digitale ginn, an och vum Bezueltene ginn, an datt lues a lues dat Analogt ofgebaut gëtt.

An et ass kloer, datt ëmmer méi Programmer am Analgoge verschwannen, an datt een se nëmme méi kann am Digitalen - mat Hëllef vun engem Decoder - emfänken. Dat miisst de Leit nach méi dacks erkläert ginn. A mer kucken och do, fir datt eise Partner op mannst d'Leit informéiert, wéi a wat wéini ewechfält vu Programmen. Ech fannen et net ganz gutt, datt een als Privatpersoun op eemol einfach feststellt, datt erëm ee Programm feelt, an et huet ee keng prealabel Informatioun kritt. Et ass richteg, datt méi Informatioun miisst vun Nokia-Siemens kommen.

Lily Gansen (LSAP):

Da kéim ech nach zu den Maisons relais, déi mer zanter jee her um Häerz leien. Dës Institutioune sinn, egal wéi mer dozou stinn, eng absolut Noutwennegkeet. Da solle mer se awer och net einfach als eng Garderie, mä als eng grouss Chance fir déi Kanner, déi doheem net dat richtegt Ëmfeld hunn, betruechten an awer och als eng grouss Hëllef fir Famillen, déi aus beruffleche Grënn sech net kënnen exklusiv ëm hir Kanner këmmeren, se awer gäre gutt betreit hätten, ugesinn.

An do geet et - an dat ass mäin Dada, deen ech de Moment hunn, a wou ech net iwwerzeegt sinn, datt dat esou ass - mat enger gesonder Ernierung un. Ech hunn näämlech meng Problemer domatter, wann zum Beispill d'Kanner regelméisseg nomëttes en Donat kréien anstatt Uebst. Ech hu mer awer soe gelooss, wann et an däer enger Gemeng klappt, da klappt et an däer anerer Gemeng net. An et ass awer déi selwecht Firma, déi heifir zoustänneg ass. An ech krut gesot, datt et eenzeg an alleng um Budget géif hänken, deen d'Gemeng zur Verfügung géif stellen. Kann dat sinn? Huele mir dann net als Péitenger Gemeng, esou wéi d'Gemenge Réiser, Wolz, Beetebuerg, Schëffleng, Diddeleng, asw., um Projet 'Gesond Iessen - sech bewegen', dee vu 2 Ministère gedroe gëtt, deel? Wann net, firwat?

Mengen Informatiounen no, an déi si richteg, investéiert och d'Gemeng Suessem ganz vill Geld an d'biologescht Iessen an hire Kantinnen. Huet e Kand aus eiser Gemeng net dat selwecht Recht op e gesond Liewe wéi d'Kanner aus deene virgenanntene Gemengen?

Beim 'Repas sur roues' ass dee-selwechte Problem. Hei léisst och vill ze wënschen iwwereg. A grad déi Leit, déi dësen Service brauchen, kënne sech net wieren. Wat ënnerhuele mer hei?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Am Ufank, wou d'Maisons relais opgaange sinn, si mer op de Wee gaange fir de Volet Restauratioun duerch eng Ausschreiwung un eng Firma ze ginn. Mir sinn zwar de Moment am gaangen ze kucken, a Renseignementer anzehuelen, bei deenen anere Maisons relais, déi selwer kachen a fir ze kucken, wéi dat fonctionnéiert. Mir waren och schonn op verschidde Plaze kucken, a mir hu festgestallt, datt dat och eng ganz gutt Approche ass. A bei der neier Maison relais, déi mer elo bauen, musse mer eis dat iwwerleeën, ob mer net och vläicht sollen op dee Wee goen.

Wat awer elo d'Kiche selwer betrëfft, esou hu mer elo mat däer Firma, déi mer de Moment hunn, e wéineg eis Problemer. Mir souzen och schonn e puermol mat hinnen hei um Dësch, a mer haten nach d'lescht Woch eng gréisser Diskussioun mat hinnen, wou mer hinne gesot hu wéi et miisst weidergoen.

Mir hunn awer bis elo nach ëmmer dofir gesuergt, datt mer no deem Schema gefuer sinn, dee mer vun dem Ministère virgeschriwwe kritt hunn, fir datt d'Kanner während enger gewëssener Zäitspann awer esougutt hirt frëscht Fleesch, wéi hire Fësch, Gefligel oder Uebst a Geméiss, asw. kréien. Wann awer elo vläicht emol nomëttes deen een oder aneren an der Collatioun eng Séissegkeet kritt huet, da kann dat de Fall sinn.

Mä normalerweis stoungen awer mëttes ëmmer Kierf mat frëschem Uebst do, wann d'Kanner aus der Schoul komm sinn.

Mir bleiwen awer hannendrun. A wann et bei dëser Firma net grad esou geklappt huet wéi bei däer Firma virdrun, esou si mer beméit, datt et nees an déi richteg Bunne kënnt.

Well dat, wat Kanner solle kréien, ass jo och vun de Ministère virgeschriwwen. Mir kréien d'Menue geschéckt, an do gëtt ugehaakt, wat d'Kanner solle kréien. An et kritt och eng Commissioun dat virgeluegt, esou datt déi och weess wat d'Kanner ze iesse kréien.

Lily Gansen (LSAP):

Ech froe mech just, firwat et zu Käerjeng exzellent fonctionnéiert, a bei eis net. Et et kënnt vun der selwechter Firma, déi mir och hunn. Si hunn awer op der Plaz eng Kächin, déi alles iwwerwaacht, an alles zeréckschéckt, wat net an der Rei ass. Ech wëll awer elo net déi Leit dénigréieren, déi bei eis am Haus responsabel sinn, well ech ganz genee weess, datt eis Chargé de direction zu Lamadelaine exzellent ass.

Mä dat schléisst net aus, datt awer op anere Pläng Problemer bestoe kënnen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mir hunn effektiv - an dat ass och bekannt - mat däer Firma, déi d'Ausschreiwung gewonnen huet, wann een dat esou ka soen, Problemer gehat. Mä mer haten awer d'lescht Woch nach eng Versammlung mat hinnen, a wou mer gesot hunn, datt et onbedéngt ännere muss. A si hunn eis och elo matgedeelt, datt mer en anere Kach erofkréien. Dee miisst dës Woch nach kommen.

Mir bleiwen op jiddwer Fall hannendrun.

Lily Gansen (LSAP):

Zum Ofschloss wëll ech nach e puer Ureegunge maachen:

De Flexibus oder de Ruff-Bus, den Numm ass mer egal, muss dach endlech och bei eis hei an der Gemeng ageféiert ginn. An do war den Här Pierre jo schonn esou explizit, datt ech heizou bal näischt méi brauch ze soen.

Ech gesinn esou ee Bus awer nëmmen um Territoire vun der Gemeng, an exklusiv fir déi Leit, déi e brauchen. Wann ech gesinn, datt zu Rolleng guer keng Geschäfter méi sinn, a wa mer nach e bësse virufueren, da sinn zu Rodange och keng méi. An et ginn awer e ganze Koup Leit, déi net méi

esou mobil si fir sech an hiren Auto ze setzen, oder och keen Auto méi hunn. Et stëmmt och, datt den Tice vill méi fiert wéi nach viru Joeren. Mä wann déi Leit mussen eng Distanz, soe mer vun 200, 300 Meter mat hire schwéiere Kierf maachen, da packen déi dat net. Dofir ass esou ee Bus geduecht, deen ee rifft, an deen een natierlech och muss bezuelen. Och dës Leit hunn e Recht fir hir Kommissioune selwer maachen ze kënnen, och si hunn e Recht fir bei en Dokter, oder egal wou, kënnen ze goen. Ech hunn dës Propositioun scho viru Joeren, an duerno ëmmer erëm gemaach. An der Tëschenzäit hu vill aner Gemengen, wéi zum Beispill am Mamerdall, dëse Besoin erkannt an dofir gesuergt, datt hir Bierger sech sécher a flexibel bewege kënnen. Et kascht dëst an der Regel 1 € pro Fahrt, an d'Leit ginn doheem ewech geholl an erëm zeréckbruecht. Danz genee Detailer, wéi dës Gemengen et maachen, kann ech iech, sollt et gewënscht sinn, ganz gäre ginn. Ech verstinn och, datt eng Gemeng sech net kann 'à l'infini' finanziell an eppes investéiere wat net geet. Mä ech sinn awer iwwerzeegt, datt et géif fonctionnéieren.

Roland Breyer, Schäffen:

Et läit eis beim Ruff-Bus, oder ech nennen e schonn éischter Ruff-Taxi, schonn e Konzept vir. Do brauch een näischt Neies ze erfannen. Et ass haaptsächlech eng Zentral, déi ee muss besetzen, a wou een urifft. An da kënnt eng Zort 'Taxi' op Commande. Mir wäerte méi wéi sécher am Laf vum Joer - wa mer de Konzept nach eng Kéier duerchgeschwat hunn - e Sondage maache fir erauszefannen, wat de Bierger gären hätt, a wat e bereet ass mat bäizedroen. An da kucke mer virun.

Lily Gansen (LSAP):

Mir hunn hei an der Gemeng 3 Kulturzentren, natierlech ouni Kichen, well an e Kulturzentrum gehéiert keng Kichen dran. Och hu mer eng Rei Sportinstallatiounen, a mer kréien nach e Keelen- an en Tenniszenter, a vläicht och nach eng Familljen- a Jugendunterkunft. Heimatter kann ech voll a ganz averstane sinn. Well all déi Projete kënnen nëmmen dozou bäidroen, datt Péiteng méi e Begréff am Kapp vun de Lëtzebuerger gëtt. Well dat war Péiteng an der Zäit net, mä mir sinn um gudde Wee, datt et méi e Begréff gëtt.

Mä vun all deene Saachen huet e Bierger, deen net an engem Veräin ageschriwwen ass, absolut näischt. An dofir solle mer emol eng Etude oder eng Ëmfro maache loossen, wat et géif brénge wann een hei an der Gemeng eng 'Salle sociétaire' fir d'Leit géif maache loossen. Dee Sall soll geduecht si wann e Veräin eppes exklusiv fir seng Membere wëll maachen, zum Beispill en lessen. Awer och wou privat Leit dee Sall kënne lounen. Ech weess, datt ech elo gesot kréien, datt mer domatter de Restaurateure Konkurrenz maachen. Mä esouvill Restaurateure sinn net hei, déi d'lesse kënnen ausféieren. An doriwwer eraus mussen - nieft de Restaurateuren - d'Leit och kënne liewen. Dofir fannen ech, datt mer dat kéinte maachen, mat enger normaler Kichen, an da léist een de Bierger fräi, ob e sech d'lesse komme léist oder ob en een hëlt, deen op der Plaz kacht.

Dat wier de Leit vill gehollef, well de Moment mussen se ëmmer an d'Restaurante goen. An do ass et virun allem d'Gedrénks wat d'Leit doutschléit. Da wësse mer alleguerten.

Roland Breyer, Schäffen:

Zu der 'Salle sociétaire' muss ech awer soen, datt mer zwee esou Säll hunn. Mir hunn zum Beispill den Home.

Lily Gansen (LSAP):

Den Home hu mir zu 95 % subsidiéiert, mä et ass eisen awer net.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass jo egal. Mir kënnen awer zu normale Konditiounen dra goen, d'Veräiner esouguer gratis.

Zu Lamadelaine, de Centre de loisirs, kann een och als privat Persoun profitéieren. Do kann ee sech och d'lesse komme loossen. Also ass dat, wat Dir hei frot, méiglech. An et soll een elo net nach eng drëtt Struktur dobäisetzen. Well esou grouss ass d'Demande jo awer net. An ech maachen drop opmierksam, datt d'Buergermeeschtere vu Lonkesch a vun Ibbeng onbedéngt eppes wëllen hei an d'Regioun kréien, eppes Gréisseres. Hinne feelt dat, esou eng 'Salle sociétaire polyvalente', wou een esougutt kéint Spectaclen oder Showë maachen, oder Ausstellungen oder Foiren organiséieren.

An et soll een emol kucken, ob een net esou eppes zesummen - an net Péiteng alleng - an der Regioun kéint maachen.

Lily Gansen (LSAP):

Zum Schluss wëll ech nach drop hiweisen, datt mer net nëmmen, wat zwar super ass, e Fleegeheem hei zu Péiteng brauchen, mä och e Seniorewunnheem. Well et kann ee jo net einfach aus sengen eegen 4 Maueren doheem direkt an e Fleegeheem wiesselen. Well e Seniorewunnheem wier eng ganz gutt Tëschenetapp, wou d'Leit sech wuel fillen, a wou d'Leit net isoléiert wieren. Si mer an Zukunft gewëllt, esou eppes ze maachen oder net? Well et huet emol eng Kéier e Plang bestanen. Besteet deen nach ëmmer?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Zu Rolleng ass am gaangen e Seniorewunnheem gebaut ze ginn. Do kann een duerno lounen, an et gëtt op privater Initiativ gebaut, an et enstinn 25 Wunnengen op der Ronnwiss, an de Réibau steet do schonn. An zu Péiteng entsteet op privater Basis eppes fir ze kafen. Et entstinn also an deenen nächste Joeren 75 Wunnengen op deem Niveau.

Lily Gansen (LSAP):

Dat ass net dat, wéi ech et gesinn. Well e Seniorewunnheem setzt een net op eng gréng Wiss. Dat setzt een an den Zentrum, wou d'Leit mobil sinn, wou se kënne goen esou wäit et hinnen nach méiglech ass. Well dat zu Rolleng, dat gesinn ech net esou. Do soll eppes aneschters doraus gemaach ginn, well soss setze mer jo erëm Leit, déi net mobil sinn, bei anerer.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech muss iech awer soen, datt dat Seniorewunnheem zu Rolleng encadréiert ass. Et ass en Haus, wou d'Leit komplett encadréiert sinn a wou se net alleng gelooss ginn. An ech muss iech och soen, datt déi Leit duerch d'Adolphe-Strooss ganz séier am Zentrum vu Rodange sinn. Dat ass net méi wäit wéi vum Péitenger Fleegeheem an den Zentrum vu Péiteng.

Lily Gansen (LSAP):

Wat heescht encadréiert? Ass do e Surveillant? Well dann ass et schonn e Schratt méi wäit wéi Seniorewunnheem, well dann ass et schonn e 'betreutes Wohnen'.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass richteg. Da muss ech awer och soen, datt mer och eng Eegeninitiativ geholl hunn. Mir sinn am gaangen eng supplementar Iwwerleeung ze féiere fir am Zentrum vu Rodange - zesumme mam Fonds de Logement - fir eeler Leit eng spezial Struktur ze schafen. Do si mer awer nach net bis un d'Enn vun den Iwwerleeungen an de Gespréicher komm. Mä et gesäit awer bis elo gutt aus, a mer wäerten iech an deenen nächste Méint wahrscheinlech e Projet kënne virleeën.

Lily Gansen (LSAP):

Très bien, mä da schaaft och Geschäfter ronderëm.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass eng aner Saach, an déi ass méi schwéier ëmzesetzen, mä ech ginn iech awer Recht.

Lily Gansen (LSAP):

Da wëll ech nach froen, wéini mer emol erëm eng Kéier soziale Wunnengsraum schafen. Well dat, wat mer zu Rodange gemaach hunn, ass net iwwerzeegend. Do sinn ech net frou domatter, mä wat do steet, steet eben do. Well dat zu Rodange ass fir sozial Fäll. Ech schwätzen awer elo hei vu sozialem Wunnengsbau. Well deen zu Rodange am Duerf ass nëmme fir sozial Fäll, wou mer hoffen, datt et gutt ausgeet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat de soziale Wunnengsbau betrëfft fir jonk Leit, oder fir Wunnraum ze schafen, esou si mer do op Gronn vun deem neie Pacte logement, dee mer haut gestëmmt hunn, och forcéiert dat ze maachen. Esoubal mer e Lotissement maachen, wat eng gewëss Gréisst iwwerschratt - vun engem Hektar - da muss e bestëmmte Prozentsaz dovunner esou gemaach ginn. A mir si viru kuerzem nach mat engem Promoteur zesummekomm, a mer hunn deem scho gesot, datt e gewëssene Prozentsaz dovunner muss sozial Wunnenge sinn. An och zu Rolleng, wann eng Kéier déi Atelieren oder Garage verschwannen, da wier et och fir eis als Gemeng sécherlech interessant, wa mer do am Zentrum vu Rolleng eppes schafen, fir en Deel dovunner als soziale Wunnengsraum ze maachen.

Mir sinn am gaangen op deem Gebitt eppes ze maachen, och wa mer de Moment nach net esou wäit sinn, datt mer et scho kënnen an d'Fënster hänken.

Lily Gansen (LSAP):

Am Géigendeel zum Här Becker fannen ech, datt de Kreditt fir d'Péitenger Schwämm, déi 1980 gebaut ginn ass, absolut an der Rei. Ech gesinn och déi Aarbechten, déi do viruginn, an et gesäit och schonn elo am Réibau gutt aus. A wann ee bedenkt, vun 1980 bis 2007, dat sinn eng Rei Joeren, da muss een och u sengem eegenen Haus scho Saachen nei maachen. Et ass wierklech am Intressi vun den Awunner aus der ganzer Gemeng - an net nëmme vun de Schoulkanner - wann d'Schwämm erëm opgeet.

An ier ech iech Merci soe fir déi flott Presentatioun, an och eise Gemengebeamte fir déi vill Aarbecht, déi se sech gemaach hunn, a wou ech iech félicitéieren, datt der et fäerdeg bruecht hutt, fir spontan op d'Froe vun de Gemengeréit ze äntweren, géif ech iech just nach un d'Häerz leeë, fir bei all Foussgängersträifen eppes ze maachen, datt et méi beliicht ass. Well et huet een eng panesch Angscht, wann een duerch d'Stroosse fiert, well een d'Foussgänger schlecht gesäit. Ech weess, datt et net einfach ass fir dee Problem ze léisen an datt mer scho Jorzéngte mat deem Problem gehäit sinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Bei de Foussgängersträife si mer am gaangen eppes ze ënnerhuelen. Mir hunn de Problem, datt et sech op deene schlecht beliichte Stroosse gréisstendeels ëm Statsstroossen handelt, a wou den Service d'éclairage vum Stat responsabel ass. Dat heescht alles dat, wat mir elo hei an d'Sécherheet investéieren, dat investéiere mir vun eise Suen, obwuel et um Stat wier, fir et ze maachen.

Mir hunn et elo emol duerchkritt, datt se d'Kierchstrooss op hir Käschten nei maachen. Mir bezuele just de Supplément fir d'Armaturen, well mer et gäre wëlle méi schéi maachen. Mä an der Haaptstrooss si mir schonn am gaangen - op eis Käschten - nei Luuchten ze setzen, well mer d'Sécuritéit méi wichteg fanne wéi déi Hierarchie déi sech do développéiert. Mir mussen nach eng Kéier beim Stat intervenéieren, fir erauszefannen, ob si net kënnen oder net wëllen. Et sinn haaptsächlech d'Armaturen, déi miissten ersat ginn. Et kéint een och LED-Luuchten dramaachen, déi manner Stroum verbrauchen an awer méi hell liichten.

Mir kucken awer, fir elo emol selwer déi Plazen, wou vill Leit sinn, mat enger zousätzlecher Luucht nach méi ze sécuriséieren.

Carlo Gira (CSV):

Ech wëll elo emol virausschécken, datt ech elo net esou op Zack war fir meng Interventioun esou ëmzeänneren, an déi Passagen ze sträichen, déi schonn eng Kéier haut hei gesot gi sinn. An dofir wäert ech et elo esou virdroe wéi ech mer et virbereet hunn.

Madame, dir Häre vum Schäfferot,

Dir waart an ären Erklärunge bei der Virstellung vum Budget de leschte Freideg zimlech explizit. Erlaabt mer trotzdem e puer allgemeng Betruechtungen, e puer kritesch Umierkungen an e puer Froen ze stellen.

Trotz méi héije Gehälter, bedéngt ë.a. duerch d'Indextranche am Mäerz, ass den Iwwerschoss am ordinäre Budget nach emol méi héich wéi dat Joer virdrun. De Budget geet a wirtschaftlech schlechten Zäiten erop, ouni mussen op een neien Emprunt zeréckzegräifen, eou datt d'Schold weider erofgeet an eis Spillraum bleift fir wann d'Geld méi knapp sollt ginn, fir an Infrastrukturprojeten ze investéieren. Wann ee gesäit, datt massiv an de Sport, Kultur, d'Fräizäit, d'Schoulen an an eng Crèche investéiert gëtt, da kënnt dat de Bierger, a virun allem de Kanner an der Jugend zegutt.

D'Stroosseninfrastrukture ginn donieft net vernoléissegt. Duerch laangwiereg Prozeduren dauert et, bis Stroossen, wéi d'Avenue de la Gare zu Péiteng an d'Philippart-Strooss zu Rodange - fir nëmmen dës ze nennen - an Ugréff geholl kënne ginn. Wéineg spektakulär sinn d'Aarbechten um Kanal- a Waassernetz, Opfangbecken esou grouss wéi méi Eefamilljenhaiser, déi ënner dem Buedem leien, an eng Kläranlag, déi fir proppert Waasser an der Kor suergt. Dës Oploen, déi mer vun uewen operluegt kréien, duerch déi nei Direktiv, maache sécher Sënn. Datt d'Waasserver- an entsuergen duerch de Verbraucher vun 2010 un ze bezuele sinn, gehéiert och dozou. Ech froe mech, ob et awer net sënnvoll ass, mat enger Taxenupassung bis eben 2010 ze waarden. Den Här Breyer huet vun engem Präis vun 4,50 € pro Kubikmeter geschwat, woumatter mer am Duerchschnëtt vum virgerechente Präis géife leien, deen zu Lëtzebuerg praktizéiert wäert ginn. Dësweideren huet och den Här Welter, als Ëmweltschäffen, eng Upassung fir d'Mülltax an de Raum gestallt, esou datt och hei weider Käschten op d'Bierger zoukomme wann och hei käschtendeckend soll geschafft ginn. An dat alles gëtt beieneen en décke Pak. Menger Meenung no soll een d'Awunner fréi genuch iwwer dës Haussen informéieren a sech Gedanke maachen iwwer sozial Moossname bei dësen Taxen, wéi se den Här Breyer ugekënnegt huet.

Roland Breyer, Schäffen:

Am Waasserrahmegesetz, dat elo gestëmmt gëtt, kommen och verschidden Iwwerleeunge mat dran. Et ass och scho ganz kloer an deene Gespréicher, déi mir op jiddwer Fall mam Waasserwirtschaftsamt haten, ugedeit ginn, datt déi Präisser elo net absolut esou musse sinn.

D'Regierung an d'Waasserwirtschaftsamt wäerte verschidde Pisten opzeechnen, wéi ee vläicht déi Saach nach kann e bësse moduléieren. Zum Beispill, andeem ee Familljentaxen oder sozial Subventioune vun der Gemeng aus ka ginn, an domatter d'Taxe kann erofsetzen.

Et ass esou, datt d'Waasser net méi kann direkt subventionéiert ginn. Et kann awer indirekt subventionéiert ginn. An dofir musse mer emol ofwaarden, watfir Astucen elo nach an den Diskussiounen erauskommen. Sécher ass awer, datt de Waasserpräis an d'Luucht geet.

Et ass och ëmmer iwwer en eenheetlechen Tarif am Land geschwat ginn, wou mir awer erëm eng Kéier net drun interesséiert si fir de Landgemengen hire grousse Réseau mat ze finanzéieren. Et muss een emol kucke wat schlussendlech elo an deem Gesetz erauskënnt.

Carlo Gira (CSV):

Ëmweltfeeler kënnen deier ginn, wéi mer bei der Renaturéierung bei der Eechelsbaach, déi eis 1,4 Milliounen Euro kascht, feststelle kënnen. Eng Moossnam, déi sech scho laang negativ auswierkt, ass, datt d'Avenue de l'Europe vun der Biff bis op d'Grenz nëmmen eespureg ass. Eng Léisung soll jo am Kader vum Sikor mat de belschen a franséischen Nopere gesicht ginn. Weider Moossnamen, déi en ëffentlechen Transport favoriséieren, wéi den Opfangparking bei der Rodanger Gare, maache Sënn. Datt ee bei engem neie Verkéiersreglement och muss iwwer Taxenupassunge schwätzen, schéngt mer logesch, wa mer nach Här a Meeschter iwwer den Individualverkéier wëlle bleiwen. Eng Moossnam fir d'Firmenautoen aus dem Zentrum an de Wunnquartieren eraus ze halen, ass nëmmen ze begréissen an drängt sech scho laang op.

Roland Breyer, Schäffen:

Beim Contournement, do läit d'Solutioun elo net méi bei eis. Mir hunn et fäerdeg bruecht, fir vun eiser Säit - vum Sikor aus - en Numm op déi Strooss ze ginn, an e Numerotage ze maachen. An d'Léisung fir de Contournement läit op zwou Plazen. Eng Kéier ass dat op der belscher an der franséischer Säit, datt déi de Branchement vun den Autobunne maache vun Arel erof bis op Thionville. Doduerch géif e ganze Koup - wann och net Alles - vum Trafic laanscht eis lafen. Oder d'Léisung läit beim lëtzebuerger Stat, wou den Uschloss vun der Biff bis op Sélange gemaach kéint ginn. Doriwwer sinn déi Kënzeger awer net frou.

E Projet fir de Contournement selwer als Autobunn auszebauen, géif méi deier gi wéi eng aner Léisung ze maachen. Dat weisen op jiddwer Fall emol d'Avisë vun de Spezialisten, well verschidden Ouvragen do sinn déi komplett nei gemaach miisste ginn. De Contournement bleift also Contournement a gëtt ni eng Autobunn.

De Constat ass gemaach ginn, an elo sollen d'Techniker nach eng Kéier zesummekommen, d'Ponts et Chaussées mat de Belsch a mat de Fransousen. Duerno sollen d'Ministeren och nach zesummekomme fir Aussoen ze forcéieren. Ech weess awer net, ob dat esou einfach ass wéi sech meng Kollegen aus der Groussregioun dat virstellen.

Carlo Gira (CSV):

Datt mer déi Awunner wëlle belounen, déi an ëmweltfrëndlech Technologien investéieren, schéngt mer och logesch. Musse mer als Gemeng net mam gudde Beispill virgoen? Mer hunn elo den Ausbau vun der Päesch-Schoul an der Sportshal zu Rodange no ekologesche Critère gebaut. Ech bedaueren, datt mer bei der neier Crèche zu Péiteng net op dës nei Technologie setzen, zemools wou mer als Klimabündnis-Gemeng och Verflichtunge fir d'Reduzéierung vun CO2 agaange sinn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

An der Crèche si mer op en anere Wee gaangen. Op d'Südsäit komme ganz grouss 'Fënsterdiren', D'Isolatioun gëtt ganz grouss geschriwwen. Mir mussen och drun denke fir eng Buedemheizung ze maachen, well mer jo awer kleng Kanner hunn, déi am Krabbelalter sinn, an déi och emol um Buedem ronderëm krabbelen. An do muss en dofir suergen, datt déi Kanner waarm gehale ginn. Dofir si mer net op de Wee vun Nidderegenergie gaangen, mä mer sichen eng Léisung déi di beschtméiglechst ass fir déi Kanner, déi do betreit ginn.

Carlo Gira (CSV):

Eng weider Chance, fir ekologesch ze bauen, ass d'Maison relais zu Péiteng. Ass et dësweideren net méiglech um Daach vum Péitenger Sportskomplex, wou mer jo quasi e Flaachdaach hunn, eng Solaranlag oder eng Photovoltaikanlang opzestelle fir alternativ Energie weider ze dreiwen? Mir ersetzen eng Rei vu Fënsteren an och d'Fassad vum Rodanger Centre culturel. Gëtt hei drop geuegt fir déi bescht méiglechst Isolatiounswäerter ze kréien? Well och hei ginn et ëmmer méi Oploe fir de Privatmann, esou datt och d'Gemeng hei eng beispillhaft Positioun anhuele soll.

Gilbert Welter, Schäffen:

Et ass richteg, datt een ëmmer nach ka méi maachen. Mä ech mengen, datt mer als Péitenger Gemeng eng ganz Rei Saachen am Beräich vun der Nidderegenergie opweises hunn. Mir hunn an deene verschiddene Schoulen, an och am PiKo, dofir gesuergt, datt mer mat Nidderegenergie fueren.

Wat d'Péitenger Schwämm ubelaangt, esou kann een driwwer diskutéieren, ob ee Solarzellen installéiere soll oder net. Mir haten eng laang Diskussioun ob mer eng Holzhackschnëtzelanlag dohinner setzen. Mir sinn awer zur Conclusioun komm, datt eis 115 Hektar Bësch net duergi fir esou eng Anlag ze installéieren, well dann op der anerer Säit och nees ganz vill Holz ofgeseet gëtt.

Et ass richteg, datt een ëmmer nees eng ganz Rei Saache kann dobäimaachen. Ech wëll och nach eng Kéier soen, datt mer iwwer zwee Joer eng Rechnung opgestallt hu fir ze kucken, a watfir Gebaier mer nach kënne méi aktiv ginn, an mer wäerte kucke wou et sech rentéiert.

Carlo Gira (CSV):

D'Gemeng bedeelegt sech och un de Käschte vum Ausbau vun der Minett-Kompost-Anlag. D'Bierger kréien hei eppes erëm. Nieft dem Kompost, deen et vun Ufank u geet, kann ee sech och elo Blummebuedem kafen, deen 2009 nei op de Maart kënnt.

Wat d'Opfankstrukture betrëfft, wollt ech froen, ob mer der Demande komplett gerecht gi wann d'Maison relais zu Péiteng realiséiert ass? Ass den administrativen Opwand nach gerechtfäerdegt - bei eben de Maisons relais, an elo och nach an der Aféierung vun de Chèques repas? Kann een net beim zoustännege Ministère intervenéieren, wou ee sech fir eng eenheetlech Tarificatioun no soziale Critèren ausspréch? Menger Meenung no ass et dee falsche Wee, wann een op net-qualifizéiert Personal an der Kannerbetreiung zeréckgräift. D'Verantwortung vun den Eltere gëtt ëmmer méi op d'Erzéierpersonal verlagert, esou datt hei méi muss geschéie wéi Kanner just ze versuergen. Soss brauche mer eis net ze wonnere wann de Problem vum Vandalismus, deen d'Madame Conter ugeschwat huet, ëmmer méi grouss gëtt. Hei huet d'Jugendhaus eng wichteg Aufgab ze erfëllen, esou datt et gutt ass, datt och hei ëmmer méi diplomiéiert Personal fir wichteg Projete mat der Jugend zur Verfügung steet. Weider ass et gutt, datt sozial Mesuren eropgesat gi fir Jugendlecher bei der Reintegratioun op den Aarbechtsmaart a bei der Formatioun ënner d'Äerm ze gräifen. Zu Rodange gëtt eng gréisser Fräizäitanlag mat Spillplaz bei der neier Sportshal realiséiert. Fir den

Ënnerhalt vun dëse Plazen ze garantéieren, ass et menger Meenung no sënnvoll, kleng Spillplazen esouwäit wéi méiglech ze vermeiden. Kann een hei d'Kanner an d'Elteren net motivéieren, datt se mathëllefen de Vandalismus ze verhënneren? Sinn net d'Bierger all gefuerdert Zivilcourage ze weisen an erzéieresch ze wierken, andeem se ob Mëssstänn hiweisen?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dir frot, wéi héich de Prozentsaz ass vun deene Kanner, déi duerno hei kënne betreit ginn. Ech ginn dovunner aus, wa mer déi nei Maison relais fäerdeg hunn, datt mer da kënnen am Ganzen iwwer 300 Kanner bei eis an der Gemeng betreien. Ech weess awer och, datt mer an der Primärschoul praktesch 1.800 Kanner hunn. Och wann déi net alleguerten an d'Maison relais ginn, da kann een awer an deem dote Kontext soen, datt mer nach nëmmen 1/6 ofgedeckt kréien. Mir sinn nach wäit vun deem Zil ewech, deem mer eis vläicht eng Kéier musse stellen. Mir mussen natierlech och elo emol kucken, wéi déi ganz Affaire mat de Chèques-Repas weidergeet. A 14. Deeg gesi mer do méi wäit, well dann eng Opklärungsversammlung vum zoustännege Minister ass.

Wat déi nei Tarificatioune betrëfft, esou ass déi ganz Entente vun de Maisons relais net ganz frou iwwert deen Opwand, deen dat dote mat sech bréngt. Et ass e ganz groussen administrativen Opwand, deen op eis duerkënnt. Mir wäerten deen dote Problem och uspriechen, wa mer eis Versammlung mam Ministère hunn. Well mir sinn déi ganzen Zäit am gaange bei de Leit nozefroen, ob keng Ännerung an de Revenuen ass. Well d'Eltere mussen eis dat jo ëmmer zur Zäit matdeelen, a wa mer dat eréischt um Enn vum Joer matgedeelt kréien, da lafe mer vläicht nach Gefor, datt mer de Leit mussen nolafe fir eis Recetten eranzekréien. Dat Ganzt ass eng Affaire, déi net esou einfach ass.

Carlo Gira (CSV):

D'Publikatiounen, déi un d'Bierger ginn, sinn zimlech vollstänneg, wéi den Här Breyer richteg bemierkt huet. Dach kéint een, menger Meenung no, iwwer eng Extra-Publikatioun nodenken, wou zum Beispill alles zesummegefaasst ass, wat d'Schoulwiesen an d'Kannerbetreiung, oder wat et alles fir déi eeler Matbierger u Servicer gëtt, a wat et alles an Ëmweltfroen ze beuechte gëtt.

Roland Breyer, Schäffen:

Bei deene Spezialbrochuren, do hu mer wëlles am Kader vun de Relations publiques verschidde Saachen ze regruppéieren a verschidde Saachen erauszeginn, wou een op ee Bléck alles ka gesi wat fir en eelere Mënsch gebuede gëtt. Fir d'Jugend hu mer deelweis schonn esou Saachen, et kann een awer nach méi maachen. Mir kënnen dat och fir d'Kultur maachen, fir de Sport maachen. Dat ass alles am Inventar scho festgehalen, a mer brauchen et just ëmzesetzen.

Et kéint ee sech och virstellen - dat ass och eng Iddi déi mer schonn an der 'Relations publiques' diskutéiert hunn - ob een net kéint de Budget an engem Heft zesummesetzen - well et ass jo dat wichtegst Gesetz am Joer - an et an enger gebündelter, illustréierter Form erausginn. Dat geet awer nëmmen, wann ee mat Zäiten un ass. Well et ass ëmmer d'Hektik, déi een dorunner hënnert. Mä wann een emol eng Kéier 1-2 Woche weider hätt, da kéint een dat an d'Ae faassen. Well ech ka mer virstellen, datt et e flott Dokument kéint ginn, esougutt fir de Conseiller wéi och fir d'Leit, well se de Budget da vläicht méi explizit doheem kënnte presentéiert kréien.

Carlo Gira (CSV):

Eenheetlech Zeremonien an der Gemeng fir Nationalfeierdag asw., si positiv a kéinten nach méi intensivéiert ginn.

Am Tourismus ginn Akzenter gesat, awer fir mech nach net genuch. Well verglach mat auslännesche Regiounen, déi mat hire Landschafte werben, - an haut ass och de Rapport vum Tourismusministère erauskomm, wou grad drop higewise gëtt, datt Atouten an der Landschaft leien - hu mir mam Tëtelbierg a mat allem wat ronderëm läit, mat eiser Schwämm an eventuell mat neie Projeten, déi entstoe kéinten, vill Atouten, déi nach besser vermaart miisste ginn. Zu enger weiderer Attraktivitéit dréit de Weier an d'Millen zu Rolleng bäi, déi erëm genotzt gëtt. Zu Péiteng kéint och d'Millen zu engem Unzéiungspunkt ginn, wann hei endlech de Stat géing Verantwortung iwwer-huelen an eis hëllefen dat Gebai ze renovéieren, wat en eis zougedroen huet.

Et soll och deen een oder anere Musée an d'Gemeng kommen, wou een näischt kann dergéint hunn. E gréissert Evenement, wéi et op anere Plaze mat Festivalen oder aner Manifestatioune fir Konschtschaffend gëtt, géif ech mer och fir eis Gemeng wënschen. Eng Bibliothéik bleift weider op menger Wonschlëscht, esou wéi ech mer och géif wënsche wa beispillsweis e Skulpture-Symposium all puer Joer kéint sinn, fir weider Konschtwierker op ëffentlech Plazen ze bréngen.

Roland Breyer, Schäffen:

Beim Skulpture-Symposium hate mer jo schonn en Experiment gemaach mat 'Sentiers rouges'. Dat war awer net esou gegléckt. Mir hate viru Joeren och emol Skulpturen, déi nach zum Deel ze gesi sinn, laanscht de Contournement. Et kann een awer emol Iwwerleeungen an déi Richtung maachen.

Et denke sécher och dru fir gréisser Evenementer hei an der Gemeng ze maachen. Et muss ee sech awer och déi néideg Mëttele ginn. Wann de Gemengerot mer esouvill gëtt wéi déi Déifferdanger hunn, esou 1,1 Millioun Euro, da kann een och eppes hei maachen. Mä de Moment hunn ech 25.000 € zur Verfügung, an et muss ee kucke wat een domatter maache kann.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass ganz kloer, wann de Gemengrot 1 Millioun fir dat dote hirgëtt, da feelen déi Sue fir aner Saachen.

Carlo Gira (CSV):

Déifferdang hat 1,1 Millioun fir 120 Organisatiounen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass sécherlech interessant, fir eng Kéier esou ee Projet op den Dësch ze leeën, kucke wat e kascht a dann décidéieren, ob een dat mécht oder net.

Carlo Gira (CSV):

Muss ee bei de Jumelagen net och ëmdenken, well den Austausch - virun allem mat Maribor - ass net grad ganz lieweg.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dir hutt Recht, datt vu Maribor net ganz vill Echoë kommen, obscho mir eis beméie fir en Austausch ze kréien, fir Aktivitéite mat deene Leit vu Maribor ze kréien. Mä dat schéngt iergendwéi net esou ze klappen. Do schéngt de Fuedem iergendwéi net esou duerchzelafe wéi zu Schio. Et leeft einfach besser mat Schio. Mir wëllen awer elo erëm eng Relance mat Maribor maachen, vläicht geet et dann erëm besser. Mir hunn och emol gefrot, ob net verschidde Veräiner eventuell wëllen op Maribor goen, oder Aktivitéite mat hinne maachen. Ech sinn och am gaangen ze kucken, op d'Jugendhaus net an deem Kader kéint iwwert d'Grenzen eraus mat Maribor a mat Schio Aktivitéiten hunn, a wou déi Aktivitéiten och nach géifen zum Deel iwwer Europa subsidiéiert ginn.

Wéi gesot, mir sinn am gaangen dorunner ze schaffen, mä mer hunn awer nach kee konkret Resulat.

Carlo Gira (CSV):

Wéi gesäit et mat eiser 'Mémoire collective' aus? Déi schéngt jo net an déi aal Dreckerei Heintz ze kommen.

Roland Breyer, Schäffen:

Wat de Sëtz vun der 'Mémoire collective' ugeet, esou si se de Moment nach ëmmer do, wou se elo sinn. Et sinn awer schonn Iddien do, fir se op eng aner Plaz ze setzen. Et ass net esou, datt se éiweg sollen am Kulturhaus bleiwen. Well et gëtt lues awer sécher ze enk fir si, an doduerch mussen se en aneren Ënnerdaach kréien.

Carlo Gira (CSV):

D'Madame Conter huet Recht wa se seet, datt déi Haiser nieft dem Kulturhaus 'A Rousen' net déi bescht Visitëkaart ofginn. Och am Hannerhaff ergi sech nei Méiglechkeeten, wann d'Garagen op d'Lénger-Strooss kënne verluegt ginn, wou och 'Altlasten' eis nach erëm viru Problemer kënne stellen.

Mir hunn de Pacte Logement ënnerschriwwen, wat esouvill heescht, wéi wunnen, schaffen a sech bewege beieneen ze bréngen. Virun allem ginn nach Aarbechtsplaze gebraucht. Dës kéinte scho laang geschafe sinn, wa mer net mat laangwierege Prozedure fir de Grand Bis zu Rodange geplot wieren. Baue kënne mer bei der fréierer 'Commercial Intertech' am Zentrum vu Rolleng, wa mer och hei d'Garage fräi kréien.

Projete si fäerdeg ginn, anerer sinn um Wee dohinner an neier ginn op d'Schinn geschéckt. Ech hoffen, datt endlech fir déi néideg Autorisatioune sech d'Délaien an enger akzeptabeler Zäit ofwéckelen, fir datt dat, wat mer eis virhuelen, och Wierklechkeet ka ginn. Fir d'Relance vun der Economie ass dëst wichteg, seet jo och de Staatsminister, da soll e senge Kollegen aus der Regierung mat op de Wee ginn, déi administrativ Prozeduren emol wierklech op eng realistesch Mooss ze reduzéieren. Et kéint ee Muenches anescht maachen, Prioritéiten anescht setzen a sech nach méi verstäerkt fir Oekologie asetzen. An dach ass et e Budget, deen an der Kontinuitéit ze gesinn ass, an dem Bierger déngt, an de kommende Joeren, an nach bessere Konditiounen ze wunnen, ze schaffen a sech ze bewegen, wéi eis et de Pacte Logement virgëtt a fir eng besser Liewensqualitéit suergt. E léisst och nach do Spillraum, wou e séiert Handelen néideg ass, esou datt ech dëse Budget mat guddem Gewësse stëmme kann.

Roger Klein (LSAP):

Här Buergermeeschter, Madame, dir Häre Schäffen, dir Dammen an dir Hären,

Fir d'alleréischt well och ech alle Beamten, déi un der Erstellung vun dësem iwwersiichtleche Budgets-dokument bedeelegt waren, e grousse Merci soen, grad ewéi dem Schäfferot fir déi kompetent Presentatioun an déi deelweis ganz explizit Erklärungen, déi mer de leschte Freideg kruten.

De Schäfferot presentéiert an de Conseil kommentéiert dëst fir d'Fonctionnement vun enger Gemeng esou wichtegt Dokument zu engem Zäitpunkt, wou mer um Ufank vun enger Rezessioun stinn, déi Leit, déi ech fir méi kompetent ewéi mech halen, als déi gréisste Wirtschaftskris zanter den drësseger Joere vum leschte Jorhonnert bezeechnen.

Trotzdem leet de Stat e Budget mat engem héijen Investissementsniveau vir, e sougenannten antizyklesche Budget, an e fuerdert d'Gemengen op, sech grad esou fir ee Relancement vun der nationaler Economie ze enga-géieren.

Anerersäits seet eis e Sprachwuert, datt ee sech der Decken no strecke muss. D'Fro, déi sech fir de Conseiller aus dësen Iwwerleeungen ergëtt an déi sech dëst Joer méi wéi jeemools wéi e roude Fuedem duerch seng Kommentaren zéie wäert a muss, ass déi, ob an deem Dokument, dat eréischt a Kraaft triede ka wann hien et duerch säi Vote sanktionéiert, déi Decke vun den Auteuren, also dem Schäfferot, elo richteg oder awer ze grouss oder ze kleng berechent ginn ass.

Oder mat anere Wieder, de Conseiller muss sech froen: gëtt sech mat dëser Budgetsvirlag un eng al griichesch Wäisheet gehalen, déi zanter iwwer 2.000 Joer zum europäesche Kulturgutt gehéiert, an déi den Dädalus ausdréckt, wann e säi Jong Ikarus opfuerdert, weder ze héich nach ze déif ze fléien.

Dat ass d'Fro, déi sech Kommentatore vun dësem Budget stelle mussen, ob de Schäfferot um richtegen Orbit ass, oder ob en ze héich oder ze déif flitt. Dat ass och d'Fro, ob déi ech versiche wëll, a menger Appreciatioun e puer Elementer fir eng Äntwert ze ginn. Wuel wëssend, datt aner Riedner dat haut mat méi Akribie, Perseverenz a Perspicacitéit wéi ech maachen.

Mäin éischten Androck: dës Budgets-virlag ass kee spektakulärt, mä en duerchaus raisonnabelt Aarbechts-dokument; et ass virsiichteg, awer net ängschtlech opgestallt, et erlaabt relativ héich Investitiounen ouni Réckgréff op en Emprunt, dat wéi gesot zu Zäite vun enger Rezessioun, däer hir definitiv a laangfristeg Auswierkungen an den ageschriwwene Recette vun 2008 an 2009 awer nach keng wierklech Repercussioune fannen.

E Budgetsdokument ass awer och ni en Dokument, wat een als solcht isoléiert betruechten dierf. Et ass tributär vun Décisiounen, déi Joeren a Jorzéngte virdru geholl goufen an et huet seng Auswierkungen esouwuel op den uerdentleche Budget ewéi op d'Gemengefinanze vun deene Joeren a Jorzéngten duerno.

Wann een da fir d'21. Kéier esou een Dokument, an dobäi besonnesch den extraordinären Deel, ënnert d'Lupp hélt, da kënnt dat engem vir wéi den 21. Band vun engem Fortsetzungsroman. Vill Handlungsstréng hunn a viregte Bänn ugefaangen a ginn an dësem Band weider oder zu Enn gefouert, anerer goufen am viregte Band oder - wéi d'onendlech Geschicht vun de Gemengenatelieren, spéider vun de Garagen, oder och déi vum Grand Bis - an deene ronn zéng leschte Bänn ëmmer erëm unzitéiert a sollen elo endlech développéiert ginn. Do dernieft ginn et dann och e puer nei Handlungsstréng. An dat sinn déi, déi sech konkretiséieren an en ettlechen Acquisitiounen an och an deenen iwwer 20 Devisen zu 'travaux extraordinaires', déi mer den 12. Dezember an zum Deel och e bësse méi spéit zur Approbatioun virgeluegt kréien. Doriwwer eraus ginn et Hiwäiser, am Kloertext Etuden an Elaboratioune vun definitive Projeten, déi eng Perspektiv opmaachen op den 22. Band an och nach op muench Bänn duerno.

Et fält op, datt Projete vu grousser finanzieller Envergure haaptsächlech an de Beräicher Erhalen an Erneiere vun eisem Patrimoine an eise Stroossen, Infrastrukture fir eis Kanner, Sport, Kultur a Fräizäit an och Ëmwelt mat Schwéierpunkt op Assainissement vum Ofwaasser, leien.

An deene meeschte vun dëse Beräicher hu mer wéineg Handlungsspillraum. D'Gemengen hunn, wat Crèchen, Maisons relais an den Enseignement ugeet, net nëmmen ëmmer méi staatlech, also gesetzlech Obliga-tiounen, mä och eng moralesch Obligatioun, déi doranner besteet, duerch een net nëmmen ausräichend, mä qualitativ héichwäerteg Offer, hire jéngste Matbierger aus alle soziale Schichten a mat alle kulturellen Hannergrënn déi Méiglechkeeten zu bidden, déi hinnen optimal Startchance fir d'Liewe ginn.

Oppasse musse mer dobäi, datt déi Fraisen, déi doduerch entstinn, équitabel matgedroe gi vun anere Gemengen, deenen hir Bierger deelweis vun eisen Infrastrukture profitéieren. Ech denken dobäi un eng zukënfteg 'transfrontalière' Crèche, déi jo zwangsleefeg wuel eng Demande no enger transfrontalièrer Scolaritéit no sech zitt. Awer och un eis Musekschoul, wou mer den Defizit an de Grëff kréie mussen, an och kréie kënnen, wa mer vun de 'communes de résidence' vun eise Schüler - an dobäi net nëmmen déi lëtzebuerger Gemengen - eng ugemoosse finanziell Participatioun froen.

Eis Assainissementsaarbechte sinn eis duerch europäesch Direktiven operluegt. Mer mussen se maachen, a wann och riseg Zommen op eng onspektakulär Manéier ënner dem Buedem verschwannen, da bleift ze hoffen, datt dës Investissementer Friichte vir kommend Generatiounen droen.

Eise Patrimoine ze erhalen an ze moderniséieren ass ebenfalls eng moralesch Obligatioun fir e Gemengepapp, deen 'en bon père de famille' handelt, a wat d'Erneierung vun eise Stroosseninfrastrukturen ugeet, do miisste mer eigentlech nach vill méi maache wéi mer maache kënnen, fir eis Voirie publique erëm a kuerzer Zäit an en allgemeng uerdentlechen Zoustand ze bréngen. Mä wann ee länger Zäit an der Politik ass, da weess een, datt dat zäitopwenneg an nervenopreiwend Prozedure sinn, bei deenen een op vill Partner ugewisen ass, wou ee muench Knëppelen an d'Rieder gestach kritt an datt e Politiker, wann en ufänkt u Stroossen ze schaffen, vu Säite vun de Leit, déi vum Chantier betraff sinn, vill Kritik astieche muss.

Trotzdeem, wou ech gëschter zu Rodange an engem Cortège vum Centre culturel bei de fréiere Racings Terrain iwwer gréisstendeels désastréis Stroosse gaange sinn, hunn ech mer geduecht, datt eis Stroosse vläicht nach méi wéi eis Gebaier eng Visitëkaart vun eiser Gemeng sinn, an datt an deenen nächste Joeren op dësem Gebitt vill Handlungsbedarf besteet. Iwweregens, an enger Zäit vu Rezessioun, wou ee sech jo och Gedanken iwwer d'Folgekäschte vu Projete mécht, muss ee bedenken, datt déi Zommen, déi een an den Déifbau investéiert, wesentlech manner Folgekäschten verursaache wéi déi Montanten, déi een an den Héichbau stécht, och wann dat vill méi spektakulär ass.

E Wuert dofir zu de Projeten am Beräich Sport, Fräizäit a Kultur. Et si jo déi, déi di meeschten Emotiounen opkomme loossen an och villes, awer net alles, aussoen iwwer d'Liewensqualitéit, déi eng Gemeng hiren Awunner bidde kann. Et sinn awer och déi, déi fir d'Gemenge mat deelweis héije Fonctionnementskäschte verbonne sinn. Et sinn am Prinzip keng obligatoresch Engagementer, mä et sinn Agrementer, déi eng Gemeng schaaft fir hir Bierger, wéi mer ëmmer soen, well dacks profitéiert nëmmen e klengen Deel vun hire Bierger dovunner. Esoulaang eng Gemeng sech dat leeschte kann, 'à la bonheur', well - ech widderhuele mech - esou Ariichtunge sinn eng wichteg Facette am Spigelbild vu Liewensqualitéit, mä wann d'Gelder fir de Bau, a virun allem fir d'Droe vun de Folgekäschte, knapp ginn, dann ass et an enger heiteger Krisenzäit eng responsabel an eng respektabel Haltung vun engem Gemengepapp oder enger Gemengemamm, wann hien, respektiv si, d'Fuerderunge vun däer enger oder anerer 'pressure group' zeréckweist.

Dës Iwwerleeunge mengersäits sinn net ze bezéien op den neie Keelesportzentrum mat Tennishalen, dee mer - esou wäit ech mech erënneren - eestëmmeg gestëmmt hunn, net nëmmen nom Motto 'pacta sunt servanda', mä och, well de Finanzement geséchert schéngt, well déi staatlech 'promesse de subside' vun 3,2 Milliounen Euro jo confirméiert schéngt a jo och rieds ass vun enger Gestiounsform, déi keng direkt Fonctionnementsfraisë fir d'Gemeng soll mat sech bréngen.

Et heescht awer an deem Projet séier virumaachen an virukommen, well - wéi mer u ville Beispiller gesinn - Projeten, déi schleefen, all Joer méi deier ginn, an de Subsid vum Stat gëtt jo an deem Fall net ugepasst, esou datt déi dann entstoend Verdeierung exklusiv op Käschte vun der Gemeng geet.

Ech kéint mer virstellen, datt dëse Projet, dee mer an dëser Zäit trotz widdregen Ëmstänn ze realiséieren entschloss sinn, dann och fir eng gewëss Zuel vu Joeren dee leschte vu grousser Envergure an dësem Beräich wäert sinn, an datt mer eis éier géingen drop konzentréieren, wéi mer déi vill a villfälteg bestoend Infrastrukturen eventuell duerch klenger Modifikatiounen optimal notze kënnen.

Froë sollt ee sech an deem Zesummenhang, ob et fir d'Gemeng net interessant wier, wann d'Sportshal vum alen LTMA géing bestoe bleiwen. Ausserdeem kéint een analyséieren, ob en Accord ze fanne wier mam Lycée fir kulturell Manifestatioune vu Gemengeveräiner am Festsall vum neien LTMA ofzehalen, wat jo wesentlech Akzenter kéint setze fir en 'échange culturel' tëscht enger Gemeng an enger 'communauté scolaire'.

Ech schléissen dësen Deel vu menger Interventioun mat e puer Froen, respektiv Kommentaren zu eenzelne Budgetsartikelen:

Acquisition de terrains:

Mer hu fir en duerchaus gepefferte Präis en Terrain um Hierschbierg kaf fir de Bau vun engem neie Waasserbehälter. Sinn op deem Terrain schonns Buedemproufe gemaach ginn a kënne mer sécher dovunner ausgoen, datt dësen Terrain och fir déi virgesinne Konstruktioun gëeegent ass? Ech mengen elo net, datt do eng Verseuchung géif sinn, mä et geet mer ëm d'Stabilitéit vum Ënnergrond.

Roland Breyer, Schäffen:

Et sinn nach keng Buedemprouwe gemaach ginn. Dee Site, dee mir elo kaf hunn, ass exklusiv duerch eis Partner Schroeder & Associés erausgesicht ginn, déi u sech just d'Héicht fir de Basseng gekuckt hunn. De Basseng vu Péiteng muss op der selwechter Héicht leie wéi dee vu Rodange, fir datt een deen anere kann aspeisen. An dofir kënnt nëmmen deen doten Areal a Fro.

Déi Buedemprouwe wäerten awer elo gemaach ginn. Dat ass dat nächst wat elo stattfënnt.

Wat nach ka gesot ginn, dat ass, datt de Basseng praktesch komplett an de Buedem gesat gëtt, esou datt en net vill eraussteet.

Roger Klein (LSAP):

Eng Gefor besteet ganz sécher awer um Hierschbierg. Do si jo Lehmschichten, an do kéint emol eng Gefor mat der Stabilitéit sinn, an dat soll ee préiwen.

Construction d'une maison relais à Pétange:

Mer kruten d'Erklärung, datt déi Maison relais mat 150 Still soll um Site vun der Eigent-Schoul zu Péiteng entstoen. Um Site selwer schéngt mer jo keng Plaz méi ze sinn, héchstens an de Gäert dernieft. Kann ech dozou méi genee Erklärunge kréien?

An deem Zesummenhang eng Suggestioun:

Duerch déi nei Bestëmmungen an Obligatiounen, déi de Stat de Gemengen operleet am Zesummenhang mat der Kannerbetreiung komme mer, wéi aner Gemengen och, an

deenen nächste Joeren onweigerlech an en Enkpass, wa mer net séier reagéieren an nieft eisen definitiven, mä laangwierege Projeten, Iwwergangs-léisunge sichen. Nieft der Eigent-Schoul stinn neiwäerteg Pavillonen eidel, an an net allzelaanger Zäit wäerte sämtlech Schüler, déi elo nach am LTMA ënnerriicht ginn, net méi um Site sinn. Wann de Stat och gewëss aner Projeten op deem Terrain huet, wäert hien déi awer net haut a muer realiséieren. Sollt een net doriwwer nodenken, am Fall wou et néideg wier, sech op deem Site an an deenen Infrastrukturen, déi eng Kichen an eng Kantin begräifen, eng Optioun fir Iwwergangsléisungen opzehalen?

Construction d'un bâtiment pour l'éducation précoce à Pétange:

Hunn ech richteg verstanen, datt bestoend Säll vum Préscolaire solle fir de Précoce réaffektéiert ginn, an dofir en Ausbau a Form vun engem éischte Stack virgesinn ass? An deem Fall géif ech meng Bedenken umellen, well d'Tendenz jo war an ass, fir d'Kanner vum Préscolaire wa méiglech um Parterre ënnerzebréngen, fir d'Geforen an den Trapen ze évitéieren. Well deen Avant-projet jo eréischt soll ausge-schafft ginn, géif ech proposéieren, en nach eng Kéier ze iwwerdenken.

Iwwerhaapt sollt ee sech emol seriö iwwerleeën, ob een net sollt versiche fir deen Terrain vum alen LTMA, deen un d'Eigent-Schoul grenzt, an de Besëtz vun der Gemeng ze kréien, fir esou Sputt ze hu fir eng duerchaus probalen Noutwennegkeet vun engem zoukënftegen Ausbau vun de schouleschen Infrastrukturen an der Uertschaft Péiteng.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech wollt dem Här Klein op déi Saach mam Site 'Eigent' eng Äntwert ginn. Um Site 'Eigent' kënnt de Précoce op d'Südsäit, an zwar nieft d'Spillschoul. Do ass ënnen dee Volet, wou fir de Moment Primärklasse sinn, an déi Klasse ginn als Précoce ausgebaut. An déi Primärklassen, déi fir de Moment ënnena sinn, kommen op den éischte Stack. Do gëtt da bäigebaut.

Esoubal mer de Plang hu kënne mer iech deen och virleeën. Mä mir sinn, wéi gesot, och do eréischt an enger éischter Ebauche.

D'Maison Relais soll op d'Nordsäit kommen, do wou de Moment déi kleng Schwämm ass. Déi fält ewech. Déi Schwämm ass souwisou net méi conforme, an do hu mer viru Kuerzem nach e Bréif vum Ministère kritt, deen net grad esougutt ausgefall ass. Mer hu geäntwert, datt et nach vläicht fir ee Joer ass, wou déi Schwämm wäert fonctionnéieren, an da gëtt déi Schwämm ewechgerappt, an d'Maison Relais kënnt dohinner. Eventuell gëtt nach een Deel vun deem hënneschte Schoulhaff mat verbaut, deemno wéi grouss dee ganze Site sech wäert ausweiden. Mä dat gesi mer nach.

Deen Terrain, dee mer fir de Moment hunn, miisst duergoe fir dee Projet, dee mer geplangt hunn.

Mir hunn natierlech och schonn éischt Schrëtt ënnerholl a schonn éischt Kontakter opgeholl, fir eventuell en Deel vum Site vum alen LTMA ze kréien. Do hu mer awer bis elo eng negativ Äntwert kritt. Mir hunn als Äntwert kritt, datt déi Pavillonen, déi de Moment do stinn, nach fir Archivage gebraucht géife ginn.

Mir bleiwen awer um Ball a mer wäerten eis Fuerderungen nach eng Kéier stellen. Well et ass een Areal, dee sech ganz gutt an dee ganze Komplex 'Eigent-Schoul' géif abannen, a wou mer d'Méiglechkeet hätte fir eng Kéier ze vergréisseren oder Fräizäitstrukture fir d'Maison Relais an d'Schoul ze schafen.

Roger Klein (LSAP):

Erlaabt mer just zwou Saachen ze soen. Ech hat dann effektiv eppes falsch am Gedächtnis. Ech hat jo virdrun e Kompliment gemaach fir Budgetspresentatioun vum Schäfferot. Mä et ass jo näischt perfekt op dëser Welt, an et kann een ëmmer nach alles verbesseren. Mir kruten deen Owend ganz vill Informatiounen, déi een net kann esou verhalen. Et kéint een déi ganz Presentatioun nach verbessere wann een dat, wat mer als Informatioun vum Schäfferot gesot kréien, och nach schréftlech mat Heem géife kréien. Dat géif engem d'Méiglechkeet gi fir et nach eng Kéier nozeliesen, an da kéime keng esou Verwiesselunge vir, wéi se bei mir elo virkomm sinn.

Eng zweet Saach ass nach eng Feststellung. Ech menge mech erënneren ze kënnen, wou de Stat Terrainë gebraucht huet fir d'Schoul hei ze bauen, do war d'Gemeng relativ grousszügeg vis-à-vis vum Stat. Dat heescht, wa mer elo gehofft hate mer géifen op dat selwecht Versteesdemech stoussen, da ware mer e bëssen naiv. Mä dat war jo net fir d'éischt, well dat hate mer och scho bei Firmaen, deene mer Terrainë ginn hunn, an déi mer duerno hu miissten deier erëmkafen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Op jiddwer Fall hoffe mer awer, datt déi Terrainen erëm an de Patrimoine vun der Gemeng zeréckfalen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech géif awer och soen, datt mer eis e Moyen ginn hu fir mat ze décidéieren, wat op deem Site duerno geschitt. Op Gronn vun Iwwerleeungen, déi mer am Schäfferot gefouert hunn, wäerte mer e Plan directeur maache fir deen Terrain. An dann hu mer awer e gewëssenen Afloss op dat wat op deem Terrain an Zukunft ze geschéien huet. An ech sinn der Meenung, datt mer eis op jiddwer Fall musse Reservë fir eis Primärschoul op deem Terrain halen, och wann et nëmmen en Deel vum Terrain wäert sinn. Well soss weess ech net wou mer an Zukunft eis Schoule solle bauen.

Roger Klein (LSAP):

Terrains de sports:

Nieft dem Eclairage vum Rodanger Terrain, deem säi Käschtepunkt jo vun 105.000 € op 225.000 € klëmmt, wat de Gemengerot de 25. Juli 2008 approuvéiert huet, soll dann och nach de syntheteschen Terrain 230.000 € méi deier ginn, an elo 1.100.000 € kaschten, wouriwwer jo den nächste Freideg nach am Detail ka geschwat ginn. Kann de Schäfferot eis an deem Zesummenhang eng Kéier e globale Chiffer nennen, dee schliisslech an de Bau, d'Erneierung an d'Verbesserung vun de sportlechen Infrastrukturen zu Rodange ëm de Stade Philippart investéiert gouf?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wat de Volet um Niveau vun de Luuchten ugeet, esou goufen déi sécherlech méi deier. Mä dat war jo awer e Choix, dee mer hei getraff hunn, datt mer nei Luuchte sollen dohinner setzen an déi al net ze renovéieren. Wat d'Sportsinfrastrukture ronderëm de Stade Philippart ugeet, esou kann een domatter rechnen - wann alles fäerdeg ass – datt dës bei engem Käschtepunkt tëscht 8,5 a 9 Milliounen Euro leien. Mir hunn haut en Décompte provisoire vun 6,4 Milliounen Euro gestëmmt. Dat war fir d'Sportshal, d'Strooss an de Parking. Déi Dieerecht, déi beim syntheteschen Terrain dobäikënnt, ass awer net op deen Terrain zeréckzefëieren, mä well mer mat deem Projet - an dat hate mer d'lescht Joer net virgesinn - och dee Parking nieft dem Terrain realiséieren. An dat ass dee Supplément, deen elo hei ufält an Héicht vun 300.000 €. An déi lescht Phas, déi no deenen Aarbechten nach opsteet, sinn d'Tribüne mat deem klenge Parking wou fréier de Basketsterrain war. A wann een dat nach op 800.000 bis 1.000.000 € schätzt, da leie mer am Total tëscht 8,5 an 9 Milliounen Euro, wat dee ganze Site eis kascht huet.

Roger Klein (LSAP):

Net am Budgetsdokument festgehalen, mä de leschte Freideg kuerz virgestallt, gouf en interessante Projet vun engem 'Kinder- und Jugendgästehaus', dat deemnächst zu Rodange entstoë soll.

Dozou hätt ech e puer Froen, déi zum Deel elo scho vläicht kënne beäntwert ginn:

Wou genee soll déi Ariichtung hikommen? Wien ass deen international erfuerene Bereiwer, deen interesséiert ass? Soll d'Gemeng do Terrainen zur Verfügung stellen oder soll dee Bereiwer Terrainë kafen? Ass eng finanziell Participatioun an dann och e Matsproocherecht vun der Gemeng an der Gestioun envisagéiert, oder soll déi Institutioun reng privat geréiert ginn?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bei dësem Punkt géif ech dem Här Breyer d'Méiglechkeet gi fir drop anzegoen. Ech wëll awer virausschécken, datt mer fir de Moment an enger éischter Phas si wou mer eis wierklech Gedanke maachen, a wou déi nach laang net ofgeschloss sinn. Mir sinn eréischt ganz am Ufank vun deem Prozess, mä mer wollten de Gemengerot awer schonn dovunner an d'Bild setzen. Net datt dir duerno dobausse Saache gewuer gitt an net wësst ëm wat et geet.

Mir sinn eréischt an enger Etapp, wou et verfréit ass fir op all äer Froe scho kënnen eng Äntwert ze ginn.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass effektiv esou, datt et sech ëm en internationale Bedreiwer handelt. Et ass en Éisterräicher, an déi heeschen 'Jugend- und Gästehäuser Österreich'. Si hunn am Moment 45 Haiser an Däitschland an an Éisterräich ënnert hirer Kontroll. Si hunn och ganz vill Succès domatter, a si hunn eis kontaktéiert. Mir sinn elo zanter engem gudde Joer mat hinnen am Gespréich. Mir sinn am Gespréich, datt mer e Site gesicht hu wou een dee Projet kéint hisetzen. Si brauche ronn een Hektar. Et soll och eng gewëssen touristesch Attraktivitéit dobäi sinn. Et huet sech fonnt, datt et an der Ëmgéigend vun der Rodanger Schwämm an dem Train 1900 sollt sinn an ideal géif leien. Dat sinn awer Terrainen, déi eis net gehéieren. Et muss also een se kafen. Do muss ee kucken, wien se keeft. Si kënnen se kafen, mä si wäerten awer sécher gäre wëllen e Partner fannen. Mir kënnen se kafen, den Tourismusministère kann hëllefen, de Familljeministère kann hëllefen. Alleguerte si se mat am Boot, a se si schonn alleguerten informéiert ginn. Mir mussen elo kucke wou mer dee richtegen Terrain fannen, wou sech dat am beschten an am séierste maache léist. Well wa se décidéiert si fir ze investéieren, da wëllen se dat och ganz séier maachen. Et mussen also Terrainë fonnt ginn, déi ganz séier deem Zweck kënnen zougeuerdnet ginn, net datt do nach Problemer mat Altlaste wieren.

All dat muss gekläert ginn, an dat gëtt och gekläert an deenen nächsten 6 Wochen. Dat ass deen Délai, dee mer eis gesat hu fir eis Hausaufgaben heibannen ze maachen an déi Saachen ze klären.

Da stellt sech och d'Fro wéi wäit mer mat an d'Boot klamme wëllen. Et schéngt mir evident ze sinn, datt si eppes vun der Péitenger Gemeng erwaarden, a si net einfach heihinner kommen an eis dat bréngen. Et wäert esou sinn, datt si vun eis erwaarden, datt mir hinne sollen hëllefen déi Infrastrukturkäschten ze droen. A jee nodeem déi Participatioun wäert ausfalen, wäerte mir och e Matsproocherecht fuerderen. Dat schéngt eis och normal ze sinn, an dat hu mer hinnen och scho ganz kloer gesot. Déi Diskussioune sinn awer nach net gelaf, well mer fir de Moment nach ëmmer am Figurative sinn. Mir sinn nach ëmmer am Abstrakten, mir hunn nach keng genee Chiffere virleien. Mir wësse wat si wëllen investéieren a wat dee Bau géif kaschten. Si stelle sech och vir, datt eng Participatioun vu staatlecher Natur kënnt. Si stelle sech eventuell vir, datt d'Gemeng e Bierg iwwerhëlt fir en Emprunt dee si maachen. Et muss een dat alles kucken. Mir wëllen elo net an eng Formule eragoen, déi se am Ausland hunn. Mir wëlle vun hirer Erfollegsstrategie profitéieren, awer eng Formule hunn déi Lëtzebuerg genehm ass, an déi och mat der lëtzebuerger Gesetzgebung an Aklang ze bréngen ass, a wou mir eis Avantagen och kënnen definéieren.

Dat Ganzt kënne mer vläicht Enn Februar méi genee beliichten. Mä et ass fir de Moment eréischt an engem Stadium, datt et nach ëmmer kann zesummefalen a muer op enger anerer Plaz realiséiert ginn.

Roger Klein (LSAP):

Schliisslech ass da bei der Lecture de Beruff e bësse bei mir duerchkomm, an ech géif iech e puer kleng textlech Modificatiounen an eenzelne Libellëë virschloen:

Am Artikel 4/0732/2143/001 (Kanalisatioun an der Athuser-Strooss) géif ech den Alinéa 1 sträichen. Schliisslech hält een am Budget dat schréftlech fest, wat ee maache wëll, an net dat, wat een net maache wëll.

An den Artikelen 4/1212/2133/031 (rue de la Gare) an 2133/037 (rue Bommert a rue Neuve) miisst d'Wuert 'voté' jeeweils duerch 'sera soumis au vote' ersat ginn, well d'Devisë jo nach net gestëmmt sinn. Grad esou am Artikel 2133/059 (Charlotte-Strooss), wou een 'décompte approuvé' duerch 'décompte à soumettre à l'approbation' miisst ersetzen.

Fir ofzeschléissen, nach e puer Reflexiounen allgemenger Aart, net zu speziellen Artikelen am Budget, mä zur Gemengeféierung als solch, an domatter och, wann och indirekt, zum Budget.

Déi schwiereg Zäiten an deene mer eis befannen, an déi nach vill méi schwiereg Zäiten déi nach komme wäerten, mussen eis Gemengepolitiker - och a grad an de klengen an deeglechen Ausgabe vun enger Gemeng - zu engem nach méi responsabelen a iwwerluegtenen Ëmgoe mat de sougenannten 'deniers publics' verleeden. Mer sollten dofir awer net an eng falsch verstanen Austeritéitspolitik verfalen, wat dëse Budget jo och net mécht. Mer sollte virun allem eng Politik maachen, déi deenen en Netz bitt, déi als éischt Affer vun der Rezessioun ginn. Dat heescht, um Gebitt vun der Réinsertioun vu Leit, déi hir Aarbecht verléiere sollten, un Offere fir jonk Leit, déi op den Aarbechtsmaart kommen, vu Weiderbildungsmoossnamen, vu soziale Wunnengen a sozialen Opfankstrukturen, muss eis Gemeng an Zukunft gewëss hir Efforte bäibehalen an ausbauen, an och aner Organisatiounen ënnerstëtzen, déi geziilt am soziale Beräich schaffen.

Wat déi villfälteg finanziell Primen an Ënnerstëtzungen ugeet, déi eis Gemeng ville Kategorie vu Bierger zoukomme léisst, musse mer méi genee ewéi bis elo déi Gruppe cibléieren, fir déi mer sozial Transferte maachen, déi wierklech gebraucht ginn an domatter och relativ direkt erëm an d'national Economie zeréckgeféiert ginn, och wann dat op Käschte sollt goe vun däer enger oder anerer Zouwennung, déi zwar als agréabele mä net wierklech gebrauchte Cadeau ugesi gëtt.

A Krisenzäite fillt de Bierger sech senger Gemeng meeschtens méi no ewéi wann alles floréiert. D'Gemeng muss dofir deem, dee se brauch, och méi no sinn. Si soll net handelen nom Motto 'panem et circensis', also 'Brot und Spiele', wat virun allem déi réimesch Diktatoren hirem Vollek

gebueden hu fir se bei Laun ze halen, mä si muss sech drop virbereeden, dass si an deenen nächste Joere verstäerkt wäert solicitéiert ginn fir wierklech existenziell Problemer vun eenzelne vun hire Bierger léisen ze hëllefen.

De Politiker soll net virun allem drop aus sinn, sech bei méiglechst ville Bierger beléift ze maachen, mä sech nëtzlech ze maache bei genee deenen, déi seng Hëllef wierklech brauchen.

Ech wëll awer net mat esou düsteren Zukunftsaussiichte meng Interventioun schléissen, mä mat enger virleefeger Conclusioun zum Budget.

Ech hat virdrun de Budget 2009 gläichgesat mat engem Band vun engem Fortsetzungsroman, deen nach laang net ofgeschloss ass. Mat Romaner ass et jo esou; déi eng verschléngt een an engem Zoch, bei anere muss ee sech zwénge fir se bis zum Schluss ze liesen. Ech ginn et zou: bei dësem Band hunn ech e puermol miissten usetzen. Et war näischt dra wat mech wierklech faszinéiert hätt, mä anererséits wëll ech et och positiv gesinn an den Autoren assuréieren, datt och näischt dra war, wat mech wierklech gestéiert oder schockéiert hätt. Oder an anere Wierder, déijéineg, déi dëst Dokument erstallt hunn, hu sech, an mat hinnen de Lieser, weder an déi himmlesch Sphären erhuewen, wou d'Sonn ënner anerem de Wues zum Schmëlze bréngt, nach si se esou déif geflunn, datt hir Flilleke vum deelweis nach ongekläerte Waasser vun der Kor plätschnaass gi wieren. Si hu sech ganz einfach op deem wéineg opreegenden, mä dofir relative séchere Mëttelwee gehalen.

Souwäit meng generell Appréeciatioun. Iwwer Detailer hu mer jo nach e Freideg beim Vote vun den Devisen zu deenen eenzelnen 'travaux extraordinaires' d'Geleeënheet méi ausféierlech a kontradiktoresch ze diskutéieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Merci Här Klein, fir déi Iwwerleeungen zum Budget, déi ech zum ganz groussen Deel kann deelen. Et sinn déi Konklusiounen, déi ech och selwer aus deem Budget gezunn hunn. Dat heescht, datt mer de Moment an enger Zäit si wou ee sech net ganz grouss Spréng ka leeschten, wou een eng Kris an Aussicht gestallt kritt déi eng vun deene schlëmmsten aus deem leschte Joerhonnert wier. Do ass et natierlech och kloer, datt een net kann iergendwéi eppes bauen oder realiséieren, wat aussergewéinlech ass. Wann d'Mëttele méi kleng ginn, da muss ee sech op dat Wesentlecht konzentréieren. An dat ass - an dat hutt der och ënnerstrach - sécherlech alles wat d'Kannerbetreiung ubelaangt. Wou mer och e ganz grousse Wäert drop leeën ass d'Zukunft vun eiser Bevëlkerung a vun eiser Gemeng. An do kommen och nei Aufgaben op eis zou.

Mir hunn och - an dat muss een och ënnersträichen - e ganz grousse Wäert an e groussen Effort gemaach um Niveau vun de Stroossen- an de Réseausinfrastrukturen. Mir wäerten dat och nach musse virumaachen. Ech ginn iech och Recht, datt wahrscheinlech an deenen nächste Joeren nach méi Bedeitung doranner kënnt. Mir mussen awer och soen, datt mer an deene leschte 4 Joer vun dëser Mandatsperiod 30% vum extraordinäre Budget genee an déi dote Richtung investéiert hunn. Dat heescht, all drëtten Euro gëtt an d'Stroosseréseauen investéiert. A mer wäerten, an do ginn ech iech Recht, an nächster Zukunft nach weider Efforte maachen. Ech ginn iech och Recht, datt mer an Zukunft manner a Bauinfrastrukture investéieren, mat enger Ausnam, déi ech wëll hei ervirbréngen, an dat sinn d'Schoulen an d'Maisons relais, wou mer sécherlech nach net um Enn ukomm sinn. Mä bei all deenen aner Saache, zum Beispill bei de Sportsinfrastrukturen, gouf ganz vill gemaach, esou datt mer do an deenen nächste Joeren, wa mer all déi Projeten, déi nach am gaange sinn, ofgeschloss hunn, de Pendant op eng aner Saach setzen.

Roger Klein (LSAP):

A menger Interventioun hat ech u sech nëmmen d'Sport-, Fräizäit- a Kulturinfrastrukture gemengt. Et ass fir mech ganz kloer, datt mer bei de Schoulen eng Obligatioun hunn.

Ech wollt awer och Merci soe fir d'Äntwerten. Well fir déi Suggestiounen, déi ech gemaach hat, hat ech mer u sech keng Äntwerten erwaart. Et war u sech nëmme geduecht, datt dir iech déi sollt duerch de Kapp goe loossen.

Guy Brecht (LSAP):

Ech si an däer selwechter Situatioun wéi meng Virriedner. Et ass scho villes gesot ginn, an dofir wäert ech meng Interventioun esou virdroe wéi ech mer se preparéiert hat, obwuel scho vill Saache beäntwert gi sinn.

Här Buergermeeschter, Madame, dir Häre,

Fir d'alleréischt emol e grousse Merci un all déi Leit, déi un dësem Budget hei geschafft hunn. Merci och un iech véier, fir déi flott Presentatioun a fir d'Form wéi mer kënnen heibannen debattéieren. Ech géif soen, datt d'Aart a Weis schonn d'lescht Joer hir Friichte gedroen huet.

Mä ech kommen zur Analys vun dësem Budget. Op deen éischte Bléck kann ee soen, datt dat doten an der Rei ass, an datt een et och ka mat gewëssenen Ofstrécher matdroen.

E saten Iwwerschoss, deen natierlech - an ech mengen do soen ech iech näischt Neies - zu engem Deel doraus entsteet, datt verschidde Budgetsartikelen an dësem Joer net exekutéiert konnte ginn. Mä dat ass zum gréissten Deel net äer Schold, well mer alleguerte wëssen, wéi séier heiansdo an deene verschiddene Ministère geschafft gëtt.

Wann dann do nach zu gudder Lescht iergendeen en Hoer an der Zopp fënnt, da gi sämtlech Konzepter a Pläng vun enger Gemeng op d'Kopp gehäit.

Mä net nëmmen dorauser ass dësen Iwwerschoss entstanen. Erfreelech ass jo och d'Tatsaach, datt ee vum Stat méi grouss Zommen iwwerwise kritt huet, a mat deenen een urspréinglech net gerechent hat.

Mir befannen eis matten a Krisenzäiten, a wann ee sougenannten Experte ka gleewen, a Krisenzäiten, déi nach laang net iwwerstane sinn. An eng éischt Fro, déi ech iech wollt stellen, ass, wéi et mat Firmaen a Betriber hei an eiser Gemeng ausgesäit? Sinn do Leit a Nout geroden? Wa Jo, kënne mir als Gemeng eppes ënnerhuele fir do ze hëllefen?

E grousse Problem wäert och deemnächst, oder wann en net scho besteet, bei der Arcelor-Mittal op eis duerkommen. Hu mir do schonns Gespréicher gefouert a wa Jo, gëtt eisen Aktiounskomitee erëm aktivéiert? Kënne mer weiderhin op de Standuert Rodange bauen, dee jo qualitéitsméisseg eng vun deene beschte Walzstroossen an Europa opzeweisen huet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wëll net soen, datt wéinst der Kris bei de Firmaen a Betriber alles am Botter ass. Et ass mer awer net bekannt, datt ee Betrib aus eiser Gemeng fir de Moment wéinst der Finanzkris a Schwieregkeete komm ass. Och Arcelor-Mittal, besonnesch wat de Standuert Rodange a Schëffleng ubelaangt, huet exzellent Chifferen am Ufank vum Joer geschriwwen, esou datt och dee Réckgang, dee fir de Moment um Niveau vun de Commanden ze verzeechnen ass, sécherlech den aktuelle Standuert Rodange net kann a Fro stellen. Dat ass d'Situatioun, wéi se fir de Moment ass. Mir wëssen awer, datt esou eng Kris ka ganz séier

reagéieren, an datt se ganz séier Repercussioune kann hunn. An dofir muss een ofwaarden a kucken, wat an der nächster Zäit do geschitt.

Ob mir elo kënnen als Gemeng iergendwéi dozou bäidroe fir de Standuert Rodange ze retten oder net, à moins datt mer e moralesche Bäitrag ginn, kann ech mer eigentlech net virstellen. Do miisst dir mer dat awer opzeechnen, wéi dat kéint entstoen.

Guy Brecht (LSAP):

Nom neie Verkéiersreglement wäerte mer jo och erëm méi Loft an eiser Gemeng kréien. Et ass vläicht nëmmen eng riseg Drëps op e waarme Steen, mä wann ee bedenkt, wéivill Gefierer am Duerchgangsverkéier all Dag duerch eis Gemeng fueren, da muss een d'Äerm awer nach eng Kéier eropstrëppe fir däer Situatioun deelweis Meeschter ze ginn. Ëmmer méi Schläichweeër gi benotzt fir esou séier wéi méiglech aus dem Stau erauszekommen. D'Athuser-Strooss ass zum Deel esou ee Schläichwee. A fir bei der Athuser-Strooss ze bleiwen: Endlech, an hoffentlech dës Kéier definitiv, kënnen déi Leit aus deene puer Haiser uganks dëser Strooss opootme wat de Problem Ofwaasser betrëfft. Erneierungsaarbechten an der Belair-Strooss an de 'bassin de rétention' um Hierschbierg si wierklech net vu Muttwëll. Datt virun deenen nächste Gemengewalen och nach e Reprofilage vu sämtleche Stroossen hei an der Gemeng, wou et ubruecht ass, gemaach gëtt, ass näischt Anormales. Jiddwereen, dee schonn an der Verantwortung war, huet esou eng Aktioun gestart.

Roland Breyer, Schäffen:

De Verkéier ass een Dauerbrenner. Do kann een nëmme feststellen, datt mer laut deene leschten Zielungen um Contournement 29.000 Autoen den Dag hunn. An der Haaptstrooss selwer hu mer nach 17.000 Autoen. Am ganzen hu mer 46.000 Autoen, déi an iergendenger Richtung bei eis duerch d'Gemeng fueren.

Mir hunn eng komesch Configuratioun vun der Gemeng. Mir hunn u sech 3 Axen, déi nieftenee lafen. Mir hunn de Contournement an der Mëtt, an da lénks a riets dovunner d'Haaptsstrooss an d'Athuser-Strooss. A wann et op der enger Strooss net weider geet, da verlagert sech de Verkéier an déi aner Stroossen.

Mir kréien d'Zuel vun de Ween net erofgesat. Mir kënnen nëmme versiche fir et méi sécher ze gestallten. Dofir hu mer schonn op der Athuser-Strooss Luuchte gemaach. Ech sinn och domatter d'accord, datt owes spéit déi Luuchten net méi hiren Zweck erfëllen, an dofir wäerte mer se och ëmschalten, esou wéi den Här Gira et jo schonn hei am Gemengerot gefrot hat.

Mir kënnen nëmme sécuriséieren. Méi kënne mer net maachen. Léisunge musse vu bausse kommen.

Et ass och net esou, datt mer de Reprofilage vu sämtleche Stroossen an der Gemeng géife virun de Wale maachen. Et wier schéin, wa mer dat géife fäerdegbréngen. Mir hu ronn 65 Stroossen, mat ronn 40 Kilometer.

Beim Reprofilage fuere mer no engem Schema. Mir hunn eng Prioritéitslëscht opgestallt. D'Liewensdauer vun den Infrastrukturen am Buedem läit tëscht 40 a 50 Joer. Mir kucken also, watfir Infrastrukturen nach kënne waarden, a wann de Belag schlecht ass vun däer Strooss, da maache mer en nei, a wann d'Infrastrukture schlecht sinn, dann huet et kee Wäert fir e Reprofilage ze maachen.

Bis d'Wale wäerte mer nach eng 6 bis 8 Stroossen hei an der Gemeng reprofiléieren, a mer wäerten nach - nieft deene grousse Chantieren 'avenue de la Gare' an 'Philippart-Strooss' - nach 1 bis 2 méi kleng Stroossen dobäikréien.

Guy Brecht (LSAP):

Wat de Plan local de sécurité ubelaangt, wollt ech froen, ob dann elo sämtlech Geforeplazen, déi am Dossier opgezielt gi sinn, och elo méi sécher sinn?

Roland Breyer, Schäffen:

Laut de Statistiken ass et besser ginn hei an der Gemeng. Ech huelen och un, datt d'Statistike stëmmen. Ausser laanscht Grenz, wou et net besser ginn ass, a wou et sech éischter ëm Klauen dréint. Et kann een awer soen, datt d'Gewaltbereetschaft, de Raubiwwerfall, den héije Banditismus, praktesch komplett ofgebaut ass. Et héiert ee bal keng Schlagzeile méi - Gott sei Dank - an der leschter Zäit vu Fäll, wou Leit iwwerfall gi sinn, a wou Posche geklaut ginn. Mir hu keen héije Banditismus méi hei wéi fréier, wou mer Doudeger an de Stroossen haten a wou geschoss ginn ass. Dat huet sécherlech domatter ze dinn, datt eng gemeinsam konzentréiert Aktioun tëscht der Police a lokalen Autoritéiten ass. Mir wëllen och op deem Wee weiderfueren, a mer hoffen, datt dat sech weiderhi bewäert a wann dee Plang ofgeschloss ass, nach Spuere bleiwen.

Guy Brecht (LSAP):

Zum Här Breyer sengem Ressort ass net weider vill ze soen, ausser datt nach e ganze Koup Stroossen an eiser Gemeng an engem schlechten Zoustand sinn. Mä dat wäerte mer jo och an deenen nächste Joeren nohuelen. An awer och nach, Här Breyer, d'Subsidereglement, wat net nëmmen de finanzielle Volet betrëfft, muss wierklech enger grëndlecher Revisioun ënnerzu ginn. Dat soll awer kee Virworf un iech sinn, mä éischter un déi respektiv Instanzen.

Roland Breyer, Schäffen:

Selbstverständlech kéint een higoen, an dat ganzt Subsidereglement op d'Kopp dréinen. Ech sinn och perséinlech heiansdo net ganz zefridde mat der Equitéit vun deem Reglement, well mer einfach eppes iwwerholl hunn aus de Joeren, a liicht modifizéiert hunn. Et miisst een eng Kéier komplett nei Iwwerleeunge féieren, an dann awer och de Courage hu fir als Politiker ze soen, wat ee gäre vu senge Veräiner hätt. Wat erwaart ee sech? An déi Veräiner da wierklech ze ënnerstëtzen, déi am Sënn vun de Vuë vun der Gemeng leien. Da kéint mat sech bréngen, datt vun deenen 107 subsidiéierte Veräiner der nëmme méi 50 iwwereg bleiwen.

Ech sinn net domatter d'accord, datt d'Veräiner ëmmer mengen, alles wier en Acquis, a si miissten dat all Joer vun der Gemeng kréien.

Wann ech op der anerer Säit kucken - an dir sitt alleguerten ëmmer dobäi wa mer an d'Generalversammlunge ginn - wat heiansdo vu Suen, vun engem Patrimoine geschwat gëtt, deen d'Veräiner hunn, da kéint ee sech dat ganzt Subsidereglement eng Kéier iwwerleeën.

Mä ech weess awer net, ob mer an deenen nächsten 3 Joer nach e Konsensus fanne fir dat ze maachen. Ech sinn awer direkt bereet fir mech do mat un den Dësch ze setzen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et muss een awer zum Subsidereglement soen, datt mer 2001 wesentlech Ännerunge virgeholl hunn. Do si substantiell Ännerunge virgeholl ginn. Dat ass elo 8 Joer hir, an et kann ee sech Gedanke maachen, ob een et net soll änneren. An da muss ee sech - esou wéi den Här Breyer et gesot huet - d'Fro stellen, wat iwwerhaapt de Sënn vun engem Subsidereglement ass. Firwat gëtt e Subsid un e Veräin ausgedeelt? A wa mer eis do am Kloere sinn, da kann een natierlech och kucke fir am Kader vun enger Enveloppe, déi ee sech gëtt, dat erëm nei opzedeelen.

Mä datt dat keng einfach Missioun ass, hunn ech 2001 gemierkt, wou mer

d'Subsidereglement fir d'éischt eng Kéier wollten änneren.

Guy Brecht (LSAP):

Et miisst ee sech haaptsächlech eng Kéier Gedanken iwwer dee Punktesystem maachen. Do si Veräiner, déi scho joerelaang mat 10 Punkten do stinn, a wat och ganz wäertvoll Veräiner sinn, an eng Steigerung ass do net dran.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir hu jo awer, an dat gëtt jo an nächster Zukunft diskutéiert, Progressiounen um Niveau vum Subsidereglement virgesinn. A grad op deenen dote Punkten, wou d'Aktivitéit, wou d'Jugendaarbecht gekuckt gëtt. Mä dat wäerte mer an deenen nächste Méint jo heibannen diskutéieren.

Guy Brecht (LSAP):

Mat der Péitenger Millen ass et wéi mam Kleeschen, eemol um Enn vum Joer gëtt dovunner geschwat.

Wat den Enseignement betrëfft, begréisse mer selbstverständlech den Ausbau vun der Rollenger Schoul. Mä op laang Weil wäert et net mat Ausbauen duergoen. Virun allem zu Rodange wäert sech an deenen nächste Joeren déi Problematik stellen, wann den neie Quartier entsteet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mir wësse scho laang, datt Rodange am gaangen ass zolitt ze wuessen, obscho mer deen een oder anere Projet och an Aussiicht hei zu Péiteng gestallt hunn, wat och eng Augmentatioun vun der Populatioun mat sech bréngt.

Mir wësse ganz genee, datt den Haaptwuesstem an deenen nächste Joeren zu Rodange wäert op eis duerkommen. Mir hunn eis do scho prett gemaach fir op déi Croissance kënnen ze reagéieren. Ech erënneren drun, datt mer Uganks den 2000er Joeren d'Fonderie-Schoul nei gemaach a vergréissert hunn. Mir hunn d'Paesch-Schoul an deene leschte Joere vergréissert, a mer sinn am gaangen d'Neiwiss-Schoul zolitt ze vergréisseren. Esou datt mer bannent 10 Joer, wann de Projet vun der Neiwiss-Schoul fäerdeg ass, d'Zuel vun de Klassesäll wäerte verduebelt hunn, wat awer scho wesentlech ass.

Ob mer elo wäerte kënnen all Augmentatioun aus deenen nächsten 10 Joer ofdecken, dat musse mer gesinn. Mä mir sinn awer mëttelfristeg, fir déi nächst 5, 6 Joer esou gestallt, datt mer sécherlech engem Deel vun der Populatioun, déi zu Rodange op eis duerkënnt, kënne Rechnung droen, oder scho Rechnung gedroen hunn.

Guy Brecht (LSAP):

Ze begréissen ass och, datt de Centre culturel zu Rodange endlech eng nei Fassad kritt, virun allem d'Nordsäit vum Gebai, déi an engem desolaten Zoustand ass.

Wat den neie Keelenzenter betrëfft, esou wëlle mer natierlech alleguerten drop hoffen, datt et bei däer enormer 'promesse de subside' bleift.

D'Péitenger Schwämm gëtt dann elo méi deier wéi urspréinglech geplangt. Loosse mer hoffen, datt et just bei dëser gréisserer Augmentatioun wäert bleiwen. Ech ginn och dovunner aus, datt d'Schüler aus dem LTMA wäerte vun dëser Schwämm profitéieren, well se jo keng eege Schwämm an hirem Lycée hunn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Selbstverständlech geet den LTMA an déi Péitenger Schwämm, dat ass kloer. Mir ware selwer - an dat hunn ech viru kuerzem nach eng Kéier gesot - net Demandeur dofir, datt den LTMA keng Schwämm sollt kréien, och wann dat heiansdo dobaussen esou duergestallt gëtt. Mä mir hunn eis awer bereet erkläert, datt - wann den LTMA keng Schwämm sollt kréien - mir mat eisen Infrastrukturen de Schwammsport kënnen ofdecken.

An dat ass de Revers vun der Médaille, datt fir de Public während de Schouldeeg net esouvill Disponibilitéite besti wéi wann den LTMA seng eege Schwämm hätt.

Mä déi Péitenger Schwämm wäert haaptsächlech fir de Schoulsport destinéiert sinn, fir den LTMA an eis Primärschoulen, an och fir de Competitiounssport, dat heescht fir de Schwammclub, an nëmmen zweetrangeg fir de Public. Déi Rodanger Schwämm dogéint ass éischtrangeg fir de Public an zweetrangeg fir de Schoulsport.

Guy Brecht (LSAP):

Wat den Ëmweltdiplom betrëfft, géif ech proposéiere fir dee bis op den LTMA auszedehnen. Wann ee sech do an den Alentouren ëmkuckt, da weess ee wat ech domatter wëll soen.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech mengen heibannen ass keen, deen net dëser Meenung ass. Mir wësse ganz genee, datt duerch de Lycée eng ronn 1.600 Schüler do sinn. An déi 1.600 Schüler verhale sech net esou - wat d'Ëmwelt ubelaangt - wéi ee sech dat kéint virstellen. Ech ginn en einfacht Beispill: Et brauch een nëmmen um 12 Auer an dee gréisste Supermarché, dee mer hei zu Péiteng hunn, ze goen, an da gesäit ee lénks a riets um Buedem Dreck leien. Et ass awer net, datt mer bis elo näischt ënnerholl hätten. Mä et ass ganz schwéier e Resultat ze kréien. Mir hunn - an dat ass schonn all Joer geschitt, och beim alen LTMA - intervenéiert, bei de Proffen, an déi Proffen hunn dat och an hir Klasse weiderginn, mä wann d'Schüler sech net drun halen, dann halen se sech net drun. Och beim Haff vum LTMA, wéinstens beim alen LTMA war dat esou, do konnt een owes um 5 Auer higoen an dann dee ganzen Dreck ronderëm asammelen. Dat ass eng Saach, déi wierklech net miisst sinn. Mir hunn e Problem domatter, a mer froen eis, wéi mer dee Problem geléist kéinte kréien. Et schéngt haut net méi esou ze sinn, datt ee säin Dreck an eng Dreckskëscht gehäit. Well Dreckskëschte stinn der genuch ronderëm.

Roland Breyer, Schäffen:

Am Kader vum Plan local de sécurité hu mer den nächsten Donneschdeg eng Entrevue mat der Direktioun vum Lycée, fir just déi Saachen ze beschwätzen.

Roger Klein (LSAP):

Ech wëll just bäifügen, datt am Projet d'établissement vum LTMA och de Volet Ëmwelterzéiung ee vun de ganz groussen Aspekter ass. Dat heescht, et gëtt scho ganz vill dorop higeschafft, wat d'Ëmwelterzéiung, d'Trenne vum Müll, d'Propperhale vum Image vum LTMA betrëfft. Mä et kann een awer net hannert all Schüler ee stellen deen oppasst, datt e sech och drun hält an dat ëmsetzt.

Wat awer e bësse schlecht geregelt ass, dat ass, datt bei de Quaie vum Busparking 20 Dreckskëschte stinn. Mä do sti keng Schüler, well d'Schüler stinn all tëscht der Bréck an der Bréck ënner der Eisebunn erduerch. An do steet een eenzege Back, an no 10 Minutten ass dee voll. An da flitt alles ronderëm.

Guy Brecht (LSAP):

Endlech hu mer d'SLR esouwäit, datt se sech an allem gefügt hu wat se operluegt kritt hunn. An dat ass net nëmmen de Mérite vum aktuellen Ëmweltschäffen, wéi virun e puer Méint an enger Dageszeitung stoung, mä et ass de Mérite vun alle Politiker déi vun Uganks den 90er Joeren hei am Gemengerot souzen, de Mérite vun enger energescher Biergerinitiativ, an net zu gudder Lescht vu sämtlechen Awunner aus der Gemeng Péiteng, well déi vill Affekotskäschten a Publikatioune mat Gemengegelder bezuelt gi sinn.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech wëll awer op déi kleng perséinlech Attacken agoen. Ech si frou - an dat soen ech éierlech - als Ëmweltschäffen den Dossier SLR ofgeschloss ze hunn. Ech wëll awer ganz kloer an däitlech soen, datt ech net an eng Zeitung schreiwen, datt ech net Reporter sinn, an datt ech net dofir kann, wat d'Press an d'Zeitung schreift. Ech soen och éierlech hei, datt ech net gefrot gi sinn an deem Sënn, wéi deen Artikel soll ausgesinn. Ech si just gefrot ginn, ob ech hinnen eppes kéint iwwer d'SLR soen. An dat hu mer och hei um Büro, a Präsenz vun eisem Ëmweltberoder, gemaach. All déi Donnéeën hu mer hinnen an däer Form ginn, esou wéi mer dat ëmmer bei der Press maachen. An dorauser ass en Artikel entstane fir deen ech net verantwortlech sinn.

Guy Brecht (LSAP):

Dir sitt jo awer mat mir averstanen, Här Welter, datt ganz vill Leit e Mérite dorunner hunn, datt déi Affär SLR esou konnt ofgeschloss ginn.

Gilbert Welter, Schäffen:

Selbstverständlech. Ech hu gesot, datt ech frou sinn, deen Dossier kënnen ofzeschléissen. Mä ech war nach net dobäi, wou dee ganzen Dossier ugelaf ass. An et si ganz vill Leit, déi un deem Dossier geschafft hunn, an déi Leit hunn alleguerten e Mérite verdéngt, a virun allem och eis ganz Bevëlkerung.

Guy Brecht (LSAP):

Ech soen iech Merci, Här Welter, an et war beileiwe keng perséinlech Attack op iech.

Da wollt ech am Kader vum Budget wëssen, ob d'Ausgabe fir de syntheteschen Terrain zu Rodange berechtegt sinn, oder hätten do kéinte Gelder agespuert ginn?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wann ee sech e bëssen ëmkuckt, dann ass dat doten de Präis, deen ee muss fir esou ee syntheteschen Terrain bezuelen. Et muss een awer och dozou soen - an dat hat ech och scho beim Här Klein gesot - datt dat d'Fraise si fir de synthetesche Futtballterrain, mä et ass och nach fir dee Parking, deen dernieft ass. Weider muss ee wëssen, datt an deem Präis och d'Beliichtung vun deem Terrain mat derbäi ass, esou wéi och den Zonk ronderëm an d'Uleeë vun den Alentouren, asw. .

Guy Brecht (LSAP):

Wat de PiKo ubelaangt, wëll ech dëst Joer kee Kommentar ofginn. Si steet nun eben elo do, a mer mussen och mat den Inconvéniente rechnen déi Wiederverhältnisser mat sech bréngen.

Alles an allem kann ee mat dësem Budget liewen, wann een de Krisefaktor, deen am Moment villes dirigéiert, berücksichtegt. Et stinn natierlech e puer Punkten dran, déi eis net esou gefalen, mä mer wäerten d'Käpp awer nach eng Kéier zesummestrecken an eise Vote dann e Freideg dovunner ofhängeg maachen.

Romain Rosenfeld (CSV):

Ech géif mer och erlabe fir e puer Wuert zum Budget ze soen, an e puer Appréciatiounen dozou ze ginn. Fir d'alleréischt géif ech eisem Buergermeeschter Pierre Mellina, zesumme mat senge Schäffen, félicitéiere fir dës, wéi schonns gewinnt, perfekt Presentatioun vun eisem Budgetsdokument. Als Fraktiounssprecher vun der CSV géif ech och all de Beamte Merci soen, déi zu dësem Dokument bäigedroen hunn, fir datt et erëm esougutt ausgefall ass wéi déi Joere virdrun.

Aner Gemengepäpp beneiden d'Péitenger Gemeng fir deen Iwwerschoss, deen erëm eng Kéier duerch eng finanztechnesch an iwwerluete Politik zustane komm ass. Et dierf een awer net vergiessen, datt dës Resultater, vum Joer 2000 un, op déi richteg Schinne gesat si ginn, an dat och duerch eng gutt Personalpolitik, déi oft ënnerschat gëtt. Well dës Fraisen drécken enorm op de Budget.

Op jiddwer Fall géif ech mer et schwéier dinn, wann ech an der Oppositioun géif sëtzen, fir dëse Budget net ze stëmmen, well ganz einfach keng Upak do ass fir Kritik unzebréngen.

Nach ervirzesträichen ass, datt mer während deene Joere keen Emprunt gemaach hunn, an zolitt zeréckbezuelt an d'Schold doduerch enorm erofgedréckt hunn. Ausser bei engem Kredit, dee mer hu miissten ophuele fir 2003 den Defizit vum Nidderkuerer Spidol ze decken.

Wat déi nächst Joere bréngen, no der Banken- an der Wirtschaftskris, bleift ofzewaarden. Net méi spéit wéi haut de Mueren hat ech eng Diskussioun mat engem Gewerkschaftsvertrieder, deen am Konjunkturcomité ass. An hie gesäit déi Saach guer net esou gutt, an hie géif mengen, datt déi Kris méi schlëmm wier wéi vun deene meeschte Leit ugeholl gëtt, an och vill méi schlëmm wéi déi Kris, déi mer an de 70er Joeren an der Siderurgie haten. Dat huet ee viru kuerzem gemierkt mat all deene Betriber, déi Kuerzaarbecht ugefrot hunn. An et sinn net nëmme grouss Betriber, déi Kuerzaarbecht maachen, mä och méi kleng Betriber, déi Luxusartikelen hirstellen. A just fir ze bemierken: Dee Mount do huet scho 5 Milliounen Euro kascht fir den Domaine vun der Kuerzaarbecht ofzedecken.

De 16. Dezember hu se nach eng Kéier e Konjunkturcomité, an hie mengt, datt do nach ganz aner Saachen op eis zoukommen.

Dofir muss een d'Aarbecht respektéieren, déi d'Politiker vun 2000 un, ënner CSV-Buergermeeschteren, bis haut, a mat Visiounen an d'Zukunft, geleescht hunn. Laut eisem Walprogramm ass bis haut, an am Délai, alles realiséiert ginn, esou wéi mer eis dat quasi virgestallt haten.

Ech géif kuerz e puer Projeten opzielen, déi entweder fäerdeg sinn, am gaange realiséiert ze ginn, oder an der Planung sinn.

Den Numm Opfankstrukturen, dat heescht Maison relais, Cantines scolaires, deen huet ee bis d'Joer 2000 bal net kannt. Dofir kënne mer soen, mat deem wat geplangt a gemaach ginn ass, datt mer iwwer déi nächst Joeren déi ganz Gemeng mat deenen Infrastrukturen ofgedeckt hunn.

Wann ech d'Investitioune kucken, déi an de Schoulsport an an de Sport gemaach gi sinn, verstinn ech, datt aner Gemenge jalous op eis sinn. Ech wëll nëmmen e puer Projeten ervirsträichen:

- D'Renovatioun, oder et kann ee bal soen 'mise à neuf' vun der Péitenger Schwämm.
- D'Qualitéit fir de Rodanger Schoulsport ass garantéiert duerch de Bau vun der neier Sportshal zu Rodange. Et ass dat eng gelongen Investitioun, vun däer och ganz vill Sportsklipp an Associatioune profitéieren.
- Nei sanitär Anlagen an der Hal fir de Fussball, déi jo och fir aner Zwecker genotzt kënne ginn.
- En neie syntheteschen Terrain, mat enger neier Beliichtung um Stade Jos. Philippart a mat dem Aménagement vun der Plaz rondrëm de Kiosk a den Alentoure vun der Hal.
- Bei dem neie nationale Keelenzenter, mat integréierter Tennishal konnte mer zwou Mécke mat eng Schlag schloen, an eisen Tennisveräin och zefriddestellen. Wéi scho gesot, hoffe mer, datt mer déi versprache grouss Subside kréie fir kënnen dee Projet ze realiséieren. Et ass op jiddwer Fall e Projet, wou mer houfreg drop sinn.

Aner Projeten, déi een nach miisst ervirsträiche sinn d'Annex vum Stadhaus mam Biergerzenter, souwéi d'Moderniséierung an d'biergerfrëndlech Gestaltung vum alen Deel vum Stadhaus, wat an Etappe realiséiert gëtt.

Gréisser Investitioune si getätegt ginn, a ginn nach an Zukunft getätegt, wéi zum Beispill an eise Schoulgebaier a Schoulhäff, souwéi an alle Beräicher déi mat der Schoul zesummenhänken. Domatter kréie mer an eiser Gemeng eng modern a kannerfrëndlech Educatioun.

Et sinn eng ganz Mass kleng Projete realiséiert ginn, an et kann een net op se alleguerten agoen, wou zum Beispill verschidde Spillplazen, deen een oder anere Boullenterrain, asw., wat awer Saache sinn, déi sech finanziell nidderschloen.

Wann een nach e puer Wuert iwwer den HPMA wëll verléieren, da kann een nëmme frou sinn, datt deen Dada, deen an deene leschte Joeren ëmmer beim Budget zum Thema stoung, elo ofgeschloss ass. Wéi de Buergermeeschter gesot huet, kënne mer nach op eng Recette an deenen nächste Joeren hoffen. Wichteg ass et och, datt sech fir weider Investitiounen zu Nidderkuer agesat gëtt, an datt d'Qualitéit vun der Behandlung fir eis Bierger aus dem Kordall garantéiert bleift.

Wann een all déi Saachen do e bësse resüméiert, da kënne mer frou sinn, datt mer eng wierklech finanztechnesch iwwerluegte Politik vun 2000 u bedriwwen hunn, esou datt mer fir déi nächst Joeren e bësse gerüst sinn, an datt mer mat deene Leit, déi mer un der Spëtzt hunn, dëser Kris hei kënnen esou entgéinttrieden, datt se net zevill schro fir eis ausfält. Fir dëse schwéieren Zäiten entgéint ze goen, hunn ech vollt Vertrauen an eis Majoritéit, déi dëst Schëff vun 2000 un a méi roueg Gewässer gefouert huet. Eis Bierger kënne Vertrauen an eis Leit hunn, déi de Moment d'Soen hunn.

Dëse Budget ass eng kontinuéierlech Suite vun enger gudder Aarbecht, déi sech iwwer Joere gezunn huet a weider geet. Ech hu vollt Vertrauen an dëse Budget, an ech wäert e mat voller Iwwerzeegung stëmmen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech soen dem Här Rosenfeld Merci fir seng Interventioun. Ech mengen do ware keng weider Froen dran, déi ee miisst beäntweren. Domatter géif ech soen, datt de Punkt 'Commentaires et discussions' zum Budget ofgeschloss wier. Den nächste Freideg wäerte mer eis erëmgesi fir eng ganz Rei Projeten, déi en Unhang vun dësem Budget sinn, ze diskutéieren. An den nächste Freideg wäert dann och de Vote zum Budget rectifié an dem Budget 2009 sinn.

Séance publique du 12 décembre 2008

Durée de la séance: *14.00 à 17.15 heures*

Présents:	
Camille Bosseler, conseiller (CSV)	Guy Brecht, conseiller (LSAP)
Roland Breyer, échevin (CSV)	Lily Gansen, conseiller (LSAP)
Raymonde Conter-Klein, échevin (CSV)	Roger Klein, conseiller (LSAP)
Carlo Gira, conseiller (CSV)	Jeannot Linden, conseiller (LSAP)
Pierre Mellina, bourgmestre (CSV)	Norbert Pierre, conseiller (LSAP)
John Polfer, conseiller (CSV)	
Romain Rosenfeld, conseiller (CSV)	Romain Becker, conseiller (Déi Gréng)
Welter Gilbert, échevin (DP)	
Absents et excusés:	
/	Albert Muller (LSAP)

ORDRE DU JOUR

Séance à huis clos

1. Personnel: changement de statut d'un membre du personnel - décision.

Séance secrète

2. Indigénat: demande en obtention de la nationalité luxembourgeoise - avis.

Séance publique

3. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
4. Administration générale
   - 4.1. Fixation des taux multiplicateurs à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'année 2009 - nouvelle décision.
   - 4.2. Règlement général des tarifs: disposition complémentaire à apporter au chapitre VII - Point 2. Piscine à toit ouvrant à Rodange - généralités - décision.

4.3. Octroi de subventions communales aux particuliers dans le domaine de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables - nouvelle décision.

4.4. Titres de recettes: déclarations diverses.

4.5. Décomptes de travaux extraordinaires

4.5.1. Propriétés: agrandissement et transformation du bâtiment administratif à Pétange, place du Marché - approbation.

4.5.2. Propriétés: construction d'une station de transformation pour l'alimentation en électricité de la crèche, du stade Jos. Philippart et de l'école 'Neiwiss' à Rodange - approbation.

4.5.3. Enseignement: maison Relais à Rodange: acquisition d'équipements et de mobilier divers - approbation.

4.5.4. Enseignement: école primaire de Lamadelaine: remplacement de la menuiserie extérieure du nouveau bâtiment - approbation.

4.5.5. Urbanisation: aménagement des espaces verts et d'une aire de jeux au lotissement 'Oberst Daessent' à Pétange - approbation.

4.5.6. Urbanisation: renouvellement de l'éclairage public au parc à Rodange - approbation.

4.5.7. Transports et communications: renouvellement des infrastructures dans la rue de la Gendarmerie à Rodange - approbation.

4.5.8. Transports et communications: acquisition de feux tricolores - approbation.

5. Personnel: Fixation des emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux - décision.

6. Enseignement: Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales - ratification.

7. Environnement: Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la Conservation de la Nature (SICONA): programme d'action pour l'exercice 2009 - approbation du devis et des plans.

8. Urbanisation: Projet d'aménagement particulier par « RODANGE LOTISSEMENT S.A. » de Sandweiler - réalisation de lotissements à Rodange, lieux-dits « A la Croix Saint-Pierre », « Aux Vieilles Parts », « A la Wissi », « A Heisdriesch » et « Au chemin de Brouck » - approbations définitives.

9. Budget rectifié de 2008 et budget de l'exercice 2009.

9.1. Travaux extraordinaires

9.1.1. Administration générale: acquisition d'un « Fire Trainer » - approbation du devis.

9.1.2. Propriétés: hôtel de ville: rénovation et mise en conformité - approbation du devis actualisé (rez-de-chaussée) et supplémentaire (1er et 2^{e} étages) et des plans afférents.

9.1.3. Propriétés: remplacement de la menuiserie extérieure des locaux de l'Harmonie et de la Chorale à Pétange, rue de la Chiers - approbation du devis.

9.1.4. Propriétés: remplacement partiel de la menuiserie extérieure de l'ancien bâtiment Pesch à Pétange, rue du Parc 1b - approbation du devis.

9.1.5. Enseignement: remplacement de la menuiserie extérieure de l'éducation différenciée à Pétange, rue de l'Eglise - approbation du devis.

9.1.6. Enseignement: école 'Neiwiss' à Rodange: réaménagement partiel des locaux - approbation d'un devis actualisé.

9.1.7. Enseignement: école 'Neiwiss' à Rodange - premier équipement de plusieurs salles de classe - approbation du devis.

9.1.8. Urbanisme: réaménagement de la place à côté de l'école primaire à Lamadelaine - approbation du devis actualisé et des plans.

9.1.9. Conduites d'eau: télésurveillance des réservoirs d'eau des trois sections de la commune - approbation du devis et des schémas afférents.

9.1.10. Conduites d'eau: bouclage du réseau d'eau potable dans le chemin piétonnier « Schwaarze Wee » à Pétange - approbation du devis et du plan.

9.1.11. Environnement: élaboration d'un diagnostic intégré de la qualité de l'air dans la commune de Pétange - approbation du devis.

9.1.12. Culture et loisirs: réfection de la façade du centre culturel à Rodange - approbation du devis.

9.1.13. Culture et loisirs: remise en valeur du moulin de Lamadelaine - approbation du devis et des plans.

9.1.14. Sports et loisirs: aménagement d'un terrain synthétique et des alentours immédiat et reconstruction de la tribune près du stade Jos. Philippart à Rodange - approbation du devis adapté.

9.1.15. Sports et loisirs: piscine de Rodange - installation et raccordement d'une nouvelle bâche tampon à la pataugeoire - approbation du devis.

9.1.16. Sports et loisirs: piscine de Rodange - réalisation d'une ventilation aux locaux du sous-sol - approbation du devis.

9.1.17. Sports et loisirs: piscine couverte de Pétange - approbation du devis actualisé et des plans.

9.1.18. Antenne collective de télévision: mise en souterrain d'une partie du réseau - approbation du devis.

9.1.19. Cultes: remise en peinture intérieure de l'église paroissiale de Pétange - approbation du devis.

9.1.20. Transports et communications: abaissement des bordures de trottoirs aux abords des passages pour piétons dans la commune - approbation du devis.

9.1.21. Transports et communications: travaux de reprofilage et renouvellement de la couche de roulement de diverses rues - approbation du devis et du plan.

9.1.22. Transports et communications: acquisition de nouveau matériel de signalisation - approbation du devis.

9.2. Votes du budget rectifié de 2008 et du budget de 2009 - décisions.

10. Questions des conseillers communaux.

COMPTE RENDU

3.

Communications du collège des bourgmestre et échevins.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Sou, et ass 10 op 2, da géife mer elo ufänken. Mer wollten net virun der Zäit mat der ëffentlecher Sëtzung ufänken. Mer géifen direkt zum Punkt 4 iwwergoen. Beim Punkt 3 wier eigentlech näischt ze soe well mer dat schonn den 8. Dezember gemaach hunn.

4.1.

Administration générale.

Fixation des taux multiplicateurs à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'année 2009 – nouvelle décision.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

De Punkt 4 ass agedeelt a 5 Ënnerrubriken.

Der wësst, datt mer den 25. Juli schonn déi fixéiert hu mat der Gewerbesteier. Mer sinn awer elo opgronn vun deem neie Gesetz vum 22. Oktober 2008 an opgronn vun der Circulaire 2247 vum Inneministère vum 25. November 2008 forcéiert do eng nei Opdeelung ze maachen, an zwar um Niveau vun der Grondsteier, Subdivisioun B. Do gëtt dëst proposéiert, an dat ass konform zu däer Circulaire: datt mer de B2, dee fréier „Construction à usage mixte – Immeuble non bâti“ sollen an zwee opdeelen. Da gëtt et de B2 „construction à usage mixte“. An da kéimen nach dräi weider Rubriken derbäi: Grondsteier B4, Eefamilljenhaus an „maison de rapport“; Grondsteier B5 „immeuble non bâti autre que les terrains à bâtir à défaut d'habitations“, d'Grondsteier B6, wat „terrains à bâtir à des fins d'habitation“ ass.

Mer géifen dem Gemengerot virschloen, dat bei 400 ze loossen, esou wéi mer et fixéiert hunn. Mer wëllen elo just déi Opdeelunge maache fir konform zur Circulaire 2247 ze sinn. Mee et gëtt eis natierlech d'Méiglechkeet – och am Kader vum Pacte Logement -, wa mer et fir néideg fannen an enger spéiderer Phas – besonnesch op den „terrains à bâtir à des fins d'habitation“ deen Taux vun 400% eropzesetze fir d'Leit unzereegen, déi Baulücken ze fëllen a fir och do ze baue fir datt och do ka Liewensraum entstoen.

Wat mer haut proposéieren ass just déi Opdeelung, wéi se laut dem neie Gesetz vum Oktober 2008 gëlt a fir datt den 1. Januar och déi déi Dispositioune gëllen.

Roger Klein (LSAP):

Ech hu just eng Verständnisfro. Wat ass den Ënnerscheed tëscht B2 „construction à usages mixtes“ an B „construction à usage mixte“ an der Eenzuel?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Do musse mer d'Gesetz genee kucken. Auswenneg kann ech iech dat hei net soen. Mee ech kucken et no.

John Polfer (CSV):

Ech mengen, et steet jo och dran „à délibérer d'urgence“. Dat war och d'Ursaach, firwat dat do net an der Finanzkommissioun war. Dat do ass eppes ganz Rezentes.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer hunn et net an d'Finanz-kommissioun geholl, well op alle Fall näischt ännert. Mer gi just hin a mer maachen et konform zum Gesetz. Dat anert ass eppes, wat ëmmer do stoung.

Roger Klein (LSAP):

Et wier wichteg, dat ze klären, well wann een ënner de B2 fält, da bezilt ee 400%. A wann een ënner de B3 fält, da bezilt een nëmmen 200%. Et ass jo awer offenbar net kloer, wouranner den Ënnerscheed besteet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also si hunn entscheet, datt mer dat do esou sollen opdeelen. Mee mer klären dat do. Ech géif iech proposéieren, datt mer dat hei solle stëmmen, mat der Oplo, datt mer dat hei nokucken an iech dat och schrëftlech matdeelen, wat deen Ënnerscheed an der Legislatioun ass. Da géif ech awer trotzdem déi Tauxen, déi jo net variéieren a wou am Prinzip näischt ännert, zur Ofstëmmung ze ginn.

Accord à l'unanimité.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech hunn elo d'Explikatioun krut wat d'„construction à usages mixtes“ B2 ugeet. Dat ass effektiv e Gebai, wou en Haus an e Geschäft dra ass, dofir ass et « mixte ».

An d'„construction à autre usage“, do misst « mixte » ewechkommen. Dat wier, wann een en Terrain huet, wou ee wunnt, an et huet een en Terrain dernieft, wou eng Garage drop steet. Da géife mer hei d'Wuert « mixte » aus der Délibératioun eraushuelen.

Roger Klein (LSAP):

Ech soe Merci fir d'Explikatiounen.

4.2.

Administration générale.

Règlement général des tarifs: disposition complémentaire à apporter au chapitre VII, point 2. Piscine à toit ouvrant à Rodange – généralités – décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

An eisem Generalreglement hu mer am Tarif vun der Rodanger Schwämm PiKo ënner der Rubrik VII Punkt 2.2.1. e reduzéierten Entréespräis virgesi fir Kanner, Schüler, Studenten, eeler Leit, behënnert Leit. Mer wëllen och an Zukunft déi Jugendlech, déi eng „Carte Jeune Européenne" hunn, vun dëse reduzéierten Tariffer profitéiere loossen. E Beispill: en normalen Entréespräis fir annerhallef Stonn kascht 3 Euro. Mat dëser Kaart wieren et da just nach 2 Euro. An am Summer wieren et just nach 1,75 Euro amplaz vun 2,5 Euro. Mer hunn iwweregens an der Péitenger Schwämm scho laang déi Kaart akzeptéiert, wat dann natierlech och fir de PiKo miisst sinn.

Ech schloen dem Gemengerot dofir vir, am Generalreglement vun den Tariffer am Kapitel 7 „Piscines et bains“ am Text „détenteur d'une carte jeune“ derbäi ze setzen, esou datt den Text esou géif ausgesinn: „Enfants à partir

de 5 ans, élèves et étudiants détenteurs d'une Carte Jeune Européenne, seniors à partir de 60 ans, personnes handicapées".

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech wollt den Här Welter froen, ob hien eis Detailer kéint ginn, wat déi „Carte Jeune Européenne" ass, well wahrscheinlech kee méi heibannen um Dësch ass, dee ka vun esou enger Kaart profitéieren.

Gilbert Welter, Schäffen:

Dat ass eng Kaart, déi een iwwerall a ganz Europa iwwer Schoule ka kréien. An da kritt een a ganz Europa Reduktiounen. Zum Beispill an Attraktiounsparken, iwwerall wou Visite gemaach ginn, alles wat Kultur ass ewéi Muséeën. Iwwerall huet ee Virdeeler. Mat däer Kaart erwaarde mer eis, datt net nëmme Lëtzebuerger, mee och Auslänner, wa se heihinner kommen, domatter an de PiKo kommen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech wollt awer nach eng Fro stellen. An e Jonken, deen déi Kaart net derbäi huet, mee deen awer eng Schülerkaart oder seng Jumboskaart huet, gëtt deen dann esou behandelt wéi wann en déi „Carte Jeune Européenne" huet?

Gilbert Welter, Schäffen:

Also et ass ganz kloer an et steet jo derbäi, datt d'Kanner vun 5 Joer un, d'Schüler an d'Studenten – wa se sech kënnen ausweisen – an dann och natierlech all déi, déi dës Kaart hunn, d'Seniore vun 60 Joer un an och déi behënnert Leit kënne vun der Reduktioun profitéieren.

John Polfer (CSV):

Et kann ee just soen, datt dat schonn hei zu Péiteng an der Schwämm esou gehandhaabt gouf an datt et fir déi Rodanger Schwämm net am Reglement virgesi war. Et ass just, datt dat och elo zu Rodange gëlt wat zu Péiteng scho war.

Accord à l'unanimité.

4.3.

Administration générale.

Octroi de subventions communales aux particuliers dans le domaine de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables – nouvelle décision.

Gilbert Welter, Schäffen:

Virun zwee Joer hu mer d'Reglement iwwerschafft fir eise Matbierger Subventiounen zouzegestoen am Beräich vum rationellem Energieverbrauch a fir de Verbrauch vun erneierbarer Energie. Den 1.1.2008 ass och en neie Règlement grand-ducal a Kraaft getrueden, deen als Zil huet, déi nei Energieméiglechkeeten ze promovéieren an d'CO2-Wäerter erofzesetzen.

D'Gemeng Péiteng huet, zesumme mat der „SA Energie-Park Réiden", déi fir d'Klimabündnis-Gemenge schafft, en adaptéierte Subventiounsprogramm opgestallt. De Virschlag vum Energie-Park Réiden baséiert sech op de Subsid vum Stat a dat, wat eng Gemeng miisst ginn, fir datt dës Moossnamen, respektiv Installatiounen, sech an 20 oder 12 Joer amortiséieren.

Et geet awer och drëm:

- well mer eis als Klimabündnis-Gemeng engagéiert hunn, den Energieverbrauch ze reduzéieren,
- fir datt d'Energieaspuernësser realiséiert kënne ginn. Mer hunn eis dofir mam Stat zesummegedoe fir d'Aktioune vun deem eenzelne Bierger finanziell matzedroen,
- well dës Subsiden en Zousaz zu eisem Hëllefsprogramm sinn, an datt berücksichtegt gëtt, datt keng 2 Prime fir déi selwecht Uschafung bezuelt kënne ginn.

Vum 1.1.2009 géife mer eng Gemengesubventioun bezuele fir dës Installatiounen an Equipementer:

1. d'Installatioun vun thermesche Sonnecapteuren,
2. d'Installatioun vun enger Photovoltaikanlag,
3. bei enger Reduktioun vum Energieverbrauch duerch d'Schafe vu passiver Energie an deene Gebaier, déi schonn existéieren,
4. beim Kaf vun Haushaltsapparater, déi Energie spueren.

Dës Installatiounen oder Equipementer mussen um Territoire vun eiser Gemeng realiséiert gi sinn. D'Subventioun gëtt bezuelt bei enger neier Installatioun oder awer bei engem Remplacement vun enger Installatioun, déi scho besteet.

D'Konditioune fir déi Leit, déi dovunner profitéieren, gesinn esou aus:

1. d'Subventioun gëtt zougestanen ënner däer Bedingung, datt et sech ëm e Wunnhaus handelt,
2. d'Subventioun gëtt och zougestane fir d'Installatioun vu Sonnecapteuren an d'Schafe vu Passivenergie an de Gebaier fir e Besëtzer, dee selwer am Haus wunnt oder verlount.

Et kann ee bei der Uschafung vun Haushaltsapparater och als Locataire eng Subventioun kréien. Awer ënner däer Bedingung, datt dës nei Apparater a senger Wunneng installéiert sinn.

Wéivill kann een dann elo als Subventioun kréien? Fir d'Waarmwaasserproduktioun duerch d'Installatioun vun thermesche Sonnecapteure bezuele mer 25% vum Statssubsid mat engem Maximum vun 750 Euro. Bei enger Installatioun fir d'Waarmwaasserproduktioun mat Heizung fir d'Wunneng bezuele mer 50% vum Statssubsid ouni awer iwwer 1.250 Euro ze goen.

Bei der Installatioun vun der Photovoltaikanlag fir en eenzelt Haus oder en Appartementshaus bezuele mer 30% vun der Statssubventioun ouni awer iwwer 1.250 Euro erauszegoen. Dëst alles ass nëmme fir Privatleit. En Entrepreneur gëtt net subsidiéiert well mer jo net wëssen, op zu deem Moment d'Keefer vun den Appartementer net och schonn an de Genoss vum Subsid kommen.

Mer wëssen, datt deen neien Energiepass fir d'Gebaier geschwënn a Kraaft triede wäert. Zesumme mat der SA Energie-Park Réiden hu mer eis fir dës Subventioune bei engem Haus, dat schonn existéiert, entscheet:

Fir d'Isolatioun vun de Fassademauren oder déi thermesch Isolatioun vun de bannenzegte Mauere gi mer 4,5 Euro pro Quadratmeter mat engem Maximum vun 1.200 Euro. Falls d'Gemeng eng Fassadeprime fir d'Fassad vun der Stroossesäit bezilt oder bezuelt huet, esou wéi dat an eisem Reglement virgesinn ass, gëtt bei dëser Prime d'Quadratmeterzuel vun der Stroossesäit ofgezunn an d'Isolatiounsprime gëtt op déi Quadratmeterzuel, déi iwwereg bleift, bezuelt. An anere Wierder: et kann ee keng zwou Primë fir d'Fassad vun der Stroossesäit kréien.

Fir d'Isolatioun vum Kellerplafong – wann de Keller net gehëtzt ass – hu mer eng Subventioun vun 4 Euro pro Quadratmeter mat engem Maximum vun 400 Euro virgesinn.

Wann eng Isolatioun vun de Fassademauere stattfënnt, da mussen och d'Fënsteren ugepasst ginn. An deem Fall bezuele mer fir d'Upassung vun de Fënstere mat duebeler Verglasung 12 Euro pro Quadratmeter bis zu engem Maximum vun 400 Euro. A mat dräifacher Verglasung bezuele mer 30 Euro pro Quadratmeter mat engem Maximum vun 900 Euro. Dës Subsidie sinn esou berechent, datt duerch manner Verbrauch den Invest sech no 20 Joer bezuelt gemaach hätt.

D'Zomme vun de Subventioune fir Frigoe leie bei enger A++-Klass bei 50 Euro a fir Gefréierschief vun der A++-Klass bei 60 Euro.

Hei sinn elo d'Modalitéiten: bei der Installatioun vu Sonnecapteuren, vun enger Photovoltaikanlag oder fir d'Isolatioun vum Haus muss d'Demande fir d'Subventioun mat den originale Pabeieren nom Uschafe vum Material respektiv no den Installatiounsaarbechte spéitstens 6 Méint nom Datum vun der Rechnung an den Ëmweltbüro geschéckt ginn. Dobäi muss och den Original vun der Attestatioun vun der Statshëllef sinn.

Bei den Haushaltsapparater changéiert näischt. Mer brauchen eng Original-rechnung, déi schonn aquitéiert ass a wou drop vermierkt ass, datt et sech beim Produkt ëm eng A++-Klass handelt; en Zertifikat, datt et sech ëm en éischten Apparat handelt respektiv datt deen alen entsuergt gouf.

Et ass och nëmmen eemol méiglech, dës Hëllefen ze kréien. Mat der Ausnam vun der Hëllef fir Frigoen a Gefréier-schief. Hei sinn et all 10 Joer pro Stot.

Nodeems mer vun der Finanz-kommissioun a vun der Ëmwelt-kommissioun e positiven Avis kruten, hu mer fir 2009 schätzungsweis 30.000 Euro an den Artikel fir d'Primen am Energieberäich gesat.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech begréissen et, datt elo nei Critèren do gëllen. Och fir d'Photovoltaik haaptsächlech an och fir d'Isolatioun vun deene Fassaden a Haiser, déi scho bestinn. Esou wäit ech weess waren d'Spullmaschinne soss och ëmmer mat derbäi. Leien ech do richteg? Well do gëtt et och d'AA-Klass an AAA-Klass.

Gilbert Welter, Schäffen:

Mer hunn dat schonn zanter zwee Joer eraus. Och bei de Wäschmaschinne gëtt ëmmer diskutéiert ob mer se mathuele sollen oder net. Esou wäit wéi ech informéiert si kritt ee bal nëmmen nach Wäschmaschinnen ze kafen, bei deenen ee wierklech versicht e Minimum u Waasser ze verbrauchen. All déi aner kritt ee bal net méi um Maart ze kafen, esou datt mer gemengt hunn, mer sollten dat net méi mat eranhuelen. Och an anere Gemengen, wou mer eis inspiréiert hunn, sinn d'Wäschmaschinnen net dran.

Norbert Pierre (LSAP):

Där sot, et gëtt se net méi. Et gëtt se nach wuel, mee et ass eben d'Geschicht, datt déi Maschinne relativ bëlleg sinn. Dat heescht, datt et awer Leit ginn – déi e klenge Budget hunn -, déi esou Maschinne kafen an déi net an d'A-Klassen erakommen.

Gilbert Welter, Schäffen:

Jo, an duerno mussen se och nach am Verbrauch méi deier bezuelen.

Norbert Pierre (LSAP):

C'est ça!

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech begréissen dat dann och. Dat ass e gudde Wee, eng gutt Linn, déi mer hei viruféieren. Ech wëll awer just nach eng Kéier drop hiweisen, datt et net alleng duergeet fir Subsiden un d'Privatleit ze bezuelen, mee datt mär selwer eis och solle beméien. Mer komme jo spéider nach eng Kéier dorop zeréck, datt mer probéieren, lues a lues alleguer eis Gemengegebaier mat op mannst enger duebeler Verglasung ze équipéieren, well do Saachen derbäi waren, déi der Zäit net méi ugepasst waren. Do géif ech iech dann och un d'Häerz leeën, fir dat och als Gemeng weider ze féieren, fir eis eege Betriber an eis eege Gebaier.

Guy Brecht (LSAP):

Bei de Subside fir d'Fënsteren, ass de Subsid vun der Gemeng onofhängeg vum Statssubsid, deen ee scho vum Stat kritt?

Gilbert Welter, Schäffen:

Et gëtt automatesch de Prozentsaz vum Statssubsid. Dat heescht, wann de Stat kee Subsid géif ginn, da bräichte mär och kee Subsid ze ginn. Mee da wier eppes falsch am Dossier, well et ass virgesinn datt, wann een d'Fassad isoléiert – dat gëtt jo en Ausbau vun 18 bis 20 cm, an da géifen d'Fënstere jo eraleien an da wieren se net méi dicht – d'Fënstere matgemaach musse ginn.

Accord à l'unanimité.

4.4.

Administration générale.

Titres de recettes: déclarations diverses – approbation.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der konnt an ärem Aide-mémoire feststellen, datt mer Recette fir 431.404,46 Euro hei enregistréiert hunn. Et sinn eng ganz Rei méi kleng Zommen. Et ass awer och e Subsid vun der Päesch-Schoul derbäi vun 57.555 Euro plus en extrae Subsid fir d'Sportshal zu Rodange iwwer 204.547,50 Euro. Dee krute mer vum Ëmweltministère zougesprach wéinst den Efforten, déi mer grad an deem Beräich gemaach hu bei der Konstruktioun vun dëser Hal.

Romain Becker (Déi Gréng):

Do steet bei „vente de vieux matériaux“ och „feux tricolores“ fir 50 Euro. Ass dat e Schrottwäert, zu deem mer se verkafen oder ass dat e Privatmann, deen do kann al Luuchte kafen an sech se doheem an de Gaart stellen? Well wann d'Leit kéinte virun hirer Dir Luuchten opriichten, dat wier awer relativ heikel.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer sinn amgaang verschidde Saachen ofzeschafen. Et ass natierlech net esou, datt ee sech kann déi Luuchten an d'Strooss setzen an eng eege Beliichtung maachen. Dat geet net. Do muss ee jo eng Autorisatioun hunn.

Mee mer kucken, datt mer déi Saache verschrotten oder datt mer se iergendwéi lass ginn. Dat hei ass och en Entrepreneur, deen déi Saach hëlt. Et ass och keng ganz Anlag.

Approbation à l'unanimité.

4.5.1.

Décomptes de travaux extraordinaires.

Propriétés: agrandissement et transformation du bâtiment administratif à Pétange, place du Marché – approbation.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass eist ominéist Verwaltungsgebai, dat elo endlech kann ofgeschloss ginn. Mer sinn elo am zwielefte Joer a mer hunn 1997 ugefaangen. Wann een dann de Libellé liest an et kuckt een de Präis, da kann ee sech e ganze Koup Saache virstellen. Et hätt ee vläicht – wann een am Nachhinein kuckt – besser gehat, en neit Gebai opzeriichten. Et ass eben esou, wann dat sech iwwer 3 Schäfferéit dohinnerzitt. Mee och wann e ganze Koup Ännerungen oder Affektatiounen am Laf vun den Aarbechte kommen. Mer wësse jo, datt d'Police op ee Mol gäre geplënnert wier op zwee Stäck; mer wëssen och, datt d'Krankekeess sollt dohinner kommen an duerno awer net méi wollt dohinner kommen, datt d'Steieramt vum zweeten op den drëtte Stack geplënnert ass. An dat well deen een oder aneren net méi wollt op däer Plaz bleiwen. Et waren Aménagementer gemaach ginn, déi spezifesch op eng Krankekeess zougeschnidde waren a vun deenen duerno awer net profitéiert gouf. Do hunn och nees mussen eng Ofdeelung gemaach ginn.

Summa summarum komme mer elo op eng Zomm vun 2.305.405,22 Euro effektiven Ausgaben. D'Devisë waren e bësse méi kleng, d'Kreditter driwwer. Firwat hu mer do déi Differenz? Mee grad well do esou dacks Modifikatioune gemaach goufen an och ganz am Ufank Ausgaben drop verbucht waren, déi nach deelweis mat dem Kulturhaus ze doen haten. Do ass jo d'Jonctioun tëscht der Dichtegkeet a gewëssen Etuden, déi do drop gefall sinn. An et war och nach iertëmlecherweis eng Rechnung drop gebucht ginn, déi hätt sollen op d'Tennisplaze kommen, mee déi awer hei imputéiert war. Esou, datt mer mat dësem groussen Dekont – mat deene villen Eenzelheeten -, dee mer virleien hunn, endlech zum Schluss kommen a kënnen d'Kräiz maachen an hoffen, datt et elo domatter eriwwer ass a mer näischt vergiess hunn. Hoffentlech kënnt elo net nees eng Demande eran, fir nei Transformatiounen ze maachen.

Et muss ee bedaueren, datt et esou laang gedauert huet an datt et esou en héije Präis ginn ass.

Guy Brecht (LSAP):

Just eng Detailfro. Ech gesinn hei op der Säit 26, do steet Pedus. Dat ass jo awer eng Botzfirma. Mee mer hunn awer och eis eege Leit, déi do botzen.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass fir de Schantjen ze botzen, well do gëtt jo awer mat Betongssaachen an esou viru geschafft.

Approbation à l'unanimité.

4.5.2.

Décomptes de travaux extraordinaires.

Propriétés: construction d'une station de transformation pour l'alimentation en électricité de la crèche, du stade Jos. Philippart et de l'école «Neiwiss» à Rodange – approbation.

Roland Breyer, Schäffen:

D'Devisen hu sech sech op 110.000 Euro belaf, d'Kreditter louche bei 127.000 Euro an déi effektiv Ausgabe läit bei 124.868 Euro. Och do leien d'Kreditter iwwer den Devisë well do am Laf vun den Aarbechten déi nei Sportshal dobäi komm ass, an datt och déi huet miissten ugeschloss ginn. Et ass donieft och de Kofferpräis an d'Luucht gaangen. Op däer aner Säit hu mer awer och eng „note de crédit" verbucht vun 19.901 Euro, well mer fréier e Kontakt mat der Cegedel hate fir de Stade Jos. Philippart, deen elo an deem heite mat dran ass. An da komme mer op déi Ausgaben, ewéi schonn ugedeit.

Approbation à l'unanimité.

4.5.3.

Décomptes de travaux extraordinaires.

Enseignement: maison relais à Rodange: acquisition d'équipements et de mobilier divers – approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass den Equipement, dee mer nach gebraucht hu fir eis Maison Relais zu Rodange. Den Devis goung iwwer 150.000 Euro, d'Kreditter och 150.000 Euro, d'Ausgabe louchen awer nëmme bei 125.351 Euro. An de Libelléë gesidd der och, wat mer alles gebraucht hunn. An zwar fir d'Kichen hu mer vu Gastro-Service Parzeläin a Couverte gebraucht. Natierlech hu mer och nach e puer Spiller gebraucht.

Summa summarum huet alles, wat mer fir de gudde Fonctionnement vun der Maison Relais gebraucht hunn, zousätzlech 125.351 Euro kascht.

Approbation à l'unanimité.

4.5.4.

Décomptes de travaux extraordinaires.

Enseignement: école primaire de Lamadelaine: remplacement de la menuiserie extérieure du nouveau bâtiment – approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Do läit och den Dekont vir. Et huet sech iwwer d'Joeren 2007, 2008 gestreckt. Do war den Devis 100.000 Euro, d'Kreditter 80.000 Euro, déi effektiv Ausgabe louche bei 85.542 Euro. Do gesidd der och hannen an de Libelleën, wat dat Ganzt kascht huet. Déi 5.000 Euro, déi driwwer leien, waren haaptsächlech dowéinst well déi d'Fënsteren e bësse schwéier ware fir anzebauen. An dofir sinn déi Méikäschten dobäikomm. Ech géif iech awer bieden, dat haut ze stëmmen, well déi Saach ass elo an der Rei an déi Fënstere sëtzen tiptop.

Roger Klein (LSAP):

Der bréngt eis e bëssen duercherneen, well wann et elo esou wier, wéi der eis dat virstellt, dann hu mer e klenge Problem dermat, wann d'Kreditter 80.000 Euro wieren, d'Ausgaben awer 85.000 Euro. Ech hunn awer hei eng nei Versioun leien, wou d'Kreditter 100.000 Euro an d'Ausgaben 85.000 Euro sinn. An da schéngt et an der Rei ze sinn.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Jo, hannendrun ass eng nei Versioun.

Roger Klein (LSAP):

Dann huele mer also déi nei Versioun.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Jo, mer huelen déi nei Versioun.

Approbation à l'unanimité.

4.5.5.

Décomptes de travaux extraordinaires.

Urbanisation: aménagement des espaces verts et d'une aire de jeux au lotissement «Oberst Daessent» à Pétange – approbation.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech mengen, der wësst jo all Kéier, wa mer eng nei Cité aweien, da musse mer och eng Spillplaz derbäi hunn. Do war et esou, datt den Devis an d'Kreditter deemols 27.896,38 Euro waren, mee d'Ausgaben hu sech nëmmen op 11.656,79 Euro belaf. Dat kënnt dohir, datt 2 Equipementer vu Spiller op en anere Budgetsartikel gebucht gi sinn, an eis Gemengenservicer do ganz vill selwer gemaach hunn. Eis Gäertner hu ganz vill Aarbecht du uewe gemaach. Dofir fält dat net an deen dote Kont.

Roger Klein (LSAP):

Wa mer esou Lotissementer maachen, da gëtt jo an der Konventioun mam Promoteur gewéinlech festgehalen, datt hien der Gemeng eng gewëssen Zomm muss gi fir esou Spillplazen anzeriichten. Dat heescht, et ass op däer aner Säit och eng Recette do. An dat miisst jo mat deem, wat mer ausginn, am Gläichgewiicht sinn. Kréie mer do keng Problemer, wa mer esou en Dekont hei virleeën, an deen ass da wäit ënner deem, wat mer dem Promoteur gesot haten, datt et géif kaschten.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei steet jo „total des heures prestées par le service des espaces verts" vun der Gemeng. Dat waren am ganzen 208 Stonnen, déi mer zu 29 Euro d'Stonn verrechent hunn, esou datt mer do nach op eng Zomm vun 6.032 Euro kommen. Wa mer déi dann nach derbäi rechnen an och nach den Téléphérique an d'Uplanzen, da kommen nach eng Kéier 2.369 Euro derbäi esou wéi 2.763,30 Euro. Mer leien dann net méi bëlleg. Mer leien

um selwechte Präis, wann net nach driwwer.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Am Prinzip si mer beim Promoteur an der Rei. Mer hunn ausginn, wat mer kruten. Mee et ass zum Deel op e falschen Artikel gebucht ginn an zum Deel ass et an Eegeregie gemaach ginn, esou datt mer géintiwwer dem Promoteur kënne justifiéieren, datt déi Zommen och gebraucht goufe fir dat mer se krut hunn.

Camille Bosseler (CSV):

Déi Spillplaz, gëtt déi vun eis ënnerhalen? Well ech war selwer dohinner kucken, an do hunn ech gesinn, datt déi Spiller do am héije Gras stoungen. An dat war während dem Summer, an do hunn ech mer geduecht, do géif weider näischt lafen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech mengen, eis Spillplaze sinn am Programm mat dran, wouhinner eis Gäertner méine ginn a wou se regelméisseg méine sinn. Et ka jo emol sinn, datt der just eng Zäit do waart, wou se vläicht net passéiert sinn. Op alle Fall ginn eis Gäertner regelméisseg dohinner a kucken no deene Spiller. Also déi sämtlech Spillplazen, déi bei eis an der Gemeng stinn, ginn entweder vum CIGL, vun eise Gäertner oder vun eisem Service „Propreté“ an der Rei gehalen.

Approbation à l'unanimité.

4.5.6.

Décomptes de travaux extraordinaires.

Urbanisation: renouvellement de l'éclairage public au parc à Rodange – approbation.

Roland Breyer, Schäffen:

Hei leie mer an engem normalen Dekont. Mer hate fir 40000 Euro virgesinn, d'Krediter ware fir 40000 Euro, an d'Ausgabe belafen sech op 38499,85 Euro. Do ass am Fong geholl kee Kommentar ze maachen.

Approbation à l'unanimité.

4.5.7.

Décomptes de travaux extraordinaires.

Transports et communications: renouvellement des infrastructures dans la rue de la Gendarmerie à Rodange – approbation.

Roland Breyer, Schäffen:

Och do en normalen Dekont vun der Gendarmerie Strooss zu Rodange. Den Devis war op 505.000 Euro, d'Kreditter och, an d'Ausgaben hu sech op 499.919 Euro belaf. Do ass haaptsächlech de Remboursement dobäi vum Préfinanzement vu Sudgaz vun 478.680 Euro, deen do ervirstécht. Dat anert sinn Etuden, déi gemaach goufe wéinst dem Gruef, deen huet misse gemaach gi vun eis aus.

Approbation à l'unanimité.

4.5.8.

Décomptes de travaux extraordinaires.

Transports et communications: acquisition de feux tricolores – approbation.

Roland Breyer, Schäffen:

Och do waren 50.000 Euro virgesinn, 50.000 Euro waren d'Kreditter, d'Ausgabe ware ganz no drun, näämlech bei 49.358 Euro. Dat ass déi Anlag, déi mer gebraucht hu fir d'Athuser Strooss.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dann hätte mer vun all deenen Dekonten der 8 ewech, an ech géif dem dem techneschen Service Merci soe fir hiren Asaz. Mee och e Merci un den Här Majeres, deen dofir gesuergt huet, datt se am techneschen Service déi Dekonte maachen, well dat ass net ëmmer einfach.

Approbation à l'unanimité.

5.

Personnel.

Fixation des emplois du cadre fermé dans les différentes carrières des fonctionnaires communaux – décision.

Roland Breyer, Schäffen:

Hei komme mer zu engem Exercice, dee mer all Joer maachen. Et ass opgronn vum Règlement grand-ducal vun 1964, d'Assimilatioun vun den Traitementer vun eise Gemengebeamte mat deene vun eise Statsbeamten. An do gesidd der dann den „cadre fermé“ vun deene verschiddene Carrièren, wou dann déi verschidden Tâche vun eise Beamten opgezeechent sinn, an och wéi d'Carrière soll evoluéieren.

Romain Becker (Déi Gréng):

Mech stéiert et e bëssen, datt hei den Avis vun der Personaldelegatioun feelt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech sinn net sécher, datt een do den Avis brauch. Mer kënnen näischt änneren dorunner. Dat ass eng Feststellung vun engem Règlement grand-ducal, dee besteet, an dee seet, datt e gewësse Prozentsaz an däer enger oder aner Carrière ass. Mer mussen et all Joer maachen, an et ass just eng Berechnung.

Opronn vun däer Zuel vun de Leit, déi bei eis schaffen, gëtt dat berechent an da kann dat liicht änneren. Dofir gëtt et hei duerch de Gemengerot geholl.

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass just d'Applicatioun vun engem Règlement grand-ducal. Mer mussen et maache well d'Prozentsätz jo heiansdo e bësse changéieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Bei der Schafung vun engem Poste gëtt den Avis vun der Delegatioun gefrot. Mee bis ewell ass en hei nach ni gefrot ginn. Ech kann awer kucke wann et muss sinn.

Et ass ëmmer esou, datt, wann een een huet, dat gëtt ëmmer op 10 gerechent. Well hei 59% vun 10, da kënnen eben 6 Leit do drop kommen. Mee et ass einfach esou, datt, well nëmmen een do ass an enger Carrière dat natierlech de Virdeel huet, datt d'Carrière no uewen op ass. A wann een zu méi ass, da gëtt dat e bësse méi komplizéiert. Wann een der do zwee oder dräi virdrun huet, déi kënnen ee blockéieren. Mee an enger isoléierter Carrière, wou een alleng ass, do ass et méi einfach.

Accord à l'unanimité.

6.

Enseignement.

Contrats de travail signés avec le personnel enseignant suppléant des écoles communales – ratification.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat sinn d'Aarbechtskontrakter, déi mer mat dem Léierpersonal ënnerschriwwen hunn opgronn vu Leit, déi net do waren.

Ratification à l'unanimité.

7.

Environnement.

Syndicat Intercommunal de l'Ouest pour la conservation de la Nature (SICONA): programme

d'action pour l'exercice 2009 – approbation du devis et des plans.

Gilbert Welter, Schäffen:

Eisen Aktiounsprogramm fir d'Natur ze erhalen an ze schütze gouf nees fir d'Joer 2009 zesumme mat dem interkommunale Syndikat SICONA opgestallt. Mer sollen deene proposéierten Aarbechten, de Pläng an den Devisen haut eis Zoustëmmung ginn. Ech wollt nach eng Kéier ernimmen, datt eise Park-Service sech net ëm all Aarbechte bekëmmere kann. Deels well se dofir keng Zäit hunn, deels well si och net déi richteg fachmännesch Aarbechtsmaschinnen hunn, esou datt mer d'SICONA ewéi all Joer domatter befaassen.

De gréissten Deel vun den Ënnerhaltsaarbechte fir de Wanter 2009/2010 ass d'Fleegen, d'Botzen an d'Schneide vun den Hecken, d'Méinen, den Ënnerhalt vun de Beem a vun anere Planzen, an dat alles op dem Territoire vun eiser Gemeng.

Bei der Heckefleeg hu mer dee gréissten Deel un Hecken, déi net laanscht e Wee wuessen. Virun allem dee ganzen Deel hanner Rolleng a Richtung Tëtelbierg. Dann awer och Hecken, déi op der Weesäit geschnidde ginn. Virgesinn ass, déi ganz Promenade laanscht de Plon an zu Rodange d'Promenade bei der Maus a Richtung Fond-de-Gras. Et handelt sech am ganzen ëm ongeféier 6.000 Meter säitleche Schnëtt an ongeféier 4.000 Quadratmeter Schneiden. Am Dossier hu dir e Plang, wou d'Siten agezeechent sinn. Wann et esou wäit ass, geet e Vertrieder vum SICONA de Fierschter an ee vun der Gemeng eng „visite des lieux“ maache fir genee ze definéieren, wéi eng Hecken schlussendlech zeréckbehale ginn. Och hunn d'Baueren, mat deene mer eng Konventioun hunn, am Virfeld d'Méiglechkeet, Propositiounen ze maachen. Dës Aarbechte kaschten 34.169,28 Euro a gi mat 50% subventionéiert.

Eng zweet Aktioun ass d'Méine vun de Wisen. Hei sinn 3 Plaze virgesinn: de Plon zu Rodange, de Site „Kënnescht Uecht" a Richtung Fond-de-Gras an zu Rolleng hanner dem Paschtoueschhaus. Heifir sinn 2.615,04 Euro virgesi mat enger 50-prozenteger Subventioun vum Stat.

Da kommen och nach d'Ënnerhaltsaarbechte vun eise Beem an anere Planzen, esou wéi d'Ersetze vu Beem, déi futti sinn, dobäi. Dat sinn haaptsächlech déi Plazen, wou eis Bongerte stinn a wou mer eng Ënnerhaltskonventioun ënnerschriwwen hunn. Esou zum Beispill de Site zu Rolleng hanner dem Fussballsterrain op der lénker Säit hanner den Haiser an der rue du Vieux Moulin, respektiv hanner der Rodanger Schwämm. Dës Aarbechte kaschten 6.223,68 Euro a ginn och zu 50% vum Stat subventionéiert.

Eng kleng Zomm ass och virgesi fir 3 Nichoire fir d'Eilen (Steekauz) ze kontrolléieren an ze botzen. Si stinn zu Péiteng an der Athuser Strooss, zu Rolleng de Bongert an der rue du Vieux Moulin an zu Rodange tëscht dem Bauer Rongveaux an dem Vullesang. Eng Zomm vun 134,46 Euro, déi zu 70% subventionéiert gëtt. Dës Projete si prioritär a gi realiséiert.

D'SICONA huet weider 6.935,36 Euro budgetéiert fir konkret Moossnamen ze huelen a Plazen an eisen Uertschaften ze schafe fir Schmuebelen, Eilen, Flëntermais, asw., esou datt den Total vum SICONA-Programm sech op 50.077,82 Euro beleeft. Dovunner falen 35.000 Euro zu Laaschte vun eisem Gemengebudget. D'Differenz vun 15.077,32 Euro ass d'Subventioun vum Ëmweltministère, déi direkt un d'SICONA iwwerwise gëtt. De Virdeel ass deen, datt mer, wéi och bei all deenen anere Gemengen, d'Subventioune vum Stat direkt mat an de Joresprogramm kënnen afléisse loossen.

Mer hunn och drop gehalen, datt am Aarbechtsprogramm festgehale gouf, datt de Budget 2009 vun der Péitenger Gemeng maximal mat 35.000 Euro belaascht ka ginn. Mer brauchen ären Accord fir dës Aarbechten ausféieren ze loossen, a fir den Devisë vun de Projeten iwwer 50.077,82 Euro respektiv de Pläng zouzestëmmen.

Camille Bosseler (CSV):

Ech hätt just eng Reklamatioun gehat. Ech hat hinnen (SICONA) et och selwer an der Sëtzung gesot, datt, wann et gefruer wier, se sollte kucken da mat hiren décke Maschinnen eranzefueren. Dat hu se gemaach op der Athemer Strooss fir eran an d'Jenken ze fueren. Do hu se eng ganz Entrée verschampléiert mat deenen décke Maschinnen, esou datt d'Leit net méi derduerch kommen. Och um Tëtelbierg, do hunn se alles beinee gedréckt, awer et ass bis elo nach näischt ewech. D'Leit kommen och do net méi eran. Ënner dem Tëtelbierg, wou fréier den Haff Roudebuer war, déi aner Säit wou et eropgeet. Ech huelen un, datt se do nach net fäerdeg sinn.

Gilbert Welter, Schäffen:

Här Bosseler, där hat schonn eng Kéier hei ernimmt, datt se net alles mat ewech geholl hätten. Dee Moment hu mer bei deene Verantwortleche vun der SICONA reklaméiert, an si hunn eis gesot, datt bei hinne spéitstens deen Dag duerno alles ewech geholl gëtt. Si géifen op kee Fall eppes leie loossen. Esou datt ech mer d'Fro stellen, ob dat wierklech vun hinnen ass.

Camille Bosseler (CSV):

Jo, normalerweis botzen se wa se op engem Terrain sinn. An da gëtt dat alles schéi gehäckselt fir datt alles propper ass. Ech weess och net, wat do geschitt ass, mee ech gi mech awer selwer nach eng Kéier iwwerzeegen.

Carlo Gira (CSV):

Här Bosseler, esouwäit ech weess, kann een Hecken nëmme schneiden, wann et dobaussen net fréiert. Mee wat ech gäre géif wëssen, dat ass, firwat déi aner Aarbechten, déi elo net onbedéngt esou wichteg sinn, net subventionéiert ginn. Well déi si jo awer e bësse mat deem Punkt virdrun, wou et ëm d'Nichoire goung, ze vergläichen. Dat do si jo awer och Moossname fir speziell Zorten ze erhalen.

Gilbert Welter, Schäffen:

De Programm stoung nach net ganz fest wat déi ganz Aarbecht ugeet, déi op si zoukënnt. Dat geet fir d'éischt emol detailléiert un de Ministère an da gëtt eenzel gekuckt, wéivill Prozenter dorop falen. Do kënnt eng Subventioun, mee de Prozentsaz steet nach net fest an dofir steet en och nach net dran.

Romain Becker (Déi Gréng):

Déi zwee Virriedner hu mer zum Deel d'Froen ewech geholl. Wat d'Maschinnen ugeet, mat deenen d'Leit vun der SICONA d'Hecke schneiden, do wollt ech nach drop hiweisen, datt déi zum Deel net geschnidde mee zerrappt si well se mat däer grousser Trommel mat de Messeren d'Hecke laanscht de Wee schneiden. Do géif ech och wëlle mat op de Wee ginn, datt se do e bësse sollen oppassen an net zevill Schued maachen. Eng aner Saach ass déi, ob mer net och op de Wee solle goe fir d'Bevëlkerung e bëssen ze encouragéiere fir Nichoiren an hire Gäert opzehänken. Haaptsächlech Flëntermaiskëschten. Et geet net duer, datt mär dat alles iwwer de SICONA lafe loossen an d'Leit dobausse ginn direkt näischt gewuer. Do sollte mer och op de Wee goe fir d'Leit an engem 'Meng Gemeng' drop hinzeweisen, datt se kënne bei sech – wa se Plaz hunn am Gaart – Këschten ophänke fir datt haaptsächlech d'Flëntermais en Ënnerdaach hunn.

Gilbert Welter, Schäffen:

Ech mengen, dat solle mer ënnerstëtzen. Dat ass ganz richteg, a mer sollen dat an den nächsten 'Meng Gemeng' mat erabréngen.

Approbation à l'unanimité.

8.

Urbanisation.

Projet d'aménagement particulier par «Rodange Lotissement SA» de Sandweiler – réalisation de lotissements à Rodange, lieux-dits «A la Croix Saint-Pierre», «Aux Vieilles Parts», «A la Wissi»,«a Heisdriesch» et «Au chemin de Brouck» - approbations définitives.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mer hunn den 29. September 2008 provisoresch déi 4 PAPen – dat si se awer nach net all fir dee Projet tëscht dem Brouckerwee an dem Klopp respektiv der Lonkecher Strooss an der Croix St. Pierre – gestëmmt. Doropshin hu mer dat publizéiert fir datt d'Leit kéinte reklaméieren. Et ass eng Reklamatioun erakomm. Däer hutt déi och an ärem Dossier virleien. Mer hunn dëst dozou ze soen, an dat nodeems mer dës Famill den 28. November 2008 ugehéiert hunn. Engersäits war e Problem mat dem Terrain, wou effektiv e ganz klengen Deel vun deem PAP um Terrain vun deene Leit war. Dat gouf geännert. Et ass e ganz klengen Eck. Déi modifizéiert Pläng louchen am Dossier an déi ginn haut nach eng Kéier mat gestëmmt.

Opgronn vun däer Reklamatioun a vun däer Interventioun - mee net nëmmen alleng opgronn vun däer Interventioun, well dat wier och zum gréissten Deel automatesch bei eis an de Konditioune an däer Konventioun dra gewiescht, déi mer elo an nächster Zäit eng Kéier dem Gemengerot virleeën an déi mer mam Promoteur maachen – hu mer gesot, datt nach muss e Bornement gemaach ginn op d'Käschte vum Promoteur. De Promoteur misst och déi néideg Virsiichtsmoossnamen huele fir ze garantéieren, datt d'Waasser och richteg ofleeft an datt hien net eng Modifikatioun vum natierlechen Terrain kéint virhuelen. An et ass och eng Fuerderung vun deene Leit gewiescht – wat och eng Selbstverständlechkeet miisst sinn –, datt en uerdentlechen Zonk ronderëm de Schantje géif kommen, esou datt den Noperen hiren Terrain net beschiedegt gëtt wann déi Aarbechten ufänken. A mer hunn och entscheet all déi Konditiounen - och déi, déi dës Leit opgeworf hunn – an déi Konventioun, déi mer mat deem Promoteur maachen, ze integréieren.

Déi Remarquë gëllen eigentlech fir all déi PAPen, obwuel vläicht deen een oder anere PAP net direkt betraff ass. Mee well déi Remarque vun däer Famill global gemaach gouf, si mer op all déi Remarquen an deene 4 PAPen agaangen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass mer opgefall, datt mer eis an deem Ganze widderhuele wat d'Pompjeeën ugeet. Et steet dann do, datt d'Weeër musse 5 Meter breet sinn, esou datt d'Pompjeeë mat der Leeder erakommen. Direkt hannendru steet „l'accès est à garantir pour l'auto-échelle des pompiers“. An da steet och nach eng Kéier do, datt den Zougang méiglech muss si fir eisen Dreckswon. Wa mer dat emol eng Kéier géifen an engem Saz schreiwe fir déi dräi.

Et deet mer och ëmmer nach e bësse leed, datt d'„implantation des immeubles dans le Obstblütenpark“ net esou dono ausgesi wéi mer dat deemols esou schéin hei verkaf kruten.

Kënne mer schonn elo hei festhalen, wéini d'Leit sollen déi eidel Drecks-këschten erausstellen respektiv déi voll Dreckskëschten erausstellen an déi eidel nees eranhuelen. Ass dat net schonn e bësse fréi fir dat festze-schreiwen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also et ass esou, datt déi Punkten an der provisorescher Autorisatioun schonn opgezielt waren. Mer sinn drop aus fir an eise PAPe schonn eng ganz Rei Saachen ze fixéieren. D'Dispo-sitioune vun dem neie Gesetz gesi vir, datt mer d'Konventioun net kënne matmaachen. Fréier hu mer de PAP gestëmmt an d'Konventioun an däer selwechter Sëtzung matgeholl. Dat geet net méi. Mer mussen d'Konventioun nohuelen. D'Gefor ass, datt wann een net alles genee am PAP festgesat huet a spéiderhin de Promoteur net bereet ass, d'Konventioun ënner däer Form ze ënnerschreiwe wéi mir eis dat virstellen, dann hu mer e Problem well dann hu mer keng Upak méi. An dofir stelle mer relativ vill an de PAP dra fir eng Upak ze hunn, wa mer déi Konventioun opstellen.

Ech verstinn, datt et e relativ laangen Text a véier Mol dat selwecht ass, mee et ass besser et steet eng Kéier zevill dran ewéi ze mann. Well spéiderhin ass keng Méiglechkeet méi gi fir drop anzegoen.

Wat déi Pompjeesgeschicht ubelaangt, esou hu mer Weeër a Stroossen, wou mer déi 5 Meter dran hunn. Mer hunn awer och Zougäng, déi méi schmuel sinn – wat och keng richteg Stroosse sinn -, mee wou mer awer bei d'Appartementer musse fuere a wou mer och gären d'Garantie hunn, datt mer déi néideg Distanz hu fir bäizekommen. Anerefalls kéint ee sech dorop referéieren a soen, mer hätten nëmme vun de Stroossen an ni heivunner geschwat. An da si mer deem Promoteur ausgeliwwert, deen dat do opriicht. Ech sinn zwar der Meenung, ouni awer elo 100-prozenteg sécher ze sinn, datt dee Promoteur hei gewëllt ass eppes Anstänneges ze realiséieren an ech mengen, datt et schonn a sengem Intressi ass, datt en eppes Flottes hei mécht. En ass och op alles agaangen, wa mer him eppes gesot hunn. Mer hate sielen e PAP, dee schonn am Virfeld mat esou villen Detailer hei am Gemengerot diskutéiert ginn ass. Mee mer wëllen all Sécherheet hunn an dofir hu mer och alles opgeschriwwen. An dofir wëlle mer op all Detail agoen. Mee wann dat eng Kéier bis steet, dann ass keng Ännerung méi ze maachen

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hu just eng Suggestioun ze maachen. Wann ee jo dat do elo am ganze kuckt, dat zitt sech jo iwwer en etlech Joer hin ier dat do soll stoen. Mee miisste mer net geschwënn e Mann hunn, deen déi Saache kontrolléiere geet? Elo schonn alleng bei deenen Haiser, déi mer hunn, wësse mer, datt Schwieregkeete komme wann et just fäerdeg ass. Et steet zwar an eisem „plan d'aména-gement“ datt, zum Beispill, dat éischt Kanalrouer fréier ëmmer vun der Gemeng geluecht gouf fir den Niveau. Et steet och do dran, datt et miisst vun der Gemeng kontrolléiert ginn ier et zou gemaach gëtt. Ech weess, mer hunn den Ableck net Leit genuch, déi dat kéinte maachen. Mee miisst een net kucken, op laang Siicht hin eng Persoun ze engagéiere fir eng Kontroll do ze maachen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass kloer, datt mer op deem Niveau am Virfeld solle kontrolléieren. Mer sinn awer amgaang, dat heescht, den Yves Schiltz dee bei eis als Ingénieur ugefaangen huet, ass amgaangen a sengem Mémoire fir déi definitiv Nominatioun ze kréien, eng ganz Rei Iwwerleeungen an däer Richtung opzestellen. A wann hien seng Exame fäerdeg huet, da wäerte mer och opgronn vun senger Aarbecht, déi hien do gemaach huet, eng Kéier kucken, wat hei zu Péiteng nach muss geschéien. An da kann et sinn, datt

mer vläicht deen een oder aneren astelle fir dat do ze maachen. Oder eventuell een aus engem anere Service eriwwer huelen. Dat sinn Diskussiounen, déi mer an deenen nächste Wochen a Méint musse féieren.

Roland Breyer, Schäffen:

Et muss een och vläicht derbäi soen, datt mer et esou kënne maachen ewéi aner Gemengen dat och scho gemaach hunn. Zëmol beim Kanal, wou mer ëmmer duerno Schwieregkeete gesinn. All gudden Dag hu mer hei e Fall opgedeckt kritt, wou d'Uschlëss falsch gemaach goufen, well eben net déi Kontroll gemaach ginn ass a well et iwwer e Samschdeg geschitt ass, wou mer keng Leit zur Verfügung stoen hunn. Heiansdo gëtt et och owes gemaach am Summer, wann d'Leit vun hirer Aarbecht kommen. Mär wollten an dat neit Bautereglement schreiwen – dat ass eng Iwwerleeung, déi parallel leeft zu deem, wat de Buergermeeschter gesot huet -, datt d'Kanaluschlëss miissten duerch eng agréémiert Firma vun der Gemeng gemaach ginn. Dat heescht, mer maache mat e puer Entrepreneuren hei an der Gemeng oder ronderëm d'Gemeng Konventiounen, wou einfach ganz kloer festgehale gëtt, datt et eis esou vill kascht fir eng Tranchée ze maachen, an datt se op eng bestëmmte Manéier muss gemaach ginn. Den Entrepreneur certifiéiert och duerno, datt et wierklech gemaach ginn ass. Et sinn och aner Gemengen, déi dee Wee gaange sinn. Da si mer och sécher, datt kee Gebastels méi virkënnt an datt et fachgerecht gemaach gëtt. Gutt, et kascht e bëssen, mee wann ee bei engem Bau - deen nei ass oder wou Transformatioune gemaach ginn – kuckt, wou dat 1.000 oder 1.500 Euro kascht huet mee wou et och fachgerecht gemaach gouf, dann huet een duerno awer och keng Problemer. Dat ass eng Iwwerleeung, déi och nach derbäi kënnt.

Jeannot Linden (LSAP):

Jo, ech mengen, wann deen duerno zur Verantwortung ka gezu ginn, wann et net klappt, an dat gëtt jo dann an deene Konditioune festgehalen, da si mer jo awer op deem Wee, wou ech gemengt hunn.

Approbations à l'unanimité.

9.1.1.

Budget rectifié de 2008 et budget de l'exercice 2009: travaux extraordinaires.

Administration générale: acquisition d'un «Fire Trainer» - approbation du devis.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Elo kéime mer zum Punkt 9.1. Dat sinn alleguer déi extraordinär Aarbechten, wou mer d'Devisë jo schonn ugekënnegt hunn an déi mer an dëser Sëtzung solle stëmmen. Et bleiwen der nach. Mee net méi spéit ewéi am Januar wäerte mer nach mat engem ganz groussen Devis, deen awer nach net ganz fäerdeg ass, an de Gemengerot kommen. Mee hei ass awer dee gréissten Deel vun deenen Devisen, déi ugekënnegt sinn an déi déi am Kader vum Budget 2009 sollen ufänken. Deen éischten Devis ass e relativ klengen Devis. Dat ass fir e Fire-trainer ze kafen. Der wësst, mer sinn amgaangen all eis Gebaier konform ze maache wat d'Feiersécherung ubelaangt. Mer sinn iwwerall amgaange Feierlächer anzeriichten. Fir kënnen domatter ëmzegoe wëlle mer gären eist Personal – sief dat och eist Léierpersonal, d'Leit an de Maison Relaisen oder an der Verwaltung oder am techneschen Service – trainéiere wéi ee mat esou engem Feierlächer ëmgeet. An dofir brauche mer e Fire-trainer. Well mer Leit vun de Pompjeeën hei hunn, déi hei esou Course kënnen halen, géife mer dem Gemengerot virschloen, deen Devis vun 15.500 Euro fir esou e Fire-trainer ze stëmmen. Et ass sécherlech net deen deierste Modell – mer haten nach Modeller, déi vill méi deier waren - , mee mer hunn awer gemengt, datt, fir déi Bedierfnesser, déi mer hei hunn, dat géif duergoen.

Roger Klein (LSAP):

Just eng Fro zur Form. Well dat jo offenbar e rengen Akaf ass bréichte mer jo guer keen Devis hei ze stëmmen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Jo, dir hutt Recht. Streng geholl miisste mer net onbedéngt doriwwer of-stëmmen.

Roger Klein (LSAP):

Jo, well wa mer eng Rei vun anere Saache kafen, ewéi Gefierer, do maache mer et jo och net.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hu mer déi Fro gestallt, ob dat net um Terrain vun de Pompjeeë gemaach kéint ginn. Hätten d'Pompjeeë sech net kënnen esou e Fire-trainer zouleeën, well déi Leit musse jo och üben. Dann hätte mer eis Leit bei si kënne schécken an da wieren se do ugeléiert ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also e kënnt bei d'Pompjeeë stoen, mee och wa si een uschafen, da bezuele mär en awer als Gemeng well et eise Service ass. Mee e kënnt op dee Site stoen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass natierlech eng ganz interessant an eng ganz gutt Initiativ. Virun allem wann eis Beamte vun de Pompjeeën agewise gi wéi se mam Feierlächer eens gi well et jo verschidden Zorte ginn. An zwar mat Pudder an esou weider, déi net däerfen un elektresch Saachen erun, an esou weider an esou fort. Fir dem Här Klein seng Interventioun ze kommentéieren, datt et net miisst onbedéngt op der Dagesuerdnung sinn, hunn ech d'Impressioun wéi wann dat hei géif hëllefen, den Image vun der Gemeng no baussen hin an d'Luucht ze hiewen. Ech sinn iwwerzeegt dovunner, datt eis Leit gutt vun eisen zoustännege Pompjeeën trainéiert ginn.

Ech wollt awer froen, ob dat fir all Mënsch ass, deen an eise Betriber schafft oder sinn et nëmmen d'Chef-de-Servicen, déi do trainéiert ginn? Dat heescht, all Mënsch miisst duerno domatter eens ginn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also et ass esou, datt an all Gebai sollen zwee oder dräi Leit prioritär ausgebilt ginn. Ech mengen, mer kënnen se net alleguer beieneen ausbilde well mer jo awer 450 Leit bei eis schaffen hunn. Mee jiddereen, deen un esou engem Cours interesséiert ass, soll och kënnen an esou e Cours matgoe kënnen. Vläicht net alleguer den éischte Mount, mee dat soll awer jidderengem zougänglech gemaach ginn. Pro Gebai sinn zwee Leit fir d'Sécherheet zoustänneg, mee wann ee feelt, da muss schonn en aneren asprangen.

Roland Breyer, Schäffen:

Ech ka mer och virstellen, datt duerno Course gemaach gi fir d'Bevëlkerung, wa mer d'Instrument bis hunn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech mengen awer net, datt d'Haaptursaach, firwat mer deen Devis drop gesat hunn, war fir et ervirzehiewen. Et ass eng gutt Initiativ, mee et geet awer net dorëm fir dat esou an d'Fënster ze hänken. Mee ech ginn iech awer Recht, den Devis hätt net miissten an de Gemengerot kommen. Et ass haut nach esou ee Punkt op der Dagesuerdnung.

Approbation à l'unanimité.

9.1.2.

Budget rectifié de 2008 et budget de l'exercice 2009: travaux extraordinaires.

Propriétés: hôtel de ville: rénovation et mise en conformité – approbation du devis actualisé (rez-de-chaussée) et supplémentaire (1er et 2e étages) et des plans afférents.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass d'Renovatioun vum alen Deel vum Stadhaus nodeems datt dat neit jo fäerdeg ass. Der wësst, datt mer am Joer 2005 am ale Gebai schonn den Daach an d'Fassad nei gemaach hunn. Der wësst, datt mer um Rez-de-chaussée amgaange sinn, dee ganze Stack nei ze maachen. Dat wäert am Februar 2009 fäerdeg sinn. An da wëlle mer och nach den 1. an den 2. Stack an de Joeren 2009 an 2010 realiséieren. An dat op déi selwecht Manéier, esou datt mer, wann duerno d'Gebai fäerdeg ass, en uniforme Look vum ganze Gebai hunn. Et ass noutwenneg gewiescht. Et war eng Oplo, déi mer och krute wéi mer den Neibau ugebaut hunn. An zwar, datt mer dat aalt Gebai konform musse maachen. Dat huet geheescht, datt mer e Compartimentage hu misse maachen, datt mer feierfest Diren hu missen asetze wou kee Compartimentage méiglech war. Dat huet och geheescht, datt, wat dat ganzt Elektresch ugeet, d'Netz nei huet misse geluecht a konform gemaach ginn.

Et bleiwen nach d'Schappen an den „revêtement de sols“, déi nei gemaach ginn um Rez-de-Chaussée a spéiderhin och um 1. an um 2. Stack. Déi Killplafongen, esou wéi mer se hei hunn, wäerten dann am ganze Gebai – och am alen Deel – sinn. A mer wäerten och – dat ass och e Supplément, dee mer eréischt kuerzfristeg diskutéiert hunn an deen och nei an dësem Devis ass – d'Informatik definitiv an de Keller bréngen. An zwar déi ganz Anlagen. Dat gëtt eis nei Méiglechkeeten, wa mer eis vergréissere mussen, awer et gëtt eis och méi Plaz fir d'Informatik. Wat do uewe fir de Moment net méi garantéiert ass. Do miisste mer eng Vergréisserung maachen an dann hätte mer déi néideg Disponibilitéit. Dobäi ass et och esou, datt d'Informatik eng gewëssen Temperatur muss hunn an net zevill Temperaturschwankungen ausgesat dierf sinn. Dofir ass et wichteg, datt déi Apparater am Keller sinn. Uewenop hu mer eng Klimaanlag. Domatter kënne mer dann och déi Klimaanlag ewechhuelen a mer kënnen dann am Keller dat esou aménagéiere wéi dat sech fir e modernen Informatikraum gehéiert. Dat Ganzt huet natierlech säi Präis. Dat wat mer hei zum Vote stellen, dat sinn 1,885 Milliounen Euro. Do ass sécherlech de Rez-de-Chaussée och derbäi; dat heescht, et ass en aktualiséierten Devis, wou déi puer Saachen derbäi komm sinn, déi ech iech elo just gesot hunn. Den Ënnerscheed geet vun 675.000 Euro op 855.000 Euro. Do ass besonnesch d'Plënnere vum Informatiksall, wat do eng Roll spillt. An da kommen natierlech den 1. an den 2. Stack derbäi. Bei déi 1,885 Milliounen Euro kommen och nach 200.000 Euro derbäi, déi mer 2005 ausginn hu fir eng nei Fassad an en neien Daach ze maachen, esou datt, wann dee ganze Projet Enn oder Mëtt 2010 fäerdeg ass, mer kënne soen datt d'Renovatioun vun eisem Stadhaus ronn 2,3 Milliounen Euro kascht huet. Dann hätte mer mat deem neie Gebai awer Infrastrukturen dës Säit, déi adäquat sinn, a wou mer eise Bierger kënnen en anstännegen Déngscht leeschten an esou wéi den Här Bosseler déi leschte Kéier gesot huet, och eise Mataarbechter, eise Beamten anstänneg Konditioune fir hir Aarbecht kënnen offréieren.

Romain Becker (Déi Gréng):

Wat mer opgefall ass, dat ass bei eise Pläng, déi mer derbäi leien hunn. Beim „Grundriss 1. Obergeschoss“ an den „Grundriss 2. Obergeschoss“. Beim 1. Stack hu mer eng Härentoilette an eng Damentoilette an um 2. Stack hu mer stoen „WC Bestand“. Wat dat och ëmmer däerf heeschen. Mer kréien Oploen, esou wäit ech informéiert sinn, datt iwwerall mussen Toilettë si fir Damen a fir Häre, an dofir kéint der mer vläicht Erklärunge ginn zu den Toilettë vum 2. Stack.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Toilettë vum 2. Stack bleiwen esou wéi se sinn. Déi si ganz nei gemaach gi vun eise Betriber. Déi sinn och nëmme fir eist Personal do. Déi Toilettë sinn an der Rei, an et ass och ofgesprach mat der Delegatioun, datt dat esou bleift. Do gëtt näischt geännert.

Um 1. Stack ginn d'Toiletten natierlech nei gemaach. Dat ass och am Devis mat dran.

Romain Becker (Déi Gréng):

Wat mer nach opgefall ass op deem selwechte Plang vum „Grundriss 1. Obergeschoss“, do ass eng Dir, wou d'Dame kënne bei d'Häre respektiv ëmgedréint goen. Wat soll déi Dir, wa mer eng Damentoilette an eng Härentoilette hu fir vun däer enger bei déi aner ze goen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Neen, dat ass net esou. Wann der oppasst, dat ass wéi et war. Der gitt eran an esou e klengen Tëscheraum, wou et lénks an d'Härentoilett a riicht aus an d'Damentoilett geet. Et gëtt eng regelrecht Mauer dohinner gemaach. Der gesidd jo och, wéi déck déi Mauer ass. Et gëtt anstänneg gemaach, ganz intim.

Der wäert gesinn – an do braucht der nëmmen ënnenan ze kucke fir ze wëssen, wéi et uewenop ass – dat gëtt anstänneg an et ass net ze vergläiche mat deem, wat elo do ass. Also d'Intimitéit gëtt garantéiert wann déi Aarbechten hei bis fäerdeg sinn.

Jeannot Linden (LSAP):

Mer hu jo och gesot, datt mer d'Informatik an de Keller installéieren. Do musse mer och oppassen, net datt mer eng Kéier eng Iwwerschwemmung kréien. Oder mer miissten eppes virgesi fir déi Technik ofzesécheren. Dorunner miisst een awer denken. Dat kéint jo awer eng Kéier geschéien.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dofir musse mer effektiv suergen. Mee ech mengen, d'Gefor ass manner grouss am Keller wéi ënner dem Daach. Mee den Daach ass zwar och nei. Also ech géif mengen, datt, wa mer dat hei fäerdeg hunn, esou geléist ass, datt een dat ouni Weideres kann ënnerschreiwen.

Approbation à l'unanimité.

9.1.3.

Budget rectifié de 2008 et budget de l'exercice 2009: travaux extraordinaires.

Propriétés: remplacement de la menuiserie extérieure des locaux de l'Harmonie et de la Chorale à Pétange, rue de la Chiers – approbation du devis.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei ass eng Aufgab, déi mer eis virgeholl hunn, am Joer 2009 auszeféieren. Et geet drëm fir nei Fënsteren anzesetzen, an zwar an de Raimlechkeete vun der Harmonie a vun der Chorale hei an der rue de la Chiers. Do sollen 12 nei Fënsteren agesat gi well déi Fënsteren, déi elo do sinn, a kengem gudden Zoustand méi sinn. Se hunn och nach keng Duebelverglasung wat och nach e groussen Energieverloscht mat sech zitt. Mer ginn och do op de Wee fir eng Duebelverglasung ze maache fir och do Suen ze spueren.

Dofir géif ech iech bieden, dëse Punkt ze stëmmen. Eischtens fir déi Aarbechten, déi hei opgelëscht sinn, auszeféieren an zweetens och nach fir d'Zomm vun 15.000 Euro.

Norbert Pierre (LSAP):

D'Madame Conter huet elo grad gesot, et wier Duebelverglasung. Haut geet d'Tendenz ëmmer méi op eng Dräifachverglasung hin. Et ginn esouguer Firmen, déi bidden d'Dräifachverglasung gratis un. Dofir verstinn ech net, firwat mer net direkt op d'Dräifachverglasung higinn. Och bei deenen aneren Devisen, déi nach hannendru kommen, do soll ee systematesch higoen an déi maximal Isolatioun huelen, déi ee kritt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mär kucken är Propositioun op alle Fall no.

Norbert Pierre (LSAP):

Deemno wat fir Firmen dat sinn, dierft och do keng schrecklech grouss Präisdifferenz si well d'Tendenz eben dohinner geet.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mär wäerten dat op alle Fall nokucken.

Jeannot Linden (LSAP):

Mer hunn do e Stéckpräis vun 1.040 Euro stoen. Deen ass iergendwéi vun heibanne festgeluegt ginn. Mee ech huele jo un, datt déi Aarbecht jo trotzdeem net vun eise Leit, mee vun enger Entreprise gemaach gëtt. Da gëtt jo och en Devis gemaach. Ass den Devis bei enger Entreprise gefrot ginn oder wou komme mer un déi Zomm?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Et ass en Devis ugefrot gi fir en approximative Präis ze kréien. An do ass dëse Präis vun 1.040 Euro pro Fënster erauskomm. Mat allem drëm an drun. Dat steet jo och hei hannendrun. Den Demontage an d'Evakuatioun vun de Fënsteren, déi bestanen hunn, d'Abauen an och den Offall, deen ewech geholl gëtt.

Jeannot Linden (LSAP):

Dann dierfte mer jo duerno näischt nozestëmme kréien.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech hoffen net. Héchstens d'Dräifach-verglasung.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mee et ass esou, datt ee sech informéiert huet iwwer en Devis. Wa mer awer d'Aarbechten ausféiere wëllen, da musse mer e puer Devisë froen. Mer wäerten net nëmmen ee froen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Mer froen der normalerweis zwee bis dräi.

Approbation à l'unanimité.

9.1.4.

Budget rectifié de 2008 et budget de l'exercice 2009: travaux extraordinaires.

Propriétés: remplacement partiel de la menuiserie extérieure de l'ancien bâtiment Pesch à Pétange, rue du Parc 1b – approbation du devis.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass am Haus, wou eis technesch Servicer dra sinn. Do kommen zum Deel och nei Fënsteren, well déi, déi elo dra sinn, verschiddentlech an engem schlechten Zoustand sinn. An um zweete Stack si guer keng Rollueden, esou datt mer do baussegt Storen ubrénge loossen. Hei am Gebai hu mer eng Klimaanlag oder Storen an doiwwer existéiert guer näischt vun deenen Neierungen, déi een haut awer och brauch fir uerdentlech ze schaffen. Mir hu geduecht fir déi Aarbechten direkt matzemaache wa mer d'Fënstere wiesselen. Da kann alles an engem Coup gemaach ginn.

Et ginn 17 Fënsteren do erneiert mat de Storen zu engem Stéckpräis vun 1.500 Euro, wou och schonn e provisoreschen Devis ugefrot ginn ass, esou datt mer mat der TVA, mat dem ganze Montage op eng Zomm vun 32.000 Euro kéimen.

Carlo Gira (CSV):

Ech wollt virdrun näischt soe well ech d'Wuert net gefrot hat. Mee meng Interventioun an der leschter Sëtzung war och schonn an déi Richtung gaangen, wou ech gesot hat, datt, wa mer déi Aarbechte géife maachen, mer op déi beschte Wäerter zeréckgräifen. An dat war mer awer schonn deemools vum Här Welter gesot ginn. Et miisst awer dann och, wéi den Här Pierre gesot huet, gekuckt gi fir déi beschte Wäerter ze kréien.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also d'Oppositioun an d'Majoritéit si sech eens, da musse mär als Schäfferot follegen.

Approbation à l'unanimité.

9.1.5.

Budget rectifié de 2008 et budget de l'exercice 2009: travaux extraordinaires.

Enseignement: remplacement partiel de la menuiserie extérieure de l'éducation différenciée à Pétange, rue de l'Eglise – approbation du devis.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Der gesidd, datt mer an eise Gebaier esou allerhand Problemer mat de Fënsteren hunn. Hei hu mer nach esou e Gebai, an zwar dat vun der „Education différenciée“ an der Kierchestrooss. Do sinn och d'Fënsteren an engem schlechten Zoustand, esou datt mer geduecht hunn, mer miissten déi och onbedéngt erneieren. Dat sinn am ganzen 14 Fënsteren zu 830 Euro de Stéckpräis. Do gesidd der och, datt alles opgelëscht ass. Den Demontage, d'Evakuatioun an d'Asetze vun den neie Fënsteren. Dat gëtt am ganzen eng Zomm vun 15.000 Euro. Ech géif iech bieden, haut och dës Aarbechten ze stëmmen, esou datt mer se am Fréijoer kënne maachen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Hei ass et wierklech net vu Muttwëll, well déi Fënstere sinn esou laang ech mech erënnere kann an deem Gebai. An dat sinn elo scho bal 40 Joer hier, wou ech do an der Spillschoul war. An do waren nach ëmmer déi selwecht Fënsteren. An ausserdeem sinn et Kippfënsteren, wat net méi erlaabt ass an net méi konform ass an de Klassesäll, virun allem well do jo och d'„Education différenciée“ dran ass.

Bei dem Peschenhaus kann ee sech och Gedanke maachen. Well mär dat Haus jo deemools iwwerholl hunn als Verwaltung vun der Gemeng, hu mer och schonn nei Fënsteren agesat. Mee am Gebai vun der „Education différenciée“ si se awer vill méi al.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Um 2. Stack, do waren awer keng nei Fënsteren. Déi Fënstere ginn elo agesat, esou datt se konform sinn. Mee se sinn net méi am Holz, mee am PVC. Dat ass besser fir den Ënnerhalt an dann hu mer net méi déi Problemer, déi mer bis ewell mam Holz haten.

Lily Gansen (LSAP):

Ech hu meng Fro elo beäntwert kritt. Den Här Becker an ech leien haut op enger Linn. D'Madame Conter huet jo scho gesot, datt se aus Holz wieren, an ech wollt wëssen, wéi laang se stinn a wat mer elo asetzen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wéi gesot, mer setzen PVC-Fënsteren an.

Approbation à l'unanimité.

9.1.6.

Budget rectifié de 2008 et budget de l'exercice 2009: travaux extraordinaires.

Enseignement: école «Neiwiss» à Rodange – réaménagement partiel des locaux – approbation d'un devis actualisé.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei leeë mer iech haut en aktualiséierten Devis vir. Dat ass jo e gréissere Schantjen, dee sech iwwer op d'mannst zwee Joer hinzitt. An do hu mer gewëssen Ännerungen an Iwwerschreidungen. Et ass deemools beim „gros oeuvre“ erauskomm. Et war an eng Zäit gefall, wou mer gesot hunn, datt mer gewëssen Aarbechte gären iwwer d'grouss Vakanz miisste gemaach ginn. Well an der Schoulzäit kënne verschidden Aarbechten net gemaach gi wéinst dem ganzen Trafik an der Schoul an och wéinst der Sécherheet. Do hate mer natierlech net esou vill Soumissionäre wéi mer geduecht haten, esou datt mer eis do hu miissten de Präisser upassen.

Da sinn nach zousätzlech Ausgaben derbäi komm wéinst dem Remplacement vun der Feierdetektioun. D'Sanitärraim sinn och zum Deel nei gemaach ginn. A mer haten och nach den „désamiantage“ am Keller vun der Schoul. Gewësse Präisser hu mer miissten upassen, esou datt mer elo am ganzen op e Präis vun 3.885.000 Euro kommen. Hei sinn alleguer d'Taxen an och d'Honoraire vum Architekt mat dran.

Ech géif iech bieden, dës Erhéijung ze stëmme fir datt mer déi Aarbechten, déi elo nach op eis duerkommen, kënne weiderféieren an de Kanner dat Gebai kënnen 2009/2010 an engem tipptoppen Zoustand presentéieren.

Roger Klein (LSAP):

Wann ech dee Projet do nach richteg an Erënnerung hunn, dann hu mer jo 4 nei Schoulsäll gemaach.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Neen, 10 Säll an och nach ënnenof d'Bastelraim. Also den Turnsall ass jo a véier gedeelt ginn. Uewen ënner dem Daach sinn der nach derbäi komm an ënnen, wou d'Dusche vu Sportsveräiner emol waren, ginn et och nach Bastelsäll.

Roger Klein (LSAP):

Dat gëtt natierlech en anert Bild, well soss wier déi Zomm schrecklech am Verglach mat deem, wat mer kritt hunn dofir. An dann hätte mer eis d'Fro miisste stellen, ob et net besser gewiescht wier nei ze bauen. Mee et stëmmt, et ass nach eng Rei vun aneren Aménagementer, déi mat doranner falen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Déi sinn nach alleguer mat derbäi komm. Zousätzlech ass jo och nach den Daach ganz gehuewe ginn, esou datt mer uewen och nach konnten déi ganz Säll derbäi maachen. Den Daach war jo an der grousser Vakanz praktesch ganz erof. An ech weess net ob der an der Tëschenzäit schonn emol kucke waart, dat gesäit elo ganz flott ënner dem Daach aus. Et si richteg flott a grouss Schoulsäll, déi mer elo do hunn. Se sinn nach net ganz fäerdeg. Mee ech mengen, wann een elo de Präis hei kuckt an et gesäit een duerno, a wat fir engem Zoustand d'Gebai ass, da kann ee soen, datt et awer gerechtfäerdegt ass. Well alles wat do bäi kënnt, dat gëtt och konform an ideal. An da kënne mer eise Kanner Schoulsäll dohinner stellen, wéi se och an deenen anere Gemenge bestinn.

Guy Brecht (LSAP):

Dir hutt éinescht vu véier Klassesäll geschwat. Dat ass jo awer op zwee Niveauen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Jo, dat ass op zwee Niveauen. Do ass eng Betongsdall agezu ginn. Den Turnsall war jo zwee Stäck héich an dofir hu mer eng Dall agezunn an esou véier Schoulsäll kritt. An natierlech hu mer och nach miissten de Compartimentage maachen.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech hu just eng Fro zu der Zäit, wann d'Neiwiss-Schoul eng Kéier komplett fäerdeg ass. Am Schoulhaff hu mer jo dee Pavillon stoen, verschwënnt deen?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dee verschwënnt esoubal wéi déi zwee Schoulsäll um Rez-de-Chaussée – dat si Spillschoulssäll - fäerdeg sinn, da kommen déi eriwwer. An da verschwënnt de Pavillon, well da gëtt jo och de Schoulhaff nei gemaach.

Norbert Pierre (LSAP):

Fäin. Dat heescht, da kënnt dee Pavillon ewech. E gëtt fir aner Zwecker genotzt oder iergendwéi verkaf. Et war ëmmer vill iwwer dee Pavillon geschwat ginn, an ech si frou, datt en endlech ewech kënnt an dat e gutt Enn kritt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wéi mer de Budget virgestallt hunn, do hat ech jo och schonn ugedeit, datt mer dee ganze Schoulhaff géifen erneieren an e Plang mat dem ganze Léierpersonal géifen ausschaffen, esou wéi mer dat och an der Päesch-Schoul gemaach hunn. Well den Trend ass jo fir Naturschoulhäff ze maachen. Mee wéi gesot, dat gëtt e Projet, deen dat anert Joer kënnt.

Approbation à l'unanimité.

9.1.7.

Budget rectifié de 2008 et budget de l'exercice 2009: travaux extraordinaires.

Enseignement: école «Neiwiss» à Rodange – premier équipement de plusieurs salles de classe – approbation du devis.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Wa mer d'Neiwiss-Schoul fäerdeg hunn, da wäerte mer och dee ganze Miwwel erneieren. Op alle Fall zum Deel, wann net schonn nei Miwwelen dra sinn. Well et si jo eng Rei nei Miwwelen do. Mee mer wäerten net nëmmen déi 12 nei Säll, déi do geschaf ginn, mat neie Miwwelen ausstatten. Mee mer wäerten och an deenen anere Säll kucken, a wéi wäit déi Miwwelen, déi elo nach do sinn, nach der Zäit entspriechen an ob se mussen ersat ginn. Dobäi kënnt jo och nach dee polyvalente Sall am Keller, wou d'Pompjeeën hire Won ëmmer stoen haten. Dee Sall gëtt och nach ageriicht, esou datt mer iech hei en Devis vun 600.000 Euro virleeë fir Miwwelen ze kafen. Et ass awer och esou, datt mer am Gespréich si mat de Schoulmeeschtere fir ze kucken, wat fir Miwwelen nach kënnen erhale bleiwen, esou datt déi Zomm héchstens erof an net erop ka goen. Dat hei ass de Maximum wann een alles géif nei maachen. Mee do wäert wahrscheinlech eng Reduktioun no ënne méiglech si wa mer elo feststellen, wat nach vun deene Miwwelen, déi nach do bestinn, ka benotzt ginn.

Dat bedeit awer, datt mer déi 600.000 Euro iwwer zwee Exercicer maachen. Déi éischt 400.000 Euro stinn an dësem Exercice. De Rescht, also 200.000 Euro, – wa mer definitiv mat de Schoulmeeschteren eens sinn – steet dann am Exercice 2010. An dann ass déi Neiwiss-Schoul - nieft der Schoul op der Fonderie, déi mer ausgebaut respektiv komplett nei gemaach hunn, an nieft der Päesch-Schoul, déi mer jo elo ageweit hunn – komplett an d'Rei gesat, renovéiert a

mat neiem Miwwel ageriicht. An engem gudde Joer kënne mer da soen, datt alleguer d'Schoulen zu Rodange an der Rei an um leschte Stand sinn. Da kënne mer eis no Lamadelaine a Péiteng ëmkucke fir ze gesinn, wat do nach muss um Niveau vun de Schoulen investéiert ginn.

Approbation à l'unanimité.

9.1.8.

Budget rectifié de 2008 et budget de l'exercice 2009: travaux extraordinaires.

Urbanisme: réaménagement de la place à côté de l'école primaire à Lamadelaine – approbation du devis actualisé et des plans.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass am Zentrum vu Lamadelaine déi Plaz, déi mer Square François Ney genannt hunn. Nieft der Primärschoul zu Lamadelaine hate mer ufanks en Devis vun 450.000 Euro gestëmmt. Do hu mer awer och gewëssen Aménagementer gemaach, déi eis méi deier gi sinn. An zwar bei der Soumissioun vun dem Réibau, do ass den initiale Präis an d'Luucht gaangen. Där gesidd dat och hannendrun, wou alles opgelëscht ass. Dann hu mer och nees miisste Beem ersetzen an neier planzen. Dat war eng Recommandatioun vum Ëmwelt-ministère. Do war am Ufank net dru geduecht ginn, mee mer hunn eis awer deem och miisste fügen.

Op Urode vum Léierpersonal hu mer nieft dem hëlzenen Zonk och nach Hecke gesat, fir datt d'Sécherheet vun de Kanner garantéiert ass. Déi lafen do a spille mam Ball. A mer musse kucken, datt do net alles an d'Strooss leeft. Och de Parking hu mer adaptéiert, esou datt mer am ganzen op e Präis vun 535.000 Euro komm sinn. Ech géif iech bieden, dës Zomm haut ze stëmme fir datt mer dee Square, deen esou wäit fäerdeg ass, och an nächster Zäit kënnen aweien.

Norbert Pierre (LSAP):

D'Parkplaz gëtt anescht aménagéiert. Mer hate jo deemools e Plang kritt, wou se drop agezeechent ass. Ech gesinn net, wéi dee Parking aneschters soll aménagéiert ginn. Oder huet dat nëmmen e Bezuch op den Zonk an op d'Hecken, déi do geplanzt ginn?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Déi Hecken, déi geplanzt goufen, dat war eng Fro, déi méi spéit koum. Wat de Parking ugeet, do kommen d'Parkplaze laanscht d'Maison Relais aneschters, well do koum eng Demande vun den Educatrice vun der Maison Relais. Si hunn Angscht, datt d'Autoen, déi d'Leit ëmmer esou no do geparkt hunn, iergendwann eng Kéier an d'Maison Relais erafueren. Mer aménagéieren dat elo esou, datt d'Autoen anescht stinn an net esou wéi wann se géifen do riicht erafueren. Ob dat elo schonn haut gemaach ass, dat kann ech iech net soen, well ech war nach net haut dohinner kucken. Mee dat muss nach kommen.

Hanner der Schoul an der Schoulstrooss sinn natierlech och nach Parkinge bäigesat ginn. Do ass nieft der Sécherheetstrap nach Parking aménagéiert ginn. Deen ass och anescht geluecht gi wéi dat ufanks geplangt war. Mee elo hu mer d'Parkplaze praktesch hannerenee gemaach. Et ass vläicht net grad esou praktesch fir d'Bierger, déi dohinner parke ginn. D'Léierpersonal, dat dee ganze Moie do schafft, ka sech awer arrangéiere fir datt se hir Autoen hannerenee setzen. Esou hu mer um Parking bei der Maison Relais e puer Plaze méi fräi kritt fir de Bierger. Ech mengen, dat ass och eng Iddi, déi ee ka mat eriwwer huelen. Natierlech hu mer och miisste Beem anescht setzen. Déi waren do, an déi hu mer missen ersetzen.

An dann hu mer natierlech och nach e Mikado an eng Klunsch dohinner gesat. D'Léierpersoune wollten en Holzmikado, an dee soll och nach erausgesicht ginn. Esou wäit ech weess sollen d'Léierpersounen zesumme mam Fierschter a mat der Architektin an de Bësch goe fir ze kucken, wat se kënnen dofir huele fir an de Schoulhaff ze setzen.

Norbert Pierre (LSAP):

Dat ass jo alles schéin a gutt. Wann d'Kanner aus der Schoul erauskommen, da kommen se op den Trëttoir gelaf. Do si keng Protectiounen do, esou datt d'Kanner direkt op d'Strooss kënne lafen. Et war eng provisoresch Barrière do, mee déi ass ewech. Zëmools well elo nach do geschafft gëtt. Dat gesäit kriminell aus do. An och d'Elteren, déi ondisziplinéiert mat den Autoen do halen. Mee bon, dat ass erëm eng aner Saach. Do miisst onbedéngt eng fix Barrière kommen, wou all Kand misst op de Parking eriwwer oder op deen aneren Trëttoir weidergoen, mee wou et net direkt riicht an d'Strooss kéint lafen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

D'Securisatioun kënnt, déi ass virgesinn. Dat eenzegt, wat mer net am Grëff hunn, dat sinn d'Elteren. Ech mengen, déi géife wuel am léifste mam Auto an de Schoulhaff oder an de Schoulsall erafueren. Oder mer miisste schonn all Moien d'Police do stoen hunn. Mee dat ass e Problem, dee sech bei all Schoul stellt. Leider.

Norbert Pierre (LSAP):

Kéint een net eventuell en aktualiséierte Plang kréie fir ze gesinn, wéi déi Parkplaz dann elo ausgesäit ?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dach, mer froen iech en aktualiséierte Plang esou wéi et elo ausgesäit.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wollt just nach eppes derbäi soen. Déi Ännerungen hannenaus si jo festgehale ginn opgronn vun dem Ëmweltministère, wou gesot gouf, datt mer dee Bam miisste stoe loossen. Dee Plang, esou wéi et sech hanne geännert huet, hate mer iech am Juli virgestallt. An ech mengen net, datt sech vun do un eppes geännert hätt.

Roger Klein (LSAP):

Mech géif d'Begrënnung vum Ëmweltministère interesséieren, firwat se eis recommandéiere fir déi Beem, déi do sinn, mat aneren Zorten ze remplacéieren.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Do kann ech iech de Bréif nofroen. Dir kënnt eng Kopie kréien, de Bréif läit am Park-Service déi aner Säit.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Den Ëmweltministère hat eigentlech gesot, datt déi Allee vun deene Beem do laanscht d'Strooss miisst bestoe bleiwen. An aus deem Gronn hu mer eis Pläng geännert, well mer gesot hunn, datt déi Beem miisste stoe bleiwen. Duerno ass awer gesot ginn – an enger zweeter Phas -, datt dat net esou ze verstoe wier. Déi Beem wiere faul a mer kéinten se ewech huelen. An eis huet et och e bësse gestéiert, datt mer déi Beem, vun deenen eise Gäertner scho gesot hat, datt se net méi gutt wieren, miisste stoe loossen. Mee se hunn eis do ze verstoe ginn, datt déi do Beem net miisste bestoe bleiwen, mee datt se wéilten déi Allee erhale loossen. Dat heescht, mer kéinten déi Beem och duerch nei Beem ersetzen. An doropshin hu mer déi Beem, déi mer och vun Ufank un ersetze wollten, ewech geholl an duerch neier ersat.

Roger Klein (LSAP):

Hei steet „nouvelles espèces“ an ech hu geduecht, datt déi Zorten net gëeegent wieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Neen, et ass effektiv esou, datt een och kéint „unités“ soen. Déi Beem

waren, laut eisen Informatiounen, net méi gutt an dofir wollte mer se ewechhuelen. Also mär hunn dee Saz - déi Allee miisst erhale bleiwen - esou verstanen, datt déi Beem miisste stoe bleiwen. An dofir hu mer se stoe gelooss bis et du geheescht huet, datt et net esou gemengt war an datt et esou gemengt war, datt erëm miisste Beem dohinner kommen. An dofir hu mer se ersat.

Guy Brecht (LSAP):

D'Madame Conter huet elo éinescht dee Bam-Mikado ugeschwat. Ech wollt iech awer nach un d'Häerz leeën, net nëmme mat de Responsabele vun deem Projet ze schwätzen, mee och mat deene Leit, déi dat Ganzt do sollen exekutéieren. Well do kënnen e puer Problemer opdauche mam Timing an och mat der Exekutioun vun den Aarbechten. Schwätzt emol léiwer mat deenen, well et ass net esou auszeféieren ewéi d'Madame Architektin sech dat virstellt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Ech mengen, eis Gäertner sinn an dee ganze Projet mat agebonnen. De Gäertner esou gutt wéi de Fierschter, well ouni déi Leit kënn een näischt esou maachen. D'Léierpersonal huet och heiansdo hir Virstellungen, an déi sinn dofir och mat agebonne ginn. Déi si jo och gefrot ginn dofir. Eis Architektin muss jo och mat derbäi sinn. Mee ech mengen, do ass e ganze Grupp vu Leit, déi domatter konfrontéiert sinn an déi sech dorëm këmmeren, esou datt ech hoffen, datt dat och esou ausgefouert gëtt ewéi et soll sinn.

Guy Brecht (LSAP):

Ech wollt iech just un d'Häerz leeë fir mat deene Leit ze schwätzen, déi déi Aarbechten ausféieren. Well et sinn effektiv e puer Problemer opgetratt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Wéi gesot, se sinn all do derbäi.

Jeannot Linden (LSAP):

Am Précoce hunn d'Kanner en Ziedel kritt vun deene Persounen, déi do schaffen, datt et fir d'Eltere verbuede wier fir an d'Schoulstrooss eranzefueren an datt d'Elteren dat solle respektéieren. Do huet awer déi Persoun, déi mer gëschter deen Ziedel ginn huet, gesot, datt kee Schëld do steet. Ech war de Moie kucken. Et ass eng „circulation interdite“. Natierlech wa se d'Kanner an d'Schoul bréngen, dann ass et erëm „excepté riverains“. An da si mer nees eng Kéier esou wäit. Ech wollt just déi Informatioun weiderginn, datt d'Kanner am Précoce esou en Ziedel mat heem kruten.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also ech wëll elo kee Kommentar zu esou Saache maachen, well dat freet mech net onbedéngt, wat ech do héieren hunn. Wat kloer ass, dat ass, datt et fir d'Anrainer ass a jiddereen, dee bei d'Schoul fiert – laut Code de la route – d'Autorisatioun huet, dat och ze maachen. Wann awer jiddereen do erafiert – an et ginn der 200 an déi Schoul do – da kréie mer e Chaos. Da verstinn ech schonn, datt een dat de Leit un d'Häerz leet fir net alleguer do eranzefueren a fir emol zu Fouss ze kommen. Ech stellen awer fest, datt zu Lamadelaine ganz vill Leit och zu Fouss mat hire Kanner kommen. Wat eng gutt Saach ass. Mee mär kënne kengem verbidden, do eranzefuere wann en dat wëll. Och wann et Chaos gëtt.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wollt och just informéieren, datt ech gëschter dorop ugeschwat gouf.

Carlo Gira (CSV):

Den Här Pierre hat d'Sécherheet ugeschwat bei der Schoul. An och de Parking ass schonn ugeschwat ginn. Mee wann ech d'Pläng richteg verstanen hunn, da sinn op däer Säit wou d'Maison Relais ass, keng Parkinge méi. Mee do komme Gréngflächen hin, esou datt den Zougang fir d'Kanner do geséchert ass.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat soll jo och esou sinn, well dee war jo och net geséchert. Do si se jo och egal wéini hin an hier gefuer. Dat war ganz geféierlech. An elo, mengen ech, hunn déi Kanner, déi an der Maison Relais an och an der Primärschoul sinn e Wee, op deem se iwwer d'Gréngs nees an d'Maison Relais komme well jo déi ganz Plaz esou aménagéiert ass.

Camille Bosseler (CSV):

Do ass e Parking, wou mer der Kiosk ewechgerappt hunn. Mee et si wéivill Parkplazen, déi zougeluegt si mat Steng. Ass dat privat? Ass do och kee Moyen fir dat derbäi ze kréien.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Neen, dat ass privat.

Camille Bosseler (CSV):

Well se haten ee Moment d'Steng bal ewech an do hunn d'Leit och nees do geparkt. Dofir hunn ech geduecht, et wier vläicht an der Tëschenzäit eppes geschitt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Déi Plaze gehéieren zur Copropriétéit vun däer Residenz, déi virdru gebaut ass. Déi krute jo eng Oplo fir esou vill Plaze fir esou vill Appartementer ze schafen. An dat ka kee private Parking ginn.

Approbation à l'unanimité.

9.1.9.

Budget rectifié de 2008 et budget de l'exercice 2009: travaux extraordinaires.

Conduites d'eau: télésurveillance des réservoirs d'eau des trois sections de la commune – approbation du devis et des schémas afférents.

Roland Breyer, Schäffen:

Et geet ëm d'Télésurveillance vun eisen dräi Waasserbasengen. Do hate mer schonn am Budget gesot, datt mer wëllen 160.000 Euro investéieren. Dat ass och konform zum „Wasserrahmengesetz“ - wat elo an der Diskussioun ass – wou et ëm d'Qualitéit vum Waasser geet. Do solle mer kucken, datt kee Friemen do iergendwéi an eis Basengen erakënnt fir eppes zum Onwee ze maachen. Do gëtt dann eng „protection intrusion“ virgesinn. Et gëtt och esou gemaach, datt mer vun eise Büroen aus kënne kontrolléieren, wéi den Niveau vun eisem Waasser ass, Ënnerscheeder vum Waasser an och, wat do gezaapt gëtt. Der hutt hannendrun och e ganz explizite Plang leie wéi dat soll fonctionnéieren. Ech mengen, dat ass fir all Mënsch ganz verständlech. Do gesidd der och, wou ee ka kontrolléieren, wat zu all Moment an deene Basenge lass ass.

Jeannot Linden (LSAP):

Mer stëmmen elo en Devis vun 160.000 Euro, mee mer hunn nëmmen 150.000 Euro zeréckbehalen. 10.000 Euro am rektifizéierte Budget an 140.000 Euro am Budget 2009, da komme mer op 150.000 Euro.

Roland Breyer, Schäffen:

Et gëtt awer am Ganzen 160.000 Euro.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech kann dat do nëmme begréissen. Et ass wierklech e ganz gudde System fir iwwerhaapt déi Iwwerwaachung op Distanz kënne festzestellen. Et kéint een et nach weiderdreiwen, esou datt zum Beispill d'SEBES kéint gesinn, wat gebraucht gëtt. Also dat si keng Suen, déi an den Dreck gesat sinn.

Roland Breyer, Schäffen:

Et kann een nach derbäi soen, datt, wann een déi Ausgab hei kuckt an een emol héichrechent iwwer d'Joere wat dat kascht huet, wann all Dag zwee vun

eise Leit mat enger Camionnette bei d'Basenge gefuer sinn. Plus heiansdo nach d'Camionnette beschiedegt hu wa Glatäis war. Wann een dat alles zesummerechent, dann ass dat hei sécherlech e gutt Investissement an d'Zukunft.

Norbert Pierre (LSAP):

Ech mengen, et ass och en Investissement fir d'Sécherheet vun de Leit, well e Baseng, wou d'Diren opzebrieche sinn, do kann een egal wat dra geheien. Ech mengen, d'Cloche sinn deemools ersat gi mat allem, wat drop war. Dat war am selwechte Sënn. Also, dat do ass ganz positiv, net datt mer eng Kéier verschmotzt oder vergëft Waasser hunn ouni et ze wëssen. Obwuel een es net vill drénkt, mee d'Zänn wäsche geet jo duer.

Approbation à l'unanimité. Mme Gansen, ayant quitté la salle, n'a pas pris part au vote.

9.1.10.

Budget rectifié de 2008 et budget de l'exercice 2009: travaux extraordinaires.

Conduites d'eau: bouclage du réseau d'eau potable dans le chemin piétonnier «Schwaarzewee» à Pétange – approbation du devis et du plan.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat ass och eng Saach, déi mer scho laang hei diskutéiert hunn. Et geet ëm de Bouclage vum Waassernetz am Schwaarzewee. Do hu mer jo mat den Aarbechten opgehalen an nëmme provisoresch fäerdeg gemaach, well mer do mat Sudgaz a mat der Cegedel déi Bouclage virhuelen. Déi 11 Stroossen, déi do drop stousse vun der Cité CFL bis un d'rue Robert Schuman, kréien dann einfach d'Waasserqualitéit verbessert. De Moment waren dat einfach Sakgaassen oder Sakleitungen, wou d'Waasser sech einfach dra gestaut huet. Déi uewen an de Stroosse wunnen – de Conseiller Polfer wäert dat sécher wëssen -, déi kréie fir d'éischt emol Bulli eraus ier dat kloert Waasser emol kënnt. Dat gëtt besser duerch dee Bouclage hei. An och den Drock gëtt besser. De Präis ass 240.000 Euro, dee mer do weider investéieren. Dat gëtt dann elo séier gemaach, am Laf vum éischten Trimester. A wa mer dat da fäerdeg hunn, kënnt och e Belag drop, esou datt mer do nees e schéinen helle Wee kréien.

Romain Becker (Déi Gréng):

Majo, do sinn d'Stroossen opgezielt, déi erofgi vum Schwaarzewee. Do geet et u bei der rue Cité CFL, rue Prince Jean, rue des Champs, rue Adolphe, rue Guillaume, rue Marie-Adelaïde, rue Charlotte, rue Robert Schumann. Do ass mer opgefall, datt d'rue Prince Henri feelt. Ass dat vergiess ginn?

Roland Breyer, Schäffen:

Déi ass awer mat dran. Se ass am Bouclage mat dran. Déi heescht ënne rue des Champs an uewe rue Prince Henri.

Romain Becker (Déi Gréng):

Richteg. Et ass mer an der Délibératioun opgefall, datt se net do stoung.

Roland Breyer, Schäffen:

Dann ass déi vergiess ginn, da musse mer se do derbäisetzen.

Roger Klein (LSAP):

Den Här Breyer huet mat Recht vun 11 Stroosse geschwat. Wa mer elo d'Prince Henri derbäisetzen, da si mer bei ning. A wa mer dann och nach d'C.M. Spoo Strooss an d'rue du Centenaire derbäisetzen an der Délibératioun, dann hu mer se all.

Approbation à l'unanimité.

9.1.11.

Budget rectifié de 2008 et budget de l'exercice 2009: travaux extraordinaires.

Environnement: élaboration d'un diagnostic intégré de la qualité de l'air dans la commune de Pétange – approbation du devis.

Gilbert Welter, Schäffen:

D'Diagnos vun der Loftqualitéit an eiser Gemeng bleift vu grousser Wichtegkeet. D'Gesondheet vun eise Matbierger wëlle mer garantéieren. Nei Firmen, déi derbäikommen, kënne mer direkt kontrolléieren. Et kann och Drock gemaach gi bei industriellen Entreprise wann hir Ëmweltwäerter sech verschlechteren, respektiv mer kënnen eis Matbierger regelméisseg iwwer d'Resultater vun de Miessungen informéieren.

Mer schaffen elo scho bal 10 Joer zesumme mat der Entreprise BioMonitor ënner der Leedung vum Dr. Jacques Mersch. Och fir 2009 gouf e weideren „plan de surveillance" fir Bläi, Chrom a Molybden vun hinnen opgestallt mat dësen Akzenter.

Eis Miessunge vum Geméis sinn zu Rodange dräi Mol tëscht Juli an November. D'Analys vum Molybden an op de Bläigehalt gi bei Geméis – gewäsch an net gewäsch – virgeholl. Heifir ass e Betrag vun 19.429,25 Euro virgesinn.

Mer halen och d'SLR gären am Viséier falls se am Joer 2009 all déi Konditiounen, déi se iwwer d'Geriicht operluecht krut, erfëllen a mam Ofbau vum Crassier zu Rodange ufänken. Am Devis steet e Forfait vun 5.000 Euro fir déi néideg Kontrollen. Wéi gesot, ënner der Bedingung, datt se och ufänke mat schaffen, well soss bräichte mer déi net.

Nodeems mer 10 Joer laang en „plan de surveillance" opgestallt hunn, wëlle mer eng Bilanz zéie fir festzestellen, ob mer d'Richtung bäibehalen oder ob mer eis aneschters orientéieren. Alles zesumme si mer bei 26.662,75 Euro mat der TVA. Kann ech dovunner ausgoen, datt der dem Schäfferot den Uerder gitt fir dee spezialiséierte Büro ze chargéiere fir den „plan de surveillance" 2009 ze realiséieren an datt der eis den Devis och genehmegt ?

Romain Becker (Déi Gréng):

Dat ass natierlech eng ganz gutt Saach wa mer op de Wee gi fir d'Loft ze moossen an dohanner ze bleiwen. Virun allem wat d'SLR ugeet, wéi den Här Welter gesot huet. Mee do gëtt et nach eng Firma, wou ee soll e bësse virsiichteg sinn. Des Weidere wollt ech awer och nach drop hiweisen, datt et net duer geet fir ze moossen a Feststellungen ze maachen, datt mer méi héich Bläiwäerter hunn oder méi héich Cadmiumwäerter. Et muss een awer och déi néideg Schrëtt ergräifen respektiv bei de Ministère pilgeren oder de Ministère dro hiweisen, fir datt eppes ënnerholl gëtt. Besonnesch wann ee weess, wou et hierkënnt. An ech sinn iwwerzeegt, datt bei däer Firma, déi ech elo net mam Numm genannt hunn, mer wësse wou et hierkënnt. A bis elo moosse mer a stelle fest, mee et geschitt näischt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Domat sinn ech awer guer net averstanen an den Här Welter wäert iech och erkläre wat mer alles gemaach hunn.

Gilbert Welter, Schäffen:

Mer sinn an deem Dossier andauernd a Verbindung mat dem Ëmweltministère a mer hunn och regelméisseg eis Gespréicher mat hinnen. Mer kréien och vun hinnen hir Wäerter, well si maachen och Miessungen. Si sinn der Meenung datt, par rapport zu aneren Uertschaften hei am Land, eis Wäerter ganz gutt wieren. Do si mer awer net averstanen. Mer hunn och eng Kéier intervenéiert a gesot, datt an deem Eck Rodange ganz vill Leit krank wieren a mär och fest

iwwerzeegt wieren, datt dat iwwer d'Loft kéint kommen. Do hu mer versprach kritt, datt si dee ganzen Dossier géifen un de Gesondheetsministère viruginn, an déi géifen Analyse maachen an de Spideeler fir ze kucken, ob effektiv méi Leit aus deem Eck krank wieren ewéi vun aner Plazen. Mer hunn awer och elo nach kee Resultat. A wéi gesot, mer froen andauernd fir Entrevuen ze hunn, well vun hinnen aus geet et wierklech net séier. Dat heescht, et geet scho mat Problemer u wa mer um Telefon wëlle mat hinne schwätzen. Wa mer schreiwen, da kréie mer meeschtens keng Äntwert. A wann et ganz gutt geet – no laangem Drock, an dat geet heiansdo iwwer de Minister selwer, wou eise Buergermeeschter sech asetzt – kréie mer eng Reunioun. A wéi gesot, da komme mer nees op déi Resultater, déi mer hei hunn.

Romain Becker (Déi Gréng):

Dat freet mech fir dat ze héieren. Ech wousst net, datt dat an esou engem Mooss géif lafen, an d'Leit dobausse wahrscheinlech och net. Da soen ech dem Schäfferot mat dem Buergermeeschter un der Spëtz Merci, datt se esou Schrëtt ënnerhuele fir wierklech hannendrun ze bleiwen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech mengen, et ass och kee Geheimnis. Wann där wëllt, da kënne mer iech och de Courrier, deen hin an hier geet, emol ginn. Da gesidd der emol, wéi dacks datt do intervenéiert gëtt. Dat gëtt systematesch gemaach.

Approbation à l'unanimité.

9.1.12.

Budget rectifié de 2008 et budget de l'exercice 2009: travaux extraordinaires.

Culture et loisirs: réfection de la façade du centre culturel à Rodange – approbation du devis.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass och eng extraordinär Aarbecht, déi jo och schonn ugeklonge war. De Kulturcenter ass vu baussen a kengem gudden Zoustand méi. D'Fassad ass net méi propper an et sinn och zimlech vill Rëss dran. Et ass Fiichtegkeet dran. D'Fassad zu der rue Nic. Biever hin ass nach zum Deel guer net ausgefouert, esou datt mer gemengt hunn, et wier héich Zäit fir déi emol erëm a Stand ze setzen. Den „devis estimatif" beleeft sech op 85.000 Euro. Ech géif iech bieden déi Aarbechten an och den Devis ze stëmmen, esou datt mer am Fréijoer kënne mat den Aarbechten ufänken.

Norbert Pierre (LSAP):

Wa mer d'Fassad elo nei maachen oder ausbesseren, wéi ass et da mat de Fënstere vum grousse Sall. Do ass jo ëmmer déi Geschicht gewiescht mam Kaméidi an datt déi net adäquat waren, dat heescht, datt déi net ugepasst ware wéi se deemools agesat goufen. Ass do eppes geschitt oder wier elo net de Moment gewiescht fir déi mat ze ersetze wann een d'Fassad scho mécht?

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Eis Leit ware schonn no deene Fënstere kucken, well do Reklamatiounen erakomm waren. Do waren effektiv gewësse Fënsteren, déi net méi gutt waren, net méi gutt zougaange sinn a wou och Gréffer gefeelt hunn, asw. Déi sinn zum Deel och schonn ersat ginn. Mer mussen eemol drun denke fir se ze ersetzen, mee an dësem Zäitraum nach net.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Fro stellt sech, wéini déi Fënstere gesat goufen, well esou al sinn déi nach net.

Norbert Pierre (LSAP):

Also ech ka mech net erënneren, datt neier agesat goufen zanter dee Bau opgeriicht gouf. Déi Fënstere sinn net méi dem heitege Standard an dem Energiespueren ugepasst.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass awer ëmmer gutt waarm do. An dëser Phas gëtt elo emol d'Fassad gemaach. Bon, et hënnert näischt fir sech och Gedanken ze maachen iwwer déi Fënsteren. Mee et muss ee kucken, well et gëtt Villes ze maachen.

Norbert Pierre (LSAP):

Jo, mee datt et ëmmer esou gutt waarm ass huet en anere Grond. Mee ech hat geduecht, well d'Fassad scho gemaach gëtt a well jo schonn do geschafft gëtt. Net datt een duerno nees urappt.

Carlo Gira (CSV):

Ech wëll mech net widderhuelen. Dat wat ech hei soe gëlt dann och fir de Punkt 9.1.15., 9.1.16. an 9.1.19.. Wann ech elo dësen Devis kucken, da steet ganz einfach en Eenheetspräis do. Mee wann een dee Punkt hannendru kuckt, wou e bëssen déi selwecht Aarbechte gemaach ginn zu Lamadelaine, do steet dann awer esou vill Quadratmeter Gerüst, esou vill Quadratmeter fir d'Verbotzen an den Ustrach. Ech mengen, wann et duerno méi deier gëtt oder aner Aarbechten derbäi kommen, da wier et méi einfach ze verfollegen, wéi déi Saach sech verdeiert hätt.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Dat ass awer schonn en approximativen Devis, deen hei ugefrot gouf a wou och hannendra steet „démontage, échafaudage, fournitures". Et huet jo missen eng Ausmiessung gemaach gi fir iwwerhaapt op déi heiten Zomm ze kommen.

Carlo Gira (CSV):

Jo mee wa mer Eenheetspräisser do stoen hätten, da wier et duerno vill méi einfach ze verfollegen, wéi d'Präisser verlafen.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

D'Eenheetspräisser wäerten och doiwwer am technesche Service leien. Wann der se gären hätt, da kann ech iech se och nofroen.

Approbation à l'unanimité.

9.1.13.

Budget rectifié de 2008 et budget de l'exercice 2009: travaux extraordinaires.

Culture et loisirs: remise en valeur du moulin de Lamadelaine – approbation du devis et des plans.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer hu jo scho bei der Budgetspresentatioun gesot, datt do eppes a Bewegung kënnt an datt mer mat „Sites et Monuments" vum Kulturministère a mam Pro-Actif eng Kombinatioun fonnt hu fir dat un d'Bedierfnesser ze adaptéieren, déi et duerno huet. Dat soll en „lieu de rencontre" ginn, wou ee ka kucken, wéi fréier an der aler Mille gemuel gouf, wou ee ka kucken, wéi d'Leit fréier do gewunnt hunn, a wou een och eventuell verschidde Produkter do z'iessen oder ze drénke ka kréien, déi direkt oder indirekt a Verbindung mat der Mille stinn. Den Accord, dee fonnt ginn ass mat dem Ministère, ass esou, datt si alles iwwerhuelen, wat zu hirem Haus gehéiert. Et ass jo Statsbesëtz. An do sollen si da fir 172.973 Euro Transformatioune virhuelen. Haaptsächlech vun deem Schapp, dee baussen ass an deen elo soll eng « salle à manger » ginn. Am Fong geholl e Lokal, wou ee kann dobanne sëtzen, wou och vläicht en Accueil hikënnt an d'Kichen e bësse geännert gëtt. D'Vestiairen an d'Sanitäranlagen kënnten och esou adaptéiert ginn ewéi se noutwenneg sinn. Des Weideren och nach punktuell e puer Saache bannen, déi der Sécherheet déngen.

Wat mär géifen zesumme mat ProActiv maachen, dat wieren d'Alentouren. Den Haff soll méi propper a frëndlech gestalt ginn, an och den Zougang zum Weier hannendru soll sécher gemaach ginn, esou datt een do kann eropkucken a ronderëm – zum Beispill d'Millerad, wat dréint – alles sécher kucke ka goen. Dat géif dann zu eise Laaschte falen, an dat wieren 50000 Euro. Mer fannen, datt dat e gudden Deal ass well mer endlech Liewen an d'Mille kréien. Wa mer dat hei gestëmmt hunn, kënne mer och hoffentlech séier ufänken an dee Site och als touristesche Site an eis Attraktivitéite vun der Gemeng erakréien.

Camille Bosseler (CSV):

Et ass ze begréissen, datt endlech Liewen do dra kënnt an datt do eng Aktivitéit entsteet. Et wier ze bedaueren, wann esou e schéine Patrimoine vum Duerf – well dat gehéiert och wierklech zum Duerfpatrimoine – géif verfalen. An dat, wou schonn esouvill Suen dra gestach goufen. Also ech fannen et eng gutt Saach, wann et an deem Sënn virugeet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also ech ginn iech Recht, datt et wichteg ass, datt do eppes kënnt. Well wa mer dat virun esou eidel stoe loossen, da bréngt dat deem Site sécherlech näischt. Mee et war net eis Propriétéit. Dat heescht, mer hunn ëmmer musse mam Stat verhandelen, an elo si mer eis eens ginn. An dat ass natierlech eng gutt Saach.

Romain Becker (Déi Gréng):

Et ass nëmmen ze begréissen, mee ech wollt u sech awer eppes aneschters froen. Wéi ass dat geregelt mam Zougang zu de Fëschweieren hannendrun? Si mär do zoustänneg fir dat ze sécheren? Ech hat eng Kéier d'Fro hei am Gemengerot gestallt, wou mär eppes widderfuer ass op de Fëschweieren, well déi Leit net flexibel ware géintiwwer vu mär, wéi ech do wollt Fotoe maache vu Mouken a vu Gänsen asw. Do hu se mech vum Terrain gedriwwen a gesot, et wier Privatterrain. Da mussen se awer elo e bësse méi flexibel gi wa mer do wëllen en touristeschen Zentrum maachen a wou mer d'Weieren da wëlle mat integréieren. Wéi ass dat gekläert mat de Propriétaire vum Weier?

Roland Breyer, Schäffen:

De Propriétaire vum Weier, dat sinn net déi Leit, déi de Weier géréieren. De Besëtzer ass en aneren, deen net an eiser Gemeng wunnt. Et ass e Privatbesëtz, dee ronderëm ass. Deen Zougang, deen do ass, ass esou getrëppelt ginn. A wann d'Propriétairen dee muer wëllen zoumaachen, da musse si den Zougang guer net loossen. Dat ass emol déi eng Saach. Et ass net mat hinne geschwat ginn. Mer hate viru fënnef oder sechs Joer fir d'lescht Kontakt mat dem Besëtzer a wou hien och wollt verkafen. Mee et muss een emol kucken, wou dat Ganzt läit, an alles wat do steet, ass am Fong geholl net ganz legal. Dat muss een och nach soen. A wa mär et dann op eemol hätten, da miisste mer dat legaliséieren. An dat ass guer net esou einfach. Dofir hu mer gesot, datt et en „cadeau empoisonné“ ass a mer hunn et lafe gelooss. Mer hunn awer elo héieren, datt de Gérant vum Weier wëll ophalen. Also et ass eppes a Bewegung. Mer kënnen emol kucken, wéi d'Evolutioun do virugeet. Mer si sécherlech interesséiert fir op deem ganze Gebitt mat dem Hondsterrain a mat de Weieren e sougenannt „Naherholungs-gebiet“ ze schafe mat eise Reglementer. Mee de Moment wësse mer net méi, well dat einfach Besëtzverhältnisser sinn, déi mer den Ament net duerchblécken. Et ass méiglech, datt et ze verkafen ass, an datt mer dann och an d'Gespréich kommen an eis dann nei orientéiere mussen.

Romain Becker (Déi Gréng):

Well dat géif jo op der Hand leien, mengen ech. Mer kënne jo net hannendru mat engem Zonk zoumaachen. D'Millen an dee klengen Däich hu mär fir d'Leit opzemaachen. An hannendrun ass dann de Fëschweier, deen dann ausgeschloss wier vun deem Ganzen. Et wier jo logesch, wann dat dee ganze Site wier.

Roland Breyer, Schäffen:

Bon, am neie PAG hu mer dat Ganzt schonn emol als touristesch Plaz ausgezeechent. An et muss ee kucken, wéi d'Verhältnisser gi wa mer emol an d'Gespréich komme fir ze kafen. An da muss een dat och an deem ganze Kontext kucken. D'Millen ass da sécherlech en zentrale Punkt. Et kann ee sech och mat e bësse Fantasie e ganze Koup Saachen do virstellen. Mat dem Hondsterrain integréiert oder deelweis mat dran. Mat deene Weiere kéint een e ganze Koup schéi Saache gesinn. Et sinn och nach aner Iddien do, déi vu Pro-Actif mat an d'Diskussioun geholl goufen. Zum Beispill eng Verbindung ze maache vum Fuuss-bësch erof mat alen Zuchpäerd. Also et soll een dat sécherlech am A behalen.

Roger Klein (LSAP):

Ech hu ganz einfach eng Verständnis-fro. Et ass mer kloer, datt dat do eng Participatioun vum Stat a vun der Gemeng verlaangt an datt déi Aarbechte mat Pro-Actif gemaach ginn. Mee déi 43.000 Euro, déi op de Pro-Actif imputéiert ginn, dat gesäit esou aus, wéi wa si dat géife bezuelen. Wat fir eng Géigeleeschtung kréie se dovunner? Gi si Exploitant dovunner?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Jo, déi ginn d'Exploitanten dovunner.

Roger Klein (LSAP):

Da verstinn ech d'Saach. Merci.

Camille Bosseler (CSV):

Fir e bëssen an d'Geschicht eranzegoe vun däer ganzer Affaire do. Sengerzäit ass de Fëscherclub un e Privatmann erugaangen, an deen huet gefrot fir dat kënnen ze exploitéieren. Well dat war eng Wiss. An do huet de Fëscherclub selwer alles ënnerholl fir d'Weieren auszehiewen. An de Fëscherclub huet och déi Buden do opgeriicht. Verschiddener hunn do op eng Kéier opgehalen, anerer hunn et iwwerholl, an et ass elo nach bäigemaach gi vun deene Leit, déi elo dra sinn a Suen dra gestach hunn. Fir richteg hätt de Klub deemools missen op d'Gemeng kommen a soen, d'Gemeng soll dat Stéck kafe well si wëlles hätten, dat an dat dorauser ze maachen. Well d'Aarbecht um Weier ass gemaach ginn duerch de Fëscherclub. Mee déi sinn net méi do. Et ass verkéiert ugepak ginn, an haut ass de Mëssel do.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech mengen, mer sinn awer um gudde Wee. Déi éischt Partie gëtt elo gemaach. A jee nodeem wéi mer weiderkomme musse mer kucken, wat sech nach opdeet. An da musse mer hei am Gemengerot entscheeden, ob mer dat weidermaachen. Mee mer mussen eis awer och iwwerleeën, wat fir Konsequenzen et huet, wa mer et kafen. Et soll een net, wéi den Här Breyer sot, en „cadeau empoisonné“ kafen, well däer hu mer der jo och iergendwou scho stoen.

Approbation à l'unanimité.

9.1.14.

Budget rectifié de 2008 et budget de l'exercice 2009: travaux extraordinaires.

Sports et loisirs: aménagement d'un terrain synthétique et des alentours immédiats et reconstruction de la tribune près du stade Jos. Philippart à Rodange – approbation du devis adapté.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass e gréissere Projet, dee mer schonn an der Diskussioun haten. Fir d'alleréischt ass et esou, datt mer den Devis dann 2002, 2004 an der Héicht vun 7,791 Milliounen Euro gestëmmt hunn, a véier grouss Voleten huet. Deen ee war d'Sportshal, dann d'Moscardo-Strooss an de Parking, déi jo scho realiséiert goufen, de synthetesche Fussballsterrain mat dem Parking donieft, an dann och nach d'Tribün mat dem Parking, wou fréier de Basket-Terrain war.

Déi ganz Aarbechten hate mer jo schonn dee leschte Méindeg, den 8. Dezember, am provisoreschen Dekont. D'Voleten A a B, also d'Sportshal, d'Strooss an de Parking, hu sech op 6,339 Milliounen Euro belaf, esou datt mer kënne soen, datt déi Voleten ofgeschloss sinn. Elo geet et nach dorëm, déi nächst Etappen ze maachen. Mer hunn nach zwou Etappe virgesinn. Déi éischt ass de synthetesche Fussballsterrain mat dem Parking. An dann déi lescht Etapp ass fir 2010, dat sinn d'Tribün an de Parking dernieft.

Mer haten den 14. Dezember 2007 schonn deen Devis hei vum syntheteschen Terrain aktualiséiert. Do ware mer op eng Zomm vun 870.000 Euro komm. Mer hunn awer elo entscheet, fir déi Aarbechten ee fir allemol ofzeschléissen op däer Säit vun der Strooss, an se elo auszeschreiwen. Esou beleeft elo den aktualiséierten Devis, dee mer elo virleeë fir den zweeten Deel, sech op 1,1 Milliounen Euro. Fir 2010 sinn et just deen drëtte Parking an d'Tribün, déi bleiwen. Dat heescht, vun 2007 op haut si keng Méikäschten derbäikoum. Et ass just nëmmen eng Partie vun deem zweete Parking derbäikomm.

Guy Brecht (LSAP):

Ech mengen, ech hat iech e Méindeg schonn eng Kéier eng Fro gestallt iwwer dee syntheteschen Terrain. Ech wollt do nach eng Kéier nohake fir iech dat hei ze froen: Ass et wierklech néideg, esou eng grouss Mass u Buedem do ofzedroen an ob et net duergaange wier fir de syntheteschen Terrain just mat enger ieweschter Couche anzesetzen. Dann hätte mer ganz vill Buedem do gespuert.

Firwat gëtt op engem syntheteschen Terrain eng Beriselungsanlag gebraucht?

Ech hu mech dorëmmer informéiert. Do muss zweemol am Joer den Ënnerhalt gemaach gi vun deem syntheteschen Terrain. Ech mengen, esou e Material ass nach net an eisem Besëtz. Kafe nach esou Material oder maache mer eng Konventioun mat enger anerer Gemeng, déi och schonn esou e synthteschen Terrain huet an déi bereet ass, eis dat ze lounen oder eventuell heihinner kënnt.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also wat d'Buedembewegung ugeet, do ass et esou. Ech weess net, ob déi meescht Leit hei am Gemengerot wëssen, datt mer och e gewëssene Problem hunn um Niveau vun dem Lotissement Neiwiss mam Waasser, esou datt et wichteg ass, datt hei en anstännegen Drainage gemaach gëtt. Ech mengen, et kann een et och net einfach dropmaachen. Do muss ee schonn en anstännegen Ënnerbau maache fir datt dee synthetesche Fussballsterrain och déi Konditioune bitt, déi e brauch fir déi nächst Joere kënnen anstänneg benotzt ze ginn. Dat war och vun Ufank un esou virgesinn. Et huet och elo näischt an deem Beräich geännert.

Déi Beriselungsanlag ass haaptsächlech am Summer wichteg wann et waarm ass. Et ass jo awer Gummi um Buedem. Virdru muss dat genat gi fir datt d'Leit, wa se am Summer do spillen, sech net wéi doe wann se falen. Dat kann een och maachen iwwer eng Anlag, déi an dem Zonk wier. Dat wier och eng Méiglechkeet gewiescht. Oder wéi et op aneren Terraine gemaach gëtt, hätt een och kéinten esou eng Anlag manuell op den Terrain setzen. Mer wëssen awer alleguer, datt dat aarbechtsintensiv ass an datt mer dann nees Leit brauchen, déi dat maachen. Da kéint et och emol sinn, datt et net ëmmer esou systematesch gemaach gëtt an dat da schlecht fir d'Gesondheet ass vun eise Spiller. An dofir hu mer gesot, mer géifen déi Beriselungsanlag – dat ass zum Beispill zu Kielen de Fall, wou mer eis dat och ukucke waren – an den Terrain abauen. Da kéint dee Responsabele vum Veräin dat automatesch maache wann en opdréint, an et brauch dann och kee méi derbäi ze goen. Dat sinn natierlech Méikäschten, mee mer mengen, datt dat awer am Intressi vun der Gesondheet vun eise Fussballspiller, vun eise Jugendspiller ass, an datt een dat soll esou maachen. Dat gehéiert zum Standard zu den Terrainen, déi elo gemaach ginn. Bei deenen alen Terraine gouf dat net gemaach, mee haut kommen se zur Erkenntnis, datt een dat ëmmer soll maachen.

A wat den Ënnerhalt ugeet, do hutt der Recht. E muss zweemol am Joer gemaach ginn. Do muss een eng speziell Maschinn hu fir dat ze maachen. Mer wäerte méi wéi wahrscheinlech dat net – mee mer hunn eis nach net bis an de leschten Detail entscheet – erausginn. Dat ass eng Aarbecht, déi relativ einfach ze maachen ass. Et fiert ee mat engem Trakter driwwer, wou hannendrun en Apparat drunhänkt deen d'Granuléen opreeft fir dat an d'Rei ze maachen. Dat loosse mer wahrscheinlech vun eisen eegene Leit maachen. Et muss een och all 14 Deeg eng Kéier mat deem Apparat driwwer fueren, esou wéi een doheem méint. Et fiert een e puer Mol hin an hir an dann ass déi Saach gehalen. Et muss ee regelméisseg driwwer fueren, esou datt et méi wéi sécher an déi Richtung geet, datt eis Leit dat selwer maachen.

Guy Brecht (LSAP):

Mer mussen dat Material awer nach kafen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Jo. Mat esou engem Unhänger. Et ass awer elo keng grouss Zomm.

Jeannot Linden (LSAP):

Dee „parking terrain annexe“ – just fir kloer ze sinn -, ass dat deen Terrain, wou emol de Basketball-Terrain drop war nieft der Tribün?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dat ass deen, deen an der drëtter Phas gemaach gëtt.

Jeannot Linden (LSAP):

Da bleift jo nach ëmmer déi Plaz do beim Kiosk. Wéi leeë mer déi derno un? Gëtt déi och als Parking aménagéiert, och wann een déi Strooss zou mécht. Et kann ee jo awer vun ënnen erbäikommen. Dofir wollt ech wëssen, wat fir e Parking datt deen „parking terrain annexe“ ass.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der hutt jo elo dee grousse Parking. An da kënnt jo de synthetesche Fussballsterrain hannendrun. Dat hei ass dee Parking, dee just do dernieft ass a Richtung chemin de Brouck. Mee net dee vun der Tribün.

A fir déi aner Plaz hate mer fir den Ament nach keen Devis. Mer haten wëlles et ze maachen. Mee mer wäerten deen Deel eréischt am Joer 2010 maachen, an do musse mer eis och Gedanke maachen, wéi mer déi Plaz do schafen. Mer wäerten net zevill séier fueren. Wann d'Philippartstrooss gemaach gëtt, da wäerte mer zum Deel dee Bierg do erof musse fueren, op jiddwer Fall wann den éischten Deel vun der rue du Commerce gemaach gëtt. Da musse mer fir de Contournement op dee Wee zeréckgräifen, a mer

wëllen net, datt dat, wat mer nei gemaach hunn, futti gemaach gëtt ier mer emol kënnen dovunner profitéieren. Deen Deel wäerte mer wahrscheinlech eréischt da maache wa mer den éischten Deel vun der rue du Commerce a vun der Philippartstrooss gemaach hunn.

Jeannot Linden (LSAP):

Et ass mer am Fong geholl dorëm gaangen, datt mer zwee Parkingen opstoen hunn. Dat ass deen heiten an dee beim syntheteschen Terrain. Deen anere gëtt jo bei der Tribün gemaach.

Approbation à l'unanimité.

9.1.15.

Budget rectifié de 2008 et budget de l'exercice 2009: travaux extraordinaires.

Sports et loisirs: piscine de Rodange – installation et raccordement d'une nouvelle bâche tampon à la pataugeoire – approbation du devis.

Gilbert Welter, Schäffen:

An der Pataugeoire vum PiKo brauche mer eng nei „bâche tampon". Dee groussen Undrang vu Kanner an d'Ausdehnung vun enger Bâche, déi net staark genuch ass, huet mat sech bruecht, datt d'Waasserqualitéit net ëmmer gutt ass, an datt eis Pataugeoire huet misse fir en halwen oder e ganzen Dag zougemaach ginn. Der musst bedenken, datt dat Waasser erauslafen an nees alafe gelooss a gehëtzt muss ginn. Dat hëlt Zäit ewech. Déi nei erméiglecht eis, méi Kanner opzehuelen ouni d'Waasserqualitéit vun dem Planschbecken ze beaflossen. Den Devis vum technesche Service, deen den 26. September 2008 opgestallt gouf, beleeft sech op 40.000 Euro. D'Aarbechten ëmschléissen den Ofbau, d'Fournituren an d'Pose vun engem 25.000-Liter Reservoir an déi nei Réieruschlëss. Am Budget 2009 ass dës Zomm scho virgesinn.

Approbation à l'unanimité.

9.1.16.

Budget rectifié de 2008 et budget de l'exercice 2009: travaux extraordinaires.

Sports et loisirs: piscine de Rodange – réalisation d'une ventilation aux locaux du sous-sol – approbation du devis.

Gilbert Welter, Schäffen:

En aneren Devis huet eisen technesche Service opgestallt fir eng Entlüftung am Keller vum PiKo. Dës Installatioun ass fir 2009 am Lokal „nageurs" an „non-nageurs" virgesinn.

Am „nageurs" ass et en Entlüftungsschacht an am „non-nageurs" ass et eng Installatioun mat Réier, wou déi fiicht Loft no bausse gezu gëtt an déi frësch Loft erageblose gëtt. D'Konzentratioun vum Chlor an der Loft bréngt Rascht un de Réier an de Leitunge mat sech, esou datt eppes geschéie muss. Den Devis fir dës Aarbechten iwwer 15.000 Euro läit eis vir. Dës Zomm gouf och am Budget 2009 agedroen.

Lily Gansen (LSAP):

Ech fannen, datt et nach net laang gebaut ass. Dat hätt ee jo awer kënne virgesinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also Madame Gansen, ech ginn iech komplett Recht. Dat hätt misse virgesi sinn, an ech géif och mengen, datt mer den Devis elo hei stoen hunn a mer en och stëmme fir déi Aarbechten ze maachen. Mee ech hat mer awer virgeholl am Januar dat do eng Kéier op d'Long ze zéien, well ech mengen, datt mer et net einfach dobäi solle si loossen. Ech hat deen Ingenieursbüro, deen zoustänneg war fir dat hei, an och déi Firma, déi dat opgeriicht huet, op d'Plaz geruff. A mer hu gemengt, si miissten an deem Kontext e klenge Geste maachen. Si hunn eis awer an engem Bréif net onbedéngt Satisfactioun ginn, ganz am Géigendeel! An ech mengen net, datt mer et dobäi beloossen. Déi Aarbechte musse gemaach gi fir datt d'Pataugeoire ka fonctionnéieren. Et kann net sinn, datt an eng Pataugeoire mat esou enger grousser Fläch nëmmen 20 Kanner kënnen dra gelooss ginn. Dat schéngt mer net adäquat ze sinn. An dofir wäerte mer dat analyséieren a mer wäerten och kucken, mat wat fir eng Méiglechkeete mer kënne géint esou eng Firma virgoen.

Mer haten zwee gréisser Problemer. Dat ass den Artikel virdrun an deen heiten. An a béide Fäll sinn ech der Meenung – esou wéi däer – datt dat hätt missen am Virfeld festgestallt ginn. Dat hätten déi Techniker selwer misse feststellen. An ech géif och mengen, datt een deene Leit, déi do zoustänneg waren, nach eng Kéier muss erklären, datt dat do net deen normale Wee ass an datt een net, dräi Joer nodeems d'Schwämm op ass, Ännerunge muss maachen, déi si eigentlech hätte misse feststellen. Mer musse kucken, wat fir Moyenen datt mer hunn.

Lily Gansen (LSAP):

Ganz gutt esou, ech soe Merci.

Jeannot Linden (LSAP):

Et muss een elo och just un d'Entlüftung bei der Péitenger Schwämm denken.

Approbation à l'unanimité.

9.1.17.

Budget rectifié de 2008 et budget de l'exercice 2009: travaux extraordinaires.

Sports et loisirs: piscine couverte de Pétange – approbation du devis actualisé et des plans.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Der wësst, datt mer den 14. Dezember 2007 den Devis fir den éischten Deel, dat heescht d'Renovatiounsaarbechten an der Péitenger Schwämm, also en Devis vun 4,950 Milliounen Euro, gestëmmt hunn. Ech hat iech och matgedeelt, wéi d'Aarbechten amgaang ware fir gemaach ze ginn, datt d'Plättercher vum Basseng net méi an der Rei wieren an datt déi ersat misse ginn. Dat hat ech am September gesot, datt et eng Iwwerraschung war, déi mer kruten an déi een am Ufank eigentlech net konnt opgronn vun der Situatioun feststellen. Mer hate gemengt, datt déi Bassengen an der Rei wieren an datt se net onbedéngt frësch miisste gemaach ginn. Mer hunn eis awer elo enges Bessere beléiere gelooss. Do louchen Expertise vir, déi eis gesot hunn, datt déi Bassenge miissten ersat ginn. Doropshin hate mer eigentlech wëlles, Plättercher ze leeën. Ech weess, datt och heibannen, besonnesch vum Här Pierre, gesot gouf, mer sollen de Volet vum Inox analyséieren. Dat hu mer och gemaach. An dofir hu mer och haut zwou Varianten. Déi éischt Variant, déi mer dann och wäerten zeréckbehalen, dat ass dann och den Inox, déi ronn 250.000 Euro iwwer dem Präis vun de Plättercher läit. Mat allen Onkäschten derbäi mengen ech. Esou datt een eigentlech den Devis vun 6,2 Milliounen Euro miisst festhalen. Do ass dann iwwer 1 Millioun Euro, fir déi zwee Bassengen nei ze maachen, mat integréiert. Wat ufanks jo eigentlech net virgesi war.

Sollt awer eis Feststellung – dofir hu mer awer dee Paragraph mat dragestallt ënner „considérant" -, datt bei der Ausschreiwung de Präis vum Inox géif substantiell eropgoen – de Präis vum Inox variéiert nawell staark;

fir de Moment ass e relativ gënschteg, mee et weess een net, ob en net eropgeet, wa mer elo ausschreiwen - a wäit iwwer deem leien, wat hei veranschlagt gëtt, da froe mer zwar de Gemengerot, datt en eis d'Méiglechkeet gëtt fir dat ze annuléieren an da vläicht mat Plättercher ausschreiwen. An dat nodeems mer den Avis vun der Soumissiounskommisioun héieren hunn, esou wéi d'Gesetz dat och virschreift. Mee wéi gesot, nëmmen am Fall, wou eng substantiell Erhéijung vum Präis vum Inox virläit. Soss géife mer et am Inox maache wa mer an deene Limite leien.

Lily Gansen (LSAP):

Ech hunn eng ganz einfach Fro. Wéi sinn eis Erfahrunge mam Inox zu Rodange? Do hu mer e jo. Wann déi jo esou iwwerzeegend sinn ewéi hien dat gesot huet – wat ech him och gleewen, well hie jo do de bessere Fachmann ass an esou Saachen -, da géif ech d'Erhéijung vun engem Kredit als net esou schro ugesinn. Mee et kënnt drop un, wéi d'Erfahrungen zu Rodange sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

D'Erfahrungen zu Rodange si menger Meenung no gutt. Deen eenzegen Nodeel, dee Rodange huet – an dat ass haaptsächlech, wann den Daach vun der Schwämm op ass -, dat ass, datt deen Inox méi däischter ass an ee besser beliichte miisst. Mer hunn och hei gesot, se sollen deem Rechnung droen. Dat ass eng Remarque, déi mer zu Rodange kréien. A wann et géint der Owend geet, dat gesäit een net méi 100-prozenteg bis ganz op de Fong erof. An dat ass e klengen Nodeel. Dat ass awer net de Fall zu Péiteng, well mer do den Daach net opmaachen. Dat heescht, do ass eng zoue Schwämm. A mer hu jo och zum Architekt an zum Techniker gesot, se sollen dat analyséieren, well mer wéilte gären do all Garantie kréien, datt déi Beliichtung am Basseng esou ass, datt déi Situatioun, déi mer vun Zäit zum Zäit zu Rodange hunn, net méi antrëtt. Mee fir de Rescht, wat den Inox ugeet, do hunn ech keng Reklamatiounen. Just wa Spiller dra gesat ginn, da ginn et Téitschen. Mee hei komme jo keng Spiller dran, well d'Schwämm ass jo fir de Schoulsport geduecht.

Lily Gansen (LSAP):

Dat ass vläicht e klengen Nodeel, mee do hätt och missen dru geduecht ginn. Well wann een en Daach huet, deen opgeet, da muss ee beliichten. Elo kommen déi Boboen. D'Leit fille sech net sécher, wa se schwammen a wann et schwaarz ass ënnendrënner. Dat ass guer net esou einfach. Do kéint een awer mat der Zäit kucke fir och eppes nozemaachen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wëll elo net onbedéngt soen, datt do e Feeler geschitt ass. Dat hei ass beim oppenen Daach, an deen Inox-Basseng war eigentlech ouni Luuchte bestallt an et sinn der esou guer nodréiglech dragemaach ginn. De Problem stellt sech jo beim oppenen Daach. Et ass just esou, datt, wann een am Mee oder Juni den Daach opmécht, da gëtt et och éischter däischter. A wann een en am September nach eventuell opléisst, dann huet een d'Situatioun an der Dämmerung, datt een do e Problem kéint hunn. Mer hunn dat awer geléist. Wann een awer normal schwëmmt a wann et normal hell dobaussen ass, da sinn do keng Schwieregkeeten.

Lily Gansen (LSAP):

Wéi war et dann, wéi mer di Schwämm am Frankräich kucke waren?

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Déi hate keen Inox.

Lily Gansen (LSAP):

Den Dag hunn déi eis och opgemaach, an dat war esou sonnekloer bis op de Buedem.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mee dat war och am Daach. An dann hu mär och kee Problem.

John Polfer (CSV):

Här Buergermeeschter, ech kommen nach eng Kéier zeréck op dat, wou mer schonn am Schwammklub eng Polemik haten. An zwar wou Leit d'Tribün mat der Galerie verwiesselt hunn. Duerno ass mer gesot ginn, datt déi Tribün net ewech kéim. Wann ech elo nach eng Kéier d'Dokument kucken, dann ass nees genee déi Foto dran, déi zu däer ganzer Polemik am Schwammklub gefouert huet. Elo wëll ech awer vun iech hei am Gemengerot héieren, datt déi Tribün net ewech kënnt, esou datt déi berouegt wieren.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Et ass ganz kloer – an ech hu jo och déi Polemik do matkrut -, datt, opgronn vun däer Interventioun, déi där bei mir gemaach hutt, mer nach eng Kéier nogekuckt hu mat dem Techniker. An déi Tribün bleift bestoen. Dat war och absolut kee Problem fir déi erhalen ze loossen. Et war just e Mëssverständnis. Domatter war op eemol déi Tribün zou. Mee déi gëtt awer nees opgemaach, esou datt de Schwammklub nees all déi Méiglechkeeten huet, déi e bis elo hat an däer Sportshal, wann en eng Manifestatioun wëll maachen. Opgronn vun ärer Interventioun hu mer dat och direkt geännert.

Carlo Gira (CSV):

Ech wollt nëmme froen, wat d'Erfahrungswäerter si wat den Ënnerhalt vun dem Inox an de Plättercher ugeet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also et ass ganz kloer, datt dee beim Inox wesentlech manner ass wéi bei de Plättercher. Bei de Plättercher mussen déi Fouen – och wann een d'Foue mat eppes Spezielles fëllt – regelméisseg erneiert ginn. Dat wësse mer aus Erfahrung vu Péiteng. An aus anere Schwämmen héieren och, datt dat do och muss regelméisseg gemaach ginn. A wann een Inox huet, da muss dat eigentlech nëmmen eemol am Joer gebotzt ginn. Do muss een natierlech d'Waasser oflafe loossen an da gëtt e mat engem spezielle Produit gebotzt. Aus eisen Erfahrungen, déi mer elo dräi Joer zu Rodange hunn, ass do den Ënnerhalt ganz minimal.

Carlo Gira (CSV):

Da muss een dat jo och héichrechne beim Präis.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

A jo, 100-prozenteg. Also wann den Ënnerscheed am Präis net méi héich ass wéi 250.000 Euro, dann ass d'Entscheedung sécherlech geholl. Wann den Inox-Präis sech awer muer géif verduebelen a mer hätten op eemol e Präis vun 2 Milliounen Euro amplaz vun enger, da miisst ee sech dat nach eng Kéier iwwerleeën. Mee wann et an deenen dote Limiten ass, dann ass de Choix séier gemaach.

Roger Klein (LSAP):

D'Envergure vun den Aarbechten hëlt jo elo zou. Wat fir eng Konsequenz huet dat fir d'Dauer vun den Aarbechten.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Also et ass esou, datt d'Dauer vun den Aarbechten och wäert zouhuelen. Mär hunn eis als Zil gesat, d'Schwämm fir d'Schouljoer 2009/2010 opzemaachen. Well et ass och fir eis eng Premiss. Dir wësst, de Projet, dee mer elo den 26. Januar 2009 an der Gemengerots-sëtzung virstellen, dat ass fir an der Eigent-Schoul eng Maison Relais respektiv e Précoce ze maachen. Dat bedéngt, datt déi kleng Schwämm zu Péiteng kann zougemaach an och ewech geholl ginn. Mee déi kënne mer eréischt zoumaachen, wann déi Péitenger Schwämm nees fonction-

néiert. Ënner normalen Ëmstänn miisste mer Uganks 2010 mat deenen Aarbechte fäerdeg sinn.

Roger Klein (LSAP):

Bon, dat ass och deen Datum, deen ech an Erënnerung hat. Well ech hat mech elo gewonnert, well an der Note vum Här Vercruysse vun Ateliers du Sud steet „les travaux des deux phases sont prévisibles jusqu'en 2012". Deen ass vill manner optimistesch wat d'Virugoen ugeet.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Dee mengt awer eppes aneschters. Dat ass d'Sportshal mat derbäi. Dat heescht, mer wëssen, datt mer hei an der Sportshal nach net fäerdeg si wa mer den Deel vun der Schwämm fäerdeg hunn. Et kënnt nach en zweeten Deel, an zwar eng „mise en conformité" vun der Sportshal. Do ass och e Volet ze maachen, besonnesch wat d'Sanitäranlagen ugeet, de Buedembelag an och d'Fënsteren. Dee Volet, mengt hien, géif nach duerno gemaach ginn. Mer hunn eng Oplo vun der ITM, datt mer bannent fënnef Joer déi ganz Sportshal nees konform maachen. An do mengt hien, datt 2012 dee Volet derbäi ass.

Roger Klein (LSAP):

Dat heescht, wann d'Schwämm 2010 fäerdeg wier, da wieren dat do nach eng Kéier Aarbechte vun zwee Joer, déi nach derbäi kéimen.

Approbation à l'unanimité.

9.1.18.

Budget rectifié de 2008 et budget de l'exercice 2009: travaux extraordinaires.

Antenne collective de télévision: mise en souterrain d'une partie du réseau – approbation du devis.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer hunn do e Poste vun 20.000 Euro virgesinn an eisem Budget fir d'Verleeë vun engem Deel vum Netz an de Buedem. Dat ass eng Obligatioun, déi mer duerch déi Konventioun iwwer d'Konzessioun mat Nokia Siemens hunn. Iwwerall, wou mer nach Fräileitungen hunn, musse mer déi an de Buedem leeën. Oder do, wou Aarbechte sinn, wou nei Residenze gebaut ginn an nei Schantercher entstinn. Do ginn déi puer Changementer virgeholl. Eise Service mengt, mer géifen nëmmen 10.000 Euor am éischte Joer verschaffen. Dat hänkt ëmmer dovunner of, wéi d'Schantercher sech profiléieren. Et kënnen der emol eng Kéier vill ënnerwee sinn, an da brauche mer 20.000 Euro. Dofir ass emol en Devis op zwee Joer opgestallt ginn, a mer brauche viraussiichtlech d'Halschent, also 10.000 Euro, fir 2009. Dat sinn, ewéi all Joer, déi Kreditter, déi mer brauche fir eisen Obligatioune gerecht ze ginn.

Approbation à l'unanimité.

9.1.19.

Budget rectifié de 2008 et budget de l'exercice 2009: travaux extraordinaires.

Cultes: remise en peinture intérieure de l'église paroissiale de Pétange – approbation du devis.

Raymonde Conter-Klein, Schäffen:

Hei komme mer zu engem Punkt, deen och schonn am Budget 2009 festgehalen ass. An zwar geet et do ëm Usträicheraarbechten an der Péitenger Kierch. Se gesäit net méi ganz gutt bannen aus, se huet Rëss, déi mussen nogekuckt ginn, am Plafong. Do sinn och säitlech an de Kolonne verschidde Saachen nei ze maachen. Dee ganzen Devis beleeft sech op 115.000 Euro, an dat fir datt eis Kierch nees an engem gudden Zoustand ass.

Approbation à l'unanimité.

9.1.20.

Budget rectifié de 2008 et budget de l'exercice 2009: travaux extraordinaires.

Transports et communications: abaissement des bordures de trottoirs aux abords des passages pour piétons dans la commune – approbation du devis.

Roland Breyer, Schäffen:

Hei ass och e Kredit, dee mer déi lescht dräi Joer praktesch ëmmer dran haten. An zwar fir d'Erofsetze vun de Bordurë vun den Trëttoire fir de Passage vun deene behënnerte Leit an och fir d'Foussgänger ze vereinfachen. Et gouf dobäi och un d'Kannerkutschen an un d'Leit mat engem Rollstull geduecht. Dat hu mer jo zu Péiteng ronderëm d'Fleegeheem gemaach. Mee mer kucke fir eis der Situatioun unzepassen, wou eeler Leit wunne kommen, oder wou am Zentrum vun eise Lokalitéiten eis Trëttoiren nach ze héich sinn. Mer hunn 20.000 Euro virgesinn. Dat gi ronn 70 Meter oder 20 bis 25 Iwwergäng, déi mer méi déif kënne leeën.

Approbation à l'unanimité.

9.1.21.

Budget rectifié de 2008 et budget de l'exercice 2009: travaux extraordinaires.

Transports et communications: travaux de reprofilage et renouvellement de la couche de roulement de diverses rues – approbation du devis.

Roland Breyer, Schäffen:

Do hu mer e Kredit vun 130.000 Euro an de Budget schreiwe gelooss. Do denke mer haaptsächlech drun, en Deel vun der rue de la Fontaine – wéi dat och gewënscht war -, an en Deel vun der rue de la Montagne zu Rolleng ze maachen, esou datt déi Plazen, déi elo nach schlecht sinn, an e gudden Zoustand wäerte gesat ginn. Donieft wäerte mer nach, deemno wéi d'Soumissioun ausgesäit, e klenge Kredit behalen, wou mer drun denken, op e puer Plazen nach ze flicken. Do hate mer un de Parvis vun der Morgue zu Rolleng geduecht oder an däer enger oder aner Strooss nach ze flicken. Dat hänkt awer vun der Soumissioun of, déi mer kréien. Wa mer elo hei de Kredit hunn, da kënne mer direkt ausschreiwen. An da kucke mer, wat mer kënne maachen.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech hunn elo festgestallt, datt et sech ëm en Deel vun der rue de la Fontaine an der rue de la Montagne handelt. Mee am Budget hu mer awer stoen, datt och d'rue Charlotte zu Rodange mat derbäi wier. Do steet éischtens rue Charlotte an da rue de la Montagne zu Rolleng. Bleift d'rue Charlotte leien ?

Roland Breyer, Schäffen:

Et ass esou, datt nach Bauprojeten do leien. An dofir hu mer geduecht, mer géifen déi net direkt mat eranhuele bis alles emol kloer ass. Da kann ee vläicht am Libellé rue Charlotte ewech huelen.

Jeannot Linden (LSAP):

Um Plang 257, do muss sech flappeg geiert gi sinn. Well do steet deen Deel vun der rue de la Montagne, dee ganz schlecht ass, als rue de la Providence. Dat ass ënne vum Eck, wou de chinesesche Restaurant ass bis bei d'rue de la Fontaine. An dee soll net gemaach ginn. Wann ee kuckt, wéi gefierft gouf, da wier et d'rue de la Fontaine bei der Kierch do erof – wat och net miisst gemaach ginn, well et miisst héchstens do geschafft gi wou opgehale gouf -, an dann erof d'rue de

la Montagne. Mee do miisst awer op d'mannst dat Stéck mat erakomme wat bis bei de chinesesche Restaurant geet. Well dat ass am schlechsten. An do steet dann rue de la Providence, mee dat ass guer net déi Strooss.

Roland Breyer, Schäffen:

Also dee Plang ass net richteg, d'Gestréchels ass net richteg. Dee Mann, dee sech normalerweis drëm këmmert, ass de Moment um Léieren. An et ass en aneren do mam Stëft driwwer gefuer.

Jeannot Linden (LSAP):

Ech wollt just drop opmierksam maachen, datt mer deen ënneschten Deel do musse matmaachen. Well schlecht gëtt d'Strooss vum Baltes-Bauer un. Uewendriwwer ass et nach guer net esou schlecht.

Roland Breyer, Schäffen:

Mer kucken, datt dat awer richteg gemaach gëtt.

Camille Bosseler (CSV):

Ech wollt froen, ob déi bis uewen hi geet, wou et erof an de Gronn bei d'Weiere geet? Oder geet et bis bei d'Bréck? Well hei ass et bis dohinner, wou de Buggy steet. Well uewen ass se och zimlech schlecht.

Roland Breyer, Schäffen:

Dat misst awer duergoen.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Mee et muss ee soen, datt uewe riets en Haus steet a lénks en Haus gebaut gëtt, wou déi am Kader vun hirer Baugenehmegung eng Demande virleien hunn, datt si mussen den Trëttoir maachen. A mer kënnen net ufänken, déi Strooss nei ze maachen, ier si den Trëttoir fäerdeg hunn. An da musse mer natierlech och déi Strooss maachen. Mee si musse fir d'éischt hir Aarbecht maachen. Do ass och een, dee riets gebaut huet a säin Trëttoir nach ëmmer net gemaach huet. Mer hunn och mat deem nach eng Kéier geschwat, datt en dat onbedéngt muss maachen. An da muss e Passage bleiwe vu 5 Meter, dee schlussendlech da vun eis gemaach gëtt.

Camille Bosseler (CSV):

Well dat ass ganz geféierlech do, wann d'Bauere mat hire Gefierer kommen. Da muss schonn en Trëttoir do sinn.

Jeannot Linden (LSAP):

Deen, deen d'Baugenehmegung ugefrot huet, deen hat jo och gefrot fir dräi Duebelhaiser rietserhand ze bauen. Déi Baugenehmegung miisst jo schonn hifälleg sinn.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Déi ass nach net autoriséiert. En ass nach ëmmer am Gespréich.

Approbation à l'unanimité.

9.1.22.

Budget rectifié de 2008 et budget de l'exercice 2009: travaux extraordinaires.

Transports et communications: acquisition de nouveau matériel de signalisation – approbation du devis.

Roland Breyer, Schäffen:

Hei brauche mer och nach e bësse Suen am Kader vun eisem Verkéiersreglement, fir den Akaf vu Schëlter. Mer kënne festhalen, datt mer den Ament 3.500 Schëlter an der Gemeng stoen hunn. Doduerch datt mer nach nei Saache wëlles hunn, kéinten der vläicht e puer verschwannen, mee et kommen der och bäi. An dofir brauche mer Sue fir eis op deen Challenge ze preparéieren. Dofir hu mer hei 35.000 Euro virgesi fir deenen neie Saachen, neien Zonen oder Ännerunge gerecht ze ginn.

Approbation à l'unanimité.

9.2.

Votes du budget rectifié 2008 et du budget 2009 - décisions.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech wëll hei virausschécken – jiddereen huet dat och op sengem Dësch fonnt -, datt, wéi all Joer, déi eng oder aner kleng Korrektur huet misse gemaach ginn. Besonnesch am rektifizéierte Budget, wou mer festgestallt hunn, datt, opgronn vun deene leschte Rechnunge vum Enn vum Joer, et net ëmmer duergaangen ass. Ech huelen hei emol einfach d'Prime d'encouragement fir d'Fassaden. Do sinn elo Demanden erakomm. Well déi 35.000 Euro net duerginn hu mer opgronn vun deenen Demanden déi Zomm op 37.900 Euro eropgehuewen. Mer hunn den Dekont vum Verwaltungsgebai gemaach. An do waren och nach Rechnunge komm fir deen Dekont, wat och nees 10.000 Euro weider waren. An da sinn och nach e puer esou Klengegkeeten ewéi 300 Euro beim „Logements – travaux d'entretien, nettoyage" respektiv och am „enseignement spécial" 1.000 Euro fir Ënnerhaltsaarbechten. Dat si Klengegkeeten, esou datt den defintive Solde, dee mer opgronn vun deene Modifikatiounen am Budget hunn, bei 78.989,47 Euro géif leien. Dat géif bedeiten, datt mer dat hei elo géifen zum Vote stellen. Fir d'éischt dann de Vote fir de rektifizéierte Budget 2008.

Accord avec 8 voix (CSV, DP) et 6 abstentions (LSAP, Déi Gréng).

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech hat mech beim Budget enthalen, an dofir enthalen ech mech och hei.

Accord avec 8 voix (CSV, DP) et 6 abstentions (LSAP, Déi Gréng).

Guy Brecht (LSAP):

Ech géif zwar soen, datt et dëst Joer eng Enthalung mat engem liichte Plus wier. Mee mär enthalen eis awer bei dem Budget hei well nach e puer Punkten dra sinn, déi eis nach net ganz kloer sinn. An do wollte mer awer och nach am Laf vum nächste Joer d'Diskussioun heibannen ofwaarden.

Pierre Mellina, Buergermeeschter:

Ech soe Merci. Mer maachen eis dann och d'Méi fir datt beim Budget 2010 dee Plus zu engem grousse Plus gëtt.

Romain Becker (Déi Gréng):

Ech mengen, fréier war et jo esou, datt d'Oppositioun dat ganzt Joer drop gewaart huet fir géint de Budget ze stëmmen. Dat ass iwwerlieft, déi Zäite ginn et net méi. Et kann een net dergéint sinn. Op jiddwer Fall net bei deem, wat mer hei vum Schäfferot virgeluegt kruten. Mee et kann een awer als Oppositioun net esou richteg dofir si well ee mat ville Saachen net kann averstane sinn a mat anere kann ee mat zwou Hänn ënnerschreiwen.

Ech wëll och vun der Geleeënheet profitéiere fir dem Schäfferot all Respekt auszeschwätze fir déi gewote Manéier fir direkt an der Gemengerotssëtzung op d'Froe vun de Conseilleren z'äntwerten. Chapeau ! Ouni Preparatiounen am Virfeld. Obwuel mer wëssen, datt deen een oder aneren e bëssen improviséiert hat. Mee d'Gemengeréit waren awer mat den Äntwerten zefridden. Ech soe Merci.

Romain Rosenfeld (CSV):

Kuerz vun der CSV-Fraktioun. Mär hunn dee Budget zesumme mat eisem Schäfferot gestëmmt well et eng kontinuéierlech Aarbecht iwwer Joeren ass. Dat huet ee jo gesinn, well wann d'Oppositioun sech net geschummt hätt, dann hätt se de Budget och haut gestëmmt.

10.

Questions des conseillers communaux.

Néant.